Gemengerot Esch

Rapport analytique N°02 / 2016

Séances du Conseil communal du

Vendredi, 18 mars 2016

Vendredi, 22 avril 2016

Vendredi, 13 mai 2016

ESCH

www.esch.lu

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents et excusés : Mme Taina Bofferding – M. Pierre-Marc Knaff

Ordre du jour

Réunion à huis clos :
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision

Réunion publique :
2. Information au public des décisions de personnel

3. Correspondance

4. Plan d'action interne à l'égalité des chances; information

5. GECT Alzette Belval : Rapport d'activités 2015 ; information

6. Sudstroum: augmentation du capital social ; décision

7. Circulation
   - 7.1. Extension du parking résidentiel "Neiduerf"; modification du règlement de la circulation; décision
   - 7.2. Introduction du parking résidentiel "Raemerich"; modification du règlement de la circulation; décision
   - 7.3. Règlement-taxe concernant le stationnement payant : extension et ajoute; décision
   - 7.4. Définition des délimitations des secteurs de stationnement payant à caractère résidentiel (ayants-droit) ; décision
   - 7.5. Rue Dellhéicht; modification du règlement de la circulation; décision
   - 7.6. Confirmation des règlements de circulation temporaires; décision

8. Changement des limites entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la commune de Sanem au site Belval – délibération concordante ; décision

9. Questions de personnel; décisions
   - 9.A. Création et suppression de postes
     - 9.A.1. Création et suppression d'un poste au service Développement économique, relations internationales et tourisme; décision
     - 9.A.2. Création d'un poste d'employé communal à la Police des Bâtisses; décision
   - 9.B. Question de personnel engagé sous le régime de l'employé communal; décision
   - 9.C. Question de personnel engagé sous le régime du salarié; décision
   - 9.D. Primes d'astreinte
     - 9.D.1. Primes d'astreinte variables allouées aux fonctionnaires et employés pour l'exercice 2015; décision
     - 9.D.2. Primes d'astreinte variables allouées aux salariés communaux pour l'exercice 2015; décision
10. Transactions immobilières
    - 10.1. Acte de vente d'un appartement-duplex dans la résidence Nonnewisen - Lot 4N; décision
    - 10.2. Contrat de bail relatif à la buvette et la salle polyvalente du COHS; décision

11. Finances communales
    - 11.1. Modification budgétaire; décision
    - 11.2. Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier 2015 (titre 6); décision

12. Subsides extraordinaires
    - 12.1. Subside extraordinaire à accorder aux Secouristes de la Ville d'Esch-sur-Alzette; décision
    - 12.2. Indemnisation des sapeurs-pompiers chargés de la permanence d'incendie en 2015; décision

13. Commissions consultatives; modifications; décision

ESCH

Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, den 18. Mäerz 2016

2. Information au public des décisions de personnel
/

3. Correspondance
/

4. Plan d'action interne à l'égalité des chances; information

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den éischte Punkt op der Dagesuerdnung ass haut de Plan d'action interne à l'égalité des chances. Dir wësst, datt mer 2004 am Fong geholl den éischte Chancëgläichheetsplang an der Gemeng virgestallt hunn. Dat sinn dann elo 12 Joer, wou deen éischten hei gestëmmt ginn ass, an datt mer en ëmmer erëm iwwerschaffen.
Elo presentéiere mer déi aktuell 4. Analys iwwert d'Zesummesetzung vun eisem gesamte Personal an der Gemeng an en plus vun de Fuerderungen an den Ziler, déi mer amgaange sinn ëmzesetzen an déi mer eis fir d'Zukunft gesat hunn. Un deem Plang schaffe mat déi zwou Delegatiounen, de Service du personnel, de Service structure et organisation, de Chancëgläichheetsservice selbstverständlech, an den Här Codello als Personalschäffen souwéi ech als Chefin zoustänneg fir d'Chancëgläichheet.
Ech wéilt direkt, ier ech et vergiessen, e ganz grousse Merci deene Servicer an deene Leit alleguerte soen, well dat ass ëmmer enorm vill Aarbecht, déi Statistiken do aktuell ze setzen an och dozou all déi Rapporten ze maachen. E grousse Merci un alleguerten d'Servicer an och un d'Madame Nicole Jemming am Service du personnel, déi alleguerten hei bedeelegt sinn.
Den Här Codello wäert kuerz – well Dir gesitt, datt et e richtegt déckt Dokument ass – déi Haaptpunkte virstellen. Dir hutt d'Ënnerlagen alleguerten dran. Et huet kee Wäert, Iech all déi Statistiken nach eng Kéier ze bréngen. An ech wäert herno och kuerz op de Plang an den Zukunftsplang, dat heescht d'Neierungen agoen, déi mer eis fir déi nächst Jore virgeholl hunn.
Dono ass selbstverständlech Diskussioun a mir beäntwerten Iech all Froen, déi Der ganz sécher wäert hunn. Den Här Codello huet d'Wuert."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Da ganz kuerz, well mer dat mat der Buergermeeschtesch virdrun nach beschwat hunn. Well mer eis och éischter Bemierkungen an och Froen erhoffen, well dat ass ëmmer esou en ëmfangräicht Dokument.
Et ass eng ganz wichteg Analys. D'Buergermeeschtesch huet richteg gesot, et ass déi véiert Analys. 2004, 2008 an 2014 si mer mat esou enger Analys vun eisem Gemengepersonal hei an de Gemengerot komm. Et ass also fir déi professionell Situatioun tëschent Mann a Fra, déi hei op der Gemeng schaffen, ze analyséieren ënnert verschiddenen Aspekter: De Statut, den Niveau vun der Carrière, de Secteur d'activité an natierlech och den Degré d'occupation, dee jo och, dat wäert Der gesinn hunn, wann Der déi ganz Analys gelies hutt, heiansdo liéiert ass un d'Situatioun vun der Vie privée.
Mir haten am Mäerz 2014 hei intern e Questionnaire bei eisem Personal lancéiert, fir eng subjektiv Analys vun hirer Situatioun ze kréien an och vun hirer Säit d'Approche ze fannen an ze gesinn den Équiliber tëschent dem Beruffs- an dem Privatliewen.
Ech wollt ganz kuerz awer op verschidde Chifferen agoen, déi aus dem Rapport erauskommen. Ech wëll och deenen zwee Servicer Merci soen. Hei beweist et sech och esou, datt eise Service structure et organisation, dee mer virun 8 oder 9 Joer an d'Liewe geruff hunn, seng Berechtegung huet. Well dee ka mat Servicer, wéi elo hei am Fall vun der Égalité des chances am Service du personnel ganz konkret zesumme schaffen, fir esou Statistiken opzestellen.
De Rapport, wéi Der gesinn hutt, baséiert sech op d'Personalsituatioun op den 1. Dezember 2015, also ganz rezent. Méi rezent Donnéeë fir esou eng Analyse approfondie waren net méiglech. A mir haten op den 1. Dezember 2015 1.127 Leit hei schaffen, dovunner 535 Fraen, wat 47,47% ausmaachen, a 592 Männer, wat 52,53% ausmaachen.
Wat déi verschidde Statuter ugeet: bei de Salariés manuels hu mer 637 Leit, dovunner 29,67% sinn – wat mer nennen – Agents de nettoyage, also Botzfraen oder Botzmänner. 271 Fonctionnairen, wat 24% vun eisem Personal ausmaachen. Salariés à tâche intellectuelle 153, wat knapp 14% ausmaachen. An ënnert dem Statut vum Employé communal hu 66 Leit hei geschafft, wat knapp 6% ausgemaach huet.
Wat elo den Gender ugeet: Bei den Employés communaux hu mer 74% Fraen, bei de Salariés à tâche intellectuelle 68%, an et wäert Iech net iwwerraschen, bei den Agents de nettoyage hu mer 82,53% Agenten, déi d'weiblecht Geschlecht hunn.

La bourgmestre Vera Spautz (LSAP) *rappelle que le premier plan pour l'égalité des chances a été présenté et voté en 2004.*
Elle indique que seront présentés la 4ème analyse ainsi que les revendications et objectifs de la commune concernant la composition de l'ensemble du personnel de la commune.
Elle précise également que deux délégations, le Service du personnel, le Service structure et organisation, le Service de l'égalité des chances, Mr Codello et elle-même travaillent sur ce plan.

L'échevin Dan Codello (LSAP) *souligne l'importance de cette quatrième analyse. Son but est d'analyser le rapport professionnel entre hommes et femmes qui travaillent à la commune sous différents aspects : le statut, le niveau de carrière, le secteur d'activité ainsi que le degré d'occupation, souvent lié à la situation de la vie privée.*
En mars 2014 avait été lancé un questionnaire auprès du personnel afin d'obtenir une analyse subjective de sa situation et de trouver une approche pour un équilibre entre vies privée et professionnelle.
Le rapport qu'il présente repose sur la situation du personnel au 1er décembre 2015, des données plus récentes pour une analyse approfondie n'ayant pas été possibles. Ils étaient 1127 personnes à travailler à cette date auprès de la Commune, dont 535 femmes, à savoir 47,47% et 592 hommes, donc 52,53%.
Parmi les salariés à tâche manuelle se trouvent 637 agents de nettoyage (29,67%) : Il y a aussi 271 fonctionnaires, donc 24% du personnel, et 153 salariés à tâche intellectuelle, donc 14% du personnel. Et finalement 66 employés communaux, donc 6% de l'ensemble du personnel.
En ce qui concerne la question des genres : 74% des employés communaux sont des femmes, dont 68% des salariés à tâche intellectuelle et 82,53% des agents de nettoyage.
67,52% des fonctionnaires sont des hommes, dont 69,42% des salariés à tâche manuelle.
Au 1er décembre 2015, sur les 1006,94 (sur 1127 personnes) équivalent temps plein, 43,80% personnes étaient des femmes, donc 56,20% des hommes.
13% des fonctionnaires travaillent à temps partiel, alors qu'ils sont un

Bei de Männer sinn d'Fonctionnairë ganz héich vertrueden, 67,52%. Salariés à tâche manuelle 69,42%.
Wa mer dat elo déclinéieren op d'Équivalents temps plein, déi 1.127 Persounen, dann hu mer op den 1. Dezember 2015 1.006,94 Équivalents temps plein, dovunner 43,8% Fraen a 56,20% Männer. Dat heescht, do ass den Équiliber nach net erreecht.
Ech hunn Iech éineschter gesot, datt den Degré d'occupation eppes ganz Wichteges ass an der Ausübung vu senger Aarbecht an och an der Conciliatioun tëschent der Vie professionelle an der Vie privée. Bei de Fonctionnairen hu mer knapp 13%, déi Temps partiel schaffen, bei den Employés communaux gutt en Drëttel, 36,36%. An et wäert Iech och net iwwerraschen, datt an deenen zwee Statuter éischter d'Fraen en Temps partiel ugefrot hunn an deen och ausüben.
Bei de Salariés à tâche intellectuelle sinn et knapp 33%, déi partiell schaffen. 84,1% dovunner an eisen Domäner, wéi mer se nennen, Enfants, Jeunesse, Culture a Sécurité sociale. An dat sinn och, dat wäert Der herno gesinn, dräi Domäner, wou dat weiblecht Geschlecht iwwerrepresentéiert ass.
73,44% vun eise Salariés à tâche manuelle, awer do ausgeschloss d'Agents de nettoyage, schaffe plein temps, also hunn eng Tâche zu 100%.
Et muss ee wëssen, datt bei eis d'Standardskontrakter vun den Agents de nettoyage op 36/40 am Moment nach ausgeschriwwe ginn an 83,07%, dat heescht quasi iwwer Dräivéierels schaffen deen Temps partiel 36/40. Dir wësst awer, datt mer duerch eng Analys, en Audite vun deem Service och zu Konklusioune komm sinn, datt mer an enger zweeter Phas och dat mussen am Kader vun enger Surfacenanalys analyséieren.
Wat elo den Niveau vun eisem Personal ugeet: An der Carrière supérieure 59% Männer, an der Carrière moyenne 59% Dammen an an der Carrière inférieure 57% Männer. Do hu mer quasi ëmmer e klengen Deséquiliber tëschent de Geschlechter.
Ech verspriechen Iech, datt ech et wierklech kuerz halen, fir datt ech op Är Froen a Commentairen herno méi kann äntweren.
Wat de Secteur d'activités ugeet, wat mer d'Administration centrale nennen, hu mer quasi en Équiliber, 51% Männer a bal 49% Dammen. Am kulturelle Beräich – an dat ier déi Fro kënnt: de kulturelle Beräich beinhalt natierlech och déi ganz Enseignanten am Conservatoire, déi do e ganz groussen Deel ausmaachen – hu mer och quasi en Équiliber, 49,63% Männer, 50,37% Dammen. A mir hu jo haut nach véier Dammen dohinner gestëmmt, soudass dat sech erëm e bësse wäert apendelen.
Am Secteur Enfants, Jeunesse, dat heescht all eis sozioéducativ Strukturen, wäert et natierlech och keen iwwerraschen, datt do iwwer 75% vun eisem Personal Frae sinn, grad esou an der Sécurité sociale, wou 81,25% Frae schaffen.
An et iwwerrascht keen, wann ech elo RSA huelen, also eist fréiert Elektrizitéitswierk, d'Wierk, wéi mer et nennen, wou bal 95% Männer sinn, déi do schaffen. Am Sportsberäich sinn et 58,62%. An an den Travaux municipaux 63% Männer.
Mir hunn heiansdo e ganz groussen Deséquiliber a verschiddene Secteurs d'activité. Dat ass de socioéducative Beräich. Mä mir si jo awer vun Ufank un och ëmmer hei um Wee am Gemengerot an am Conseil de recrutement, datt mer gekuckt hunn, welcht Geschlecht ass sousreprésenté a verschiddenen Domäner. An da si mer jo och mat deene Propositiounen hei an de Gemengerot komm, fir den Équiliber an deenen eenzelne Secteuren hierzestellen.
Ganz interessant, an dat ass personalpolitesch och geduecht, ass eis Altersstruktur vun eisem Personal op den Dezember 2015. Mir hu 16% vun eisem Personal, wat ënner 30 Joer al ass, 23% tëschent 30 an 39, bal 33% tëschent 40 an 49, a mer hu 25% vun eisem Personal, dat tëschent 50 an 59 Joer als ass. Dat heescht, do musse mer eng méi genau Analys maachen, well dat sinn déi, déi an den nächste Jore wäerten hir Urechter op d'Pensioun wouerhuelen. An do musse mer och kucken – an dofir sinn déi Statistike ganz interessant –, datt een dann och ka fir déi nächst Jore plangen, wéi déi Leit an den eenzelne Servicer kënnen ersat ginn. A mir hunn awer och 3% vun eisem Personal, wat iwwer 60 Joer ass an nach an eise Servicer schafft.
Nach ganz kuerz, Madame Buergermeeschtesch, bei all deene Chifferen an déi Strukture vum Personal, wann ee wëll eng Chancëgläichheetspolitik an der Personalpolitik maachen, da muss ee sech och ee Rahmen an e Kader ginn.
Am Joer 2000 huet de Gemengerot e Conseil de recrutement an d'Liewe geruff. Mir sinn déi éischt Gemeng am Land gewiescht, déi sech esou e consultatiivt Gremium ginn huet. De Conseil de recrutement ass zesummegestallt aus politesche Responsabelen, aus de Vertrieder vun den Delegatiounen an eben déi Servicer, déi concernéiert sinn, wann e Posten ausgeschriwwen ass. Dee wäert weider seng Aarbecht profinéieren. Mir

tiers, 36,36%, à temps partiel au sein des employés communaux. L'orateur précise également que ce sont principalement des femmes qui font la demande pour un emploi à temps partiel.
33% des salariés à tâche intellectuelle travaillent à temps partiel, dont 84,1% le font dans les domaines Enfants, Jeunesse, Culture et Sécurité sociale, trois domaines où le genre féminin est surreprésenté.
73,44% des salariés à tâche manuelle, à l'exception des agents de nettoyage, travaillent à plein temps.
L'échevin précise que pour les agents de nettoyage, le contrat standard prévoit encore un temps partiel 36/40, et que 83,07% de ce personnel travaillent ce temps partiel.
Il ajoute qu'il existe toujours un petit déséquilibre entre les sexes dans les carrières supérieures, moyennes et inférieures, avec 59% d'hommes pour la première, 59% de femmes dans la seconde et 57% d'hommes pour la dernière.
Il existe presque un équilibre au sein de l'Administration centrale, avec 51% d'hommes et presque 49% de femmes. Ainsi que dans le domaine culturel, avec 49,63% d'hommes et 50,37% de femmes.
L'orateur précise qu'il n'est pas étonnant que dans le secteur socioéducatif, 75% du personnel est constitué de femmes, tout comme dans celui des services sociaux, qui représente 81,25% de femmes.
En ce qui concerne le RSA, il est représenté à 95% par des hommes, alors que le domaine sportif l'est à 58,62%, et les travaux municipaux à 63%.
Il souligne le déséquilibre qui existe parfois dans certains secteurs d'activités, et surtout dans le domaine socioéducatif. L'objectif du Conseil communal et du Conseil de recrutement est de voir quel sexe est sous-représenté dans les différents domaines et de quelle manière réinstaller un équilibre dans ces secteurs.
Mr Codello souligne le caractère intéressant de la structure d'âge selon l'analyse du personnel de décembre 2015. 16% du personnel a moins de 30 ans, 23%, entre 30 et 39 ans, presque 33% entre 40 et 49 ans, et 25% du personnel a entre 50 et 59 ans. Or les personnes de la dernière catégorie d'âge auront droit à la pension dans les prochaines années, il faut donc prévoir la manière dont

mussen elo weiderhin d'Critères de recrutement méi enk definéieren.
Mir mussen och d'Prozeduren nach eng Kéier iwwerschaffen. Ech ginn Iech e Beispill: Mir hunn elo, dat hutt Der gesinn, viru kuerzem Agents de nettoyage ausgeschriwwen. Dir wësst, dat ass Personal, wou net eng spezifesch Qualifikatioun erfuerdert ass. Herno kréie se natierlech hausintern eng Formatioun. Mä mir mussen eis awer als Conseil de recrutement do verschidde Kritäre ginn. Ech soen Iech, d'leschte Kéier hate mer iwwer 1.300 Demandë kritt, fir eng 15 Posten. Do muss ee sech awer de manière objective Kritäre ginn, firwat ruffe mer déi net a firwat ruffe mer déi.
De leschte Kéier hu mer dat gemaach. Do souz de Conseil de recrutement e ganzen Dag zesummen an huet sech ebe Kritäre ginn. Dat war: de Mann, d'Fra, dat war d'Altersstruktur, dat war awer och Salariés handicapés, wat och e ganz wichtege Volet ass. Mir sinn nach net op deem legale Prozentsaz, dee mer als Gemeng, als ëffentleche Patron, missten hunn.
All déi Kritären, déi mussen afléissen. Mä déi hu mer nach net an engem Dokument. Mir maachen déi bis elo de manière informelle. Mä mir schaffen drun, datt mer dat – an dat gesitt Der an Ärem Dokument – zesummen an deem Groupe de travail ze finaliséieren an Iech dat och kënne virzestellen.
D'Formatioun vum Personal ass och onheemlech wichteg. Ech hunn et elo grad ugedeit. Et ass och aus deenen eenzelnen Analyses fonctionelles erauskomm. Mir mussen eist Personal ëmmer weiderbilden. Dofir hate mer éischt Sitzunge mam INAP, a mir hunn och mam INAP e Plan de formation konnten ausschaffen, deen opgrond och vun engem interne Questionnaire, deen hei gemaach ginn ass, entstanen ass. Well do ass eist Personal: dat war emol an enger éischter Phas d'Administration centrale an d'Wierk (RSA), wat hir Bedierfnesser si vum Personal. An doropshin hu mer déi Formatioune mam INAP esou festgehalen.
Mä mir gesinn awer, datt mer ëmmer méi Formatioune brauchen, zemools am technesche Beräich. Mä och, wéi ech elo grad gesot hunn, d'Agents de nettoyage hautzudaags sinn och ëmmer méi gefuerdert a mussen och eng deementspriechend Formatioun kréien.
Mir sinn op de Wee gaange vu méi Gerechtegkeet, datt mer d'Conciliatioun tëschent der Vie professionelle an der Vie familiale och vu Chefs de Servicë wollte vereinfachen. Et war ni de Fall, datt e Chef de service eigentlech d'Urecht geholl huet, fir kënne méi doheem ze bleiwen. Mä mir hunn awer fest Kritären als Schäfferot definéiert. Notamment wann ee Chef de service ass an et wëll een en Temps partiel ufroen, da mussen awer verschidde Konditiounen erfëllt sinn. Eng vun de wichtegste Konditiounen ass déi, dass wann s De awer och en Temps partiel schaffs, 75% oder 50%, muss de awer fënnef Deeg an der Woch um Büro präsent sinn. Et ass net esou, dass De à la carte kanns soen, 75%, da sinn ech ab donneschdes net méi do. Et ass awer schonn erfuerdert, dass De als Chef de service, och wann s De Däi Recht an Usproch hëlls, fir een Temps partiel ze schaffen, dass De awer déi fënnef Schaffdeeg hei op der Gemeng präsent bass.
Ee ganz interessanten, mä awer och därecht Thema ass de Reclassement interne. Dir wësst, datt mer Persounen hunn, zemools am manuelle Beräich, déi duerch Kränkten, duerch Maladien an hirer Capacitéit, fir hir Aarbecht kënnen ze leeschten, ageschränkt sinn. Ech wëll awer och net verheemlechen, datt heiansdo d'Relatioune mat den Aarbechtsdokteren net déi einfachst sinn, an déi eis heiansdo och ganz komesch Analyse schreiwen. Ech sinn net Dokter, mä heiansdo ass et awer, wann Der d'Realitéit kuckt, an d'Restriktiounen, déi dann den Dokter schreift, net ganz kompatibel.
Et ass net einfach, fir deene Leit ëmmer hei intern e Posten ze fannen, deen adaptéiert ass un hirer Situatioun an hirem État de santé. Mir kucken awer alles. Mir maachen all Méigleches, fir datt keen doheem sëtzt. Dat si meeschtens gréisstendeels och Dammen, déi aus dem Botzberäich kommen, déi herno da physesch Contrainten hunn. Mir kucken ëmmer, fir deenen dann eng nei Stellung hei innerhalb vun der Gemeng ze ginn. Mä ech soen Iech, dat ass net ëmmer einfach.
Mir hu mat den Delegatiounen awer en Dokument opgestallt, wat eventuell Poste sinn. Mä da musse mer natierlech och erëm déi Persounen hunn. An déi däerfen natierlech erëm net déi Restrictiounen hunn, déi op déi eventuell Poste kënnen drop kommen.
D'Idee vum Job-Sharing ass eis an deem Groupe de travail komm. Mëttlerweil ass dat jo och duerch d'Reform an der Fonction publique scho komm. Mir haten d'leschte Kéier eng éischte Kéier eng Retraite progressive konnte stëmmen. Dat ass eppes ganz Interessantes: datt een als, am Moment, Fonctionnaire eng Retraite progressive kann ufroen. An dat ass ganz wichteg, wann een dann awer nach do ass, fir säin eventuelle Successeur unzeléieren.

ces personnes seront remplacées. Mais il précise que 3% du personnel a plus de 60 ans et travaille encore dans les services.
En 2000 a été instauré un Conseil de recrutement, une nouveauté au sein de la commune d'Esch, qui est constitué de responsables politiques, de représentants des délégations et des services concernés. Le travail de ce conseil doit encore être peaufiné et les critères de recrutement doivent être définis plus étroitement.
Il donne l'exemple du recrutement pour des agents de nettoyage, il y a peu. 1300 demandes ont été reçues pour 15 postes. Face à une telle situation, il faut que le Conseil de recrutement se donne de manière objective des critères pour justifier un rendez-vous de présentation de tel ou tel candidat. Le Conseil a alors procédé au choix de différents critères : femme, homme, la structure d'âge, mais aussi les salariés handicapés, ce qui est un critère très important, surtout que la commune n'a pas encore atteint le quota qu'elle devrait légalement atteindre en tant que patron public.
La formation du personnel est également, selon lui, un point très important. D'où une session effectuée avec l'INAP et le développement d'un plan de formation établi à partir d'un questionnaire.
Selon lui, davantage de formations sont nécessaires, surtout dans le domaine technique.
Il rappelle le désir de donner la possibilité également aux chefs de service de concilier leurs vies professionnelle et familiale. Si un chef de service veut demander le temps partiel, il doit alors remplir certaines conditions. Et il cite notamment le fait que si le chef de service veut travailler à 50 ou 75%, il doit être présent les 5 jours de la semaine, et ne peut pas dire, par exemple, qu'il travaille à temps plein pendant 4 jours et ne vient pas travailler le dernier jour.
L'échevin aborde ensuite le sujet du reclassement interne, surtout dans le domaine manuel. Car parfois, en raison d'une maladie ou d'une blessure, les personnes sont incapables de continuer à effectuer les mêmes tâches. Pour les personnes qui doivent subir un reclassement, il est parfois difficile de trouver un poste qui soit adapté à leur état de santé. Toutes les possibilités sont alors analysées pour éviter au personnel de devoir rester à la maison. Mais ce

Dat Ganzt ass schonn zënter ville Joren an de skandinavesche Länner Usus, nämlech datt een am Fonctionnariat, dee wëll progressiv an d'Pensioun goen, säi Successeur uléiert, well deen dann ëmmer déi aner Halschent oder déi aner Dräivéierel vun der Tâche kritt.
Dat ass an der Fonction publique elo schonn Usus. Mir wëllen awer weider doru schaffen. An eise Service à l'égalité des chances an de Service Structure et organisation froen och eng Entrevue mat de Beamten aus den zoustännege Ministèren un, fir ze kucken, wéi een dat kéint méi global och fir de Statut vum Salarié aféieren. Well dat ass eppes ganz Wichteges.
Et gëtt op där enger Säit där Persoun Satisfaktioun, datt se weess, 'ech ka mäi Wësse weiderginn an et ass net alles verluer'. An et gëtt virun allem awer och Satisfaktioun, dass De där neier Persoun kanns mat op de Wee ginn, 'hei, Du kriss awer do en erfuerene Mann oder Fra dohinnergestallt an dee kann Der alles bäibréngen'. Dat ass ganz wichteg. Mir ginn an der leschter Zäit op dee Wee.
Heiansdo hues De Posten, do muss De scho matzäiten am Virfeld ausschreiwen, datt deen neien Agent kann ee Joer quasi mat deem anere schaffen, fir alles ze gesinn. Well Du kanns engem alles erklären, mä et ass awer heiansdo vill méi interessant, am Alldag dat mat ze erliewen.
D'Conciliatioun Vie professionelle / Vie privée hu mer ugeschwat. Dat ass e ganz wichtege Sujet fir eis. Dee kann een net nëmmen als Politiker esou an de Raum geheien, mä da muss een och déi Moyene ginn. Dir wësst, datt iwwert d'Gesetz verschidde Congéen souwisou existéieren: de Congé maternité, Congé à temps partiel; alles dat gëtt ugewannt. Den Degré d'occupation, dee kann natierlech och erofgesat ginn, wann dat der Conciliatioun tëschent dem Beruffs- an dem Privatliewe soll hëllefen.
Ech wéilt lech awer och nach eng Kéier drun erënneren, datt mer d'lescht Joer hei am Mäerz en neien Text iwwert den Horaire mobile gestëmmt hunn. An ee vun de Considérante vun deem neien Horaire-mobile-Text war eben och, fir d'Beruffs- an d'Privatliewe besser mateneen ze verbannen. Mir hu jo d'Auerzäite fir mueres fir unzefänken op néng Auer no hanne verréckelt, well mer wëssen, datt ganz vill Elterendeeler hir Kanner musse fir d'éischt an déi eenzel Strukture féieren. An dann hu se méi Flexibilitéit.
Dat heescht, den Horaire mobile, dee mer d'lescht Joer hei an d'Liewe geruff hunn a wou mer elo wäerten am Juni – dat hat ech an deem Kontext och gesot – als Groupe de travail zesummekommen, fir no engem Joer Horaire mobile ze kucken, wou d'Kannerkränkte sinn oder wat een nach ka verbesseren. Mä eng vun de Considératioune war déi Conciliatioun och an eisen Horaire mobile eranzebréngen.
D'Crèche d'entreprise: Ech weess net, ob d'Madame Buergermeeschtesch méi do wäert drop agoen. Mä dat ass och e wichtege Bestanddeel vun där interner Politik, fir Chancëgläichheet ze förderen.
Dir hutt gelies, datt mer eis Gedanke maachen iwwert den Harcèlement sexuel et moral. Mir hu keng Prozedur. Mir mussen do mat verschiddenen externe Partner och nach kucken, wéi mer dat kënne maachen. Beim Stat gëtt et och keng Prozedur. Mä Dir hutt gesinn, dass aus dem Questionnaire och verschidde Bedenke beim Personal do ervirgehäit ginn.
D'intern Kommunikatioun wäerte mer och nach wëlle verbesseren. Mir hunn elo an engem Groupe de travail eng éischt Ébauche ausgeschafft, fir esou e Carnet de bienvenue, och well mer neit Personal astellen. Well déi sinn och verluer. Mir si kee klenge Betrib méi. A wann Der hei esou ufänkt mat schaffen, da musst Der lech emol hei an deenen eenzelne Strukturen aschaffen an aléieren. An do kann e Carnet, wéi och en internen Newsletter am Intranet, vill hëllefen.
Dir gesitt, Dir Dammen an Dir Hären, an deem véierte Bericht ass och villes, wat mer scho konnten an eisem interne Plang verbesseren. Et ass eppes, wat dynamesch ass. D'Personalpolitik ass näischt, wat statesch ass. D'Réforme administrative och net. Mir schaffen drun. Ech hunn lech gesot, de Conseil de recrutement wäert seng Prozedure profinéieren.
Dat anert, wat ech lech gesot hunn: mir wäerten, och wa mer mat enger fënnefter an enger sechster Analys heihinner kommen, déi eenzel Prozentsätz, wat déi sectoriell Deséquiliberen ugeet, relativ kënnen offiederen. Mä ech mengen – an dat ass och duerch d'Formatioun –, datt et einfach verschidde Secteure ginn, wou dat eent oder dat anert Geschlecht éiweg wäert méi am Vierdergrond stoen. Mir schaffen awer drun. An dat ass de Grondprinzip och an all Astellung, datt mer ëmmer kucken – an dat ass ëmmer de Saz, deen natierlech och an eisen Annoncen, an eise Publikatioune steet –, do wou agestallt gëtt, dat ënnerrepresentéiert Geschlecht natierlech dann ze bevirdeelegen. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Codello. Ech maa-

n'est pas toujours facile de donner un nouveau poste au sein de la commune.
Un document a été créé en collaboration avec les délégations pour déterminer quels sont les postes éventuellement à pourvoir. Il faut ensuite encore trouver la bonne personne qui n'a pas de restrictions par rapport à la tâche.
L'orateur indique que l'idée du Job-Sharing a été évoquée dans ce Groupe de travail. Il met notamment en avant la possibilité de faire une demande pour une retraite progressive, ce qui permet de former le successeur au poste.
Ce procédé est déjà utilisé depuis des années dans les pays scandinaves, où le successeur travaille l'autre moitié ou l'autre tiers de la tâche progressive du futur retraité.
C'est également le cas dans la fonction publique.
Ce procédé est bénéfique pour les deux partis. Pour le retraité, qui peut se dire « je peux transmettre mon savoir sans qu'il se perde », et pour le successeur, qui se dit « j'ai quelqu'un d'expérimenté qui peut m'apprendre tout ce qu'il sait ».
Pour certains postes, l'échevin souligne l'importance de faire la transition en temps utile, afin que l'agent puisse travailler avec le successeur pendant quasiment un an.
Il met encore une fois en avant l'importance de la conciliation vie professionnelle/vie privée. Il existe les différents congés comme le congé maternité, le congé à temps partiel, qui sont de toute façon mis en pratique, mais le degré d'occupation peut également être diminué pour une meilleure conciliation.
Il rappelle qu'en mars de l'année dernière avait été voté un document sur l'horaire mobile, dont l'un des considérants était justement de mieux combiner vie professionnelle et vie privée. Avec par exemple un début de travail à 9h00 pour que les parents puissent amener leurs enfants dans les différentes structures.
Mr Codello évoque ensuite la Crèche d'entreprise qui est selon lui un point important de cette politique interne d'égalité des chances.
Concernant le Harcèlement sexuel et moral, il indique qu'il n'existe pas vraiment de procédure, tout comme il n'en existe pas auprès de l'Etat. Mais le questionnaire a démontré les

chen et ganz kuerz, well ech net wäert widderhuelen, wat den Här Codello elo och schonn zu verschiddene Punkte gesot huet.
Ech wéilt just drun erënneren, datt eis intern Chancëgläichheet eigentlech op fënnef Achsen ausgeriicht ass. Dat ass d'Égalité des chances am Recrutement, extern oder intern, am Developpement vun der perséinlecher professioneller Carrière, an der Concialiatioun zwëschent Vie professionelle a Vie privée, an der Egalitéit an der Netdiskriminéierung op der Aarbechtsplaz an och an der Egalitéit an Netdiskriminéierung an der interner, respektiv externer Kommunikatioun.
Eng Rei Erfahrungen, déi mer an de leschte Jore gesammelt hunn, si mer amgaangen och ëmzesetzen, wéi den Här Codello elo gesot huet. Dat och an dem Iwwerschaffen, wat de Conseil de recrutement ugeet an den Objektiver. Mir wëllen do och déi Entretiene méi uniforme gestalten an do wierklech och dono kucken, datt mer en Deroulement hunn, deen all d'Kritäre berücksichtegt, wat d'Chancëgläichheet ugeet, sief et zwësche Fra a Mann, wéi och natierlech Leit, déi en Handicap hunn oder an engem Reclassement sinn, an Alter, Geschlecht, all déi Saachen do.
Ech wëll awer och nach eng Kéier drun erënneren, datt mer déi eenzeg Gemeng sinn, déi dat dote mécht; datt mer déi eenzeg Gemeng sinn, déi e Service de recrutement huet an déi e Conseil de recrutement huet. A mir hunn domadder extrem gutt Erfahrunge gemaach. Bei eis huet kee méi e Bichelchen an der Täsch stiechen, wou Nimm drop stinn a wou gekuckt gëtt, wéi eng Parteikaart huet een. Dat ass wichteg. Et geet ëm Experienz; et geet ëm Diplomer; et geet ëm professionell Capacitéite bei eis. An dat ass e wichtege Kritär, dee mer uwenden.
Wat d'Gemengecrèche ugeet, déi mer fir d'Kanner vun eisem Personal agefouert hunn, do si mer och weiderhin déi eenzeg Gemeng, déi dat mécht. Dat gëtt ganz staark ugeholl. Déi ass besat, entgéint deem, wat ëmmer geduecht ginn ass. Wou mer gesot haten, wa mer d'Plazen net alleguerte géife voll kréien, da kéint een eventuell nach Kanner aus der Crèche Parc Laval huelen oder vun aneren. Neen, déi ass besat. E gutt Zeechen dann och fir déi Leit, déi mer awer op der Gemeng schaffen hunn: mir kréien Nowuess op der Gemeng. Mir hunn awer Jonker, déi Kanner kréien.

(Gelächter)

Mir hunn net nëmme 60+ oder 50+, fir dat elo mol lass ze ginn. Mir hunn och anerer. An Dir wësst, datt een eng Plaz an der Gemengecrèche kritt, wann op d'mannst een Elterendeel bei eis schafft. Dat heescht, och do hu mer wierklech d'Crèche voll vun 0-4 Joer. A vu que datt de Service d'administration vun der Maison Relais an d'Schoulkommissioun geplënnert ass, notze mer och déi Raimlechkeeten, fir nach e weidert Angebot do ze ginn, dat heescht, fir dat och e bëselchen ze vergréisseren.
E grousst Zil, wat mer eis wierklech weiderhi gesat hunn, ass méi Leit nach kënne mam Statut Travailleur handicapé anzestellen, respektiv och déi Leit ze berücksichtegen, déi intern am Reclassement sinn. Do gëtt et eng Lëscht vu Posten, déi mer beschriwwen hunn, wou esou Leit kéinten erëm eng Plaz fannen. Et ass dat Schrecklechst, wa Leit an engem Reclassement sinn, déi wëlle schaffe goen an net kënnen, well de Posten net méi adaptéiert ass. Do hu mer awer gutt Erfahrunge gemaach a mir wäerten och op deem Gebitt wierklech weider schaffen.
Wat d'Conciliatioun vun der Vie familiale / Vie privée ugeet, huet de Schäffe Codello lech gesot, datt mer do och ausgeweit hunn, nämlech dass den Temps partiel och kann op Persounen eriwwergoen, wa se bestëmmte Konditiounen erfëllen, Chef-de-servicen, wat eigentlech net am Statut virgesinn ass. Wou mir also iwwert dat eraus ginn a wou mer gutt Erfahrungen gemaach hunn.
Den Job-Sharing ass eigentlech dat, wat mer als nächste grousse Projet wëllen ugoen. Ech mengen, dat sinn Diskussioune gewiescht, déi hunn eigentlech souguer hiren Ursprong an der Stolindustrie gehat, wou déi Saachen an de Kollektivverträg virgeschloe gi sinn. Mä wat awer ëmmer e groussen Hick do war, dat weess ech.
Mir denke schonn, datt dat méiglech ass a mir wäerten op deem Gebitt dann eis éischt Erfahrunge sammelen a realiséieren, an dann heihinner kommen, fir lech natierlech do um Lafenden ze halen.
An dann als leschte Punkt gräifen ech just nach eng Kéier op d'Kommunikatioun, och mat eise Kollaborateuren an der Gemeng. Et war kuerz ugeschwat ginn. Et soll zu enger interner Newsletter kommen, wou mer Neiegkeete wëllen als Schäfferot un d'Personal presentéieren. Awer och Leit virstellen, en neit Gesetz oder mol e Service virstellen. Mir haten dat eigentlech wëlles gehat, fir ufanks Januar ze starten. Mir hunn awer eng Persoun an der Relations publiques, déi eis verlooss huet a mir sinn amgaangen, eng nei Persoun ze sichen. Dat ass elo alles zimlech vill beienee komm. Op jidde Fall

préoccupations de certains sur ce sujet.
Mr Codello fait part de son souhait de développer encore la communication interne, notamment en éditant un Carnet de bienvenue pour le personnel nouvellement engagé. Un tel carnet ainsi qu'une newsletter pourraient apprendre plus rapidement aux nouveaux arrivants le fonctionnement des différentes structures.
Il souligne le fait que beaucoup a déjà pu être amélioré au niveau interne, que la politique du personnel doit être quelque chose de dynamique, tout comme la Réforme administrative.
Il termine en affirmant que de nombreux 'pourcentages' pourront être équilibrés au fil du temps, mais que dans certains secteurs, l'un ou l'autre genre sera toujours surreprésenté. Mais il certifie qu'un travail est fait pour tenter d'améliorer les choses, notamment en favorisant l'un ou l'autre genre dans un certain domaine au moment du recrutement pour ces cas où le déséquilibre est beaucoup trop important.

La bourgmestre Vera Spautz (LSAP) *rappelle que l'égalité des chances interne à la commune se situe dans le recrutement interne et externe, dans le développement de la carrière professionnelle personnelle, dans la conciliation entre vie privée et vie professionnelle, dans l'égalité de la non-discrimination sur le lieu de travail et dans l'égalité de la non-discrimination dans la communication interne, respectivement externe.*
Il faut que les entretiens soient construits de manière plus uniforme et que le déroulement respecte tous les critères concernant l'égalité des chances aussi bien au niveau des genres, de l'âge, qu'au niveau des personnes souffrant d'un handicap ou qui sont en reclassement.
Elle tient à souligner qu'Esch est la seule commune à avoir un Service et un Conseil de recrutement. Ce qui compte n'est plus le parti politique de la personne qui soumet sa candidature, mais son expérience, ses diplômes ou encore ses capacités professionnelles.
La crèche communale pour les enfants du personnel est également une nouveauté introduite par la commune d'Esch. Toutes les places sont occupées. Ce qui est également un bon signe pour les gens travaillant à la commune : la progéniture

ass dat och déi nächst Erausfuerderung, déi mer wäerte maachen, datt all Mënsch iwwert déi Newsletter intern och dann informéiert gëtt.
Kolleginnen a Kollegen, domadder wiere mir fäerdeg. Merci fir déi méi oder manner gedeelten Opmierksamkeet.

(Gelächter)

Dat huele mer awer, soe mer emol, op engem sonnege Freidemoien ouni Problemer op. Mir si gespaant op déi vill Froen, déi elo wäerte kommen a ginn d'Wuert weider.
Madame Freis, Dir hutt d'Wuert."

Astrid Freis (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech fannen dat eng wierklech gutt Idee an et wonnert mech och net, dass eis Gemeng bei esou engem Service de recrutement rëm virbäi ass. Well dat ass jo bekannt hei zu Esch, dass mer wierklech versichen, ëmmer e bësse Précurseur ze sinn a verschiddene Saachen. Dat fannen ech ganz, ganz gutt.
Et sinn natierlech als Fra ëmmer Saachen, déi ee manner gutt fënnt. Dat ass jo normal.
Also et wonnert mech natierlech net, dass am Service de nettoyage ganz vill Frae sinn, méi wéi Männer. D'selwecht am Enseignement. Zemools am Nettoyage fannen ech et e bëssen iwwerdriwwen. Bon, et wäerte vläicht net esou vill Männer sech bousculéieren, fir ze botzen.
Ech fannen déi Analys wierklech ganz flott, well et ass jo schonn e gutt Zeechen, wann iwwerhaapt Leit sech d'Méi maachen, fir eng Analys ze maachen. Well wann ee keng Analyse mécht, da ginn och oft falsch Saachen dorëmmer verzielt. An ech mengen, eng Analys ass gemaach, fir dass een dorausser léiert an da versicht, et besser ze maachen.
Ech wollt éischtens emol wëssen, wéivill behënnert Persounen op der Escher Gemeng schaffen. Well et hu schonn e puermol Leit mech drop ugeschwat, déi eng Plaz sichen, déi behënnert sinn, déi natierlech vill méi Problemer hunn, wéi déi aner Leit, déi net behënnert sinn. Dat war emol déi éischt Fro.
Dat zweet ass am Fong e Constat. Wa mer d'Analys hei kucken, da gesäit een am Fong geholl, dass an der Carrière supérieure natierlech vill, vill manner Frae sinn, wat mer manner gutt gefält. Ech wär och frou, wann dat do e bësse géif ausgeglach ginn. Op deenen héchste Poste sinn ëmmer, egal wou, d'Männer méi vertrueden. Dat ass natierlech ongerecht.
Et wär flott, wann een do éischtens deen doten Tableau kéint a kuerzer Zäit kucken an op där lénkser Säit e puer méi Fraen hätt, déi an deene wichtege Poste sinn.
An dann hätt ech nach eng Fro, well ech elo net onbedéngt weess, wéi dat mat där Punktegeschicht ass: Wéi ass dat finanziell? Sinn d'Fraen op der Escher Gemeng d'selwecht bezuelt um selwechten Niveau? Oder ass et do, wéi op de Banken: si kréien heiansdo en Titel an e Schëld op d'Dier gepecht, mä an der Pai ass dat awer guer net de Fall?
Dat waren am Fong déi zwou Saachen. Ech si frou, dass mer dorunner schaffen an dass dat och public ass, dass d'Leit do kënne kucken, kontrolléieren an hir Meenung soen. Dofir sëtze mer jo hei.
Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Madame Freis. Ech schreiwen dann an: d'Madame Hildgen, den Här Hansen. Madame Hildgen, w.e.gl."

Annette Hildgen (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Et ass fir d'alleréischt emol e grousse Merci un déi Leit, déi dat hei gemaach hunn, déi dat zesummegestallt hunn. Et ass eng heeden Aarbecht an et ass net nëmmen eng heeden Aarbecht gewiescht, fir déi, déi dat Ganzt duerchgeknat hunn. Et war och haaptsächlech fir déi, déi dat erschafft hunn. Op jiddefall ass dat do ganz interessant.
Et ass virun allem e ganz gudden Outil, fir herno ze kucken, wéi d'Evolutioun ass, wann ee mam leschte Joer vergläicht bis haut, wéi dat Ganzt sech e bëssen developpéiert huet. Et ass e bëssen eng Stagnatioun festzestellen. An da kënne mer gläich op dat Schlagwuert, wat fir de Moment an der Politik haaptsächlech ass, kommen, nämlech déi Quoteregelung. Do si mer awer hei nach ganz wäit ewech. Wa mer kucken op verschiddene Plazen, do sinn eis Dammen awer absolut komplett ënnerrepresentéiert.
Ech mengen, et ass awer d'Spigelbild vun eis, vu ganz Europa, kéint ech eigentlech soen, vun eiser Gesellschaft, datt verschidde Beruffer nach ëmmer en Domän si fir d'Männer. Oder si mengen, et wier hiren Domän. An aner Beruffer, déi si méi fir d'Frae reservéiert.
Ech kucken zum Beispill elo de soziale Volet, ouni hei op verschidden Zifferen anzegoen. Do gesi mer tatsächlech, datt do den Haaptundeel bei den Damme läit. Firwat ass dat esou? Ma ganz einfach, ech menge vum Geneteschen hier sinn d'Fraen effektiv ganz dacks méi

fait son apparition chez les jeunes.
Une place est assurée dans la crèche communale lorsque l'un des parents travaille à la commune, et la crèche (0-4 ans) affiche complet. Et puisque le Service d'administration de la maison relais a déménagé ainsi que la commission scolaire, le tout pourra être agrandi pour permettre une offre encore plus importante.
Elle ajoute qu'un objectif important de la commune est de pouvoir engager plus de gens au statut Travailleur handicapé ou de prendre en considération les personnes en reclassement interne. Une liste de postes pouvant être occupés par ces personnes a donc été établie. Mais ce domaine sera encore plus développé à l'avenir.
Dans le contexte de la conciliation des vies familiale et professionnelle, il a été fait en sorte que des temps partiels puissent aussi être attribués à des personnes remplissant certaines conditions, les chefs de service par exemple, alors que cela n'est à la base pas prévu dans les statuts. Là aussi de bonnes expériences ont pu être faites.
Elle informe que le prochain grand projet sera le Job-Sharing. La commune pense enfin pouvoir le mettre sur pieds.
Elle termine sur le point de la communication, indiquant que le but était de créer une newsletter à partir de janvier pour présenter les nouveautés du Conseil communal au personnel, pour présenter les nouvelles lois, les personnes ou encore les services. Mais un employé du Service des Relations publiques ayant démissionné, une nouvelle personne est actuellement recherchée. Mais elle assure que la newsletter reste le prochain défi.

Astrid Freis (LSAP) *approuve le point du Service de recrutement et rappelle que la commune d'Esch est bien un précurseur dans de nombreux domaines.*
Elle n'est pas étonnée par le fait que davantage de femmes travaillent dans le Service de nettoyage, ou encore dans l'enseignement.
Elle aime beaucoup l'analyse qui a été faite, car le fait que des personnes se prennent la peine de faire une telle analyse est déjà un bon signe en soi. Il faut savoir que ces analyses sont toujours faites pour tenter d'améliorer les choses.
Mais elle aimerait tout d'abord savoir combien de personnes handi-

disponéiert, fir e bësselchen an déi sozial Beruffer eran ze goen.
Wat och zum Beispill ganz interessant ass, dat ass, datt awer an deenen technesche Beruffer d'Fraen do enorm ophiewen. Ech mengen, déi Hären, déi heibanne sinn, déi versti mech elo ganz gutt. Dat heescht, ech sinn eng Fra an ech schwätzen als Fra. Ech wëll elo net déi Männer do chaponéieren. Dir kënnt dat fir Iech selwer maachen.

(Gelächter)

Beim Ingénieur technicien hu mer leider Gottes nëmmen eng Damm, déi dat mécht. Mä ech mengen, dat ass dann op fir verschidden Interessentinnen, déi dann herno kommen. Do hu mer nach Nohuelbedarf.
Am Service MPP hu mer fir de Moment eng Damm, déi do beschäftegt ass. An ech kennen dee Service e bësselchen, do ass keen anere Mann do wéi den Inspekter. Den Inspektorat ass natierlech elo SFtat. Dat kann een do net vergläichen. Mä och dat do geet schonn an de soziale Volet eran. An de Schoulen zum Beispill, do gëtt verzweifelt, och national, no Häre gesicht, no Männer gesicht, well an der Éducatioun vun de Kanner, dat wësse mer alleguerten, ass de männlechen Apport enorm wichteg.
Firwat wëllen déi vill Jongen, déi mer hunn, déi den ISERP maachen, net an d'Schoule goen? Dat ass eng Fro, déi ass net hei ze decidéieren, net hei ze analyséieren; mä et ass emol eng Kéier ze kucken – och vum Ministère de l'Éducation nationale aus –, wéi Interesséierter mer nach kéinte fannen a wat mer kënne maachen, fir datt méi Hären och als Éducateur kënne schaffen.
Beim Éducateur ass et awer schonn e bësselchen anescht. Do sinn an der leschter Zäit ëmmer méi Männer era komm – an dat wichteg –, haaptsächlech an eis Maisons relais. Elo kommen ech vun de Schoulen op d'Maisons relais, datt och do Häre vertruede sinn.
Firwat? Well nach ëmmer, trotz aller Gläichstellung vu Mann a Fra, sinn d'Denkweise verschidden. An dat kënne mir net, an dat wëlle mir net aus dem Wee schafen. Well ech mengen, d'Populatioun besteet aus Männer an aus Fraen, an dat ass enorm wichteg, datt do den Équiliber ass. Wat awer elo positiv ass.

(Interruptioun)

Wat awer elo positiv ass. Ech gesi bei de Reaktioune vun den Hären, datt ech do tatsächlech si elo e bësselche getrëppelt hunn. Dat ass e bëssen e wonne Punkt. Jongen, Dir musst domat liewen.

(Gelächter)

Fréier ass ëmmer vun de Botzfrae geschwat ginn. An deem Beräich sinn et Gott sei Dank ewell 33 Männer, déi do sinn a si si sech net ze schued, fir ze botzen. An do komme mer op d'Éducatioun: an Zäit vun zwou Generatiounen huet d'Éducatioun och an de Famille komplett changéiert. Kuckt emol Är Mammen, Är Groussmammen, do war et effektiv esou mat deenen dräi K. Dat war fir d'Fra. An de Mann, deen ass no bausse gaang an deen huet do geschafft an deen huet d'Suen erabruecht. An doheem huet dee kee Fanger gerouert. Firwat? Do war eng Trennung, deen een hat seng Beschäftegung, deen aneren déi aner.
Gott sei Dank ass dat haut anescht. A wann ech hei déi jonk Männer kucken, déi hei sëtzen, da weess ech, datt déi och doheem sech net ze schued sinn – ech kommen erëm op dat Wuert zréck –, fir eng Hand unzepaken. Fir och emol eng Kéier, wann do e Puppelchen ass, dee frësch ze maachen. Oder fir mat der Kutsch ze fueren.
Virun dräi Generatiounen, virun zwou Generatiounen, huet een dat nach net gesinn. Dat heescht, mir sinn amgaang, lues a lues dat Ganzt ëmzeänneren an dat brauch Zäit. Mir kënnen net op e Knäppchen drécken a vun haut op moar gëtt et komplett anescht. Mä déi ganz Éducatioun ass op engem gudde Wee, fanne mir, datt do och déi Geschlechtertrennung net méi esou gesi gëtt.
Ech mengen, de Männer gefält dat och. Et muss een och soen, et fält hinne kee Stee méi aus der Kroun, wa se elo mol eng Kéier eng Fraenaarbecht maachen. Et fonctionnéiert doduerch och besser an de Stéit. An et fonctionnéiert och besser bei de Kanner.
Awer fir drop ze kommen, 33 Männer, déi hei botzen: firwat sollen déi Häre manner gutt botze wéi eng Fra. Gewosst ass, datt heiansdo dat esouguer e bësse besser klappt. Ech wëll elo net op déi Damme klappen, déi do sinn, déi maachen hir Aarbecht ganz gutt, alles tiptop. Mä dat ass dach auszebauen.
Et ass och elo vum Job-Sharing geschwat ginn. Den Job-Sharing ass eng ganz interessant Approche an et wier gutt ze wëssen, ob dat hei scho gemaach gëtt? Wéi dacks, datt et gemaach gëtt? A wéi et reusséiert? Dat heescht, komm mir kënnen domat schaffen. Ech géif dat ausbauen a soen, 'voilà, déi Méiglechkeeten, déi bestinn do'.

capées travaillent à la commune d'Esch. En effet elle a déjà été approchée à plusieurs reprises par des personnes handicapées sur cette question, des personnes qui ont beaucoup plus de mal à trouver un travail par rapport aux autres.
Ensuite elle constate qu'il y a beaucoup moins de femmes dans les carrières supérieures, ce qui n'est pas pour lui plaire.
Elle conclut sur une question : Qu'en est-il du côté financier ? Les femmes sont-elles aussi bien payées que les hommes au même niveau ? Ou est-ce comme dans les banques ? Est-ce qu'elles reçoivent aussi la jolie pancarte sur la porte du bureau mais pas le salaire qui va avec ?

***Annette Hildgen (CSV)** remercie et félicite tout d'abord les personnes qui se sont occupés de ces analyses.*
En effet il s'agit d'un bon outil pour évaluer les évolutions d'année en année. Elle remarque que la situation stagne et que les femmes sont bien souvent sous-représentées dans certains domaines.
Elle cite l'exemple du domaine social, où les femmes sont surreprésentées. Selon elle, cela provient du fait que génétiquement, les femmes sont plus disposées à se tourner vers les métiers sociaux.
Elle soulève le fait que dans les métiers techniques, les femmes sont de plus en plus présentes. Ainsi que le fait qu'il n'y a malheureusement qu'une seule femme ingénieure, mais cela dépend aussi beaucoup des points d'intérêt de chacun.
Une seule femme travaille au Service MPP. Et il n'y a pas d'autre homme que l'inspecteur. Dans les écoles, elle indique qu'une recherche désespérée est faite pour trouver des hommes, car un apport masculin est très important pour l'éducation des enfants. Il faut donc que le ministère de l'Éducation nationale se demande ce qui pourrait être fait pour attirer plus d'hommes.
L'oratrice précise que la situation est quelque peu différente chez les éducateurs, car ces dernières années beaucoup d'hommes ont choisi ce métier. Elle répète l'importance d'une représentation masculine, car malgré l'égalité des sexes, les manières de penser sont différentes ; il faut donc un certain équilibre.
Elle met en avant le fait que l'on parlait à l'époque uniquement de femmes de ménage. Mais

Ech komme bei den Alter. Ech mengen, dat ass e Schnëtt duerch d'Populatioun dobaussen, wéivill Leit um Aarbechtsmaart sinn. Awer wat fir mech perséinlech erfreelech ass, dat ass dee 60+, dat sinn déi 3%. An Dir wësst, wann Der dat e bësselchen europawäit kuckt – oder loosse mer soen, mir huelen och nach Amerika dobäi –, datt trotzdeem ëmmer méi plädéiert gëtt fir ze soen, komm mir huelen déi eeler, wa se sech wëllen aussortéieren oder aussortéiert ginn, well déi hunn eng enorm Erfahrung. Firwat solle mer déi net dobäihuelen, fir déi Erfahrung, fir doraus ze léieren a fir dat un déi nächst Generatioun weider ze ginn. Well hautdesdaags ass 60 keen Alter méi.
Gott sei Dank si mir méi jonk, wéi dat, wat op der Carte d'identité steet. Vu wat kënnt dat? Dat ass ganz einfach: Präventiv gëtt esou vill gemaach, d'Leit gi vill méi bei den Dokter, gesondheetlech si se besser à charge, si intresséiere sech, d'Gehir gëtt méi aktivéiert, si participéieren nach un dem deegleche Liewen. Dat heescht, se sinn effektiv nach mobil a si kënne sech nach abréngen. A vum Pädagogeschen a Psychologeschen hier ass et enorm wichteg, datt och déi Leit respektéiert ginn an datt mer op déi Leit kënnen zréckgräifen.
Et ass vum Congé parental geschwat ginn. Bis elo ass ee Mann, hu mer gesinn, ee Fonctionnaire, deen de Congé parental geholl huet. An do géif et eis och interesséieren, fir emol ze kucken, wéivill Männer, datt deen iwwerhaapt an Usproch huelen, a wann et der net esou vill sinn, firwat datt dat esou ass? Dat heescht, nëmmen ee Fonctionnaire hunn ech fonnt, wat ech fantastesch fannen. A firwat kënnen déi aner dat net maachen? A mir wëllen och wëssen, ob do eventuell – mä dat ass elo an de Raum gesat – verschidde Servicer géifen awer Asproch huelen, fir ze soen, hei lauschter, dat geet net. Well dat wier eng Katastroph.
Ech mengen, de Congé parental ass vum Gesetz hier fir jiddwereen; dee kann een an Usproch huelen. Et si verschidde Männer oder ganz vill Männer, déi wëllen dat net maachen. Beim Privatpatron zum Beispill geet et net. Mir sinn an där gudder Situatioun, datt mir als Service vun der Gemeng kënnen do vill méi flexibel sinn. An et däerf natierlech net ze sinn, datt herno seng Carrière iergendwéi entravéiert gëtt, doduerch, datt dee säi Congé parental geholl huet.
Bei Espaces verts: et huet mech och interesséiert, datt do nëmmen 8 Damme sinn a 75 Männer. Dat ass och e bësselche schued, well ech mengen, och Frae kënnen do schaffen, firwat och net. Et sinn zwar verschidden Aarbechten, déi vläicht besser vun engem Mann gemaach ginn, well se vläicht méi schwéier sinn. Mä à part ça, géif ech do och propagéieren, fir do méi Dammen eranzehuelen. Well vun der Esthetik hier fannen ech, datt déi Dammen heiansdo ganz gutt Iddien hunn an datt déi vläicht en Apport supplémentaire kënne bréngen, fir d'Verschéinerung respektiv d'Botze vun Esch.
Do ass vun den Handicapéierte geschwat ginn. Dat ass schonn ugeklongen, datt mir do de Quorum net erfëllt hunn. Mir wëlle wëssen a) firwat a b) wéi eng Plazen iwwerhaapt do wieren, wou mir déi Handicapéiert kënne beschäftegen?
Natierlech, et muss een oppassen, 'handicapéiert' dat ass esou e Sammelbegrëff. Wie fält an déi 'Handicapéierten' eran? Ma dat si geeschtech Handicapéierter, dat si kierperlech Handicapéierter, dat sinn och Leit, déi krankheetshalber handicapéiert sinn. Dat heescht, dat ass e ganz breet gefächerte Beräich a mir kënnen net jiddwereen op jiddwer Plaz setzen. Mä et wier interessant, fir dat auszebauen. Well och déi Leit si Partie intégrante vun der Societéit. A mir hätte gären, datt och déi Leit sech bewosst sinn, datt se nach gebraucht sinn.
Dat sinn elo déi puer Froen, déi mir als CSV haten. Nach eng Kéier, Merci fir dee ganz gudde Rapport hei. A mir si scho gespaant, fir ze kucken, wéi et dat anert Joer evoluéiert huet.
Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci der Madame Hildgen. Den Här Hansen an dono ass nach den Här Maroldt, dee sech ageschriwwen huet. Den Här Hansen huet elo d'Wuert."

Mike Hansen (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Merci de Schäffen an e grousse Merci un d'Servicer, déi regelméisseg deen Exercice maachen. Et ass elo – ech mengen de Véierten, huet den Här Codello gesot –, also fir d'véiert Kéier, datt mer déi Analys virgeluecht kréien. Et ass eng wichteg Analys, well se d'Geschlechtersituatioun, d'Gendersituatioun an der Personalstruktur opweist an et ass och Bestanddeel vu modernem Personalmanagement.
Ech mengen, wann een d'Zuelen alleng kuckt, gesäit een net vill. Mä wann ee Parte kuckt, do versteet ee verschidde Saache méi. Mir hunn eng Part vu 47% an 53%, also mir si quasi équilibréiert an der Genderpolitik.
Mä et sinn net nëmmen d'Zuelen, déi an deem Dossier wichteg sinn. Mä och d'gesellschaftspolitesch Problemer, déi hannert deenen Zuele stinn, a wou de Schäfferot an den zoustännege Schäffe wahr-

aujourd'hui, ils sont 33 hommes à travailler dans ce domaine. Elle en vient ainsi à l'éducation : alors qu'avant il y avait une claire séparation entre les tâches et le travail à l'extérieur pour l'homme et les tâches intérieures et ménagères pour les femmes, les mentalités ont heureusement bien changées. C'est ainsi que même les hommes donnent maintenant un coup de main à la maison.
Elle en revient ensuite aux 33 hommes agents de nettoyage, en disant qu'ils ne font pas leur travail moins bien que les femmes, qu'au contraire celui-ci est parfois mieux effectué, sans qu'elle ne veuille mettre en question ou critiquer le travail des femmes qui est très bien. Mais la question devrait être développée.
Concernant le Job-Sharing, elle aimerait savoir si cela est déjà fait dans la commune, à quelle fréquence, et si les résultats sont probants.
Concernant l'âge, ce qui la réjouit le plus ce sont les 3% d'employés qui ont plus de 60 ans. Elle souligne que dans d'autres pays d'Europe et même en Amérique, il est de plus en plus plaidé en faveur du recrutement de personnes plus âgées en raison de l'expérience qu'elles peuvent apporter. Une expérience qu'elles peuvent transmettre aux prochaines générations.
La population vieillit de mieux en mieux, les gens vont plus souvent chez le médecin, ils s'intéressent plus, le cerveau est davantage activé, ils participent de plus en plus à la vie quotidienne et commune. Les personnes sont donc mobiles et efficaces plus longtemps. D'un point de vue psychologique et pédagogique, il est donc primordial de respecter ces personnes et faire appel à eux.
En ce qui concerne le congé parental, un seul homme a jusqu'à présent fait la demande pour l'obtenir. Elle aimerait donc étudier la question afin de savoir pourquoi pas d'avantage de demandes ont été faites par les hommes. Cela permettrait aussi de découvrir si dans certains services l'on dise que cela n'est pas possible pour l'employé d'obtenir ce congé.
Selon la loi, le congé parental est pour tout le monde. Mais il y a aussi beaucoup d'hommes qui ne veulent pas le prendre. Cela n'est pas toujours possible pour les patrons privés. La commune a en ce domaine la

scheinlech um Hebdomadaire méi confrontéiert si wéi mir. Do kann ee schonn an der éischter Analys feststellen, datt mam Congé parental et vill un der Perte de revenu läit, wou verschidde Leit kee Congé parental froen. Well an der Situation actuelle et haut esou ass, datt een eng grouss Part vu sengem Revenu verléiert, wann een dann an dee Congé parental geet.
Mir kënnen awer och feststellen, et gi Beruffer bei eis, déi méi oder manner genderspezifesch beluecht sinn. Do gi Beruffer, Plazen, wou verschidde Gender iwwerrepresentéiert sinn, wéi d'Madame Hildgen gesot huet. Awer net, well déi Plaze reservéiert si fir d'Genderen, mä déi Plaze sti jidderengem op. Et ass eben alt esou, datt ee Geschlecht sech e bësse méi fir déi Plaze mellt, wéi een anert. An duerfir kënnt et dann och dozou, datt mer déi Zuelen hunn.
Ech mengen, an den Zuele gesäit een awer net, datt och Discrimination positive bei eis gemaach gëtt oder gemaach soll ginn: bei gläicher Qualifikatioun a bei gläicher Experienz, gëtt dat ënnerrepresentéiert Geschlecht da bevirzucht zu deem aneren, fir och d'Mixitéit an deene Servicer kënnen ze garantéieren.
Frae sinn a verschiddene Carrièrë méi niddreg representéiert. Dat ass och dat, wat een an dësen Zuele kann ervirliesen. Mä et kann een awer och feststellen, datt se an der Carrière intellectuelle dat dominant Geschlecht sinn. Tandis que Männer ebe méi dominant am Fonctionneriat representéiert sinn.
Den Här Codello huet och virdrun iwwert den Temps partiel geschwat an datt eben d'Fraen deen och éischter ufroen. Wat een an deem Zesummenhang awer och soll ënnersträichen, dat ass, wat d'Madame Buergermeeschter scho gesot huet, datt d'Gemengecrèche do awer och e wichtegt Instrument ass, zemools fir d'Conciliatioun vu Vie privée a Vie professionelle. An ech mengen, an deem ganzen Dossier, an där ganz realistescher Approche gesäit een awer, datt d'Gemeng Esch senger Virreiderroll an deem Dossier do och gerecht gëtt.
Mir hunn, wéi Der scho gesot hutt, e Chancëgläichheetsprogramm, deen dat och ënnersträicht. Wou vill Entreprisen, zemools grousser, misste méi op dee Wee goen, fir ze soen, mir hu Chancëgläichheet am Recrutement, mir hu Chancëgläichheet bei der Conciliatioun vun der Vie privée a professionelle a mir diskriminéieren net, net op der Aarbecht, net op der interner Kommunikatioun an esou weider, an esou fort.
D'Fro, déi d'Madame Freis obgeworf huet, fannen ech zimlech pertinent. Well ee vun de Punkten am Chancëgläichheetsprogramm ass d'Inklusioun vun den Salariés handicapés.
Et wär interessant, emol déi Zuele méi genau ze analyséieren an ze kucken, wou kann een do nach eng Kéier usätzen.
Mir hunn och am Chancëgläichheetsprogramm stoen, datt mer d'Mixitéit net nëmmen am Logement, mä och bei eis am Betrib befërdere sollen. Dat heescht, och a Postes à responsabilité. An et ass natierlech, wéi schon ugeklongen, datt et och eng Saach vun Evolutioun ass. Mä ech mengen, wa mer d'Zuele vun de Fraen an de Postes à responsabilité gesinn, da gesi mer och do, wou mer nach eng Kéier kënnen usetzen.
Eppes aneschters, wat ganz wichteg ass, awer wat och nëmme ganz kuerz ugeschloe ginn ass: dat sinn d'Carrièreweeër, d'Carrièreentwécklung vun de Mataarbechter. Formatioune spillen do eng wichteg Roll. Ech mengen, dat ass schonn deelweis gemaach. Et ass och eng Demande do. Vläicht kann den zoustännege Schäffen eis nach e bësse méi dozou soen, vun de Carrièreweeër, vun de Formatioune fir d'Aarbechter."

(Interruptioun duerch den Här Codello)

Mike Hansen (LSAP): „Jo, et deet mer leed, Här Codello, ech weess, Dir wollt et kuerz maachen. Mä dat si Präzisiounen, déi vläicht awer wichteg sinn, wann een aus den Zuele wëll kucken, wat kënne mer besser maachen, wouhinner gi mer? An dat ass ee vun deene Schrauwen, wou ee kann unzéien, fir eben do weider Efforten ze maachen, fir de Chancëgläichheetsprogramm vläicht nach besser kënnen ze implementéieren.
Wat mech ganz besonnesch gefreet huet: datt vum Job-Sharing geschwat gouf; datt de Responsabelen de Successeur progressiv uléiere wëll. Also Dir hutt gesot, et ass fir d'Wësse weider ze ginn. Jo, awer net nëmmen. Et ass och fir méi schnell operationell ze sinn. Fir e Service, dee mer un de Bierger bréngen, fir dee kënnen ze garantéieren, ass dat awer eng ganz logesch Prozedur am Personalmanagement, fir dat anzeféieren. An ech mengen, et ass och ganz wichteg, datt mer dat implementéieren, notamment och an der Genderfro. Well da komme verschidden Diskussiounen net op, déi aner Betriber kennen, wou ëmmer gesot gëtt, 'oh, elo ass op eemol eng Fra responsabel, elo ass op eemol dee responsabel'; well do gëtt garantéiert, datt déi Persoun mam nämmlechte Bagage ufänkt, wéi déi aner, déi opgehalen huet. An dat ass och fir d'Continuitéit ze garantéieren.

chance d'être plus flexible, et il n'est pas possible qu'une carrière puisse être entravée parce qu'un congé parental a été pris.
Elle est étonnée par le fait qu'il n'y a que 8 femmes et 75 hommes dans les Espaces verts. Même si certains travaux sont plus physiques et requièrent d'être faites par des hommes, les femmes aussi peuvent très bien travailler dans ce domaine. Elle prône donc de faire de la publicité, car selon elle, les femmes peuvent apporter beaucoup au point de vue esthétique pour embellir la commune.
Concernant les personnes handicapées, il est clair que le quota n'est pas rempli. Elle aimerait savoir quels seraient les postes pouvant être occupés par des personnes souffrant d'un handicap et pourquoi. La conseillère désirait aussi que ce soit précisé qui entre dans la catégorie « handicapé ». Selon elle, il s'agit des personnes handicapées mentales, physiques, ou encore en raison d'une maladie, donc un panel assez large, et il faut bien savoir qui peut être placé où. Il serait donc très intéressant de développer encore la question pour ces personnes qui font partie intégrante de la société.

***Mike Hansen (LSAP)** souligne l'importance de cette quatrième analyse consécutive car elle prend en compte la situation du genre dans la structure du personnel.*
Les chiffres seuls ne suffisent pas, il faut prendre en compte les parts, qui sont de 47% et 53%, donc presque en équilibre au niveau des genres.
Il met aussi en avant les problèmes sociétaux qui se trouvent derrière les chiffres. Concernant le congé parental, l'analyse montre que de nombreuses personnes ne demandent pas le congé en raison de la perte de revenu.
Il existe des métiers où les genres sont plus ou moins représentés à égalité. C'est juste que le pourcentage d'un certain genre fait plus de demandes pour le poste que l'autre.
Les chiffres ne montrent pas la discrimination positive qui est faite lorsqu'un genre est favorisé afin d'assurer la mixité dans les services qui en ont besoin.
Dans certaines carrières, les femmes sont sous-représentées, c'est ce que montrent les chiffres. Mais ils montrent aussi qu'elles sont dominantes dans les carrières intellec-

Dir hutt och vun interner Kommunikatioun geschwat. Ech fannen, et ass ganz wichteg, e Welcome-Pack oder e Paquet de bienvenue ze hunn, wou net nëmme wichteg Prozeduren opgezielt ginn. Mä well mer mat där Personalstruktur, déi mer hunn, musse mer do och awer e klenge Réckbléck op d'Gemeng an eng Information culturelle vun der Gemeng weiderginn, fir dass d'Aarbechter, fir d'Leit, déi heihinner schaffe kommen, wëssen, a welcher Projektioun se hir Aarbecht kënne maachen. Fir datt och d'Aarbechtsefforten all an déi nämlecht Richtung zéien. Fir datt d'gemeinsamt Zil vun Ufank u vun der Carrière oder vum Aarbechtsvertrag definéiert gëtt. An dat kann natierlech mat enger Newsletter gutt ënnerstëtzt ginn.
Also ech fannen, de Bericht huet nees Är Efforten ënnerstrach, an ech freeë mech schonn op deen nächste Bericht. Mer kënnen haut scho behaapten, ouni Quoten, datt mer op 53 zu 47% quasi Genderegalitéit hunn, obwuel mer nach a verschiddenen Domäner mussen eng kleng Hand upaken, notamment méi Fraen a Postes à responsabilité ze kréien. Ech mengen, dat doten ass awer eng Reklamm fir eis als Gemeng. An elo läit et natierlech um Schäfferot an och um Gemengerot, fir ze kucken, wéi kréie mer méi Fraen an d'Carrière supérieure eran.
Dat huet natierlech eppes ze di mat der Éducatioun. Well wa mer déi lescht Zuele vun der Éducation nationale kucken, ass d'Paritéit schonn an den Diplomer do. D'Evolutioun muss kommen. An ech mengen, wa mer op deem dote Wee sinn, a wann dat gemaach gëtt, wat ugeschwat gëtt, da packe mer dat och alles ouni Quoten aféieren ze mussen. Well mer sinn um richtege Wee. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Hansen. Den Här Maroldt nach."

François Maroldt (CSV): „Fir d'éischt, fir dass ech net falsch verstane ginn, wëll ech och den Effort hei honoréieren an déi Aarbecht, déi geleescht ginn ass; dat, fir dass kee Mëssverständnis kënnt.
Ech wollt just eng kleng Remarque maachen, déi berout op där laangjäreger Erfahrung, déi ech hunn, net nëmmen hei als Conseiller, mä awer och a menger aktiver Zäit am Beruffsliewen.
Ech warne virdrun, ze vill normativ virzegoen. Dat heescht, eis ze vill streng Strukturen ze imposéieren. Well wat interessant jo ass, déi lescht Zäite si jo am ëffentleche Liewen eng ganz Rei vu Poste mat Responsabilitéite vun Damme besat ginn. Ob dat elo an der Justice oder a soss engem Domän vum ëffentleche Liewen ass. A wann een déi Interviewe lauschtert, dann hunn déi Fraen, wa se hir Aarbecht ugetrueden hunn a se presentéiert gi sinn, ëmmer virdru gewarnt, fir do ze vill normativ virzegoen, well dat awer och eng Gefor u sech géif bedéngen.
Fraen, där hire Wee gutt war, hunn nach ëmmer hire Wee gemaach. Net genuch vläicht, mä awer. Dat gesäit ee jo awer schliisslech bei eis; mir kënnen eis jo hei am Haus net bekloen, mir sinn elo bei där zweeter Buergermeeschtesch consécutif.
Wat mengen ech domadder: am Enseignement, dat wësst Der jo, hu mer eng Zort vu Carrière, déi ganz gläichméisseg verleeft. Ech schwätzen elo vum ëffentlechen Enseignement. Wann een an der Anciennetéit vir ass, dann ass een automatesch eligibel fir ee Posten. An do fannen ech, ass dat e bëssen ongerecht a verschiddenen Domänen. Dir sot, dat ass eng grouss Ausnahm, mä ech huelen zum Beispill meng Schoul. Mir haten do eng Piscine, an ech hunn ëmmer jorelaang gefuerdert a verlaangt, dass ech do wéinstens an der Éducation physique eng Damm géif a meng Équipe erakréien. Mä ech hunn do misste ganz streng no deene Kritären goen, wien do eligibel war.
Dat heescht, ech hunn eng Équipe gehat mat enger Piscine, wou ech keng Damm an der Équipe hat. An ech hunn dat einfach bedauert, aus offensichtleche Grënn, well Dir wësst, an enger Piscine ass et awer wichteg, dass och eng Présence féminine do ass.
Dat sinn esou Ausnamen, wou ech fannen, déi ganz grouss bedauernswäert sinn.
Dat gesot, et sinn hei schonn eng ganz Rei vun interessante Contributioune gemaach ginn an ech wäert mech och dorobber da beschränken.
Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci alle Riedner. Ier ech dem Här Codello d'Wuert ginn, wollt ech vläicht just op eng Saach kommen. Mir hunn an der Vergaangenheet a maachen et och elo net, dass mer eng Quoteregelung hei an der Gemeng aféieren. Dat ass schonn net ze maachen.
Mir hunn e Conseil de recrutement, dee sech ganz kloer Regele ginn huet, datt bei dem sous-representéierte Geschlecht bei gläicher Qualifikatioun ëmmer de Mann oder d'Fra da virgezu ginn.
Ech mengen, mir hunn de Botzservice ugeschwat gehat, wou iwwerhaapt net üblech war, datt Männer an dee Beräich gaange sinn. Elo sinn et awer bal 20%.

tuelles, alors que les hommes sont plus représentés dans le fonctionnariat.
Le conseiller tient à mettre à nouveau en avant que la Crèche communale est un instrument très important pour la conciliation entre la vie professionnelle et la vie privée.
Il aimerait également, tout comme Madame Freis, recevoir plus de détails sur l'inclusion des salariés handicapés dans le programme de l'égalité des chances.
D'après monsieur Hansen il serait intéressant d'analyser plus en détail les chiffres sur les salariés handicapés.
En effet, le programme pour l'égalité des chances dit que la mixité doit se faire également dans l'entreprise, pas seulement dans le Logement. Et cela également pour les postes à responsabilité. Les chiffres montrent bien dans quel domaine il faut encore une grande évolution pour que des femmes y occupent des postes à responsabilité.
Il souligne encore une fois l'importance de la formation pour les carrières de travailleurs, et il précise qu'une demande existe dans ce domaine.
L'orateur se réjouit tout particulièrement du fait que le sujet du Job-Sharing a été abordé, qu'un responsable puisse peu à peu former son successeur. Et cela n'est pas seulement bénéfique pour la transmission du savoir, mais également pour que le successeur soit opérationnel plus rapidement. Il aimerait également implanter ce procédé dans la question du genre. En effet, cela permettrait d'éviter des discussions portant sur des phrases comme « Maintenant d'un coup c'est une femme qui est responsable ». Le Job-Sharing garantit que la nouvelle personne a le même savoir que la précédente, ce qui est une assurance pour la continuité.
Il approuve également l'idée d'un Welcome-Pack ou d'un Paquet de bienvenue, qui ne contiendrait pas seulement les procédures les plus importantes, mais également un retour en arrière sur la commune et des informations culturelles, pour que le nouveau personnel sache dans quelle projection effectuer son travail, afin que les efforts soient coordonnés et que le but commun soit clairement défini. Une newsletter pourrait dans ce cas encore accentuer les effets.

Also dat ass awer schonn en Erfolleg. An do sinn der dann och einfach, déi schumme sech net, déi sichen eng Aarbecht. An déi wëllen och schaffen an déi schaffe mat an der Équipe.
Op där anerer Säit ass et awer och esou, an dat weess och jiddwereen: firwat melle sech eng ganz Rei Männer net op bestëmmte Beruffer? Well se net gutt bezuelt sinn. Sou einfach ass et. De ganzen Éducateurs-Beräich ass net gutt bezuelt. An do melle sech déi mannste Männer.
Mir stellen dat jo an de Maisons relais fest, wa se kommen. Ganz oft sinn et der awer, déi dann och erëm verschwannen oder op eng aner Plaz wëlle goen; do spillen d'Salairen eng enorm grouss Roll. An do hu mir net vill Spillraum am Moment, fir matzemaachen.
An enger ganzer Rei Beräicher ass dat de Fall. Besonnesch, wann dann nach Deelzäitplazen ugebuede ginn. Do kann een dann eng Famill net ernähren. Dat sinn einfach d'Realitéiten.
Ech mengen awer, datt mer op engem gudde Wee sinn. An dat kënnt och aus Äre Bemierkungen ervir. Ech wéilt awer, fir e puer méi konkret Froen, dem Personalschäffen nach d'Wuert ginn."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Ech soen och alle Riedner Merci. Et gesäit een, dass Interêt do ass. An ech gesinn och, datt fraktiounsiwwergräifend d'Wichtegkeet vun deem Dokument hei gesi gëtt, wat fir eng Personalpolitik ze gestalten ass. Personalpolitik, dat heescht jo net nëmmen astellen an erausgeheien oder Promotioune stëmmen. Mä eng konkret Personalpolitik gestalten, dat baséiert op Dokumenter wéi deem hei.
Ech wéilt op déi eenzel méi konkret Froe vun de Conseillèren a vun de Conseilleren agoen. Et gëtt vun engem moderne Personalmanagement geschwat. Dat stëmmt. Mä dat ass d'Basis vun deenen Analysen, déi vun eise Servicer hei virleien, fir eben deene gesellschaftspoliteschen Erausfuerderungen do positiv entgéint ze wierken.
Ech schwätzen och net gäre vun Discrimination positive, well do ass ëmmer dat Wuert Diskriminatioun dran. Komm, mir eenegen eis, datt mer, wéi d'Madame Buergermeeschtesch gesot huet, do wou e Geschlecht ënnerrepresentéiert ass, déi politesch Zeechen huelen, fir deen Équiliber hierzestellen. Well bei Discrimination positive ass ëmmer dat negatiivt Wuert Diskriminatioun dran. A mir maachen hei eng Antidiskriminatiounspolitik an alle Beräicher. Dofir, dat Wuert ass net grad bien choisi.
Et ass kee Geheimnis, datt ech kee Frënd vu Quotë sinn. An ech ginn do och der Madame Buergermeeschtesch recht. Also mir wäerten hei och net hausintern wëlle Quoten aféieren."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Sinn Der da fir d'Quotenaféierung?"

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Jo, dat wësse mer, datt mer do...

(Gelächter)

Mä ech mengen, Dir däerft dat jo och hei soen. Dir hätt lech kéinte mellen, Här Weidig.
Mä ech mengen awer, datt dat, wat mer awer éineschter gesot hunn, datt de Conseil de recrutement Prozedure wäert profinéieren an och do déi eenzel Komponente wäert op den Dësch leeën, dat awer schonn op de Wee geet, fir eng gerecht an objektiv Astellungspolitik wëllen ze maachen.
Notamment, Madame Hildgen, ass den Alter och do ee Kritär. Vläicht kommt Der och eng Kéier an de Genoss, Représentant vun der Oppositioun am Conseil de recrutement ze sinn. Da kënnt Der nämlech dat mat aktiv matgestalten. An den Alter ass och ee Kritär. A gleeft mer, dass do och scho gesot ginn ass, eng eeler Persoun, dat heescht net, datt déi d'office exclu ass.
Mir haten d'leschte Kéier, wéi mer de Conseil de recrutement vun den Agents de nettoyage haten, siwe Kandidature vu Leit iwwer 52 Joer. An dat ware ganz, ganz, ganz schlëmmst sozial Situatiounen. Déi sinn iergendwéi duerch Rationaliséierung am Privatsecteur entlooss ginn. An déi hunn e Liewe laang do geschafft, an da sëtzen déi virum Näischt. Oder de Patron huet faillite gemaach oder ech weess net wat.
Madame Hildgen, gleeft mer et, datt mir och där Leit hei agestallt hunn. A gleeft mer, datt mer och vun hirer Erfahrung an och vun hirer Disziplin profitéieren, well se e Liewe laang geschafft hunn. Déi hunn déi Disziplin, wat Jonker da vläicht nach musse léieren. Et muss ee ganz grouss dovunner profitéieren. Den Alter ass kee Critère d'exclusion, mä den Alter ass en objektive Kritär, fir och hei an Esch anzestellen.
Komme mer zu engem ganz wichtege Sujet, dee vun de Salariés handicapés. Ech kann lech déi lescht aktuell Zuel soen."

(Interruptioun)

Selon lui, l'analyse souligne à nouveau les efforts déjà faits, et il se réjouit déjà du prochain document. Mais l'on peut selon lui déjà affirmer que l'égalité des genres existe déjà avec 53 et 47%, même si un coup de pouce doit encore être donné dans certains domaines ou pour les postes à responsabilité. Il s'agit alors de la tâche du Conseil communal de déterminer comment faire entrer plus de femmes dans la Carrière supérieure.
Le conseiller affirme que cela provient déjà de l'éducation, car côté diplômes, la parité existe déjà. L'évolution positive ne pourra donc pas tarder et si les paroles dites sont mises en pratique, cette évolution sera selon lui possible sans introduction des quotas.

***François Maroldt (CSV)** tient à faire une remarque reposant sur son expérience de plusieurs années en tant que conseiller mais aussi dans le cadre de son activité professionnelle.*
Il déconseille de procéder de manière trop normative, avec une structure trop sévère. Et ajoute que ces dernières années, de nombreux postes à responsabilité ont été occupé par des femmes, et le domaine de ces postes importe peu. Ces femmes elles-mêmes ont prévenu qu'il n'était pas idéal d'agir de manière trop normative.
Il donne l'exemple de la ville d'Esch, qui peut se prévaloir déjà de la deuxième maire consécutive, ceci pour montrer que le chemin des femmes est également efficace.
Monsieur Maroldt explique ses propos en citant le domaine de l'enseignement où l'ancienneté est un critère décisif pour être éligible à un poste. Il trouve cela injuste et illustre ses propos en citant l'exemple de son école où il a dû se battre pour obtenir qu'une femme fasse son entrée dans l'équipe pour la piscine. Il pense qu'une présence féminine est indispensable dans ce domaine.

***La bourgmestre Vera Spautz (LSAP)** tient à préciser que l'établissement d'un règlement de quotas n'était pas en vue.*
En effet, le Conseil de recrutement s'est donné comme règle de favoriser l'homme ou la femme selon le besoin, même s'ils ont les mêmes qualifications.
Elle donne l'exemple des agents de nettoyage qui est un domaine où

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Wann ech gelift!"

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Kommt, et ass manner lachhaft. Well déi Leit hu sech déi Situatioun net erausgesicht. Den Aarbechtsminister huet viru kuerzem eng Circulaire an d'Gemenge komme gelooss, fir ze wëssen, wat ass dee leschte Stand vun den Unzuele vun de Salariés handicapés.
Dir wësst awer och, datt net all Persoun sech wëll de Statut gi loossen. Well mir hu Leit, do hutt Der d'Spezifizitéit an déi verschidden Zorte vun Handicap.
Ech wéilt do nach een dobäi maachen: den Handicap social, deen ëmmer méi grouss an eiser Gesellschaft gëtt an déi Leit och ganz schwéier ënner ze brénge sinn.
Mir hunn eelef Salariés handicapés hei schaffen. Mä ech weess pertinemment vu verschiddene Leit, déi de Statut net wëllen, well se sech gebrandmarkt fillen. An Dir kritt déi och net duerch déi sechs Deeg Congé suplémentaire gelackelt. Déi Leit soen einfach 'Nee, ech wëll dee Statut do net'. Mir hunn der eelef; mir wëssen dat geet net duer.
Mä och do wäerte mer am nächste Conseil de recrutement dohin hiwierken an dat ass och kee Critère d'exclusion, fir op déi 5% ze kommen. A mir wäerten dat och berücksichtegen. Also alles dat gëtt als Kritär am Conseil de recrutement zréckbehalen.
Da soen ech der Madame Freis Merci fir eng Ausso, datt een awer kann zu enger genereller Ausso kommen. D'Madame Buergermeeschtesch huet op de socio-éducative Beräich higewisen – do hu mer oft mi-tâche, 20/30 oder 30/40 –, dann natierlech de Salaire och deementspriechend ass. Mir wëssen, datt déi Leit ganz vill Problemer hunn. Datt d'Banken deene kee Prêt ginn, well se nëmmen hallef oder 30/40 schaffen. An dat ass fir jonk Leit eng katastrophal Situatioun. Wann Der wëllt Äert Liewen opbauen, datt Der dann an enger Situatioun sidd, déi Iech dat net erméiglecht an datt Der do Barrièren an de Wee geluecht kritt.
Wou mer awer – an dat gëllt och fir d'Carrièren, Här Hansen – am Secteur public zwee grouss Voleten hunn, déi eis dat awer, ech wëll soen, am Positiven operleeën. Dat ass fir d'Fonctionnariat de Statut an dat ass fir d'Salariéen de Kollektivvertrag. Do sinn d'Linnen awer definéiert an och d'Salairen, d'Traitements de fonctionnaire. Also ech kann Iech hei soen, et gëtt keen Deséquilibre financier tëschent engem weiblechen an engem männleche Fonctionnaire. D'Redaktesch an de Redakter kréien datselwecht Traitement."
Well dat ass awer eppes, do musse mer awer kloer tëschent dem Secteur privé – wéi Der et gesot hutt, d'Bankesecteuren –, also dem Secteur privé an dem Secteur public ënnerscheeden. Do ginn et keng Deséquilibres financiers. An d'Carrière ass jo och virgezeechent.
Ech mengen, mir stëmmen hei all Mount Promotiounen; mir stëmmen all Mount aner personalpolitesch Froen. Ma dat ass d'Ausleeung vun deenen zwee Texter, wou ech Iech elo grad gesot hunn: op där enger Säit de Statut du fonctionnaire an op där anerer Säit de Kollektivvertrag.
Mä d'Madame Buergermeeschter huet mat Recht op déi verschidde Situatiounen higewisen, déi och dem Degré d'occupation geschëllt sinn, well mer do heiansdo keng Volltâchë brauchen. An do kréien dann, virun allem déi jonk Leit, Barrièren an hir Liewensplanung gesat.
Ah, den Här Maroldt ass elo net heibannen. Hien huet vun der strikter normativer Approche geschwat. Och d'Madame Hildgen ass drop agaang: firwat huelen net méi Männer de Congé parental?

(Gelächter)

Also de Legislateur op där enger Säit an och mir als Patron, mir kënnen eisem Personal nëmmen dat ubidden, wat duerch d'Gesetzestexter an d'Reglementer hinnen kann ugebuede ginn. Mä mir kënnen awer och kee vun eisem Personal zwengen, en Temps partiel unzefroen oder e Congé parental ze huelen. Et bleift awer ëmmer nach eng eege subjektiv Decisioun vun deenen Avantagen, déi et gëtt, do ze profitéieren.
Mir ginn awer elo och net op de Wee, datt mer hei elo wëlle Campagnë maachen: 'Huelt méi Congé parental, huelt méi Temps partiel.' Well ech wëll Iech awer eppes soen, och mat all deene gudde Mesurë fir Vie professionelle / Vie familiale: Mir sinn awer och nach ëmmer hei responsabel, mir 19 hei, datt dee Betrib muss fonctionnéieren. Mir mussen awer och kucken, wann e groussen Deel vu Leit wëllen Temps partiel schaffen, da muss dat awer erëm behuewe ginn, fir dass awer de Fonctionnement an de Service um Bierger eng gläich Qualitéit bleift.
Ech soen Iech Merci an ech freeë mech och schonn op deen nächste Bericht. Da kënne mer kucken, wéi wäit mer eis nach ëmmer verbesseren. Merci."

maintenant 20% des postes sont occupés par des hommes, ce qui était inenvisageable avant. Ces hommes veulent travailler et le font au sein de l'équipe.
Elle tient aussi à faire remarquer que beaucoup d'hommes ne postulent pas pour certains postes car ils ne sont pas bien payés. Et cite le domaine des éducateurs.
Elle a pu faire le constat dans les maisons relais où lorsque des hommes obtiennent un poste, ils disparaissent rapidement ou changent d'emploi. Mais ce n'est pas un critère sur lequel la commune peut momentanément jouer. C'est également le cas pour des domaines où ce sont des temps partiels qui sont proposés, mais qui ne suffisent pas à entretenir une famille.

L'échevin Dan Codello (LSAP) *tient tout d'abord à souligner qu'une politique concrète du personnel doit passer par un tel document. Puis il annonce vouloir répondre aux questions plus concrètes posées par les conseillers et conseillères.*
Tout d'abord il indique ne pas aimer parler de discrimination positive. Il préfère dire que l'on prend les mesures nécessaires pour rétablir l'équilibre lorsqu'un genre est sous-représenté dans un domaine.
Il n'aime pas non plus l'idée de quotas et n'a pas l'intention de les faire appliquer dans les services. Mais il est prévu que le Conseil de recrutement peaufine ses procédures pour établir une procédure de recrutement juste et objective.
Le critère de l'âge joue là aussi un rôle important, car ce n'est pas parce que l'on est une personne plus âgée que l'on est exclue d'office.
Lors du dernier Conseil de recrutement des agents de nettoyage, sept candidats avaient plus de 52 ans, dont beaucoup avaient été licenciés dans le secteur privé en raison de rationalisation ou parce que le patron avait fait faillite. Et certains de ces candidats ont été engagés, faisant profiter de leur expérience et de la discipline que n'ont pas les plus jeunes.
L'âge n'est donc pas un critère d'exclusion, mais au contraire un critère objectif qu'a la commune d'Esch pour engager.
Il aborde ensuite le sujet des salariés handicapés. En effet, le ministère du Travail a, il y a peu, fait parvenir une circulaire sur les derniers chiffres les

5. GECT Alzette Belval : Rapport d'activités 2015 ; information

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerten, fir Är positiv Bemierkungen an Är konstruktiv Virschléi. Mir kommen dann op den nächste Punkt, wou den Här Codello d'Wuert huet zu dem GECT, dem Rapport d'activités vun 2015."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Och ganz kuerz wollt ech froen, de Rapport annuel vum GECT 2015 op den Ordre du jour ze setzen, well mer séngerzäit, virun e puer Joer schonn, gesot hunn, datt mer op d'mannst eemol am Joer mat eiser Politique transfrontalière awer hei an de Gemengerot kommen.
Ech weess, dat ass eppes, wat net jiddwereen elo vum Hocker rappt. Mä vun eiser geographescher Situatioun hier hu mer virun e puer Joer awer agesinn, datt mer iwwert d'Grenzen eraus mat deene Gemenge mussen zesumme schaffen. An ech mengen, fir eng Ausso ausserhalb vum Rapport annuel elo mol ze maachen, Dir hutt jo och gelies, datt mer fir eis Kandidatur fir d'Europäesch Kulturhaaptstad 2022, do de Perimeter och op de GECT ausgewisen hunn an datt mer déi aacht franséisch Gemenge wëlle mat an d'Boot huelen, déi och ganz flott Ideeën a Projeten hunn. Dofir, déi ganz grenziwwerschreidend Politik kritt eng Tournure, datt se elo eise Matbiergerinnen a Matbierger méi konkret gëtt.
D'grenziwwerschreidend Politik huet sech während Jorzéngten nëmmen dorobber reduzéiert, datt dat Sitzungen tëschent Politikerinnen a Politiker waren, mä eigentlech hunn d'Biergerinnen an d'Matbierger näischt dovunner matkritt.
De GECT fonctionnéiert ëmmer besser, sou datt mer eng zweet Persoun hu missen astellen. Mir hunn elo zwou Dammen; dat ass och en Desequiliber dann. Mir hunn zwou Dammen, eng Directrice an eng Chargée de mission, déi déi ganz Projeten, déi mir op de Wee ginn hunn, elo ausschaffen. Turnusgemäss ass d'Presidentschaft, dat hutt Der gesinn, un eis franséisch Kollege gaang. Dir wësst, datt de Buergermeeschter vu Schëffleng, de Roland Schreiner, Grënnungspresident war. Et ass elo de Buergermeeschter vun Oth, deen dat iwwerholl huet.
Mir hunn un enger ganzer Rei Konferenzen deelgeholl. Ee ganz wichtege Schratt, dee mer konnten erreechen, ass, dass mer bei der franséischer a bei der lëtzebuergescher Regierung intervenéiert hunn, datt mer ënnert dem President vum GECT als Observateur beim Sommet intergouvernemental franco-luxembourgeois, deen zweemol am Joer stattfënnt, däerfen mat um Dësch sëtzen. Well wéi mer déi éischt Rapporten vun deene Sitzunge kritt hunn – soit, datt et hei zu Lëtzebuerg war, soit zu Paräis –, hu mer gemierkt, dass déi Dammen an Häre quasi dräi Véierels vun hiren Diskussiounen sech iwwert eisen Territoire befaasst hunn, iwwert Belval a seng Repercussiounen op lëtzebuergescher a franséischer Säit.
An do hu mer awer misse streiden. Mer hunn awer elo dann zougesot kritt, datt de President vum GECT ëmmer mat um Dësch sëtzt an och vläicht do aus méi enger konkreter, noer Approche eis Défie wëll do ubréngen, wat Esch/Alzette-Belval ugeet.
Et gi ganz konkret Projete scho suivéiert. E Floss ass eppes, wat keng Grenze kennt oder nach ni kannt huet: eis Uelzecht. An och do kënne mer net soen, jo mir maachen op lëtzebuergescher Säit eppes, mä ech mengen, da muss d'Qualitéit vun der Uelzecht awer och op franséischer Säit ugepasst ginn. An do ass eppes, wéi heescht dat, Traité de rivière ...

Eng Stëmm: „Contrat de rivière."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „De Contrat de rivière, wou den Här Kox jo d'Chance an d'Éier hat, méi wéi eng Kéier hei am Detail virzestellen, also datt mer do och op franséischer Säit dat ënnerschriwwen hunn. A mir wëllen do och weider schaffen, datt d'Qualitéit vum Waasser op deenen zwou Säiten deeselwechten Niveau huet.
Mir wäerte verschidden Interact-Projeten eraginn, déi mam Sujet Mobilitéit, dat hutt Der och gesinn, ze dinn hunn. Mobilitéit ass a bleift ëmmer en Dauerbrenner, well mer grenziwwerschreidend schwätzen.
D'Mobilité douce awer och. Mir wëlle grenziwwerschreidend Trëppelweeër, Vëlosweeër mat dem GECT-Perimeter ausschaffen. An dat alles kënne mer dann an Interact-Projeten eraginn.
Mir hunn op der Journée européenne de la coopération et du patrimoine deelgeholl. Dir hutt an deene lëtzebuergeschen Dageszeitungen an an der franséischer Dageszeitung gesinn, datt mer do e Reportage haten, welche Patrimoine mer och op deem Territoire hei hunn.

Mir hunn eis en Internetsite ginn. D'Kommunikatioun ass iwwerall wichteg. Mir hunn eng Facebook-Säit natierlech, wou och op eis Manifestatiounen higewise gëtt. Well et soll jo och esou sinn, datt de lëtzebuergesche Bierger aus deene véier *concernant. Mais le conseiller tient à préciser que toutes les personnes n'acceptent pas ce statut et qu'il existe de nombreuses formes de handicaps. Avant d'ajouter encore le handicap social, toujours plus présent dans notre société, avec des personnes qu'il est difficile de placer.*
Ils sont 11 salariés handicapés dans la commune, mais il connaît personnellement des employés qui n'ont pas voulu accepter ce statut pour ne pas porter d'étiquette, même avec l'argument des 6 jours de congé supplémentaires.
Or 11 personnes ne sont pas suffisantes. Le Conseil de recrutement va donc faire en sorte d'atteindre les 5%.
Concernant l'argument de la bourgmestre sur le fait qu'il y a souvent des tâche partielles dans le domaine socio-éducatif, il est vrai que cela peut poser problème pour beaucoup de personnes, notamment lorsque les banques refusent les prêts en raison de cette tâche partielle. Il s'agit d'une barrière pour des jeunes désireux de construire leur vie.
Mais l'orateur assure qu'il existe un équilibre parfait au niveau du salaire des fonctionnaires, qu'ils soient homme ou femme.
Il faut donc pour ce point faire distinction entre le secteur privé et la fonction publique.
Mais il est vrai que les tâches partielles peuvent parfois poser problème pour les jeunes dans leur plan de vie, tandis que parfois une tâche à temps complet n'est pas requise côté commune.
Il ajoute que le législateur et le patron ne peuvent proposer au personnel que ce que les lois et les règlements leur permettent de proposer. Ils ne peuvent forcer les gens à prendre leur congé parental ou à demander un temps partiel. Il s'agit d'une décision subjective si un employé veut oui ou non profiter de ces avantages.
L'échevin conclut en précisant que le but n'est pas de faire campagne pour le congé parental et le temps partiel, car même avec toutes ces bonnes mesures pour une meilleure conciliation de la vie professionnelle et de la vie privée, il tient à rappeler qu'il ne faut pas oublier ses responsabilités envers l'entreprise qu'est la commune. Le service au citoyen doit en effet garder sa bonne qualité, et il faut s'assurer que si beaucoup de demandes sont faites pour le congé

Gemengen och emol eng Kéier eriwwer soll goen an och de franséische Matbierger net nëmmen déi aacht Stonne soll eriwwer op Lëtzebuerg schaffe kommen, mä e soll och seng Fräizäit um Territoire vum GECT kënnen hei positiv erliewen.
Mir hate ganz flott Projeten. Dat war een Échange scolaire tëschent de Schoulklasse vu Suessem an Audun-le-Tiche. Dat gëtt weider gemaach. Do ass esou eng Zort klenge Rallye gemaach ginn duerch d'Gemeng, datt déi Schoulklassen déi Gemenge kenneléieren.
Mir haten de Musée mobile d'art contemporain, deen an deenen zwielef Gemengen hin an hier gefuer ass. A mir haten um Sportsniveau e Forum gemaach, wou mer d'Sportsassociatioune vun deenen zwou Säiten an engem Owend zesummenhaten a wou och elo scho konkret Échangë sinn, wou jonk Sportlerinnen a Sportler vun där enger Säit op Trainingen an op Kompetitiounen op déi aner Säit ginn.
Ech hu vun der Mobilité douce a vun der Mobilitéit insgesamt geschwat. Dat wäert weiderhin e Problem bleiwen. Mir wäerten awer och e Projet circuit court an d'Liewe ruffen, an dat ass, wou mer eng Kaart wëllen erstellen, wou um Territoire vum GECT Point de Ventë vu frësche Produkter sinn. Wou kritt ee wat hei, wou sinn hei kleng Épicerien? Do wäerte mer och vläicht mat Transition Minette mussen eng éischt Sitzung maachen. Wou kënne mer eng Kaart, eng interaktiv Kaart maachen, wou eis Matbierger wëssen, ah do kritt ee frësch Produkter aus eiser Regioun ze kafen.
An dann, an d'Zukunft gekuckt, wäert fir 2022 de GECT do den Territoire sinn. D'Kultur an d'Santé wäerte gréisser Projete sinn. Dir wësst, d'Südspidol, wann dat bis Realitéit ass, dann huet dat och eng Vocation transfrontalière. Duerch d'Liaison Micheville si si do ugebonnen. An d'Santé wäert do an der nächsten Zäit eng vun de Prioritéite sinn.
Ech wollt also kuerz op dee Rapport annuel agoen, fir dass Der wësst, datt awer eis grenziwwerschreidend Politik ëmmer méi konkret gëtt. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Codello. D'Madame Freis, den Här Zwally. Madame Freis, Dir hutt d'Wuert."

Astrid Freis (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Wann den Här Codello grad gesot huet, dass deen dote Projet, déi dote Saach, de GECT, elo net onbedéngt ganz vill Leit vum Stull geheit, fannen ech e bëssen ongerecht, well et ass eng ganz flott Saach an eng ganz wichteg Saach fir d'Zukunft.
Den Här Codello huet jo elo déi ganz Saachen opgezielt, wou de GECT dru bedeelegt ass. Et si jo dann déi aacht franséisch Gemengen an déi véier lëtzebuergesch. Ech konnt zweemol dobäi sinn, well ech Suppléante si vum Här Codello am GECT. An do ass jo elo d'nächst Woch nach eng Kéier eng Réunioun. Ech mengen, et waren der sechs oder aacht dëst Joer. Do war ech zwar nëmmen zweemol dobäi.
Mä éischtens war eng ganz, ganz gutt Ambiance do. Dat éischt Joer, wou ech dobäi war, war den Här Schreiner vu Schëffleng jo President an elo den Här Piovano. An ech hu gemierkt, dass et net esou e klenge Veräin ass, aus deem ganz einfache Grond schonn, well zënter Jore war kee franséische President méi hei zu Lëtzebuerg. An de François Hollande war jo awer d'lescht Joer, ech mengen et war am Mäerz, invitéiert ginn op de Belval. An dat war schonn en Evenement.
Do kann ee Fan oder Netfan si vum François Hollande. Mä ech mengen, et ass awer eng wichteg Saach gewiescht, dass e franséische President op Lëtzebuerg komm ass. Deen huet de Belval jo da visitéiert. An do wollt ech och nach eng Kéier drop zréckkommen. Do war ech invitéiert, well eben den Dan déi Zäit net do war, an dat war schonn interessant, fir dat ze kucken, wéi esou wichteg Persoune sech un eisem klenge Land an um Belval interesséiert hunn.
An do wollt ech nach eng Kéier drop zréckkommen, dass ech et net an der Rei fonnt hunn, dass mir hei als Gemengerot iwwerhaapt net invitéiert waren. Also ech mengen, aus dem Gemengerot war natierlech eis Buergermeeschtesch do, wat jo och normal war. An herno war de Kolleg, wéi heescht mäin Noper, deen net do ass,

Eng Stëmm: „Den Här Pim."

(Gelächter)

Astrid Freis (LSAP): „Den Här Pim. Ech weess schonn net méi, wéi en heescht, sou wéineg ass en hei."

(Gelächter)

Astrid Freis (LSAP): „Jo, ech sinn elo ganz nidderträchteg, mä..."

(Interruptioun)

Astrid Freis (LSAP): „Jo, hien hat am Fong drop opmierksam gemaach, dass de Gemengerot net invitéiert war, wat

maternité et le temps partiel, les lacunes soient compensées.

L'échevin Dan Codello (LSAP) *demande à ajouter le rapport annuel du GECT à l'ordre du jour, afin de pouvoir revenir sur la Politique transfrontalière.*
Cela est important en raison de la situation géographique d'Esch qui implique un travail en commun avec les autres communes. Il faut noter dans ce contexte que dans le cadre de la candidature pour devenir capitale européenne de la culture 2022, le périmètre de la capitale inclue 8 communes françaises ayant de très bonnes idées et de très bons projets.
Pendant des décennies, la politique outre-frontière s'est limitée à des rencontres entre politiciens et politiciennes, sans que les citoyens ne soient impliqués.
Il indique que le GECT fonctionne de mieux en mieux et qu'une nouvelle personne a dû être employée. Il y a donc maintenant une directrice et une chargée de mission qui développent tous les projets proposés. Le président du GECT étant le maire d'Oth, donc une présidence française.
Un pas important pour le GECT est d'avoir pu obtenir que le président du GECT puisse maintenant participer en tant qu'observateur au Sommet intergouvernemental franco-luxembourgeois, qui a lieu 2 fois par an. Ayant pu avoir accès aux rapports des sommets précédents, le GECT a pu constater que le territoire de Belval fait partie des trois quarts des échanges lors des entrevues. C'est ainsi qu'y est discuté l'influence et les répercussions de Belval sur les côtés luxembourgeois et français.
L'orateur aborde ensuite le sujet du contrat de rivière. En effet, en ce qui concerne l'Alzette, il faut que la qualité de l'eau de la rivière soit aussi bonne du côté français que du côté luxembourgeois. Il faut donc continuer à faire des efforts dans ce domaine.
Outre les projets d'interaction concernant la mobilité, qui est un sujet constamment d'actualité, ceux de la mobilité douce le sont tout autant. Des chemins pédestres et cyclables seront développés au-delà des frontières avec le périmètre GECT.
L'échevin souligne aussi la participation à la journée européenne de la Coopération et du Patrimoine. Des

ech wierklech net korrekt fonnt hunn. An doropshin ass dann an der leschter Minutt sou eng Invitatioun nach era geflunn. An dat wollt ech just nach eng Kéier hei vermierken.
Ech mengen, wa Persoune concernéiert si vum Belval, da misste mir awer op jidde Fall mol un der éischter Stell do sinn als Gemengerot.
An dann déi Saachen, wou den Här Codello elo opgezielt huet: do gesäit ee wierklech, dass ganz vill Saache scho geschitt sinn an dass déi franséisch Gemengen och ganz motivéiert sinn. Et huet een heiansdo zwar dat Gefill, dass se ëmmer mengen, 'oh, les luxembourgeois avec leur argent' an hei an do, ..., mä am Groussen a Ganzen ass eng gutt Ambiance do.
An ech mengen, déi Camionette, déi hei um Brill war, hat scho Succès. Do si jo awer ganz vill Leit a Kanner dee Musée visitéiere gaang. Fir déi aner Saache kommen ech net nach eng Kéier op alles zréck, wat den Här Codello opgezielt huet, mä ech mengen, et ass scho wichteg, dass mer hei driwwer schwätzen. Fir mech ass dat schonn eng ganz interessant Saach.
Also dofir Merci, Här Codello."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Madame Freis. Fir vläicht direkt nach eng Kéier ze äntwerten op déi 'Invitatioun Hollande'. Iwwregens och beim Här Gauck virdrun war d'Gemeng net invitéiert, an de Schäfferot net."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Dat ass Affaires étrangères."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dat ass Affaires étrangères respektiv Regierung. A si hunn d'Invitatiounen erausgeschéckt. Et war iwwregens och esou bei der Ouverture vun der Uni. An do hu mer wierklech intervenéiert, well mer gesot hunn, 19 Leit schaffen op deenen Dossieren a mir hätte gär, datt 19 Leit invitéiert ginn. Och wann dat vläicht bei hinnen net esou usus ass, bei eis ass et. Mä ech mengen da fir d'Zukunft, datt et vläicht besser gëtt. Den Här Zwally huet d'Wuert. An, Här Weidig, Dir hat lech och nach gemellt."

Paul Weidig (LSAP): „Jo."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Zwally fir d'éischt."

François Maroldt (CSV): „Jiddwereen huet Regierung, déi e verdéngt."

(Gelächter)

André Zwally (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech sinn alt frou, dass ech méi oft hei sinn, dass ee mäin Numm net vergësst.

(Gelächter)

Ech hale mech awer just kuerz zu deem, wat den Här Codello gesot huet. Ech mengen, et wor eigentlech och eng Fuerderung vun der CSV, fir ze soen, dass mer regelméisseg sollen domatter heihinner kommen. Mir hunn lech jo deemools ënnerstëtzt gehat, respektiv och ëmmer de Représentant vun eis innerhalb vun deene Gremien. Mir ëmfanne se och als wichteg, well se eis och eppes bréngen.
Ech ginn awer kuerz drop an, wéi mir déi Saach gesinn, haaptsächlech op deenen Achsen, wou mer mengen, dass et och wichteg ass, dass mer do vertruede sinn. Déi gi jo och vun der Verkéiersproblematik zesumme mat Mobilitéit.
Ech mengen, de boulevard Micheville ass jo deen, deen eis am nooste steet. A mir sinn och der Meenung, dass mer dee solle ganz no suivéieren. Mir sinn och frou, dass elo mol een Deel vun deem Boulevard opgeet, well mir si jo awer schonn aacht, néng Joer amgaangen, dorunner ze dokteren.
Mat der Entwécklung vum Belval wësse mer och elo, dass iergendwou eng Kéier am September dee Wee opgeet an dann hu mer jo all Interêt drun, well mer och entlaascht ginn um Niveau vun der Mobilitéit. A mir hoffen, dass mir och vu lëtzebuergescher Säit aus deen drëtten Deel, deen eis och interesséiert als Escher Gemeng, sou séier wéi méiglech kënne realiséieren.
Deen aneren Deel ass natierlech och dee vun der Waasserqualitéit, wou Der ugeschwat hutt – also d'Uelzecht. Dat ass och eppes, wat eis ganz ferm interesséiert. An et ass jo och gesot ginn, dass déi aner Säit amgaange wier, sech Gedanken driwwer ze maachen. Well wa bis eng Kéier d'Waasser heiiwwer ass an d'Qualitéit ass net gutt, da mengen ech ass et um Noper, fir dofir ze suergen, dass erëm alles an de Lot doranner kënnt. Déi Kulturpolitik, déi Der elo ugeschwat hutt, ass eng vun deene wichtegsten. Mir si jo elo an der Diskussioun fir 2022 Kulturhaaptstad ze ginn. A mir begréissen natierlech och do, dass de Wëllen do ass, fir d'Groussregioun mat anzebannen. An dat ass eng gutt Saach. Mir kënnen dat nëmmen ënnerstëtzen, wann et dorëms geet, fir e Programm opzesetzen, deen eppes bréngt.
Dee finanziellen Deel fir den Interreg: do si mer scho 15 Joer gutt amgaangen. Mir hu jo och do scho Fördergelder an deem

articles sont apparus dans des quotidiens français et luxembourgeois pour montrer le patrimoine présent sur le territoire.
Une page internet, une page Facebook ont été créées afin de rendre visibles les manifestations, ainsi que pour encourager les citoyens luxembourgeois à passer la frontière ou les frontaliers à ne pas se limiter à rester au Luxembourg uniquement pour leurs 8 heures de travail.
Il cite ensuite des exemples de projets très attrayants qui ont été menés à bien : l'échange scolaire entre des classes de Sanem et d'Audun-le-Tiche avec des rallyes pour découvrir les communes, le musée mobile d'Art contemporain constamment en mouvement entre 12 communes, le Forum sportif avec une rencontre au cours d'une soirée et qui a donné naissance à des échanges sportifs entre les deux côtés de la frontière pour la participation aux entrainements au-delà de la frontière par exemple.
Monsieur Codello parle aussi du désir de réaliser une carte qui indiquerait les points de vente de produits frais dans le territoire du GECT. Il envisage alors une collaboration avec la Transition Minette. Il faut notamment déterminer où mettre une telle carte interactive à disposition.
Et, en ce qui concerne les projets futurs, le GECT serait le territoire pour 2022. La culture et la santé seront des projets plus importants. Le « Südspidol » aura entre autres une vocation transfrontalière. Le sujet 'santé' deviendra donc aussi une priorité dans la liaison Micheville.
L'échevin désire citer tous ces exemples pour montrer que la politique transfrontalière connaît des avancées concrètes.

***Astrid Freis (LSAP)** parle des réunions du GECT, auxquelles elle a participé deux fois sur 6 ou 7 en une année et dont l'ambiance est toujours très bonne. Cela lui a permis de constater qu'il ne s'agit pas d'une petite association.*
Il faut savoir que depuis des années aucun président de la République française n'avait rendu visite au Luxembourg. Selon l'oratrice, que l'on soit fan ou non de François Hollande, la venue d'un président français au Luxembourg reste un événement important. Elle-même a été invitée à la visite à Belval, et elle a

ganzen Element do kritt. Mir sollen dat virumaachen. Et ass jo elo en neie Programm opgesat gi vun der EU. A mir sollen och dorobber pochen, dass mir nach wie vor do an de Genoss komme vun deene Subsiden, déi domadder verbonne sinn. An ech mengen, ee grousse Geste ass jo och gemaach ginn, andeem mir op der Gare hei d'Direktioun kritt hu vun der EU. An dat ass och esou vun deem regionalen Deel. An dat ass och gutt esou.
Dir hat d'Propos gemaach, dass mer als Gemengerot eng Kéier gemeinsam dohinner ginn, fir eis virzestellen. Mir sollen dat eng Kéier maachen, Här Codello. Mir sinn op jidde Fall och Demandeur, fir eng Kéier dohinner ze goen an dann eis och ze presentéieren.
En aneren Punkt – an ech mengen, dat ass dee wichtegsten, dat ass och schonn hei gesot ginn – ass nämlech de prakteschen Deel. Et ass ëmmer gutt, wa mer Förderprogrammer hunn, a wa mir selwer eis och interesséieren dofir. De prakteschen Deel ass och deen, deen d'Leit spieren, wa se zesummekomme mat der franséischer Säit, mat deem associativen Deel, ob Sport, Kultur a wéi och ëmmer, wann een do an d'Gespréich kënnt mat hinnen. Dat ass wierklech dee wichtegsten Deel.
Dir hutt de Sport ugeschwat. Mir si frou, dass elo erëm eng Kéier, ech mengen dat interesséiert och déi zwee Ex-Folaspresidenten, den Esch-Villerupt animéiert gëtt. Mir hunn dat ëmmer eng ganz flott Aktivitéit fonnt a mir sinn och frou, dass dat doten erëm eng Kéier gemaach gëtt.
Dat anert, an dorobber kommen ech zum Schluss, war déi grenziwwerschreidend Gemengeréit, déi mer gemaach hunn. Dir kënnt lech jo awer nach erënneren, dass mer vun 2002 bis 2006/7 ëmmer erëm – och am Kader, fir et op d'Been ze bréngen – Gemengeréit gemeinsam gemaach hu mat der franséischer Säit. Ass et net och fir eis interessant, wann d'Gesetzgebung jo awer changéiert huet, an de Stat vill Deeler vun deem iwwerholl huet, déi mir soss ëmmer gemaach hunn?
Mä et soll een och dorunner denken – well do kommen ech dann e bëssen an déi Linn, déi och d'Madame Freis hei gesot huet –, wann een erëm eng Kéier grenziwwerschreidend Gemengeréit mécht. Eemol am Joer géif eigentlech duergoen, fir sech kennen ze léieren a fir dann och sur place op déi Problemer anzegoen.
Ech mengen, dat ass ëmmer deen Deel, deen eis och interesséiert an deen och wäert e Benefiss si fir eis alleguerten.
An deem Sënn nach eng Kéier Felicitatioun fir dat, wat Der hei virgedroen hutt. Mir ënnersträichen nach eng Kéier, dass mer och wëllen do matschaffen an an deem Sënn och Merci fir de Rapport."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Zwally. An den Här Weidig nach."

Paul Weidig (LSAP): „Och ganz kuerz. Ech muss soen, dass ech wierklech frou sinn, dass ech gesinn, dass mer endlech elo zu Stull komme mat deenen transfrontalièren Aktivitéiten. Well Dir wësst jo alleguerten, mir hu ganz fréi ugefaangen, an de 70er, 80er an 90er Joren – ech wëll elo den Här Bisdorff net op der Säit loossen – mat der Association transfrontalière.
Ech ka mech erënneren, fir déi éischt Entrevuen, déi mer mat den Noperen haten, do si mir invitéiert ginn, do si mer eriwwer gaangen, dat war deemools op Réideng. An do huet de Buergermeeschter senger Sekretärin Sue ginn an do ass se e Rosé kafe gaang, an do hu mer dann e Patt zum beschte kritt. Dat, fir e bëssen d'Situatioun ze schilderen, wéi se ganz am Ufank war.
Mä mir sinn e ganz wäite Wee gaangen. Dozwësche war ech och eng Kéier mam Minister op Karlsruhe, iwwert d'Konventioun vu Karlsruhe. Do ass deemools scho versicht ginn, fir grenziwwerschreidend ze schaffen.
Mä eréischt duerch de GECT huet dat Ganzt wierklech Kapp a Fouss kritt. An et ass eréischt méiglech, wierklech eppes ze maachen, wann eng Associatioun geschafe gëtt, déi eegen Administratiounen huet, eege Leit huet, déi dat Ganzt weiderdreiwen.
Ech si frou, dass mer elo esouwäit komm sinn. An ech mengen, et ass keen, dee méi dovunner profitéiert, wéi mir, mä awer och selbstverständlech eis franséisch Noperen.
Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerten. Här Codello, nach eng kuerz Äntwert."

Schäffen Dan Codello (LSAP): Ech wëll ganz kuerz äntweren. Merci fir déi Interventiounen. Ech gesinn, ech hunn dat e bësse provokativ gesot, datt dat kee vum Stull rappt, oder? Mä mir musse wierklech eis méi Gedanke maachen an deene Grenzregiounen, datt do déi Aktivitéiten an d'Politik ofgestëmmt ginn, och zum Wuel vun de Matbiergerinnen a Matbierger.
Mir hunn, och wou Schengen déck a Fro gestallt gëtt, awer ëmmer nach Grenzen

trouvé intéressant de voir l'intérêt montré par une personne si importante à un petit pays et plus particulièrement au Belval.
Mais la conseillère désapprouve complètement que le Conseil communal d'Esch n'ait pas été invité dès le départ. Il a uniquement été invité en toute dernière minute, après qu'une remarque a été faite en haut lieu.
Il faut voir également la motivation des communes françaises quant au projet, même si elle désapprouve quelques fois leur attitude de „oh, les luxembourgeois avec leur argent". Mais à part cela, l'ambiance est selon elle très bonne.
Concernant le musée mobile, elle met en avant le succès qu'a connu cette camionnette, car beaucoup de personnes, même des enfants, sont venus visiter ce musée. Même si l'oratrice ne désire pas revenir sur tous les points énoncés par Mr Codello, elle tient néanmoins à souligner l'importance de tous ces projets.

La bourgmestre Vera Spautz (LSAP) *tient à réagir sur le point de l'« Invitation Hollande » en précisant que le problème est venu des Affaires étrangères, respectivement du gouvernement. C'est la raison pour laquelle la commune est intervenue, car si 19 personnes travaillent sur ces dossiers, il était normal pour elle en tant que bourgmestre que ces 19 personnes soient invitées. Mais elle pense que les choses devraient s'améliorer à l'avenir.*

André Zwally (CSV) *tient à revenir sur quelques points énoncés par Mr Codello, et notamment sur les axes selon lesquels la représentation est très importante.*
Il en vient ainsi à parler de la problématique de la circulation et de la mobilité. Il est heureux qu'une partie du boulevard Micheville soit ouverte sous peu, car cela fait déjà 9 ans que la commune y travaille. Or l'utilité de ce boulevard est grande et son développement doit donc être tenu à l'œil.
Avec le développement de Belval peut être prévu à un moment ou à un autre en septembre l'ouverture du 'chemin', dont il est question depuis quelque temps. La commune y a tout son intérêt. Et l'orateur espère qu'elle pourra réaliser le troisième part qui intéresse la commune

am Kapp, obwuel et déi Grenzen net méi ginn.
Ech rappeléieren och, datt deen Territoire, ëm deen et hei geet, iwwer Jorzéngte schonn ënnerierdeg matenee verbonnen war. Nämlech iwwer deen Industrieterrain. An do ass net vun Traité de Schengen ënnerierdeg geschwat ginn. Mä mir mussen dat alles awer am Hannerkapp behalen, well mir liewen awer hei och an deem GECT Europa am Alldag, och eis Matbiergerinnen a Matbierger. Mir musse kucken, datt mer duerch konkret Projeten dat awer verbessert kréien.
Ech wëll just déi Iddi opgräife vun engem grenziwwerschreidende Gemengerot. Dat waren ëmmer flott Initiativen. Ech huelen dat mat an den nächste GECT, datt mer eis eemol am Joer awer kéinten treffen, datt déi eenzel Éluë vun deenen 12 Gemenge sech och kenneléieren. Dat muss jo net e Conseil communal sinn. Dat kann am Kader vun enger Konferenz sinn. Datt och een invitéiert gëtt, deen zum Sujet vun der Politique transfrontalière eis Experienzen an anere Gebitter referéiere kënnt an datt mer dorausser kënne Konklusiounen zéien. Ech soen Iech Merci."

6. Sudstroum: augmentation du capital social ; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Ech mengen, datt mer souwisou méi Kontakt mat hinne wäerten hunn an der Preparatioun fir 2022, wou ganz gutt Iddien entwéckelt ginn. Merci alleguerten.
Mir kommen zum nächste Punkt. Den Här Kox huet d'Wuert zu Sudstroum."

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Sudstroum freet den Actionnaire unique, d'Stad Esch, fir eng Kapitalerhéijung. Proposéiert gëtt bei engem därzäitege Kapital vu 400.000 Euro, eng Zomm vun 3,6 Milliounen, déi finanzéiert gëtt duerch déi Gewënner, déi Sudstroum déi lescht Jore realiséiert huet. Duerch déi Kapitalerhéijung erliichtert dat Sudstroum, de Pool vun de Fournisseuren ze erweideren a Kooperatioune mat anere Partenairen anzegoen. Gläichzäiteg gëtt d'Vertraue vun de Fournisseuren erhéicht.
Da verfügt Sudstroum weider iwwer nei Argumenter, fir e gutt Funktionnement an der Zukunft ze garantéieren.
Zum anere ka Sudstroum en Deel vun hirer Schold ofbezuelen. Déi Schold war noutwendeg, fir de Fonds de roulement ze garantéieren.
Fir 2015 sinn iwwer 28.000 Euro un Zënsen un d'Spuerkeess bezuelt ginn, fir Emprunten, déi hire Fonds de roulement geséchert hunn. Duerch déi Kapitalerhéijung kann en Emprunt vu bal 3,6 Milliounen zréckbezuelt an de Scholdebestand drastesch reduzéiert ginn. Et bleiwen dann nach en Emprunt vun 2,9 Milliounen, wourop ech nach herno eng Kéier zréckkommen.
De Fonds de roulement ass esou héich, well se hir Rechnungen direkt bezuelen. D'Clienten hänken awer duerch d'Facturatioun an d'Zahlunsmoral hannendrun. D'Clientë bezuelen alt net ëmmer direkt.
Sudstroum finanzéiert jo och den Invest vum Netz vir, mä si kréien awer déi Baisse mat engem Retard eréischt zréck. Dat leeft säit engem Joer besser, soudass den zweeten Emprunt eventuell zu engem gudden Deel och getilgt ka ginn. De Gewënn hätt sollen an d'Wandenergie investéiert ginn. No der Etüd, déi keng entspriechend Sitten hei um Territoire vun der Stad ausfëndeg maache konnt, gëtt elo op Fotovoltaik iwwer Kooperative gesat.
Mat LIST, anciennement Henri Tudor, si rezent vu Gemeng a Sudstroum Kontakt opgeholl ginn, fir ze kucken, op aner Pisten ze verfolge sinn. Sou entspriechend Etüde si schonns ugelaf.
E Solde vun de restlechen 2,7 Millioune soll dozou verwannt ginn, fir an Investitioune fir Energieeffizienz, erneierbar Energie a fir d'Steieren ze bezuelen, déi 25% vum Gewënn ausmaachen.
De Conseil de surveillance huet déi Kapitalerhéijung positiv aviséiert. Sudstroum ass gutt opgestallt a konkurrenzfäeg. Et geet drëms, se ze stabiliséieren a se fir d'Zukunft fit ze maachen. Dozou gehéiert eng gutt Kapitaliséierung. Ech bieden Iech, där Kapitalerhéijung zouzestëmmen."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Kox. Den Här Bernard, den Här Zwally, den Här Weidig. Här Bernard, Dir hutt d'Wuert."

Zénon Bernard (KPL): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech schécke viraus, dass meng Partei d'accord ass mat där Kapitalerhéijung. D'Argumentatioun, déi ech gelies hunn, ass och richteg. Et geet an déi richteg Richtung. Dir hutt et nach eng Kéier ënnerstrach, Här Kox.
Ech sinn der Meenung, dass um internationale Maart, wat d'Energie ubelaangt, d'Konkurrenz ëmmer méi riseg gëtt an dass et duerfir gutt ass, dass een och ka

d'Esch du côté luxembourgeois également.
L'orateur parle ensuite de la qualité de l'eau de l'Alzette et relève que l'on commence, de l'autre côté de la frontière, à s'en préoccuper. Car selon lui, si l'eau arrive déjà de mauvaise qualité au Luxembourg, c'est au voisin de faire en sorte de corriger le tir.
Il ne peut qu'approuver le projet d'inclure la Grande Région dans le cadre de la Capitale européenne de la culture 2022.
Concernant la partie financière pour l'Interreg, cela fait 15 ans que la commune est active dans ce projet et qu'elle peut compter sur des subventions. Un nouveau programme ayant été mis sur pied par l'UE, la commune pourra encore compter sur des subsides en lien. Un grand geste a déjà été fait en installant la direction dans un bâtiment de la gare.
Il approuve également la proposition d'aller se présenter en tant que Conseil communal.
Un autre point qu'il souligne est la partie pratique, qu'il trouve extrêmement importante. Car cest la mise en pratique que voient et ressentent les gens, lorsqu'ils se réunissent avec la partie française, avec la partie associative, que ce soit pour la sport ou la culture, lorsque des discussions et des échanges ont lieu.
Il rappelle que des Conseil communaux transfrontaliers ont déjà été faits de 2002 à 2006/7 avec le côté français. Mais les règlements ayant changé, l'Etat a pris en charge des tâches que la commune effectuait avant.
Mais il est important d'y repenser dans le cas où un tel Conseil communal transfrontalier était remis sur pied. Et il est d'avis qu'une rencontre serait suffisante pour faire connaissance et discuter des problèmes.

***Paul Weidig (LSAP)** approuve le fait que ces activités transfrontalières deviennent plus concrètes. L'Association transfrontalière trouve sa source dans les années 70 à 90. Il se rappelle encore que la rencontre avait lieu à Redange et que le bourgmestre donnait de l'argent à sa secrétaire pour qu'elle aille acheter du rosé. Il veut ainsi illustrer comment étaient les choses à cette époque.*
Depuis un grand chemin a été parcouru. Mais c'est, selon lui, depuis le GECT que le tout a pu vraiment acquérir sa stabilité et devenir

mat engem zolitte Background an déi Verhandlungen eragoen. An duerfir sinn ech der Meenung, dass déi Kapitalerhéijung eng positiv Saach ass.
Ech wollt un eppes erënneren, wat ech schonn e puermol hei gesot hunn, och während de Budgetsdebatten – zwee- oder dräimol schonn –, nämlech dass ech der Meenung sinn, dass et och ganz gutt wär, wann eis zwou Energiestrukturen, dat heescht Sudstroum a Sudgaz, kéinten am internationale Konkurrenzkampf fir d'Energiepräisser gemeinsam optrieden, fir nach méi Background ze hunn. An ech sinn der Meenung, dass et sécher positiv wär, wann dat kéint geschéien. Well mir wëssen alleguer, wéi haart a mat wéi enge Bandagen op deem Niveau do geackert gëtt; dat ass vläicht dee richtegen Ausdrock. An duerfir sinn ech der Meenung, dass et wichteg wär, all Atouten an all Argumenter op eis Säit ze kréien, fir kënnen déi Konkurrenz besser ze bestoen an doduerch eise Bierger besser Präisser ze erlaben.
Ech soen Iech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Villmools Merci. Här Zwally, w.e.gl."

André Zwally (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Den Dossier Sudstroum suivéiere mer elo zënter 2002/2003. Et ass jo esou gewiescht, dass mer deemools an enger Ufanksphas waren. Mir hunn déi EU-Richtlinn missten ëmsetzen. An domadder verbonne war jo och ëmmer d'Angscht, wéi geet et viru mam Personal, wéi entwéckelt dat Ganzt sech um europäesche Maart? An deemools ass och eng bestëmmte Strategie festgeluecht ginn an déi ass bis elo agehale ginn, sou wéi mer eis dat och virgestallt haten.
De Conseil de gérance ass gegrënnt ginn, wou och jeeweils ee vun der Oppositioun mat dra war a mir konnten dat och ëmmer suivéieren. Elo wësse mer awer och, dass dat en Dossier ass, deen ëmmer an Evolutioun ass. An Evolutioun an deem Sënn, datt mer eis mussen och um Marché selwer behaapten. An dat ass näischt Einfaches. Wann een elo kuckt, wat de 7. Mäerz geschitt ass um Niveau vun Enovos, wou jo awer grouss Partner hir Parts de marché ofginn hunn. Ech schwätzen do vun E.ON an RWE, déi jo awer hir Deeler ofginn hunn. A wann een och kuckt, wat fir eng Zommen dass do matspillen, da musse mer eis natierlech och d'Fro stellen, wéi mir an Zukunft wëlle virufueren a wéi och de Stat sech an där doter Situatioun verhält, wann et dorëms geet, fir national an och lokal deene Leit ze hëllefen, déi dorunner interesséiert sinn.
Eis als Gemengerot soll d'Strategie virun allem interesséieren. Mir hunn deemools vun dem 100%egen Naturstroum geschwat. Haut ass dat keen Thema méi, och net méi bei deene Privaten. Dat gëtt et alles. Et huet een zu allem en Angebot, wou ee sech selwer kann dann e Bild maachen a selwer kann decidéieren, wouhinner dass ee steiert a wat een och an deem Ganze gäre wëll maachen.
Mir sinn der Meenung, dass déi Kapitalerhéijung, sou wéi se virgesinn ass, esou an der Rei ass. Mir sinn och der Meenung, dass den Investissement, dee muss gemaach ginn, an deem dote Sënn soll gemaach ginn, an dass mer regelméisseg heihinner kommen an doriwwer diskutéieren.
An zum Schluss wollt ech just soen, dass déi Affär vun der Zahlungsmoral och ganz oft zesummenhänkt mam Präis. A mir hu jo schonn an der Budgetsdiskussioun gesot, datt den ILR deemools d'Remarque gemaach huet, dass d'Produzenten, obscho se während Joren zu engem verbëllegten Tarif akaf hunn, hir Präisser net weider ginn un d'Consommateuren. Mir hunn och do gesot, et wär gutt, wa mir eis eng Strategie do géifen iwwerleeën an duerfir suergen, datt de Präis méi bëlleg géif ginn. Dat ass geschitt. Sudstroum respektiv Enovos huet op den 1.1.2016 reagéiert. Mir begréissen dat.
Mir sinn och der Meenung, dass, zemools hei zu Esch, de Problem jo net einfach ass an d'Zahlungsmoral noléisst, dat aus der Ursaach eraus, well d'Leit net méi dat Akommes hunn. Mir kënnen och domadder dann hëllefen, fir d'Leit ze ënnerstëtzen an hirer Zahlungsmoral, andeems se da manner mussen ausginn. Also ee Präis, dee fir si dann och méi fair kléngt a fir eis och méi eng einfach Ausriichtung kritt, fir an der Zukunft iwwert dat doten ze diskutéieren.
Dat gesot, ass d'CSV mat der Erhéijung d'accord a mir sollen an der Kooperatioun, déi de Schäffen ugeschwat huet, net stoebleiwen, mä virugoen. Ech schwätzen elo mol net vun enger Fusioun. Mä ech weess net, wéi dat sech kann entwéckelen. Dat wäert vläicht an den nächsten zéng Joer en Thema ginn. Mä am Moment schéngt et mer nach net aktuell ze sinn. Mä eng Kooperatioun mat Leit, déi eis eppes bréngen, mat Privatinvesteuren, déi eppes bréngen, ass gutt esou.
An deem Sënn si mir domadder d'accord. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Här Weidig, w.e.gl."

concret. Et l'on ne peut que mettre des choses sur pied s'il existe une association qui a sa propre administration et son propre personnel.
Monsieur Weidig se réjouit que la situation en est là où elle est aujourd'hui.

L'échevin Dan Codello (LSAP) *réaffirme l'importance des activités au niveau des régions frontalières pour le bien des citoyens et citoyennes.*
Même si les frontières n'existent plus, elles sont encore dans l'esprit des gens, surtout à un moment où Schengen est remis en question.
Il rappelle aussi que les territoires sont déjà liés depuis des décennies en raison des liaisons souterraines des terrains de l'industrie. Il faut donc constamment avoir en tête l'importance de ce projet et développer des activités concrètes pour qu'il puisse encore évoluer.
L'échevin fait part de son intention d'amener l'idée d'un Conseil communal transfrontalier au prochain GECT, d'une réunion qui aurait lieu tous les ans et au cours de laquelle les 12 communes pourraient apprendre à mieux se connaître. Une personne qualifiée sur le sujet de la Politique transfrontalière pourrait alors être invitée pour comparer ou référer les expériences du GECT à d'autres domaines.

La bourgmestre Vera Spautz (LSAP) *indique qu'un contact plus étroit aura lieu avec le GECT dans le cadre de la préparation pour 2022.*

L'échevin Martin Kox (déi gréng) *informe que Sudstroum demande une augmentation de capital à son actionnaire unique, la ville d'Esch. La proposition est une somme de 3,6 millions, le capital actuel étant de 400.000 euros, et qui sera financée par le bénéfice fait au cours des dernières années. Cette augmentation de capital permettrait à Sudstroum de faciliter une augmentation du nombre de fournisseurs et une meilleure collaboration avec d'autres partenaires.*
De l'autre côté, Sudstroum peut rembourser une partie de sa dette, dette nécessaire pour garantir le fonds de roulement.
En 2015, 28.000 euros d'intérêts ont été payés à la Spuerkeess pour les emprunts qui assurent le fonds de roulement. A travers l'augmentation

Paul Weidig (LSAP): „Just e puer Erklärungen. Ech mengen, et ass vill gesot ginn. Ech kommen awer nach eng Kéier op d'Kapitalerhéijung zréck.
Mä vläicht just dem Här Bernard, de Sudstroum ass eng reng 100%eg Gesellschaft. A par contre, de Sudgaz ass e Syndikat. A mir mussen oppassen, am Syndikat sinn aner Gemengen dran. A wann do en Deel erauskaf gëtt, dann ass deen eraus. Also et ass net esou sécher.
Wat awer ganz sécher ass, dat ass de Sudstroum. Do hu mer awer eng komplett Maîtrise driwwer. Dat fir just ze soen, dass wa si zesummen virginn, do effektiv eppes um Präis géif changéieren, dat mengen ech net. Also d'Méiglechkeeten, am Präis ze differenzéieren, si ganz kleng. An ech erkläre mech och nach eng Kéier dozou.
Här Zwally, deen Hiweis op Enovos, well do déi Parte vun RWE a vun E.ON erauskaf ginn, dat huet awer reng mat finanzielle Grënn vun deenen zwou Gesellschaften ze doen. Dir wësst jo, dass an Däi-tschland d'Atomstroummeiler erofgeschalt si ginn. An duerfir d'RWE an d'E.ON, déi do eng gutt Rent haten, finanziell Problemer hunn, souguer deelweis Defizit. An duerfir si se aus dem Enovos erausgeklommen. Dat huet awer wierklech keen Afloss op eis. Ech mengen, de Sudstroum agéiert just um Lëtzebuerger Maart, an absolut net um europäeschen.
Déi Kapitalerhéijung ass sécher ganz wichteg an et ass och scho gesot gi vum Schäffen, dem Här Kox. Haaptsächlech géif ech mengen, dass mer net erëm musse Garantië siche goen, déi mer och hei gestëmmt hunn, fir kënnen um Spotmaart zu Leipzig anzekafen. Dir wësst jo, dass si Energiebourse ass; do gi jo ganz oft Optioune kaf, schonn zwee, dräi Joer am Viraus an da mussen natierlech vernünfteg Garantien do sinn, fir kënnen do anzekafen. An do ass et ebe wichteg, dass mer vu 400.000 op 4 Millioune Kapital eropginn. Dat heescht, mir hunn d'Gesellschaft eigentlech op vill méi zollitt Bee gesat, wéi dat virdrun de Fall war.
A mir hunn natierlech och aner Méiglechkeeten, fir mat Gesellschaften ze verhandelen, well wierklech e gewësse Kapital am Réck steet.
Mir kënne leider awer mat deene Suen, déi do an dem Kapital sinn, keng Garantië bezuelen. Mä mir brauche keng méi opzehuelen. Déi Sue ginn an d'Kapital eran an déi tauchen herno an de Bilanen an an de Konten op.
Vläicht nach eng Remarque: Dir hutt jo och gelies, dass de Benefiss d'lescht Joer relativ staark erofgaang ass par rapport zu 2013. Déi Fro ass och vum Här Zwally an der Finanzkommissioun gestalt ginn. Ech kann awer do ganz präzis Äntwerte ginn. Deemools ware fir zukünfteg Einnamen aus dem Netz Provisioune geschafe ginn, déi awer net ganz conforme ware mam Gesetz iwwert d'Comptabilitéit. An duerfir sinn déi Provisiounen erausgeholl ginn. Mä déi Suen, déi kommen awer erëm méi spéit eran. Dir wësst jo, dass iwwert d'Netznutzungsgebühren mir deen Invest, dee mer am Netz maachen, zréckbezuelt kréien. An hei waren am Fong Provisioune gemaach gi fir d'Zukunft. Dat geet awer net an där Form.
Mir leien awer héchstwahrscheinlech och dëst Joer erëm am Beräich vun 1-2 Millioune Boni an dat ass jo awer e ganz gutt Resultat. Natierlech profitéiere mer vun engem Milliardenëmfeld. Dat ass ganz kloer. Mir wëssen alleguerten, dass de Präis vun der Energie eleng erofgaangen ass.
Mä wat natierlech d'Tariffer vum Sudstroum ubelaangt, do musse mer eis awer bewosst sinn, dass an deem Tarif éischtens emol de Reseau, d'Durchleitungsgebühren eng Roll spillen, déi gi vum I.E.L. definéiert. Dat hänkt och e bëssen dovun of, wat investéiert gëtt. Da kënnt do e Fonds de compensation, dee muss bezuelt ginn. Dat ass awer landeswäit. An dann hu mer nach eng Taxe d'électricité, déi ass och landeswäit. Déi ass fixéiert, do hu mer keen Afloss drop.
Am Ablack ass an deem Tarif vum Sudstroum nëmme 46% elektresch Energie dran. Dat heescht, wann d'elektresch Energie, déi kaf gëtt, méi bëlleg gëtt, dann huet dat net deen direkten Afloss op de Präis. A mir mussen awer och weider investéieren an esou weider. Mä ech wëll awer hei berouegen, de Präis reng um Escher Netz ass dee bëllegste vun alleguerten. Mir bidden dee bëllegste Präis un. Natierlech changéiert dat, wann een elo an d'Enovos-Netz geet, well do sinn d'Netz-, d'Durchleitungsgebühren oder d'Netzkäschten anerer wéi hei um Territoire vun der Gemeng Esch.
Voilà, dat zur Erklärung. Merci och fir Äert Vertrauen, dat Der dem Sudstroum entgéintbréngt. Mir si jo och do vertrueden an engem Conseil, net Conseil d'administration, Här Zwally, mä e Conseil de surveillance. Mä mir hunn awer relativ wäitgehend Befugnisser. A mir sinn déi, déi awer ganz gutt kucken.
An ech muss och soen, an ech wëll och hei de Leit vum Sudstroum Merci soen, dass do eng ganz gutt Zesummenaarbecht ass. Et huet e bësse méi laang gedauert, mä ech mengen, mir sinn elo um gudde Wee, dass mer relativ präzis Donnéen hunn, fir d'Konten, fir de Bilan. A mir hoffen, dass mer an deenen nächste Joren oder hallefjorlech hei kënnen an

de capital, un emprunt de près de 3,6 millions d'euros pourra être remboursé et l'état des dettes pourra être diminué drastiquement.
L'échevin explique que le Fonds de roulement est aussi élevé par le fait que Sudstroum paye ses factures immédiatement et que les clients ne le font pas toujours.
Sudstroum finance l'investissement du réseau en avance, mais ne reçoit les baisses qu'avec du retard en retour. Le bénéfice devait être réinvesti dans l'énergie éolienne, mais n'ayant pas trouvé de site adéquate en ville, il sera investi dans le photovoltaïque.
Un solde des 2,7 millions restants doit être utilisé pour faire des investissements dans l'efficacité énergétique et les énergies renouvelables et pour payer les impôts, qui représentent 25% du bénéfice.

Zénon Bernard (KPL) *indique d'emblée que son parti approuve l'augmentation de capital.*
Le marché international étant de plus en plus gigantesque en ce qui concerne l'énergie, il est primordial de pouvoir entrer dans les négociations avec un solide background.
Il tient à souligner qu'il a déjà dit à plusieurs reprises que cela ne pourrait être que positif si Sudstroum et Sudgaz se présentaient ensemble dans le combat concurrentiel international pour le prix des énergies pour avoir encore plus de force.

André Zwally (CSV) *indique qu'il suit le dossier Sudstroum depuis 2002/2003. A cette époque, il s'agissait d'une phase de test, il fallait mettre en pratique la ligne de conduite de l'UE. L'angoisse était donc toujours de savoir comment le tout se développerait au niveau européen.*
Le Conseil de gérance avait été créé et comprenait à chaque fois un membre de l'opposition. Or il s'agit d'un dossier en constante évolution, notamment par le fait de devoir s'imposer sur le marché. Et cela n'est pas toujours facile. Il cite l'exemple d'E.ON et de RWE qui ont vendu leurs parts d'Enovos. Et en voyant les sommes en jeu, il est nécessaire de se poser les bonnes questions quant à l'évolution future.
À l'époque l'on parlait d'énergie 100% naturelle. Aujourd'hui cela existe, même au niveau privé.

de Gemengerot kommen, fir en Iwwerbléck ze kréien, wou mer wierklech mat de Suen dru sinn.
Ech hunn elo e bëssen dem Här Kox seng Aarbecht iwwerholl an ech soe Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci villmools Här Weidig. Ech gi just fir eng Fro ganz kuerz dem Här Tonnar d'Wuert an den Här Kox kritt dann direkt d'Wuert fir de ganze Rescht, wat nach opsteet."

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech schwätzen elo fir de Sudgaz. Et ass kee Syndikat, et ass eng Société anonyme – ech wëll dat awer ganz kloer nach eng Kéier soen –, déi awer uniquement aus 14 Gemenge besteet, déi Actionnaire sinn. An dat huet e groussen Avantage. Déi Politik, déi mer zënter Jore maachen, a wou ëmmer Unanimitéit ass, ass, dass mer am Interêt vun eise Clienten do sinn, fir dee bëllegst méigleche Gas ze verkafen. Den Här Zwally huet do ganz schlëmm Nimm genannt, RWE an E.ON an esou weider. Dat sinn Actionnairen, déi wëlle Benefiss erauszéien. An dat ass de ganz groussen Avantage, deen d'Sudgaz huet, wou et drëm geet, esou bëlleg wéi méiglech de Gas ze verkafen.
Souguer kréien dann d'Actionnairen, also déi Gemengen, och nach e klenge Benefiss all Joer. Wat jo och net méi wéi normal ass, dass do e klenge Benefiss ausgeschott gëtt. Mä dat si keng Zommen, wéi mer an enger Konkurrenzfirma hunn, wou ech den Numm elo net nennen, mä wou Actionnairë waren, déi den Här Zwally genannt huet. Déi brauchen och vläicht Liquiditéiten. Ech weess net, firwat se gaange sinn, mä et interesséiert mech och net. Ech wëll lech just nach, fir ofzeschléissen, soen, dass eng gewësse Kollaboratioun mat der Sudstroum do ass, souwäit dat méiglech ass. Do sinn awer och ganz verschidden Aarbechten, déi do ausfalen.
An dann déi lescht gutt Nouvelle: den 1. Abrëll gëtt de Gas vun der Sudgaz nach eng Kéier méi bëlleg."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Très bien!"

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Dat interesséiert eis jo dann alleguerten. An e gëtt elo..."

(Interruption)

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Oh, e geet schonn zwee Joer erof. E gëtt elo 39 Centimes de m³..."

Zénon Bernard (KPL): „Et ass rar, dass eppes méi bëlleg gëtt."

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Jo, mä hei si mer awer elo scho méi laang an där Phas. An ech hoffen, et geet nach weider. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): Entgéint deem, wat Dir mengt, Här Bernard, ass dat awer och heiansdo zu Esch de Fall, datt Saachen..."

Zénon Bernard (KPL): „Ech hu gesot, allgemeng ass et rar, dass eppes méi bëlleg gëtt."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dir freet lech. Da freeë mir eis mat.

(Gelächter)

Den Här Kox huet d'Wuert elo."

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Villes ass gesot, villes ass scho beäntwert. Besonnesch den Här Weidig huet déi meeschte Froe scho beäntwert.
Dem Här Tonnar confirméieren ech, dass Gespréicher scho säit enger Zäit lafen, fir eng besser Kooperatioun a Koordinatioun vun deenen zwee, vu Sudstroum respektiv Sudgaz. Et gëtt sécherlech eng Differenz tëschent deenen zwee. Sudstroum ass en Actionnariat vun der Stad Esch, während an der Sudgaz déi verschiddenst Gemenge mat dra sinn. An ech mengen, et geet jo och iwwert d'Energiequell. Et gi Gespréicher, déi si wichteg; och am Kader vum Klimapakt ass dat säit zwee Méint amgaang.
Wat de Stroumpräis ubelaangt, ass och alles gesot. Ech mengen, als Stroumpräis hu mir deen niddregsten, dat ass ganz kloer. Mir leien ënnert dem Enovos, an dat säit e puer Joer. Wat awer méi héich ass, dat sinn d'Netzgebühren. Mir mussen natierlech dauernd investéieren. Et ass eist Netz an dat soll och eist Netz bleiwen. Mir hunn och Quartieren dobäi nei erschloss, wéi de Belval a wéi d'Nonnewisen. Och dat kascht alles Geld. An dofir sinn ënner anerem eis Netzgebühre méi héich.
Eng Perspektiv nach ze ginn iwwert de Präis: Et muss jo ëmmer op dräi Joer am Viraus gesplangt ginn, fir d'Energie ze reservéieren. Et ass och nach virgesinn, dass de Präis vermutlech och 2017 nach eng Kéier senke kann.
Ech soen lech Merci."

Chacun peut choisir sa ligne de conduite car l'offre le permet.
Le conseiller est d'avis que l'augmentation de capital telle qu'elle est prévue peut être acceptée. Ainsi que l'investissement qui doit être fait. Il faut évidemment prévoir régulièrement des discussions sur le sujet.
En ce qui concerne la morale de paiement des consommateurs, il faut savoir que ceci dépend souvent du prix. Il a déjà été mentionné au cours des discussions sur le budget que malgré le fait que les producteurs ont acheté pendant des années à des tarifs très bas, ils refusent de faire bénéficier les consommateurs de ces baisses de prix. Il faudrait donc trouver une stratégie pour faire baisser les prix, ce que Sudstroum et Enovos ont fait au 1.1.2016.
Il est d'avis que, et surtout à Esch, la mauvaise morale de paiement provient également du fait que les gens n'ont plus les mêmes revenus. Baisser les prix équivaudrait donc à aider les gens. Il faudrait donc appliquer un prix qui semblerait raisonnable au consommateur.

Paul Weidig (LSAP) *précise que Sudgaz est un syndicat qui comprend d'autres communes. Ce qui n'est pas le cas pour Sudstroum, une société sur laquelle la commune exerce une complète maîtrise. Les possibilités de modification du prix sont donc minimes.*
Le fait que les parts de RWE et E.ON ont été vendus se base sur des réflexions financières des deux compagnies concernées. En effet, les centrales nucléaires allemandes ayant abaissées leur production, RWE et E.ON se sont retrouvés en difficulté financière et ont été obligés de vendre leurs parts Enovos.
Cette augmentation du capital est très importante. D'une part, il faut pouvoir aller chercher la garantie qui a été votée au sein du conseil et qui permettra d'acheter sur le marché de Leipzig. En effet, il s'agit là d'une bourse énergétique : des options sont souvent achetées 2 à 3 ans à l'avance et il faut donc avoir des garanties raisonnables pour pouvoir participer aux achats. Il est donc important d'augmenter le capital d'actuellement 400.000 à 4 millions d'euros. D'autre part, cette garantie permet de mieux négocier avec les fournisseurs.
Monsieur Weidig désire également faire une remarque concernant la

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerten. Au vote."

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal décide à l'unanimité d'une augmentation du capital social pour Sudstroum.

7. Circulation
1) Extension du parking résidentiel "Neiduerf"; modification du règlement de la circulation; décision
2) Introduction du parking résidentiel "Raemerich"; modification du règlement de la circulation; décision
3) Règlement-taxe concernant le stationnement payant : extension et ajoute; décision
4) Définition des délimitations des secteurs de stationnement payant à caractère résidentiel (ayants-droit) ; décision
5) Rue Dellhéicht; modification du règlement de la circulation; décision
6) Confirmation des règlements de circulation temporaires; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zum nächste gréissere Punkt, wou den Här Hinterscheid d'Wuert huet. Et geet ëm d'Circulatioun."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Mir hunn e puer Reglementer hei virleien. Dat éischt ass d'Extensioun vum Parking résidentiel am Groussberäich vun der Zone Neiduerf. Do waren e puer Stroossen, déi aus wat fir engen Ursaachen och ëmmer – mer konnten dat net méi novollzéien –, net dra waren. Dat war ënner anerem d'Cité Franz Leesbierg an déi gëtt op Demande hi vun de Leit, déi do wunnen, mat integréiert.
Dann integréiere mer och nach an der rue de Rumelange de Parking, deen ënne beim Nossbierg ass, mat an de Résidentiel. Dat kënnt och de Leit, déi do wunnen, entgéint, well do e ganze Koup Haiser sinn, déi keng eege Garagen hunn an dee Parking sech awer och elo scho lues a lues zu engem Park & Ride entwéckelt huet, well och nach doniewent e Busarrêt ass.
Dann hu mer och nach d'rue des Noyers, wou mer eng onglécklech Situatioun haten, wou – och no der Visite vun eiser Verkéierskommissioun – d'Propositioun ass, fir dat ze integréieren an de Résidentiel. A wou herno déi Deliberatioun, de Zoning Neiduerf, dann och nei definéiert gëtt ëm déi doten dräi Emplacementer.
Als nächste Punkt hu mer dann de Parking résidentiel am Quartier Raemerech. Am Quartier Raemerech, deen nach net ënnert de System vum Résidentiel gefall ass a wou sech awer lues a lues entwéckelt huet, hu mer d'Situatioun, dass do ëmmer méi Autoen dra parken, Co-voiturage maachen, respektiv d'Autoen do am Quartier stoe loossen, wou et dann näischt kascht. Obwuel mer doniewent, beim Belval, de Parking longue durée hunn, fir dann d'Autoen an de Parking ze stellen. Do ass vun de Leit selwer dat gefrot ginn.
Mir hunn och eng Enquête gemaach. Mer haten 215 Couponen ausgedeelt, 74 sinn der erëmkomm. An dovun ass 58 mol Jo a 16 mol Nee gesot ginn. Also eng large Majoritéit vun deene Leit, déi mer gefrot hunn an déi geäntwert hunn, sinn och do dofir. A wann Der d'Schëlter am Detail kuckt, da fanne mer do nach e puer historesch Saachen erëm. Notamment nach Schëlter, wou op där enger Säit vun der Strooss während de Jours pairs an op där anerer Säit vun der Strooss während de Jours impairs konnt geparkt ginn.
Also de Quartier Raemerech, dee war eigentlech ni méi iwwerschafft ginn an deene leschten 30 Joer, wat seng Mobilitéit, wat seng Parksituatioun a seng Verkéierssituatioun ugeet. Duerfir hu mer déi zwou Saachen elo matenee gemaach. Ech mengen, Dir hutt d'Schëlter an d'Detailer do dran, an dat ass wierklech cocasse, wann een där Saachen nach fënnt: vum 1. bis de 15. huet een op där dote Säit dierfe parken, a vum 15. bis den 30. op där anerer Säit vun der Strooss. Also do kann ech mech drun erënneren, dass dat virun 20 Joer de Fall war.
Mir hunn dann och nach d'Situatioun, dass mer d'rue de Moedling wollten als Einbahnsystem maachen, fir de Schläichverkéier duerch de Quartier ze evitéieren. Mer konnten dat awer haut nach net presentéieren, well mer net méi esou richteg wëssen, wéi mer deen Einbahnsystem solle maachen, well mueres misst en anescht si wéi owes, soudass eise Service

baisse du bénéfice par rapport à 2013 : Cette baisse s'explique notamment par le fait qu'en 2013 des provisions pour des recettes futurs, découlant du réseau, ont été faites. Malheureusement, ces provisions n'étaient pas conformes à la loi sur la Comptabilité des communes. Il y a donc eu en 2014 annulation de ces provisions. Mais l'argent rentrera plus tard à travers les droits payés pour l'utilisation du réseau, ceci notamment pour l'amortissement des travaux faits au niveau réseau.
Pour l'année en cours, le bénéfice se situera également entre 1 et 2 millions, ce qui est un très bon résultat.
Pour les tarifs, il faut être conscient du fait que ceux-ci comprennent notamment les droits d'utilisation du réseau et des lignes, des droits qui sont définis par l'I.E.L. et qui jouent un rôle important. L'investissement fait dans le passé a également son influence. Puis il faut cotiser dans un Fonds de compensation. Et pour terminer, il y a la taxe d'électricité. Ces deux derniers frais sont définis au niveau national et la commune n'en a aucune influence.
Actuellement, seuls 46% du tarif de Sudstroum concernent l'électricité consommée. Ce qui signifie qu'une baisse du prix de l'énergie électrique achetée n'a pas un impact important sur le prix facturé.
Il faut néanmoins préciser que le prix de Sudstroum est le moins cher du marché. Moins cher que celui d'Enovos.
Il tient à remercier Sudstroum pour la bonne collaboration et pour les données précises concernant les comptes et les bilans. Il espère aussi que le Conseil communal pourra garder une bonne vue d'ensemble sur l'état financier au cours des années à venir.

***L'échevin Jean Tonnar (LSAP)** précise que Sudgaz n'est pas un syndicat, mais une société anonyme qui est constituée de 14 communes qui sont des actionnaires. Et cela a pour lui ses avantages, car la politique qui règne depuis des années est d'agir dans l'intérêt du client pour vendre le gaz le moins cher possible. Or RWE et E.ON sont des actionnaires qui veulent tirer du bénéfice. Sudgaz présente donc de bien meilleurs avantages.*
Et pourtant, les actionnaires de Sudgaz arrivent tout de même à obtenir un petit bénéfice tous les ans. Mais

circulation zesumme mat der Verkéierskommissioun dat elo nach eng Kéier analyséiert. Vläicht gi mer dohin, dass mer en alternéierenden Einbahnsystem hu mat elektroneschen Tafelen. Deemno, wéivill Auer dass et ass, dass ee mueres während de Spëtzestonnen evitéiert, dass se do duerch de Quartier fueren, an owes hu mer genau dat anert. Soudass, wa mer en Einbahnsystem maachen, et op jidde Fall nëmme fir een Deel vum Dag ass. An der Spëtzestonn vum Dag gëtt d'Situatioun geléist, wat de Schläichverkéier ugeet.
Dann hutt Der ënnert Punkt 7 natierlech de Règlement taxe fir de Résidentiel, wou déi éischt Stroossen, iwwert déi mer elo diskutéiert hunn, separat nach eng Kéier dra sinn. An dann och ënnert dem Punkt 7.4 d'Elimitatioun vun de Secteuren a wou eigentlech näischt geännert huet, ausser am Neiduerf, wou déi Zonen do nach mat dra kommen.
Wann Der wëllt, kann ech och nach direkt virufueren. Mir hunn och d'Modifikatioun vun der Reglementatioun bei der Dellhéicht-Schoul. Also do hu mer jo schonn driwwer geschwat. Mir hunn e Sécherheetsproblem bei der Schoul, notamment duerch dat onzivilt Verhale vu ganz villen Elteren, déi an der zweeter, drëtter Rei do parken an och mer Kollisiounen hu mat dem Schoultransport. An der Dellhéichtstrooss, virun der Schoul, gëtt elo alles reglementéiert, fir dass während de Jours ouvrables, wou Schoul ass, also vu 'Lundi au vendredi' et den Dag iwwer verbueden ass do ze parken. An owes kënnen d'Leit natierlech am Régime vum Résidentiel ausserhalb vun deenen Zäiten do parken, samschdes an no fënnef Auer. An natierlech kënne se och während de Schoulvakanzen do parken.
Mir mussen do mat enger Astuce schaffen, well de Code de la route de Rhythme scolaire en tant que tel net kennt.
Also mir maachen dann all Kéiers temporär Reglementer während de Schoulvakanzen. Da sinn dat keng Busarrêten, da sinn dat normal Parkplazen. A während dem Schoulregime huele mer déi Circulaire, déi vum Ministère de l'Intérieur kënnt, déi jo kloer ass, als Base an da maache mer all Kéiers en temporärt Reglement, mat temporäre Schëlter.
Mir kucken, wat mer technesch do kënne maachen. Ob mer mat Schëlter, déi mer op an zou klappen, fueren, respektiv ob mer elektronesch Schëlter dohi setzen, wéi mer där och op der Autobunn oder op anere Plazen huelen. Also do si mer amgaang, technesch Léisungen ze sichen. Mä en attendant, wann d'Reglement approuvéiert erëm ass, geet et dann einfach esou, dass mer provisoresch Schëlter dohi setzen.
An et ka sinn, dass mer mol zwëschenzäitlech esou eng Léisung huelen, wéi se fréier op der Grenz war, wann e Match vun der Jeunesse war, wou den Einbahnsystem opgezu ginn ass, an duerno erëm zougemaach ginn ass. Well et ergëtt jo kee Sënn, dass dee Parkraum do net notzbar ass ausserhalb vun de Schoulsystemer.
Mir hunn zwou Saachen do: Mir hunn dee Parkraum, wou mer de Kiss & Go definéieren, souwuel fir d'Dellhéichtschoul, wéi och fir de Jongelycée um ënneschten Deel vun deem ganz laange Busquai, vun där ganz laanger Encoche. Do gëtt deen ënneschten Deel als Kiss & Go 30 Minutte reglementéiert, an deen iewechten Deel ass Parking résidentiel. An do spillt déiselwecht Logik. Dat ass während de Schoulzäiten de Fall an ausserhalb vun de Schoulzäiten net de Fall.
Dir hutt de Plang och virleien, wéi dat am Detail reglementéiert ass. An ech mengen, mir kréien dann domat och do eng propper Situatioun am Interesse vun der Sécherheet vun eise Schoulkanner."

François Maroldt (CSV): „Soulaang ech nach ëmmer weess, wéi ech heem kommen."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Du kënns heem. Also mir hunn de Moment net d'Recommandatioun vun der Verkéierskommissioun suivéiert, déi gesot huet, et soll gepollert ginn. Mir hoffen elo, dass mer net musse polleren. Mir gesinn allerdéngs déi Installatioun vir, dass mer et géife während de Schoulzäite polleren. Bon, mir hoffen alt nach ëmmer, dass iergendwann d'zivilt Verhalen iwwerweit bei de Leit. Mä dann och do géife mer sécherstellen, natierlech Här Maroldt, dass Dir géift heem kommen. Well mir kënnen eis dat jo net erlaben, dass Dir do net heem kommt. Mä et gëtt vläicht e bësse méi wäit.
Dat ass elo en gros déi nei Reglementatioun. Mir maachen dat do elo fäerdeg. Mir bauen dat do elo fäerdeg. Mir stellen d'Schëlter dohin, esoubal wéi dat hei gestëmmt an approuvéiert ass. Dat wäert da fir d'Päischtvakanz fäerdeg sinn a mer loossen de Leit dann den ale Régime do stoe bis zur Rentrée scolaire. Mer informéieren iwwert de Lycée an iwwert eise Service enseignement, dass et ab der Rentrée scolaire esou ass. An da kann op jidde Fall kee soen, en hätt net gewousst, dass en neie System do ass. Mir wäerten och do ganz staark iwwert eise Service scolaire den Eltere vun de Kanner déi Informatioune ginn.

cela n'est rien comparé aux autres entreprises qui ont besoin de liquidités. Il tient à souligner qu'une collaboration aussi bonne que possible a lieu avec Sudstroum. Et il ajoute la bonne nouvelle qu'à partir du 1er avril le gaz de Sudgaz deviendra encore moins cher.

L'échevin Martin Kox (déi gréng) *confirme tout d'abord que les discussions ont bien lieu depuis déjà un certain temps pour une meilleure coopération et coordination entre Sudstroum et Sudgaz. Ce sont deux entités différentes, car Sudstroum est un actionnariat de la ville d'Esch alors que Sudgaz a différentes communes comme actionnaire. Des discussions ont également lieu depuis deux moins dans le cadre du pacte climatique.*
L'échevin confirme que la ville d'Esch a le prix d'électricité le plus bas du marché. Mais ce qui coûte, ce sont les droits de réseau. Un investissement constant est nécessaire pour que le réseau continue à appartenir à la ville d'Esch. Et le fait d'avoir ajouté Belval et les Nonnewisen a également augmenté les frais.
Il tient à ajouter qu'il faut toujours planifier 3 ans à l'avance pour la réservation de l'énergie. Il est prévu que le prix puisse baisser en 2017.

(Vote)

L'échevin Henri Hinterscheid (LSAP) *traitera différents règlements. Tout d'abord l'extension du Parking résidentiel dans la zone de Neudorf. Certaines rues étaient encore exclues du projet - pour des raisons inconnues -, mais seront dorénavant ajoutées.*
Sera également intégré au système Résidentiel le parking de la rue de Rumelange. Cela sera très bénéfique pour les gens qui y habitent mais qui n'ont pas leur propre garage, alors que le parking se transforme peu à peu en Park & Ride en raison de l'arrêt de bus tout proche.
Il existe aussi la proposition d'intégrer la rue des Noyers au Résidentiel.
Le point suivant concerne le Parking résidentiel dans le quartier Raemerech. Ce quartier, qui n'est pas encore tombé sous le système du résidentiel, s'est peu à peu développé, et de plus en plus de véhicules y sont garés. En fait, il y a de plus en plus de covoiturage, et les voitures sont garées à l'endroit du quartier

De leschte Punkt ass d'Confirmatioun vun den temporäre Verkéiersreglementer."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Hinterscheid. Huet een eng Fro? Den Här Biltgen, den Här Bernard, den Här Mischo, d'Madame Freis. Här Biltgen, Dir hutt d'Wuert."

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech soe fir d'éischt kuerz eppes zum Problem am Quartier Dellhéicht. An dësem Quartier hu mer effektiv e grousse Verkéiersproblem, deen haaptsächlech duerch déi zwou Schoulen, de Jongelycée an d'Grondschoul Dellhéicht bedéngt ass.
Ee vun de Problemer ass natierlech, dass vill Elteren hir Kanner mam Auto an d'Schoul bréngen, amplaz dass se se zu Fouss schécken oder mat hinne kommen. Dat ass e Phenomen, deen awer net nëmmen zu Esch ëmmer méi grouss gëtt, mä och soss iwwerall. Mä dëse Problem, op dëser Plaz ass awer och e bëssen hausgemaach. An de leschte Jorzéngten huet d'Schoulpolitik zu Esch ëmmer méi op grouss zentral Schoule gesat, amplaz op kleng Entitéiten.
Wann een zum Beispill am Neiduerf déi scho ganz laang néideg Quartiersschoul hätt, géife ganzer 150 Kanner manner mussen an dës Schoul am Zentrum eragefouert ginn. Ëmmerhi schwätze mer hei vun engem Schoulwee vu bis zu zwee Kilometer fir déi Kanner.
Doriwwer eraus si mir awer averstan mat deene Mesuren, déi hei getraff ginn, fir d'Situatioun ze verbesseren an haaptsächlech se méi sécher fir d'Kanner ze maachen. Mir hoffen dann, dass dës Mesurë gutt am Quartier opgeholl ginn a si gespaant, ob si dann och déi erwaarte Friichten droen.
Dann nach zum Parking résidentiel: Mir si selbstverständlech domadder averstan, fir deen op all d'Quartieren auszedeenen, well nëmmen esou mécht et jo Sënn. Dofir wäerte mer dat och natierlech matstëmmen.
Wat mir awer net wëlle matstëmmen, ass d'Taxereglement, dat mir jo och am Juli schonn net matgestëmmt hunn.
Ech widderhuele just ganz kuerz, wat eise Problem heimadder ass. Wéi Der wësst, hu mer scho laang gefrot, fir d'Parkgebühren zu Esch ze differenzéieren, well et effektiv Sënn mécht am Zentrum, wou een e staarke Roulement gär hätt a gläichzäiteg och wëll d'Leit prinzipiell dozou ermonteren, ouni hiren Auto an den Zentrum ze kommen, respektiv wa se mam Auto kommen, deen dann an ee vun eise Parkhaiser ze stellen, amplaz onméiglech duerch déi Escher Stroossen ze fueren.
Deemno hu mer begréisst, dass den Escher Parkraum an dräi Zonen agedeelt ginn ass. Mä et ass dann awer total onverständlech, dass et awer nëmmen zwee verschidden Tariffer ginn. An dass den Tarif an der Périphérie esou héich bleift, ass onnéideg a bedeit nëmmen eng Schikan fir déi Leit, déi zum Beispill nëmme Frënn oder Famill zu Esch besiche wëllen oder aus engem anere Grond just kuerz wëllen den Auto an engem Wunnquartier ofstellen.
Dass den Tarif am Parking op der Stadhausplaz an och um Boulevard Kennedy esou héich ass – dee gouf jo am Summer schonn erhéicht –, ass kontraproduktiv, well en den Effet vum méi deiere Parken op der Surface jo erëm neutraliséiert.
Ausserdeem droen all déi Tariffer och net zur Attraktivitéit vun dem Escher Zentrum bäi, am Verglach mat anere Stied oder och zu Belval. Ech bleiwen also dobäi, dass et bei dësem Taxereglement haaptsächlech drëm geet, méi Geld an d'Keessen ze spullen a manner ëm eng intelligent Parkraumpolitik.
Dofir stëmme mir d'Erweiterung vum Parking résidentiel an och d'Änderunge bei der Dellhéicht-Schoul, awer net d'Taxereglement. Merci."

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Merci Här Biltgen. Den Här Bernard."

Zénon Bernard (KPL): „Merci Här Schäffen. Ech wëll mat enger allgemenger Remarque ufänken, ier ech méi zum Detail zu deene Reglementer kommen. Ech muss Iech soen, ech hunn nach selten, wat Reglementer ubelaangt, esou e komplizéierten an oniwwersichtleche Kuddelmuddel gesi wéi dat hei. Hei ass eng Kéier fir eng Stonn esouvill, fir zwou Stonnen esouvill. An deem aneren ass et fir eng Stonn esouvill an dann ass erëm hei eng Ausnam an do eng Ausnam. An ech schwätzen elo net zum Prinzip selwer, dozou kommen ech. Mä ech schwätzen hei, wat d'Iwwersiicht ubelaangt. Hei muss ee véier Joer Universitéit gemaach hunn, fir dat Reglement do ze verstoen.

(Gelächter)

Dat ass eng Katastroph, Dir Dammen an Dir Hären. Här Hansen, Dir sidd da vläicht an der Lag, et ze maachen. Mä ech muss Iech soen, ech hat ganz seriö Problemer, fir mech derduerch ze wullen. Dat ass emol déi eng Saach.
Déi aner Saach ass déi – an ech deelen d'Meenung vu mengem Virriedner, dem

où cela ne coûte rien. Et ceci malgré la présence du Parking longue durée près du Belval.
Une enquête a été effectuée : 215 coupons ont été distribués, mais seulement 74 coupons ont été retournés, avec 58 « oui » et 16 « non ». Une large majorité des personnes interrogées est donc en faveur du projet. En analysant sur place les panneaux, on devait constater que différents panneaux - historiques - indiquaient qu'il est permis de se garer sur un côté de la route les jours pairs et sur l'autre côté les jours impairs.
Il y a également la volonté de faire de la rue Moedling une rue à sens unique. Mais ceci va tarder encore un peu, les moyens pour ce faire devant encore être analysés. Parmi les choix il faut citer la rue à sens unique alterné avec un tableau électronique. Le règlement de rue à sens unique ne serait valide qu'à certains moments de la journée, et plus particulièrement aux heures de pointe.
Le Règlement taxe se trouve sous le point 7 pour le Résidentiel : les rues dont il a été question sont inscrites séparément. Au point 7.4 avec la délimitation des secteurs, rien n'a changé à part le quartier Neudorf où sont ajoutées les zones.
Vient ensuite le problème de la sécurité autour de l'école Dellhéicht. Notamment en raison des nombreux parents qui se garent en première, seconde et troisième fil et des collisions avec les transports scolaires. Il y aura dorénavant réglementation devant l'école : il sera interdit de s'y garer du lundi au vendredi, jours ouvrables, en journée. Puis, les automobilistes pourront à nouveau se garer le soir, les week-ends et pendant les vacances selon le régime du Résidentiel. Pour introduire ceci, il faudra donc trouver une astuce, car il n'existe pas de Rythme scolaire en tant que tel dans le Code de la route. Des règlements temporaires seront faits à chaque fois pendant les vacances scolaires. Les différents emplacements ne seront alors pas des arrêts de bus mais des places de parking. Et pendant le régime scolaire, la circulaire du ministère de l'Intérieur sera appliquée pour justifier à chaque fois le règlement temporaire, avec des panneaux temporaires.
Pour l'installation de ces panneaux, des solutions techniques sont à l'étude. Mais en attendant, si le

Här Biltgen: Hei ass ganz einfach eng Saach, fir Suen an d'Keess vun der Gemeng ze spulle mat neien Taxen. Dat ass esou: D'Leit bezuele schonn duerch d'Steieren d'Infrastruktur vun de Stroossen, vun den Trottoiren zum Deel; och duerch aner Taxen. An da gi se nach eng Kéier duerch nei Taxe fir de Parking dozou genéidegt, dass se fir eppes, wat hinnen eigentlech zum Besëtztum gehéiert, nach eng Kéier musse bezuelen. Eng vun den Ursaachen zumindest, firwat de Schäfferot an déi Richtung geet, ass natierlech déi, dass duerch den Dotatiounsfong un d'Gemengen, d'Gemengen ëmmer manner Einnamen hunn."

(Interruptioun duerch den Här Codello)

Zénon Bernard (KPL): „Här Codello, loosst mech schwätzen. Ech hunn Iech jo och schwätze gelooss."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Bernard huet d'Wuert."

Zénon Bernard (KPL): „An dass se dann doduerch elo an d'Situatioun geroden, dass se mengen, d'Hiem wär ze enk an duerfir higinn an nach eng Kéier weider Taxen op d'Leit ofwälzen. An dat, obwuel d'Kafkraaft vun de Leit duerch aner Moossnamen, déi mer wëssen, oder aner Decisioune vun der Regierung – d'Leit kréie schon während Joren den Index virenthalen – ëmmer manner héich gëtt. An do gi mir elo hin, a mir setzen och nach d'Taxe weider fort.
Hei gëtt de Parking résidentiel, dee mir u sech vun der Form hier begréissen – well et de Leit, déi am Quartier wunnen, erlaabt, an hirem Quartier ze parken, ze stationéieren, wéi ee seet –, als Virwand virgeschoben, dat hunn ech elo grad gesot, fir dat anert dann e bësse schmackhaft ze maachen. Dofir fannen ech et och richteg, Här Biltgen, wat Der gesot hutt, dass Der bei Ärem Vote dat trennt.
Ech sinn der Meenung, dass et en anere Wee gëtt, fir déi Parkproblematik an deene verschiddene Quartieren ze léisen. An dat ass iwwregens e Virschlag, dee scho Joren, Jorzéngten am Raum steet an deen och befollegt ginn ass. Et ass iwwregens och eng Fuerderung vum Wahlprogramm vun der grénger Partei. Dat sinn nördlech, südlech, östlech a westlech vun der Stad grouss Opfangparkingen. Et ass richteg, wann een et op Franséisch seet: 'Parkings de dissuasion'. Dat heescht, dee soll d'Leit dozou féieren, angenehm ze parken, ouni an den Zentrum vun der Stad knëschelen ze goen, respektiv an déi iwwerluede Quartieren.
Dozou gehéieren natierlech Begleitmoossnamen, dat wësse mer. Och dat sinn Virschléi vun anere Parteien, déi ech richteg fannen. Et ass och e Virschlag vun eiser Partei.
Da muss natierlech vun deenen Opfangparkingen, de 'Parkings de dissuasion', eng héich Frequenz vu Bussen an den Zentrum fueren, mat där néideger Qualitéit an och mat deem néidege Präis. Dat sinn nämlech opgrond vu Studien, déi gemaach gi sinn an deene leschte Jorzéngten – haaptsächlech an deem leschte Jorzéngt –, d'Viraussetzungen, fir dass och esou 'Parkings de dissuasion' fonctionnéieren.
Dat heescht, 'Parkings de dissuasion', héich Frequenz vu Bussen an den Zentrum a Präis, a Confort, a Qualitéit. Dat sinn déi Kritären, déi ëmmer erëm an den Etüden ervirgehuewe ginn.
Wann Dir eng plakeg Plaz dohi setzt an all hallef Stonn oder all Dräivéierelstonn fiert e Bus, da kënnen d'Leit net dovu profitéieren. Well et ganz einfach se net arrangéiert, fir rechtzäiteg op hir Aarbecht ze kommen. Mir brauche grouss Parkingen de dissuasion an deene verschiddenen Ulafzentre fir Esch an da kënne mer dee Problem e bëssen anescht ugoen. Da wäert Der gesinn, dass dat Erfolleg huet.
Ech huelen zum Beispill de Parking Bouillon, dee fonctionnéiert jo verhältnisméisseg gutt zu Hollerech, dee gratis ass, wou Dausende Leit elo pro Woch parken an da mam Bus an den Zentrum fueren, fir kënnen op hir Aarbecht ze kommen.
Also ech mengen, ech hätt elo dat Wesentlecht gesot. Mir sinn der Meenung: Parking résidentiel Jo, awer Taxenerhéijung Nee. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Bernard. Den Här Mischo an dono d'Madame Freis."

Georges Mischo (CSV): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Eis Fraktioun begréisst déi Vergréisserung vum Parking résidentiel am Quartier Neiduerf an och d'Aféierung vum Parking résidentiel am Quartier Raemerech.
Eng Fro, déi sech eis stellt, dat ass elo – well déi Quartiere jo immens wäit ausernee sinn, an och mir hu scho ganz vill Agents municipaux ënnerwee –, ob et iwwerhaapt duergeet, fir déi doten zwee Quartieren nach mat dobäi ofdecken ze kënne mat den Agents municipaux? Well no Gespréicher aus dem Quartier Raemerech ass kloer de Fall, dass an deem Quartier ganz vill Frontalieren an och

règlement est approuvé, des panneaux temporaires seront placés.
L'échevin attire l'attention encore sur deux points : Il y a un espace pour se garer où un Kiss & Go sera défini, aussi bien pour l'école Dellhéicht que pour le lycée des Garçons, ceci dans la partie inférieure du quai de bus. Cette partie serait alors réglementée en tant que Kiss & Go 30 min et la partie supérieure en tant que Parking résidentiel. Et la même logique sera de mise, avec une mise en pratique pendant la période scolaire.
L'échevin indique que la recommandation de la commission de la Circulation, conseillant de mettre des poteaux, n'a pas encore été suivie. Des poteaux seront peut-être mis pendant la période scolaire. Mais il assure à Mr Maroldt que celui-ci pourra encore rentrer chez lui, même si cela sera un peu plus long.
Les derniers travaux seront encore terminés. Des panneaux seront placés dès que la règlementation aura été votée et approuvée. Le tout sera terminé avant les vacances de la pentecôte, et l'ancien régime sera maintenu jusqu'à la rentrée scolaire.

***Laurent Biltgen (déi Lénk)** tient tout d'abord à aborder les problèmes de circulation dans le quartier Dellhéicht, notamment en raison du Lycée des garçons et de l'école Dellhéicht.*
Un des problèmes étant que beaucoup de parents emmènent leurs enfants à l'école en voiture au lieu de les envoyer ou de les accompagner à pied. Mais il ajoute que la politique scolaire d'Esch est de miser sur de grandes écoles centrales et non sur de petites entités.
Le conseiller cite l'exemple du quartier Neiduerf, qui a besoin depuis longtemps d'une unité scolaire, ce qui ferait 150 enfants de moins dans l'école du centre. On parle dans ce cas en effet d'un chemin d'école allant jusqu'à deux kilomètres.
Il est néanmoins d'accord avec les mesures qui sont prises ici pour améliorer la situation et assurer plus de sécurité aux enfants.
Concernant le Parking résidentiel, Mr Biltgen assure son soutien pour l'étendre à tous les quartiers.
Mais il ne désire en aucun cas voter pour le règlement de taxes. Son problème résidant dans le fait que la demande première était d'avoir un tarif différent. En effet, le but était l'application de tarifs plus élevés

anerer parken, fir eben do d'Bussen ze huelen, fir dann op d'Aarbecht an d'Stad ze kommen.
Wann natierlech do net genuch Kontrolle sinn, da wäert dee Parking-Sich-Verkéier natierlech nach ëmmer net ophalen.
Dann zu der rue Dellhéicht. Den Här Hinterscheid huet dat onzivilt Verhale vun Elteren ugeschwat, déi do hiert Kand musse mam Auto bis an de Klassesall eraféieren. Dat hu mer och an der Verkéierskommissioun ugeschwat gehat. Mir géifen och do deen Avis ënnerstëtzen, dass wann et wierklech net anescht geet, dass mer do da mussen polleren, fir dann eben d'Elteren ze erzéien, dass se mat den Autoen net permanent hin an hier fueren. Respektiv och do d'Sécherheet vun de Kanner a Fro gestallt gëtt, wann do Leit mam Auto hott an haar parken.
Dann ass nach eng aner Fro zum Dellhéicht: ob déi Baustell dann definitiv fäerdeg ass duerch déi ganz Strooss, wann elo déi Emplacementer fäerdeg sinn? Well déi Baustell ass jo schonn eng zimlech laang Zäit amgaangen. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „D'Madame Freis, w.e.gl."

Astrid Freis (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech sinn am Fong net erstaunt iwwert meng Virriedner, dass all Mënsch domat averstan ass. Dass de Résidentiel erweitert gëtt, dat läit jo op der Hand. Dat ass jo eng Idee, déi vun hei kënnt a mir hu jo och oft gutt Ideeën. Vun dohier verstinn ech och, dass d'Oppositioun och domadder averstanen ass.
Wou natierlech erëm keen averstanen ass, dat ass ëmmer déi Saach mat den Tariffer. Dat ass jo och kloer. Dat läit och op der Hand, dass ëmmer, wann eppes augmentéiert gëtt, gëtt reklamméiert a gemeutert. Mir hunn elo schonn 20 mol vu Parkingen, schonn 100 mol vun de Parkinge geschwat. Net nëmmen hei. Well et ass och e grousse Problem. Mir hu virgëschter eis Assemblée générale gehat vum Geschäftsverband. Mir haten e Circulaire erausginn, fir eng Kéier ze sondéieren, wat dann elo konkret e bëssen am System wéi deet. Sou, wéi mer et hei mam Personal gemaach hunn. Dat heescht sondéieren a kontrolléieren, wat läit de Leit dann elo wierklech um Häerz? Wat ass da wierklech dat, wat se beweegt a wat hinne gutt gefält a manner gutt gefält? Et si jo ëmmer natierlech méi Saachen, déi net gutt gefalen. A wou ech mam Här Bernard net averstane sinn, dat ass, dass mer e Kuddelmuddel hunn an dass ee muss fënnef Joer Uni hunn. Ech hu keng fënnef Joer Uni, ech verstinn awer ganz gutt d'Reglement.

(Gelächter)

Dat ass och e bëssen eis Populatioun als Toperten dohinner gestallt, wa se kee Reglement géife verstoen. Ech fannen dat e bëssen..."

(Interruptioun duerch den Här Bernard)

Astrid Freis (LSAP): „Nee. Dir hutt gesot, et ass Kuddelmuddel; et muss ee fënnef Joer Uni hunn. Ech weess net, wat ech do falsch verstan hunn."

Eng Stëmm: „Véier Joer. En hat véier Joer gesot."

Astrid Freis (LSAP): „Ah, véier Joer. Mäi Kolleg hei huet fënnef Joer.

(Gelächter)

Wat aus deem Questionnaire do ervirgaangen ass, wat richteg ass, dat ass, dass fir 80 bis 85% vun de Leit, déi geäntwert hunn op dee Questionnaire, et effektiv de Parking war. Wou d'Leit am meeschten nervt, ass, dass bausse muss an der Mëttegstonn bezuelt ginn. Dat gefält kengem.
Et ass elo mäi Rôle, dass wa Leit mech drop uschwätzen, ech hinnen och als Presidentin vum Geschäftsverband äntwerten. Ech versichen och déi Doléancen hei virun ze bréngen. Mä ech muss awer och de Leit soen, mir wëlle Parkhaiser; déi kaschte jo och e Sak Suen a forcément mussen déi jo och benotzt ginn.
An dat war jo d'Idee, firwat dass mer och de Parking Brill erofgesat hunn op 1 Euro. Dat ass elo vum November un aktuell. Dat leeft. Ech hunn och gemierkt, well mäi Personal an ech selwer do Parkplazen hunn, dass et och méi besat ass. An ech fannen, dass dat eng gutt Idee ass an déi gëtt net méi erwähnt. Dat ass elo schonn acquis.
Et gëtt nach just geschwat vu baussen, wat deier ass. Mä wat manner deier ass, dovunner gëtt net méi geschwat.
Mir hunn eis dat och zu Häerz geholl, wat d'Bierger, net nëmmen d'Geschäftsleit, mä d'Bierger en général soe vun deem Parking. Duerfir hate mer och eng Idee, fir eng Brochure nëmmen intern fir d'City ze maachen. Et ginn natierlech scho Brochuren, déi hei op der Gemeng sinn an och um Syndicat.
Ech wëll elo hei keng Publicitéit maache fir de Geschäftsverband, mä et ass awer eng Saach, déi kann ausgedeelt ginn. Et ass e flotte Format, wou d'Leit kënnen an hir Täsch stiechen a wou se gesinn, dass mer wierklech vill Parkingen hunn. Et gëtt vill Parking ugebueden. A vun dohier war

dans le centre afin d'avoir un roulement plus important et pour contraindre les gens à venir dans le centre sans leur voiture, ou de garer celle-ci dans les parkings.
Il est selon lui complètement insensé de maintenir un tarif aussi élevé en périphérie. N'est-ce pas qu'une arnaque pour les gens qui veulent simplement rendre visite à leur famille ou à leurs amis dans les quartiers résidentiels.
Que le tarif des parkings de la place de l'Hôtel de ville et du Boulevard Kennedy augmente est contreproductif, car l'effet d'augmentation des prix des parkings en surface est ainsi annulé.
De plus, ces tarifs ne rendent pas le centre d'Esch attractif en comparaison avec d'autres villes et même Belval. Le conseiller est donc d'avis que ce règlement de taxe n'a pour but que de remplir les caisses.

***Zénon Bernard (KPL)** tient à préciser, concernant le règlement, qu'il n'a jamais vu un pareil chaos. Il ne parle pas du principe, mais bien de la lisibilité du document qui nécessite quatre ans d'université pour pouvoir le comprendre.*
Ensuite l'orateur tient à faire une remarque concernant le fait que c'est toujours aux citoyens de payer des taxes pour faire rentrer de l'argent dans les caisses. Ils payent pour les infrastructures des routes, pour les trottoirs. Ensuite ils doivent encore payer de nouvelles taxes pour les parkings, alors que ceux-ci devraient déjà leur appartenir.
Il ne trouve pas normal que tel soit le cas, surtout lorsqu'on sait que l'indexation des salaires n'est pas opérée depuis des années, et que pourtant les citoyens doivent régulièrement payer de nouvelles taxes.
Selon lui, le Parking résidentiel n'est qu'un prétexte pour faire avaler la pilule pour tout le reste. Il est donc d'accord avec la proposition de Mr Biltgen pour un vote séparé.
Mr Bernard pense qu'il existe d'autres moyens de résoudre la problématique dans les différents quartiers. Il s'agit d'ailleurs d'une proposition déjà faite il y a des décennies, et retenue dans le programme électoral des Verts. Il faudrait parler de parkings d'accueil et parkings de dissuasion. Ces parkings ont comme vocation de pousser les gens à se garer en périphérie de la ville, donc en évitant de se coincer dans le

déi Idee dann ebe komm, fir dat doten ze maachen.
Mir hunn och eiser Assemblée gesot, dass mer e Rendezvous beim Schäfferot respektiv beim Här Hinterscheid ufroen, fir nach iwwer verschidde Saachen ze schwätzen. Mir hunn nämlech do eng Idee, e Projet, wou mer wollten der Gemeng virleeën, mat enger Testphas.
Ech kann elo nach net alles hei verzielen, mä et wier an enger Testphas vum Summer bis Enn dës Joers. Déi meeschte Leit soe jo, et gi Stied, wou et samschdes gratis ass. Wou d'Leit kënne shoppe kommen, wou et gratis ass. Et sinn e puer Varianten, wou mer do wëllen ënnerbreeden.
D'ACAIE ass do och bereet, finanziell mat ze wierken, fir do Léisungen ze fannen. Well Kritike kommen der jo genuch, mä Léisunge ginn am Fong keng richteg konkret proposéiert. Ausser Opfangparkingen an hei an do, wéi grad gesot ginn ass. Do mussen och dann d'Suen do sinn, fir déi ze finanzéieren.
Ech wollt op jidde Fall emol Merci soen, dass eis Idee vum Parking-Minute, déi mer zesummen elaboréiert hunn, ukomm ass. Ech mengen, dat wier e grousse Fortschrëtt fir Esch. Et gëtt jo ëmmer geschwat, dass ee muss annerhalwen Euro bezuelen, fir eng Baguette sichen ze goen. Dat ass jo dann net méi de Fall. Do si jo dann dräi Minutte-Parkingen, wou ee fir een Cent d'Minutt an net fir vill méi, parke kann. Déi gi jo och elo aktuell an do sinn nach anerer, déi nach sollen nozéien. Vun dohier fannen ech schonn, dass vill hei zu Esch geschafft gëtt, fir de Leit entgéint ze kommen. An dofir wollt ech och hei am Numm vun de Geschäftsleit Merci soe fir déi gutt Kollaboratioun. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Nach kuerz den Här Majerus. An dann huet den Här Hinterscheid d'Wuert."

Luc Majerus (déi gréng): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech hale mech ganz kuerz. Ech hat mech jo definéiert als Frënd vum Bam an net Sklav vum Auto,

(Gelächter)

soudass ech prinzipiell eigentlech ganz d'Idee ënnerstëtzen, dee Verkéier virun der Dellhéicht-Schoul ewech ze kréien, wou d'Leit aus dem Quartier, déi maximum 350 bis 400 Meter vun der Schoul alt ewech wunnen, mam Auto mussen d'Kanner ofsetze kommen.
Elo weess ech awer eppes net, an ech sinn net Member vun der Verkéierskommissioun: do ass ee Quartier, wou d'Kanner och obligatoresch an d'Dellhéicht ginn, deen awer net de Quartier Dellhéicht ass, mä de Quartier Neiduerf. A wann een elo zum Beispill d'Distanz hëlt vum Bourgronn oder rue des Noyers bis an d'Dellhéicht, sinn dat zwee Kilometer. Déi Leit, déi elo net d'Méiglechkeet hunn, mam Schoulbus ze kommen, missten awer iergendwéi do d'Méiglechkeet hunn, iergendwou eng Parkméiglechkeet ze fannen. Dat heescht, déi Idee vun deem Polleren, ass prinzipiell gutt. Mä ze Fouss goen, ech hunn et hei op mengem Handy op, dat si 25 Minutte moies ze Fouss ze goen. Ech fannen dat..."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Dat ass gesond."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dat ass gesond."

Luc Majerus (déi gréng): „20 bis 25 Minutten."

(Interruptioun duerch den Här Hinterscheid)

Luc Majerus (déi gréng): „Nee, ech sinn der Meenung, dass een deene Leit awer misst d'Méiglechkeet ginn, sech do ze parken. D'autant plus, dass wa se mam Auto kéimen, hu se emol net d'Vignette vum richtege Quartier. Dat heescht, et brauch een d'Vignette vum Quartier Dellhéicht a si hunn d'Vignette vum Quartier Neiduerf. Do kéint ee vläicht einfach pragmatesch eng Solutioun proposéieren.
Dat war just eng kleng Remarque. An all Leit kënnen net 20 bis 25 Minutte moies ze Fouss goen. Sorry, do ginn et awer och Exceptiounen. An et muss een och no deene kucken."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Dann äntwert elo de Schäffen Henri Hinterscheid."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Ech hu jo mat Satisfaktioun kënne feststellen, dass de reglementareschen Deel hei schéngt d'Unanimitéit ze hunn, fir de verkéierstechneschen Deel. An dass och schéngt hei Unanimitéit ze si fir de Problem, wat d'Sécherheet ëm d'Dellhéicht-Schoul ugeet.
Här Majerus, als leschte Riedner, de Park & Go, deen an der Spidoolsstrooss ass, deen ass genau fir dat do ze léisen. De Park & Go, déi 30 Minutte maximum, op deem ënneschten Trançon vun där Enco-

centre ou dans les quartiers surchargés.
Pour ces parkings d'accueil, il faut assurer naturellement une haute fréquence en bus allant vers le centre, avec la qualité et le prix requis. Ce sont les conditions de base pour qu'un tel parking fonctionne.
Si l'on place un parking à un endroit avec le départ d'un bus toutes les demi-heures ou toutes les 45 minutes, les automobilistes ne pourront pas en profiter car ils ne pourront pas s'arranger pour arriver à l'heure au travail. Il faut donc de grands parkings d'accueil dans des zones à haute fréquence du transport vers le centre.
Il prend ainsi l'exemple du Parking Bouillon qui fonctionne très bien et où des milliers de personnes se garent chaque semaine, pour prendre le bus vers le centre.
Le conseiller voterait donc pour le volet parkings, mais contre l'augmentation des taxes.

***Georges Mischo (CSV)** loue l'agrandissement du parking résidentiel du quartier Neiduerf et l'instauration du parking résidentiel dans le quartier Raemerech. Mais la question se pose maintenant de savoir si le nombre d'agents municipaux est suffisant pour couvrir ces deux quartiers supplémentaires. Car il en est ressorti des discussions que beaucoup de frontaliers se garent dans le quartier Raemerech afin de prendre le bus vers la ville. En effet, s'il n'y a pas assez de contrôles, les problèmes de circulation ne s'arrêteront pas.*
Concernant la rue Dellhéicht et le problème des parents qui pensent devoir amener leurs enfants jusque dans la salle de classe, des discussions ont été menées au sein de la commission de la Circulation et l'avis est de placer des poteaux, ceci notamment pour faire comprendre aux parents de ne pas faire des allers-retours permanents avec la voiture. Sans parler du problème de sécurité pour les enfants si des gens se garent n'importe où avec leur voiture.
Il demande également à quand la fin définitive du chantier de la rue Dellhéicht et quand les emplacements seront terminés ?

***Astrid Freis (LSAP)** indique qu'elle ne peut s'étonner de l'approbation générale de l'expansion du Résidentiel.*

che, ass genau, fir deen do Problem ze léisen. Wann emol ee wierklech net soll de Schoulbus kënnen huelen, dann ass déi Léisung do ugeduecht.
Mä dat si keng Parkingen. Dat ass wierklech, fir säi Kand erauszeloossen, Kiss & Drop, a fäerdeg. A mir hu festgestallt, an dat huet d'Police eis confirméiert an eis eegen Agente confirméieren dat och, dass iwwerall do, wou mer där Kiss & Go gemaach hunn, déi respektéiert gi vun de Leit. An dass déi net benotzt ginn, fir laang drop ze parken.
Da kënnt déi aner Diskussioun: Also ech verstinn dem Här Biltgen seng Argumentatioun mat dem Taxereglement; dass e seet, mir hunn dat virdrun net gestëmmt, well déi Ofstufung, déi dran ass, eis net kohärent schéngt. Mir stëmmen d'Taxereglement als solcht och net. Dat schéngt mer kohärent ze sinn. Ech hu mer och näischt anescht erwaart.
Ech wëll awer trotzdeem soen, an d'Madame Freis huet drop higewisen, dass mer awer och no ënnen differenzéieren. Well de Brill-Parking ass nëmmen nach een Euro d'Stonn. An en ass onlimitéiert, währenddeem de Résidentiel 1,30 Euro mat engem Maximum vun zwou Stonnen ass. Also mir hunn och do no ënnen differenzéiert.
Mir hunn och Parkings longue durée, wou et fir 50 Cent d'Stonn ass. An déi hu mer an der Périphérie, Här Bernard, gemaach. Mir hunn 12-1300 Parkings longue durée, déi d'Escher Gemeng reglementéiert, an dat jeeweils a periphere Situatiounen.
Do dobäi kënnt de Park & Ride vun der CFL op Belval, deen och e ganze Koup Verkéier kann opfänken. Mä all déi Parkings longue durée an déi Park & Ride sinn net absolut gratis; déi sinn u Konditioune gekoppelt. An dofir hu mer festgestallt, dass mer elo eng Congestioun hunn, trotzdeem dass mer Parkings longue durée hunn, mat enger Ubannung un den ëffentlechen Transport zu Raemerech, wou all dräi Minutten e Bus kënnt, deen an den Zentrum Esch fiert, wann ech sämtlech Linnen zesummenzielen.
Also kann een net soen, et gëtt näischt an en ass och en plus net un den ëffentlechen Transport ugeschloss. Also dee Park & Ride, deen zu Raemerech steet, ass an enger Frequenz – vun all Moyennë – vun all dräi Minutten e Bus Zentrum-Esch ugeschloss. Mä wou ginn d'Leit parken? Ma se ginn an de Quartier parken, well et do – nach de Moment – näischt kascht, obwuel mer dee Parking longue durée à prix réduit do hunn. Dofir maache mer eigentlech e Lach zou.
Mir hunn hei keng nei Taxen agefouert. Ech wëll dat ganz kloer a prezis soen, Här Bernard. Et ass keng eng nei Tax. Déi Taxen, déi gülteg si fir de Résidentiel an där Zon, schreiwe mer an dat Reglement, wat mer hei schonn eng Kéier gestëmmt hunn, just dran. Et ass keng nei Tax.
Do kann een d'accord si mat der Héicht vun der Tax oder net. Mä et ass de Corolaire, dass wa mer de Résidentiel ausweiten, mer natierlech och déi Tax, déi un deem Résidentiel hänkt, och hei als Strooss, mat an eist Taxereglement schreiwen.
D'Argumentatioun vun der Logik vum Här Biltgen kann ech novollzéien, dass e seet, mir waren deemools net mat Ärer Differenzéierung d'accord, dofir stëmme mer en net mat.
Mä eis hei ze ënnerstellen, mir hätten nei Taxen agefouert fir méi Geld ze verdéngen, dat ass franchement net wouer, Här Bernard. Mir hu keng eng nei Tax hei agefouert. Mir hunn déi Taxen, déi existent sinn, op dat Verkéiersreglement, wat mer elo stëmmen, applizéiert.
An ech mengen och dofir, dass een déi Duerstellung esou net ka si loossen, genau sou wéineg wéi déi Duerstellung, dass et keng Opfangparkingen hei zu Esch géife ginn. Et gëtt méi Opfangparkingen, wéi mer der de Moment brauchen. Just d'Leit huele se nach ëmmer net un. Mä progressiv fänkt dat un ze kommen.
De Parking, deen um Aloyse Meyer ass, dee vum Spidol exploitéiert gëtt, ass mëttlerweil ëmmer voll. Deen doniewent, dee vun der Gemeng zur Verfügung steet fir déi Leit, déi net am Spidol schaffen, ass permanent voll. Mir hunn do e Véierelstonnentakt mam Bus Richtung Esch a Richtung Belval. Mir hunn eng Vëlosstatioun do doniewent stoe vun eisem Vël'Ok-System. Also et ass do. Mä d'Leit mussen et just unhuelen. A si huelen et eréischt un, wa mer d'Schrauwe bannendran esou zoudréinen, an dat am Interêt vun eise Matbiergerinnen a Matbierger an hire Quartiers résidentiels.
D'Madame Freis huet et gesot: Parkhaiser bauen ass jo schéin a gutt. Mä déi muss ee jo och eng Kéier bezuelen. An do ass awer dann de Prinzip vum Utilisateur-Payeur. Dee muss een awer une fois pour toute emol acceptéieren. Deen, dee mam Auto wëll fueren, muss och bereet sinn, ze bezuelen. E bezilt jo och säi Sprit. Also et ass de Prinzip vum Utilisateur-payeur.
An ech mengen net, dass et gerecht wier, wann deen, dee keen Auto huet oder dee sech foussleefeg beweegt, da misst iwwert d'Steiere matbezuele fir e Parkhaus fir déi aner Leit. An dofir ass dat do eigentlech de richtege Wee.

Mais elle ajoute qu'il n'y a jamais un accord unanime concernant la problématique des tarifs.
Elle explique que l'avant-veille a eu lieu l'Assemblée générale de l'Association des commerçants d'Esch-sur-Alzette. Il y a eu en amont l'envoi d'une circulaire afin de sonder ce qui va mal, ce qui tient à cœur aux gens, ce qui leur plaît ou ce qui leur plaît moins.
L'oratrice exprime son désaccord avec les propos de Mr Bernard : il n'y a pas de chaos complet et il ne faut pas avoir accompli cinq années d'université. Elle rappelle ne pas avoir cinq ans d'université et qu'elle comprend néanmoins très bien le règlement. Pour elle, cela revient à présenter la population comme ignorante.
Le résultat du questionnaire est que 80 à 85% des personnes interrogées désapprouvent le fait qu'il faille payer le parking dans les rues pendant l'heure de midi.
Elle rappelle que c'est son rôle, en tant que présidente de l'association des commerçants, de répondre aux doléances et de les présenter devant le Conseil communal. Mais elle doit également répondre aux gens que si on veut des parkings, il faut également les utiliser car bâtir un parking coûte cher.
Elle rappelle que le prix pour le stationnement au parking Brill a été diminué. Actuellement, une heure coûte 1 euro. Avec comme effet immédiat une nette augmentation de l'utilisation de ce parking.
L'oratrice met en avant l'importance de demander leur avis aux citoyens, donc pas seulement aux commerçants. D'où l'idée d'une brochure destinée uniquement au centre-ville d'Esch. Cette brochure aurait alors un format idéal pour que les gens puissent la mettre en poche. Elle documenterait qu'il y a beaucoup de parkings.
La conseillère ajoute qu'il a été décidé au cours de l'Assemblée de demander un rendez-vous auprès du Conseil des bourgmestre et échevins afin de présenter un tout nouveau projet (avec une phase de test). Actuellement, elle ne peut encore donner de détails, mais cette phase de test irait de l'été à la fin d'année. La plupart des gens disent qu'il existe des villes où se garer au centre le samedi serait gratuit. Or l'Association aimerait proposer plusieurs variantes.

Mer hunn et gemaach, dass wann e Parkhaus eidel steet, a mer mussen d'Käschte souwiesou droen, mer et dann tariflech méi interessant maachen, dass et genotzt gëtt. Dat schéngt mer och logesch a kohärent ze sinn. An dat ass jo do, wou mer dann d'Tariffer differenzéiert hunn.
Zu all Schandtat bereet, Madame Freis, déi dat Ganzt méi attraktiv mécht. Mer musse just heiansdo drun denken, dass d'Rechnung awer opgeet en fin de compte.
Här Mischo, ech soen lech Merci, dass Der op dee Problem hiweist, dass mer mussen d'Zuel vun den Agenten iwwer kuerz oder laang eropsetzen. Well mer fueren nach ëmmer mam selwechte Staff wéi virdrun. Mir hu Lalleng bäigeholl. Mir hu Brouch bäigeholl. Mir hunn dat ëmmer méi wäit gemaach a mir sinn amgaang, zesumme mam Personalschäffen a mat der Réforme administrative, e Modell ze developpéieren, wou mer dat a Relatioun setzen. Also déi Zuel vun de Parkingen, d'Frequenz vun de Parkingen, Hotspotten, déi se méi no mussen iwwerwaachen, do musse e Modell hunn, wéi mer d'Zuel vun den Agente kënne festleeën. A mir wäerten der sécher nach missen astellen.
A wann ech haut d'Reklamatioune kucken, déi ech vu Biergerinnen a Bierger kréien, kréien ech fir 50 Reklamatiounen, dass d'Agenten net genuch präsent sinn, net genuch verbaliséieren an de Quartieren, net genuch hëllefen, dass d'Liewensqualitéit an de Quartieren héich bleift; vläicht eng, wou ee sech iergert, dass en e Protokoll kritt huet.
Also d'Relatioun huet sech geännert. D'Leit gesinn dat.
Den Här Tonnar fiert haut mam Vëlo. Dee fiert méi mam Vëlo eméi ech, obwuel en net Mobilitéitsschäffen ass. Dat muss ech dann awer och hei offiziell soen. Soudass ech mengen, dass mer hei awer dee richtege Wee ageschloen hunn an dass mer et elo flächendeckend hunn.
Et bleift elo nach just de Quartier Universitéit. An dee maache mer, wann déi Bieleser a Suessemer Kollegen och wëssen, wéi se op hirer Säit fueren.
D'Bornen, d'versenkbar Polleren..., Dir hutt drop higewisen. Mir hoffe wierklech, dass et esou geet an dass et esou ka klappen, dass een dat net muss maachen. Well dat embêtéiert jo awer all déi Leit, déi sech do net onzivil behuelen.
Ech mengen, ech hunn elo op alles geäntwert a soen da Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Hinterscheid. Dann au vote."

Eng Stëmm: „Wat stëmme mer?"

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „D'Reglementer separat vum Taxereglement."

Eng Stëmm: „Dat heescht all d'Reglementer."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „All d'Reglementer an dono d'Taxereglement."

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité l'extension du parking résidentiel 'Neiduerf' et adopte le règlement de circulation y afférent.

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité l'introduction du parking résidentiel 'Raemerich' et adopte le règlement de circulation y afférent.

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal adopte le nouveau règlement-taxe concernant le stationnement.
On voté pour : M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – M. Henri Hinterscheid – M. Martin Kox – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Madame Freis tient à remercier du fait que l'idée du Parking-Minute a bien été reçue et que l'on ne doive plus payer 1,50 euros pour aller chercher son pain. Cette mesure démontre que la commune écoute les doléances de la population, et elle tient donc à remercier la commune de sa collaboration.

***Luc Majerus (déi gréng)** indique qu'il soutient que l'on essaye de supprimer ce type de circulation devant l'école Dellhéicht où les gens habitent à un maximum 400m de l'école et prennent tout de même la voiture.*
Mais il ajoute également que les enfants du quartier Neiduerf sont obligés d'aller à l'école Dellhéicht. Et la distance peut alors aller jusqu'à deux kilomètres. Or les gens qui n'ont pas la possibilité de venir en bus scolaire devraient avoir la possibilité de se garer auprès de l'école.
L'idée de placer des poteaux est évidemment intéressante, mais on nécessite 20-25 min pour venir à pied du quartier Neiduerf. L'orateur est donc d'avis qu'il faut donner à ces gens la possibilité de se garer près de l'école. D'autant plus que s'ils viennent en voiture, ils n'ont pas la vignette du bon quartier, car on a besoin de la vignette du quartier Dellhéicht et qu'ils ont celle du quartier Neiduerf. Il faudrait donc proposer une solution pragmatique. En effet, tout le monde ne peut pas marcher 20-25 min le matin.

***L'échevin Henri Hinterscheid (LSAP)** a pu constater avec satisfaction que la partie réglementaire concernant la circulation et la question du problème sécuritaire autour de l'école « Dellhéicht » semblent être acceptées à l'unanimité.*
Il s'adresse ensuite à Mr Hansen, lui indiquant que le Park & Go qui se trouve dans la rue de l'hôpital a pour but de régler le problème, ainsi que le Park & Go, les 30 minutes au maximum, sur le tronçon inférieur de l'encoche. Si quelqu'un ne pouvait vraiment pas prendre son bus, cette solution est donc de mise.
Il rappelle qu'il ne s'agit là pas de parkings, mais seulement de Kiss & Drop pour que les parents déposent leurs enfants, ce qui est bien respecté par les usagers.
Il tient aussi à ajouter qu'une différenciation a été faite vers le bas, comme l'a indiqué Mme Freis. Car le

On voté contre : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Annette Hildgen – M. Guy Kersch – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – M. André Zwally

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal adopte à l'unanimité les délimitations des secteurs de stationnement payant à caractère résidentiel (ayants-droits).

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal adopte à l'unanimité la modification du règlement de circulation dans la rue Dellhéicht.

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal confirme à l'unanimité différents règlements temporaires de la circulation.

8. Changement des limites entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la commune de Sanem au site Belval – délibération concordante ; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zum nächste Punkt, deen lech vläicht e bësse wonnert: de Changement de limite vun der Grenz zwëschent der Escher Gemeng an der Suessemer Gemeng um Site Belval. Mir hunn dat heibannen 2007 gestëmmt gehat. Mir hunn awer viru 14 Deeg en Uruff kritt vum Ministère de l'Intérieur, datt mer dat nach eng Kéier misste stëmmen, virun allem de Plang.
Deemools war dat ofgestëmmt ginn. Et ass och ëm en Terrain gaangen, dee mir géifen un d'Gemeng Suessem ginn, respektiv ëmgedréint. Et war am Kader vun der Uni. Et geet einfach drëms, de Vote nach eng Kéier ze bestätegen, fir datt d'Gesetz ka gemaach ginn iwwert den Innenminister. An dofir bieden ech lech, deem kuerz a schmerzlos zouzestëmmen."

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal adopte à l'unanimité un changement des limites entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la commune de Sanem au site Belval.

9. Questions de personnel; décisions
1) Création et suppression de postes
1.1) Création et suppression d'un poste au service Développement économique, relations internationales et tourisme; décision
1.2) Création d'un poste d'employé communal à la Police des Bâtisses; décision
2) Question de personnel engagé sous le régime de l'employé communal; décision
3) Question de personnel engagé sous le régime du salarié; décision
4) Primes d'astreinte
4.1) Primes d'astreinte variables allouées aux fonctionnaires et employés pour l'exercice 2015; décision
4.2) Primes d'astreinte variables allouées aux salariés communaux pour l'exercice 2015; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Fir de nächste Punkt huet de Schäffen Dan Codello d'Wuert."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Mir hu verparking du Brill n'est plus qu'à 1 euro de l'heure avec une durée de stationnement illimitée, alors que le résidentiel est à 1,30 euros de l'heure avec un maximum de deux heures de stationnement.
Il souligne les 1200 à 1300 parkings longue durée à 50 centimes de l'heure qui se trouvent dans les situations périphériques.
Il y ajoute le Park & Ride de la CFL à Belval qui peut considérablement désengorger la circulation. Mais ces parkings ne sont pas gratuits, ce qui entraîne une congestion au niveau de la circulation malgré les parkings longue durée et les bonnes connections avec les transports publics à Raemerich.
L'échevin refuse qu'on dise qu'il n'y a pas de possibilités et pas de connections avec les transports publics. Mais les automobilistes continuent de se garer dans le quartier car cela ne coûte encore rien – pour le moment.
Il tient à préciser qu'aucune nouvelle taxe n'a été ajoutée, mais qu'il s'agit dans ce cas uniquement de l'implication des taxes valables dans le résidentiel et dans cette zone dans ce règlement.
On peut être ou ne pas être d'accord avec le montant. Mais il est clair que si le résidentiel est étendu, il faut aussi que la taxe soit étendue également.
Il comprend néanmoins le raisonnement de Mr Biltgen qui ne veut pas voter car il n'était déjà pas d'accord avec la différentiation auparavant. Mais il ne peut accepter que l'on sous-entende que de nouvelles taxes ont été ajoutées pour gagner plus d'argent. Il y a seulement application des taxes existantes au règlement de circulation qui va être voté.
Il n'accepte pas non plus qu'on dise qu'il n'existe pas de parkings d'accueil à Esch. Le seul problème étant que les gens ne les utilisent toujours pas ; mais l'orateur reste optimiste, cela viendra progressivement.
Les parkings d'Aloyse Meyer, exploité par l'hôpital, et celui à côté, mis à disposition par la commune, sont toujours pleins. Un bus en direction d'Esch et de Belval circule toutes les 15 minutes. Une station du système Vël'Ok se trouve à côté. Tout est là, mais il faudrait encore que les gens s'en servent.
L'échevin souligne l'importance d'adopter le principe d'utilisateur-payeur en ce qui concerne la

schidde Personalfroen. Eng éischt, Création de poste. Dir wësst, datt mer grouss ausgeschriwwen hate fir am Service Développement économique, Relations internationales et Tourisme en neien Agent ze fannen, dee sech haaptsächlech ëm d'Relatioune mat den Hotelieren a mat de Bistroe bekëmmert, fir och Taxen do anzedreiwen.
Do huet eng Persoun sech gemellt am Statut vum Agent municipal. An duerfir musse mer haut dee Poste stëmmen.
A gläichzäiteg dann awer och ee suppriméieren, de Poste vum Artisan. Déi Persoun, den Här Guy Poggi, deen dodrobber sëtzt, wäert op den 1. November a Pensioun goen. Kënne mer dat stëmmen?"

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Au vote."

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – Mme Vera Spautz – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la suppression et la création d'un poste au service Développement économique, relations internationales et tourisme.

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Da komme mer zu enger Création de poste, wou mer ausschreiwen, Employé communal an de Carrièren C, D an E. Och do schreiwe mer breet a grouss aus. Et ass fir an der Bautepolizei, fir datt mer och do e Maximum vun interessante Kandidature kënnen era kréien.
Eise Service vun der Police des bâtisses ass am Moment ënnerbesat duerch esou Saache, Madame Hildgen, wéi Congé parental a Congé de maternité. An dann hunn ech jo gesot, musse mer awer ëmmer kucken, datt d'Servicer weider fonctionnéieren. An duerfir bieden ech lech dann, och där doter Création de poste zouzestëmmen."

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – Mme Vera Spautz – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la création d'un poste d'employé communal à la Police des Bâtisses.

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Ech proposéieren dann och deen anere Punkt direkt. Dat ass fir d'Madame Fabienne Niggel, déi wëllt hir Tâche eropgesat kréien op 40/40, also 100%. Ech bieden lech, och deenen zou Saachen zouzestëmmen."

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité un changement du taux d'occupation d'une employée communale.

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Dann nach eng Personalfro am Conservatoire. Do ass de Poste vun der Madame Corinne Gerend, dee gëtt vun 10 Stonnen op 17 Stonnen erop gesat."

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité un changement du taux d'occupation d'une salariée.

Schäffen Dan Codello (LSAP): „An da wéi alle Jahre wieder, och en annexe d'Lëscht mat de Prime-d'astreinten. Déi bieden ech lech, och ze stëmmen. Merci."

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

construction de parkings à plusieurs niveaux. Il serait en fait injuste qu'à travers les impôts les gens qui n'utilisent pas la voiture doivent payer pour les gens qui l'utilisent.
Le but sera de proposer des tarifs plus intéressants lorsqu'il s'agit de remplir le parking alors qu'il est vide et qu'il faut tout de même supporter les frais. Et c'est à ce niveau-là que le tarif a été différencié.
Il remercie Mr Mischo d'avoir pointé la nécessité d'engager plus d'agents. Lallange, Brouch et Zaepert ont été englobés, un modèle est donc en cours de développement avec l'échevin du personnel et la réforme administrative qui mettra en relation le nombre de parkings, la fréquence des parkings et les hot spot à surveiller afin de fixer un nombre adéquat d'agents.
Il explique que sur 50 réclamations concernant le manque de présence des agents et le manque de verbalisations dans les quartiers, seule une réclamation concerne une personne qui se plaint d'avoir reçu une verbalisation.
Concernant le quartier universitaire, il espère que les bornes et poteaux automatiques ne seront pas nécessaires car cela ne fait qu'embêter les gens qui se comportent de manière civilisée.

(Votes)

***La bourgmestre Vera Spautz (LSAP)** en vient ensuite au changement de limite de la frontière entre les communes d'Esch et de Sanem sur le site Belval. Cela a été voté en 2007, et pourtant un appel a été reçu du ministère de l'Intérieur 14 jours auparavant afin de procéder à un nouveau vote, en particulier concernant le plan.*
Il s'agit en fait de confirmer ce vote pour que la loi puisse être établie par le ministère de l'Intérieur.

(Vote)

***L'échevin Dan Codello (LSAP)** vient au dossier du personnel. Tout d'abord la création du poste d'agent dans le Service Développement économique, Relations internationales et Tourisme qui s'occuperait des taxes en relation directe avec les hôteliers et bistrots. Une personne a envoyé sa candidature, il faut donc passer au vote sur ce poste.*

Le Conseil communal approuve à l'unanimité les primes d'astreinte variables allouées aux fonctionnaires et employés pour l'exercice 2015.

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité les primes d'astreinte variables allouées aux salariés communaux pour l'exercice 2015.

10. Transactions immobilières
1) Acte de vente d'un appartement-duplex dans la résidence Nonnewisen - Lot 4N; décision
2) Contrat de bail relatif à la buvette et la salle polyvalente du COHS; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Codello. Mir kommen zu Punkt 10, Transaction immobilière. Et geet ëm en Acte de vente an den Nonnewise fir 428.882 Euro, eng Vente de gré à gré. An ech géif Iech bieden, deem zouzestëmmen. Au vote."

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Den Här Mischo wëll nach eppes soen."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Mischo."

Georges Mischo (CSV): „Ech wollt kuerz eng Kéier zum neie Contrat de bail Stellung huele fir d'Sportshal. Als éischt wollte mer mol..."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dat hate mer nach net."

Georges Mischo (CSV): „Ah, pardon. Dann hunn ech eppes falsch matkritt."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir sinn, Här Mischo, eréischt bei dem Contrat de bail Nonnewisen, an ech géif Iech da bieden, deem zouzestëmmen. Au vote."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité l'acte de vente d'un appartement-duplex dans la résidence Nonnewisen – Lot 4N.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Ier mer dann zum Contrat de bail vun der Buvette kommen, loosse mer awer mol den Här Hinterscheid den Dossier virstellen, wann ech gelift."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech mengen, déi Leit, déi méi regelméisseg an der Sportshal sinn, wëssen, dass de jëtzege Gérant vun der Sportshal, den Otto, wollt ophalen aus perséinleche Grënn. En huet och elo en Job op enger Nopeschgemeng. Et huet sech da fir eis drëms gedréint, fir en neie Gérant an déi Buvette eran ze kréien.
Ech wëll drun erënneren, wéi mer dat d'lescht Kéier schonn haten, wéi de laangjähregen Exploitant vun der Buvette, de Schweiche Roger an d'Malou, opgehalen hunn, dass mer eigentlech net wollten do iergend eng kommerziell orientéiert Buvette era kréien, mä e Gérant do era kréien. Dass mer Leit hunn, déi aus der Sportswelt kommen, déi d'Escher Sportswelt verstinn an déi och do kënne mat deene Veräiner eens ginn.
Deemools hu mer dann den Otto an d'Anna do dra gesat. A wéi den Otto elo opgehalen huet, do huet sech déiselwecht Fro erëm eng Kéier gestallt. An do ass eigentlech de Message an d'Sportswelt eragaangen, se solle sech emol schlau maachen, wien do eventuell kéint do interesséiert sinn. Well et ass virun allem fir eis wichteg, dass et an därselwechter Logik virugeet an dass déiselwecht gutt Kohabitatioun mat de Veräiner garantéiert ass.
An d'Konditioune sinn och fir deen neie plus ou moins déiselwecht, wéi fir deen aneren. Mir hunn do e puer Prezisiounen dra gemaach, notamment sécherheetstechnescher Aart. Zum Beispill, dass den Hall d'entrée net en Deel vum Bail ass, mä dass de Locataire do ka Gedrénks a kleng Restauratioun maachen. Mä dass se op jidde Fall muss eidel gemaach ginn, wann do grouss Evenementer sinn.
Mer hunn och do Prezisioune gemaach, wat fir eng Servicer dass dra sinn. Mir hunn och nach eng Kéier all Prescriptions

De plus, il faut voter la suppression du poste d'Artisan, car Guy Poggi, qui occupe ce poste, partira en pension à partir du 1er novembre.

(Vote)

Il en vient ensuite à la création de poste d'un employé communal dans les carrières C, D et E. Le but est de brasser large pour avoir un maximum de candidatures intéressantes pour le département de l'urbanisme et de l'habitation.
En effet ce service est en sous-effectif en raison, notamment, de congés parental ou de maternité. Il désire donc passer au vote sur ce point, ainsi que sur celui impliquant le désir de Mme Fabienne Niggel de passer à une tâche complète 40/40.

(Votes)

Et finalement, au Conservatoire le poste de Mme Corinne Gerend est augmenté pour passer de 10 heures à 17 heures. L'échevin propose de voter en même temps la liste des primes d'astreintes.

(Vote)

***La bourgmestre Vera Spautz (LSAP)** demande le vote du point 10, Transaction immobilière, concernant l'acte de vente des Nonnewisen pour un montant de 428.882 euros, une vente de gré à gré.*

(Vote)

***L'échevin Henri Hinterscheid (LSAP)** en vient au point concernant la gérance de la buvette, car les gérants, Otto et Anna, ont démissionné pour des raisons personnelles.*
Tout comme pour les exploitants précédents, Roger et Malou, et les exploitants actuels, le but n'est pas d'avoir une buvette à orientation commerciale, mais de trouver un gérant qui connais le monde sportif eschois et les différents clubs.
Le message qui a été envoyé au monde sportif est de trouver quelqu'un qui soit intéressé. Car il est important de continuer dans la même logique et de garantir une bonne cohabitation avec les clubs.
Les conditions seront plus ou moins les mêmes pour la nouvelle personne. Certaines précisions ont été ajoutées, notamment concernant les mesures de sécurité. Par exemple que

légales et réglementaires, wat Kaméidi, Pollutioun an esou ugeet, dra gesat. De Loyer bleift deeselwechten. Et ass just preziséiert, dass d'Mülltaxen an d'Verbrauchstaxen (Waasser, Elektresch, Tëléfon) mat separate Compteure ginn.
A vun dohier huet sech net vill geännert. Et war virun allem fir eis wichteg, dass et e Mënsch aus dem Monde du sport ass. An dee Mann, deen dat elo iwwerhëlt, kënnt och aus dem Monde du sport. En ass ganz no bei der Handball-Famill – virdru war et Basket –, esou dass och eng Alternance tëscht deenen zwee grousse Veräiner an eiser Sportshal do ass. An ech sinn och iwwerzeegt, dass dat gutt wäert fonctionnéieren.
Ech géif Iech bieden, deem Bail do zouzestëmmen.
Nach eng Prezisioun: Mir hunn en net missten ausschreiwen, well en ass manner wéi dräi Joer. E ka verlängert ginn an de Loyer annuel ass ënner 10.000 Euro. Da muss dat net ausgeschriwwe ginn an et muss emol souguer net approuvéiert ginn."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Mischo, den Här Hansen. Här Mischo, w.e.gl."

Georges Mischo (CSV): „Merci Madame Buergermeeschtesch. An dësem Kontext wollte mir als Fraktioun mol dem Otto Kovacz a senger ganzer Équipe Merci soen. Well dat huet jorelaang tiptop geklappt an der Hal.
Ech mengen, hien huet sech do mat Häerzblutt an déi Aufgab erageknéit gehat. An et war dacks, dass et ze spéit ginn ass, an hien awer ni richteg gegrommelt huet. A wat mir am Fong geholl och ganz positiv fannen, ass dass et elo e fléissenden Iwwergang gëtt zwëschent dem alen an deem neie Locataire. Also dass do net laang iergendwéi déi Buvette zou ass.
Well et ass net nëmmen den Handball an de Basket, mä och de Judo an alleguerten déi aner Sportsveräiner, déi do hin an hier zirkuléieren. Déi dovunner profitéieren, ob virum Match oder nom Match, op den Traininger iergendwéi eppes zou sech ze huelen. Also dat ass ganz flott, dass do den Tony Guedes, dat och e fréieren Escher ass, och wann en elo zu Féiz wunnt, aus enger Escher Famill erauskënnt, déi och dem Sport, wéi den Här Hinterscheid seet, nosteet, dat elo kann iwwerhuelen.
An ech mengen, dee Loyer vu 622 Euro plus 100 Euro Chargen ass ganz sozial. Et ass keng kommerziell orientéiert Buvette, wéi den Här Hinterscheid elo just gesot huet. Mir appréciéieren, dass dat keng grouss Boîte iwwerholl huet, mä de Fonctionnement am Fong geholl elo garantéiert ass, andeem do den Tony Guedes dat do kann iwwerhuelen, An dat ab dem 1. Abrëll. D'nächst Woch ass nach eng Ofschlossparty an der Hal, an ech mengen, da kann dat ganz normal iwwergoen.
Wat den Här Guedes als dann neie Locataire vun der Buvette eventuell genau esou vill Misär mécht wéi de Veräiner, dat sinn am Fong geholl déi, mir nenne se am Moment 'Koalitiounseemeren'. Dat heescht, et si rout Eemeren a gréng Eemeren, déi an der Hal ronderëm stinn, wann et iwwerall era reent.

(Gelächter)

Wahrscheinlech hate se keng orange oder keng schwaarz.
Dat ass natierlech eppes, wat de Fonctionnement vun der Buvette, awer och vun de Matcher net esou flott mécht. Do hu mer d'lescht Woch, virun zwou Wochen natierlech och nach Remarquë kritt vun deenen Diddelenger, déi och elo endlech eng nei Hal hunn.
Dat gesot, fir eventuell do och kënne Remedur ze schafen, dass do déi Saache kënne gefléckt ginn, dass dat esou séier wéi méiglech an der Rei ass. Wann een interesséiert ass, hei sinn d'Fotoe vun de Koalitiounseemeren. Merci."

(Gelächter)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „An den Här Hansen, w.e.gl."

Mike Hansen (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Ech sinn och frou, datt de Contrat de bail anscheinend net esou komplizéiert war wéi d'Taxen, datt dat och jiddereen heibanne verstanen huet. Soss wäre jo méi Froen dozou komm.
Ech muss mech och direkt dem Här Mischo uschléissen, datt wa mer elo schonn iwwert e Contrat de bail schwätzen, datt mer awer net eng nei Infrastruktur fir d'Escher Clibb däerfen aus den Ae verléieren. Ech mengen, mir décidéieren elo iwwert e Contrat de bail vun dräi Joer. Dat ass alles schéin a gutt. Mä mir däerfen awer net vergiessen, wéi den Här Mischo scho seet, déi Infrastruktur, déi do ass, déi muss vläicht ersat ginn.
Ech huelen elo den Handball Esch, welch Matcher se spillen, och international. Ech mengen, do misst een e bësse méi eng ugepassten Infrastruktur hunn. Och wéi de Basket an natierlech och de Judo.
Dir hutt gesot, déi Buvette soll net eng Orientation commerciale hunn. Do sinn

le hall d'entrée ne fait pas partie du bail et que le locataire peut ainsi y vendre des boissons et de la petite restauration, mais que tout doit être vidé lors de grands événements.
Des précisions concernant les services compris ont également été ajoutées, ainsi que les Prescriptions légales et réglementaires concernant le bruit ou la pollution, par exemple.
Le loyer reste le même, il a juste été précisé que les taxes pour les poubelles et de consommation (eau, électricité, téléphonie) fonctionnent par des compteurs séparés.
Il précise qu'une condition importante est que cette personne provienne du monde du sport. Et c'est justement le cas du monsieur qui va reprendre le poste. Il est proche de la famille du handball, et avant cela de celle du basket. L'échevin demande l'approbation du contrat de bail.
Un appel d'offre n'a pas dû se faire, car le bail a une durée de moins de 3 ans et le loyer reste encore sous la barre des 10.000 euros.

***Georges Mischo (CSV)** tient à remercier Otto et toute son équipe pour le bon fonctionnement de la buvette du hall sportif pendant des années.*
Il s'est donné de tout cœur dans la tâche, sans râler lorsque les journées s'éternisaient. Il est également satisfait que la transition se passe de manière aussi fluide entre l'ancien et le nouveau locataire, de sorte que la buvette ne soit pas fermée longtemps.
Et il ne s'agit pas seulement du handball et du basket, mais aussi du judo et tous les autres clubs sportifs, dont les membres circulent dans les infrastructures. Il est donc vraiment important d'avoir une personne proche du sport comme Tony Guedes, qui est en plus issu d'une famille eschoise proche du sport, reprenne la buvette.
Selon l'orateur, le loyer de 622 euros plus 100 euros de charges est très abordable. Il ne s'agit pas d'une buvette à but commercial. Il approuve qu'elle n'ait pas été reprise par une grosse boîte, mais que le fonctionnement est garanti par Tony Guedes. Une fête de clôture aura lieu le 1er avril et qu'ensuite la transition pourra se faire sans problème.

***Mike Hansen (LSAP)** soutient Mr Mischo et le fait que si on parle de contrat de bail, il ne faut pas perdre*

ech och mat lech averstan, datt u sech de Benefiss fir d'Clibb soll..., also net de Benefiss un d'Clibb, mä Bénéficiaire d'Vie associative vun der Ville Esch sollt sinn. Ech mengen..."

Méi Stëmmen: „Aah!"

Mike Hansen (LSAP): „Jo, mam Här Hinterscheid muss ech ëmmer e bëssen oppassen, wéi ech mech ausdrécken. Obwuel e versteet, wat ech soen, kréien ech dann ëmmer eng zréck. Mä als éischt emol vun dëser Plaz..."

(Gelächter)

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Fuer weider!"

Mike Hansen (LSAP): „Jo, mä datt d'Clibb dovunner solle benefisséiere. A wann een dann e bësse ronderëm eis kuckt, oder och elo hat ech d'Chance, mam Handball Esch an Holland ze goen, wéi esou eng Buvette kann ausgesinn: Do ginn et ganz flott Exemplen, wéi dat e Lieu de rencontre fir d'Clibb soll ginn.
Wat erkennt een do an éischter Hisiicht? Dat ass, datt do mol d'Trophäen ausgestallt sinn. An dorops wëll ech lech eppes froen, well am Sport maache mer villes richteg. Dat gesäit een. Mir gewannen oft, och wann et heiansdo emol méi schwaarz Jore ginn. Dorunner si keng Koalitiounseemere schold.
Anscheinend ass de Propriétaire, wéi ech hei am Contrat de bail gesinn, responsabel fir d'Buvette a fir den Zoustand hinzeriichten, wéi se exploitéiert ka ginn. Mä anscheinend, vum Bautereglement hier, kann een als Propriétaire do keng Vitrine opriichten, fir zum Beispill Trophäen auszestellen. Och wann et mat Plexiglas géif ofgeséchert sinn.
An duerfir hunn ech awer eng Fro un den zoustännege Schäffen, ob een dat net am Kader vun dësem Contrat de bail awer och kéint eng Kéier iwwerdenken, fir aus där Buvette wierklech e Lieu de rencontre ze maachen an och e Lieu vun den Trophäen, déi déi Escher Clibb gewonnen hunn an déi emol ausstellen. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Hinterscheid."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci, och un d'Virriedner, dass hei déi Démarche, déi mer gewielt hunn, approuvéiert ginn ass. Ech mengen et ass esou, Här Hansen, wann ech gesot hunn, net kommerziell, da war dat net fir iergendeng Chaîne vu Brauereien oder esou dran ze hunn, mä eppes, wat méi lieft a wou dann d'Vie associative sech zréckfënnt.
Dat mat de Koalitiounseemeren: souwäit wéi ech weess, gëtt elo dodru geschafft, dass deen Daach do soll dicht gemaach ginn.
An déi aner Remarque: jo, mir wëssen, dass mer nach eng zousätzlech Hal brauchen. An et ass jo och net fir näischt, dass dat an der Schäfferotserklärung steet. An dofir wäerte mer och an Zukunft nach ëmmer do derhannert bleiwen.
Dat mat den Trophäen: do mus ee mam Exploitant kucken, wéi hien dat och gesäit, fir déi hinzesetzen. Mir wäerten eis och elo zesummesetze mam Exploitant, fir ze kucken, wéi mer d'Salle polyvalente awer e bësse méi kënnen opmotzen. Déi ass awer e bëssen antiquéiert an hirem Look.
Mä dat musse mer dann och ëmmer während der Vakanz maachen. Do si mer an därselwechter Logik wéi mat de Schoulen. Also mir kënnen net do an der voller Saison ufänken, déi Salle polyvalente platt ze maachen. A wann Der de Bail am Detail gelies hutt, hu mer och wëlles, do gegebenenfalls, amplaz déi 30 Frigoe – ech hunn iwwerdriwwen, et si keng 30 –, eng Chambre froide dohin ze maachen, wou een dann kann ënnert vill méi energieeffiziente Moyenen do déi Killcapacitéit zur Verfügung stellen, déi een dofir brauch. An och de Gas eran ze leeën, wat dann natierlech bedeit, dass mer de Bail herno awer eng Kéier,wat de Loyer ugeet, renégociéieren. Dat, well d'Stad jo den Invest mécht an de Locataire herno de Benefiss dovun huet. Dat ass awer och esou undiskutéiert ginn.
Mä dat anert, dat musse mer mam Locataire kucken, wéi mer dat kënnen amenagéieren. Mä wa mer all d'Trophäen, déi déi Escher Clibb an de leschte 50 Joer gewonnen hunn, do wéilten an d'Salle polyvalente stellen, da kënnt kee méi eran. Dat ass de Problem.
(Gelächter)

Dat heescht, dat wär dann en Optrag un eis Sportskommissioun, fir déi emblematesch Trophäen dann do ze selektionéieren, déi een do ausstellt. Den Escher Sport steet sech gutt, wéi Der et richteg gesot hutt, mä all Trophäen, déi jeemools gewonne gi sinn, auszestellen: also ech mengen, déi kréie mer net do eran. Mä Dir hutt awer recht, mir mussen eng Plaz fannen, wou een dat mécht."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerten. Au vote."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis –

de vue une nouvelle infrastructure pour les clubs d'Esch. Il s'agit d'un contrat de bail de trois ans. Il ne faut donc pas oublier l'infrastructure qui doit peut-être remplacée.
Il prend l'exemple du Handball Esch qui joue aussi à l'international et qui aurait besoin d'infrastructures adaptées, ainsi que le basket et le judo.
Le conseiller est également d'accord avec le fait que la buvette doit bénéficier d'une nouvelle orientation commerciale avec la Vie associative de la Ville d'Esch comme bénéficiaire.
Selon lui, il est important que les clubs en bénéficient. Il a pu voir un exemple en Hollande, de quelle manière la buvette peut devenir un lieu de rencontre très agréable pour les clubs.
On peut par exemple aussi y exposer des trophées. Or le contrat de bail dit que le propriétaire est responsable de la buvette et de la manière dont elle est aménagée et exploitée. Mais dans le règlement de construction on peut lire qu'il est interdit d'installer une vitrine pour des raisons de sécurité, même avec du plexiglas. Il demande donc à l'échevin s'il n'est pas possible de repenser le contrat de bail de sorte qu'il soit permis de faire de la buvette un lieu de rencontre et de trophées.

L'échevin Henri Hinterscheid (LSAP) *précise que lorsqu'il parle de « non commercial », il veut parler de grosses chaînes de brasserie qui ne pourraient pas rendre le lieu aussi vivant et attractif pour la vie associative.*
De plus, il pense savoir qu'il y a un besoin d'un nouveau hall. Cela est déjà mentionné dans la déclaration du Conseil des échevins.
Il indique qu'une réunion aura de toute façon lieu avec l'exploitant pour un peu rajeunir le look de la salle polyvalente.
Mais il précise que tout cela devra être fait pendant les vacances, car on ne peut pas faire des travaux en pleine saison sportive. Ce sera aussi l'occasion de changer les frigos. Au lieu d'en avoir 30 (il exagère de manière volontaire), il serait plus efficace et écologique d'installer une chambre froide. Il est aussi prévu d'y installer le gaz.
Concernant les trophées, il faudra une discussion avec le locataire, car si tous les trophées des 50 dernières années sont exposés, il n'y aura plus

M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité le contrat de bail relatf à la buvette et la salle polyvalente du COHS.

11. Finances communales
1) Modification budgétaire; décision
2) Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier 2015 (titre 6); décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da komme mer zu enger Modification budgétaire, wou déi leschte Kéier hei am Gemengerot iwwert d'Subventions écologiques geschwat ginn ass, a wou mer hu missen en extraen Artikel opmaachen. Dat géif haut mat Ärem Vote passéieren. En ass libelléiert ënner 'Mesures en faveur d'économie d'énergie, pacte climat, protection de l'environnement' mat 20.000 Euro. Au vote."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la modification budgétaire proposée.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da komme mer zum Relevé a Rôle. Do stëmme mer och of. Au vote."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité le relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier 2016 (titre 6).

12. Subsides extraordinaires
1) Subside extraordinaire à accorder aux Secouristes de la Ville d'Esch-sur-Alzette; décision
2) Indemnisation des sapeurs-pompiers chargés de la permanence d'incendie en 2015; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dann zwee Subsiden, déi mer nach stëmme mussen. E Subside extraordinaire un d'Sekuristen, déi urgent Reparatiounen un hiren Ambulanzen haten, fir 7.675,31 Euro. Mir wëllen hinnen e Subside extraordinaire vu 7.500 Euro stëmmen.
An zweetens d'Indemnisatioun fir eis Pompjeeë vun dem Joer 2015, fir insgesamt 15.538 Stonnen. An do géif ech lech bieden, och deem zouzestëmmen."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal accorde à l'unanimité un subside extraordinaire aux Secouristes de la Ville d'Esch-sur-Alzette.

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité l'indemnisation des sapeurs-pompiers chargés de la permanence d'incendie en 2015.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Kolleginnen a Kollegen, ech hunn elo keng Changementer an de Kommissioune vun engem virfonnt gehat.
Da wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Ech soen lech Merci alleguerten, wënschen e schéine Freiden a schéin Ouschteren oder eng schéin Ouschtervakanz. Bis den 22. Abrëll erëm hei am Gemengerot."

de place pour faire entrer qui que ce soit.
Ce serait donc à la Commission sportive d'opérer un choix et de sélectionner les trophées emblématiques à exposer.

(Vote)

***La bourgmestre Vera Spautz (LSAP)** demande le vote sur la modification budgétaire déjà discutée dans le dernier Conseil communal sur les subventions écologiques et qui se trouve sous « Mesures en faveur d'économie d'énergie, pacte climat, protection de l'environnement » pour un montant de 20.000 euros.*

(Vote)

Puis, elle demande le vote pour le Relevé et rôle.

(Vote)

Elle appelle ensuite au vote concernant deux subsides. Le premier est le subside extraordinaire pour les secouristes qui ont besoin de réparations urgentes sur leurs ambulances pour un montant de 7.674, 31 euros. Le second concerne l'indemnisation des pompiers pour l'année 2015 pour un total de 15.538 heures prestées.

(Vote)

La bourgmestre clôture ensuite la session.

ESCH

Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, den 22. Abrëll 2016

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Ordre du jour

Réunion à huis clos :
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision

Réunion publique :
2. Information au public des décisions de personnel

3. Correspondance

4. Culture
   - 4.1. Capitale Européenne de la Culture 2022
     - 4.1.a. Présentation de la candidature de la Ville d'Esch pour le titre de Capitale Européenne de la Culture 2022; information
     - 4.1.b. Déclaration d'intention du Conseil Communal; décision
   - 4.2. "Kulturförderprogramm"; Adhésion à l'Agenda 21 de la Culture; décision
   - 4.3. "Mérite Culturel": modification du règlement communal; décision

5. Présentation de la Maison Relais "Rue du Canal"; information

6. Circulation
   - 6.1. Nonnewisen: modification du règlement de la circulation; décision
   - 6.2. Zone de rencontre Al Esch: Modification du règlement de la circulation; décision
   - 6.3. Problématique de circulation au niveau du CR 170A; discussion
   - 6.4. Règlements de la circulation temporaires; confirmation

7. Réaménagement et perspectives du quartier Brill et de la rue du Brill; décision

8. Conventions
   - 8.1. Urban Art ESCH 2016: convention; décision
   - 8.2. SONIC VISIONS Festival: convention; décision

9. Questions de personnel
   - 9.A. Modification du contrat d'engagement de la dame Inna Holovanova, éducatrice diplômée; décision

10. Transactions immobilières
    - 10.1. Intégration d'une parcelle dans le domaine privé communal; décision
    - 10.2. Acte de cession administratif; décision

11. Finances communales
    - 11.1 Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier des exercices 2014 et 2015 (titre 7); décision
    - 11.2. Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier de l'exercice 2015 (titre 8); décision

12. Subsides
    - 12.1. Subsides ordinaires pour les associations à caractère social pour l'année 2015; décision
    - 12.2. Subside extraordinaire pour l'ACAIE; décision

13. Contrats de bail et avenants; décision

14. Commissions consultatives; modifications; décision

2. Information au public des décisions de personnel
/

3. Correspondance
/

4. Culture
4.1. Capitale Européenne de la Culture 2022
4.1.a. Présentation de la candidature de la Ville d'Esch pour le titre de Capitale Européenne de la Culture 2022; information
4.1.b. Déclaration d'intention du Conseil Communal; décision
4.2. "Kulturförderprogramm"; Adhésion à l'Agenda 21 de la Culture; décision
4.3. "Mérite Culturel": modification du règlement communal; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Moien. Kolleginnen a Kollegen. Mir wäerten d'Informatioune betreffend d'Personal vum Huis-clos wéi ëmmer herno verdeelen.
Ech wéilt, ier mer offiziell mat eiser Gemengerotssitzung ufänken an an d'Themaen eraklammen, Iech virschloen, datt mer am Numm vum ganze Gemengerot – ech mengen, dat sollte mer maachen –, engem alen Escher, dem Marc Baum, häerzlech gratuléieren, datt en Deputéierte ginn ass. Mir hunn dat schonn als Schäfferot gemaach.
Mir hunn elo zwee Escher erëm an der Chamber. Ech mengen, dat ass vill wäert. A mir wësse jo och, datt hie wierklech heibannen Esch verteidegt huet an e wäert dat op seng Aart a Weis och an der Chamber maachen. An ech mengen, datt ech am Numm vun Iech alleguerte ka soen, alles Guddes an déck Nerven, gutt Nerven.
Mir hunn haut e chargéierte Programm, dee virun allem sech mat der Kultur beschäftegt hei zu Esch a mat eiser Kandidatur betreffend déi europäesch Kulturhaaptstad. Dir gesitt, datt etlech grouss Apparater hei ronderëm eis stinn an dat huet och eng Ursaach. Ech wéilt e grousse Merci soe fir d'éischt emol där ganzer Equipe vun eis vun der Gemeng, déi sech ëm déi Kandidatur bekëmmeren. Dat wier den Här Waltmans, d'Madame Andreja Wirtz an och d'Madame Daisy Wagner, déi 3 W, wéi se sech nennen, an d'Equipe, déi heibanne sinn an déi Är Stad och wäerte virstellen, verbonne mat engem Film. An d'Equipe ronderëm „Écoute le paysage", den Här Vonchon an d'Madame Ingra Sõerd, déi dat da wäerten heibanne maachen.
Ech wéilt, ier ech dem Kulturschäffen d'Wuert ginn, just e puer Bemierkunge maachen. Et war jo Etleches lass iwwert d'Press an de vergaangene Woche betreffend déi Kandidatur. Esch, jo/nee. Wie war den Eischten? Déifferdeng oder Diddeleng? Nee, Diddeleng mol net. Et ass queesch duerch de Gaart gaang mat Bemierkungen, mat gudde Rotschléi, mat villem aneren. Ech mengen, datt dat ganz normal ass, wann een esou eng Kandidatur stellt. An et war ëmmer vun eiser Säit aus gewënscht, dat mam ganze Süden zesummen a mat de Partnergemengen am Frankräich ze maachen.
Wann een esou eng Kandidatur stellt an esou vill Partner a Gemengen ronderëm en Dësch sëtzen, an dat dann en plus nach e Joer virun de Wahlen, da kënnt eng gewëssen Dynamik an déi ganz Diskussioun eran.
Et ass esou, datt mer d'Asbl stoen hunn, déi d'nächst Woch virgestallt gëtt an an enger Pressekonferenz mat sämtleche Gemengen an hire Vertrieder och wäert der Ëffentlechkeet virgestallt ginn.
All Gemengen hu Referente genannt fir matzeschaffen. Et kann net permanent e Buergermeeschter oder e Schäffe mat um Dësch sëtzen, fir e Programm auszeschaffen. Déi Kandidatur ass ganz enk. Et ginn aner Stied, déi hunn e Joer Zäit gehat oder méi, fir dat ze preparéieren an et gëtt wierklech enorm vill geschafft, fir dës Kandidatur eran ze ginn. An dofir de Leit alleguerten nach eng Kéier e risegrousse Merci.
Et gëtt e Projet, deen een net, mengen ech, mat anere kann a sollt vergläichen. Et ass e Projet aus dem Süden. Et ass en Escher Projet, dee mir och mat fir eis hei entwéckelen. Dat bedeit, et ass keen elitäre Projet. Et ass een, wéi mir sinn, terre à terre, an een, deen zu eis passt.
Dat ass elo déi Kandidatur, wéi Der se virgestallt kritt, wéi mir se wäerten den 23. Mee deposéieren. Et ass an engem Mount, wou se muss dobanne sinn. A wéi mer se de 14. Juni wäerte virun der Jury vun der Europäescher Kommissioun verteidegen. Dono geet d'Aarbecht richteg lass a weider. Well da ginn d'Detailer an d'ganz Programmer an de Gemengen ausgeschafft.
Wéi gesot, d'Asbl ass elo kreéiert. Et sinn, wéi all Mënsch dat matkritt huet, zwou Gemengen net dobäi. Ech wëll do just eng Gemeng ernimmen, well de Buergermeeschter vu Käerjeng haut de Moien anscheinend nach e gudde Rotschlo ginn huet oder matgedeelt huet iwwert d'Press, datt en nach géif ofwaarden, well en ass net mat dobäi. Si wieren als Gemeng net mat dobäi, bis elo, an datt en nach géif ofwaarden, fir sech bege-

La bourgmestre Vera Spautz (LSAP) *tient tout d'abord, au nom du Conseil communal, à féliciter l'ancien Eschois Marc Baum pour sa nomination au poste de député. En effet, il défendait déjà Esch lors du Conseil communal, et elle est certaine qu'il continuera à le faire à sa manière au sein de la Chambre. Elle lui souhaite donc bon courage au nom de tous.*
Elle informe ensuite que le programme de ce Conseil concerne majoritairement la culture et la candidature d'Esch en tant que Capitale de la culture européenne. Elle tient à remercier toute l'équipe de la commune qui s'occupe de cette candidature, à savoir Mr Waltmans, Mme Andreja Wirtz et Mme Daisy Wagner, les 3 W, comme ils se prénomment dans l'équipe, ainsi que l'équipe présente et qui présentera e.a. un film d'une autre ville, Capitale européenne de la culture. Ainsi que l'équipe d'«Écoute le paysage», Mr Vonchon et Mme Ingra Sõerd.
La bourgmestre indique que beaucoup de choses ont été dites dans la presse au cours des dernières semaines concernant la candidature. Ce phénomène est normal quand une telle candidature est posée. Et il était voulu de la part d'Esch que la candidature soit effectuée de la part du Sud en collaboration avec les communes partenaires françaises.
Une candidature avec autant de partenaires et un an avant les élections ne pouvait qu'apporter une certaine dynamique dans toutes les discussions. Elle ajoute que l'ASBL créée sera présentée la semaine suivante lors d'une conférence de presse avec les différentes communes et leurs représentants.
Elle tient à remercier une nouvelle fois tout le monde car un travail énorme est effectué pour cette candidature qui se révèle être difficile, car d'autres villes sont candidates, des villes qui ont déjà eu un an ou plus pour se préparer.
Elle présente le projet comme un projet qui, selon elle, ne peut être comparé avec d'autres. Il s'agit d'un projet eschois non élitaire, mais plutôt un projet très terre à terre.
Il s'agit de la candidature qui sera déposée le 23 mai et qui sera présentée le 14 juin devant le jury de la Commission européenne.
Elle répète que l'ASBL a été créée, et que deux communes n'en font pas partie, dont la commune de Bascha-

eschteren ze loossen, ier e géif eventuell matmaachen.
Bon, ech kann dozou nëmme soen: ech ka säi verzweifelte Kampf mat sech selwer verstoen. Wann een um internationale Parquet mat enger Weltausstellung wéi d'Gëlle Fra ze dinn hat, dann ass et natierlech schwéier, sech hei erëm ze fannen, fir mat de Gemengen alleguerten zesummen eppes ze maachen, wat méi terre à terre ass. Ech hoffen, datt säi verzweifelte Kampf en iergendwann dann dozou brénge wäert, matzemaachen. Wann net, dat hunn ech och schonn eng Kéier gesot, les absents ont tord, oder auront tord.
Et ass awer och dat näischt neits. Ech mengen, dat sinn normal Entwécklungen an d'Dier steet och dono op fir déi zwou Gemengen, awer matzemaachen. Déi sinn net ausgeschloss.
Ech wéilt elo dem Kulturschäffen, Jean Tonnar, d'Wuert ginn. An da wäerte mer e Film, deen iwwert d'Kulturhaaptstad Mons bericht, weisen, an dono wäerten dann den Här Vonchon an d'Madame Sõerd eis de Projet och virstellen.
Och dat, wéi Der gesitt, eng Première hei. Mä ech denken, dass et awer och gutt ass, wa mer Leit op der Plaz hunn, déi wëssen, vu wat se schwätzen a se och selwer hei presentéiere loossen.
Den Här Tonnar huet d'Wuert."

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. De Micro ass net besser entretemps mat menger Stëmm wéi mat Ärer.

(Gelächter)

Ech si ganz frou a ganz stolz, Iech de Mueren dee Projet virzestellen. Mer soen et net oft genuch: Et ass nach ëmmer nëmmen e Projet. Mer sinn nach net acceptéiert als Stad. An dat ass keng Selbstverständlechkeet. A wann ech elo soen, 'Stad', dann ass dat ëmmer net nëmme fir Esch, mä dat ass fir déi ganz Südgemengen, déi matmaachen. A wann ech nëmmen Esch nennen, ass dat awer net schlecht gemengt. Mä ech wëll ganz kloer soen, et ass fir de ganze Süden an och déi Stied hei aus dem Val de l'Alzette, déi matmaachen. An ech wäert dat net genuch widderhuelen elo a mengem Exposé, deen ech Iech halen iwwert déi Kandidatur.
Firwat insistéiere mer esou op dat Wuert Kandidatur? Mä eben, well et einfach keng Selbstverständlechkeet ass, dass een als Kandidat zréckbehale gëtt. Et ass méiglech, dass een en Noexame kritt. Et ass méiglech, dass se soen, "nee, dee Projet seet eis net zou". Bon, et kann ee sech et bal net virstellen, mä déi Possibilitéit besteet an duerfir si mer ëmmer nëmmen hei an enger Kandidatur an net definitiv fixéiert, dass mer wierklech Esch an d'Südgemengen 2022 hei kënnen déi Europäesch Kulturhaaptstad sinn.
Firwat mécht een esou eng Demande? Wat sinn esou Objektiver, fir eng Demande iwwerhaapt ze maachen? Ech mengen, dat ass net einfach esou aus dem Kapp komm, dass mer op eemol e Bréif kritt hunn a fonnt hunn, mer géifen dat maachen.
Nee, dat läit scho laang zeréck. Ech ka mech erënneren, viru fënnef Joer war ech scho vum Schäfferot op Bréissel geschéckt ginn. Do war fir d'éischte Kéier rieds, dass 2022 d'Lëtzebuerger Land erëm eng Stad oder eng Géigend kéint als Euorpäesch Kulturhaaptstad ginn. An do war de Wonsch vun deem Schäfferot vun deemools, dass Esch soll dohinner goen, sech weisen a sech Informatiounen huelen.
Firwat mécht een dat? Ma dat mécht een éischtens emol, fir sech am Ausland méi bekannt ze maachen. Dat mécht een awer och, fir sech hei am Land als zweet Stad an als Südregioun, déi esou laang vun dem Eisen an dem Äerz gelieft huet, méi bekannt ze maachen. Fir sech e bessert Bild ze ginn, fir verschidde Klischeeën verschwannen ze loossen. A fir an d'Zukunft ze kucken, mat enger Uni, an zënter ganz kuerzem mat engem neie Site vu Schëffleng, deen developpéiert wäert ginn, haaptsächlech Esch-Schëffleng bis 2022, wou mer de formidabelen Défi hunn. Well do si 70 Hektar, déi an d'Rei gesat wäerte ginn a wou natierlech vun deene 70 Hektar 90% op Escher Territoire sinn. A wou Esch säi Wuert mat ze schwätze wäert hunn.
Et ass awer och fir den urbanen Developpement weiderzebréngen. Et geet net nëmmen ëm d'Kultur. Et geet och ëm d'Infrastrukturen. Et geet dorëms, eng Géigend ze valoriséieren, ze requalifiéieren vu Site sidérurgique an d'Modernitéit. An dat ass och ee vun de Ziler.
An dann ass et natierlech, fir eis Kulturpolitik weider ze befërderen. Herno, beim nächste Punkt, komme mer op den Agenda 21 vun der Kultur, wou ech dorobber wäert zréckkommen, mä wou dat hei eent vun deenen ass.
An dann, wat ech esou schéi fannen, dat ass, dass ee vläicht 2023 déi Leit, déi hei wunnen, sech e bësse léiwer hunn, wéi dat 2021 de Fall wäert sinn. Dat gefält mer extra gutt.

(Gelächter)

rage. En effet, son bourgmestre a annoncé dans la presse ne pas en faire partie mais vouloir attendre de se laisser enthousiasmer avant d'envisager une participation éventuelle.
Mme Spautz indique pouvoir comprendre son combat : lorsque l'on a participé à une exposition mondiale avec la Gëlle Fra, il est difficile de participer à un projet plus terre à terre en collaboration avec toutes les autres communes. Elle espère bien sûr que son combat intérieur le mènera bientôt à participer au projet, mais dans le cas contraire, comme elle l'a déjà dit, les absents ont tord, ou auront tord. Mais elle précise que la porte restera toujours ouverte pour ces deux communes si elles changent d'avis.

L'échevin Jean Tonnar (LSAP) *exprime sa fierté de présenter le projet, mais précise que la candidature n'a pas encore été acceptée. Et lorsqu'il parle de ville, il veut bien sûr parler de toutes les communes participantes du Sud ainsi que des villes du Val de l'Alzette.*
Il revient sur les raisons qui ont poussé à poser la candidature. Il se souvient encore avoir été envoyé il y a cinq ans à Bruxelles par le Conseil des échevins. C'est la première fois qu'il était question qu'en 2022 une ville ou région du Luxembourg puisse à nouveau être Capitale de la culture européenne. Le but du Conseil communal était donc qu'Esch aille à Bruxelles se présenter et récolter les informations.
Pourquoi une telle candidature ? Tout d'abord pour se faire connaître à l'étranger, mais aussi au Luxembourg même en tant que deuxième ville et région Sud qui a longtemps vécu du fer et de l'acier. Ensuite, pour regarder dans le futur, avec l'université et le développement du nouveau site Esch-Schifflange jusqu'à 2022.
Il s'agit aussi de faire avancer le développement urbain, pas seulement la culture, mais aussi les infrastructures. Le but étant de valoriser la région, de faire passer le site sidérurgique dans la modernité. Et finalement, il s'agit de faire avancer la politique culturelle.
Il espère grandement atteindre l'unanimité au sein du Conseil communal, car ce projet doit être le projet de tous, de toute la population, de tous les cœurs. Même si tous ne sont pas présents, puisque deux

An ech hoffen, dass dat d'Haaptargument sollt sinn, dass mer hei herno eng Unanimitéit wäerte kréien an deem Gemengerot, wou mer ganz frou driwwer wieren. Well dat hei sollt e Projet vun eis alleguerte sinn, vun der ganzer Populatioun, vun all deenen Häerzer, déi hei schloen. An dat sinn Der elo e puer manner, well déi zwou Gemengen de Moment net dobäi sinn. Mä mir wäerten awer nach ëmmer hoffen a kämpfen, dass dat och esou soll sinn.

Wat ass den Territoire? Dat ass natierlech Esch an dann déi Südgemengen. Bis elo hunn hir Lettre d'intention ënnerschriwwen: Schëffleng, Beetebuerg, Déifferdeng a Suessem. Do sinn d'Lettres d'intention schonn zeréckkomm.

Ënnerwee sinn dëser Deeg: Rëmeleng, Péiteng, Diddeleng a Monnerech. Ech mengen, Péiteng ass den nächste Méinde Mueren an Diddeleng ass och haut de Mueren, wou dann och d'Intentioun ausgedréckt gëtt, fir matzemaachen. An da bleiwen zwou Gemengen. Dat eent ass Käerjeng, déi nach iwwerleet, an dat anert ass Käl/Téiteng, déi gesot hunn, si géifen net matmaachen. Aus Ursaachen, déi elo hei net interessant sinn an op déi ech net wäert agoen, well et absolut vu kenger Wichtegkeet ass.

Wéi en Territoire wëlle mer unzéien? Dat ass en Ëmkrees vun ongeféier 300 Kilometer. Et gëtt net „Luxembourg et la Grande Région", mä et geet awer selbstverständlech hei an eis Nopeschlänner eran. A mer hoffen och ganz staark op e Partenariat vun eise jumeléierte Stied.

An do sinn ech ganz frou, d'Buergermeeschtesch huet et kuerz ugeschnidden, dass mer e ganz flotten an interessante Bréif kritt hunn fir d'Ënnerstëtzung vun eiser Stad Lille, wou mer schonn éiweg jumeléiert sinn. D'Martine Aubry huet eis do e ganz flotte Bréif geschriwwen.

Ech wëll awer och soen, dass d'Stad Lëtzebuerg eis hir total Ënnerstëtzung gëtt, souwuel moralesch wéi awer och logistesch, wa mer eppes bräichten, huet de ganze Schäfferot gesot. An ech fannen dat eng ganz flott Saach. A mer soen deene Merci, well meeschtens ass bei esou Stied, déi net concernéiert sinn, d'Begeeschterung méi grouss wéi do, wou ee concernéiert ass.

Mä et ass jo och eis Missioun an och dem Emmanuel an dem Ingra hier, fir déi Begeeschterung no an no ze iwwerdroen. An dat wäerte mer och maachen an dat wäert och dann esou sinn bis 2021.

Wéi ass de Programm? Dee Programm fänkt un de 4. Dezember 2021, ech soen elo net, „natierlech nach ëmmer nëmmen, wa mer zeréckbehale ginn".

Firwat de 4. Dezember? Dat ass symbolesch. Mir wëssen alleguerten, dat ass Bärbelendag. A mir hunn deen express geholl a gewielt, fir dass et do soll lassgoen. Dat Ganzt dréint ëm véier Saisonen an d'Fête de clôture wäert dann de 5. November 2022 sinn, wou e grousst Fest fir Kanner wäert sinn. Och an Zesummenaarbecht mat där anerer Kulturhaaptstad.

Dir wësst, dass all Joer zwee Länner eng Europäesch Kulturhaaptstad hunn. Dëst Joer ass et Spuenien an et ass Wroclaw a Polen. 2022 ass et da wahrscheinlech oder hoffentlech Lëtzebuerg a Litauen.

A Litauen sinn elo aacht Stied Kandidat. A mir hunn do eng enk Zesummenaarbecht, déi mer getraff hunn, wéi mer zu Wroclaw waren, an dat ass d'Stad Kalnas. Do soll dann e Programm zesummen opgestallt ginn.

Et ginn dräi Zorte vun Evenementer. Et gi selbstverständlech grouss Ausstellungen. Mer versichen, den Espace public en valeur ze setzen, d'Stroossen, eis Parken. All Stad kann hire Projet era ginn. Mir hunn do scho ganz vill a flott Projete kritt. Notamment Beetebuerg huet e ganz flotte Projet era ginn.

Mer waren op Péiteng de Projet virstellen. Déi hu ganz vill Ideeën.

An dann awer och, wat eppes Flottes ass, dat ass d'Konscht doheem. Dat heescht, all d'Awunner kënne bei sech doheem – oder virun der Dier – Artisten empfänken oder Oeuvren ausstellen. Et ass jo d'Idee, „Share and care", dat heescht, et soll alles gedeelt ginn. An dat ass dat Flott bei der Saach. A mer versichen dat an deem Stil ze maachen.

Et ass och all Quartier an all Stad, all Territoire, wat soll en évidence gesat ginn. Ech hu scho vun de Partnerstied geschwat; ronn 16 Wochen si prévu, fir mat deenen zesummen ze schaffen. An dat Ganzt ass Prioritéit.

D'Buergermeeschtesch huet gesot, dat Ganzt soll net Blingbling ginn, mä et soll fir d'Famille sinn, et soll fir eis Awunner sinn, et soll fir eis 125 Nationalitéite sinn. Dat ass de But, dee mer hei wëlle verfollegen. Et soll e Lieu d'accueil an eng speziell Atmosphär ginn, déi dat ganzt Joer soll hei existéieren. Eis Partenairen si jo dann natierlech – ech ziele se elo net méi op – déi Stied hei am Süden, déi franséisch Stied hei am Val de l'Alzette.

Da sollen eis Entreprisen dobäi sinn. Duerfir wollte mer Iech och dee Film elo weisen. Well déi, déi an der Versammlung vum Geschäftsverband waren, hunn dee Film gesinn. An deen huet d'Geschäftswelt, mengen ech, esou begeeschtert, dass déi sech spontan bereet erkläert hunn, fir matzemaachen.

communes ne désirent jusqu'à présent pas participer.

Le territoire est constitué d'Esch et de toutes les communes du Sud. Jusqu'à présent, les lettres d'intention suivantes ont été signées et renvoyées : Schifflange, Bettembourg, Differdange et Sanem.

Les suivantes sont en chemin : Rumelange, Pétange, Dudelange, Mondercange. Il y a donc des communes restantes : Bascharage, qui réfléchit encore, et Kayl/Tétange, qui a annoncé ne pas participer.

Le territoire visé est d'environ 300 km. Pas seulement « Luxembourg et la Grande Région », mais aussi les pays voisins.

Il est très satisfait de la lettre reçue de la part de Martine Aubry pour le soutien de la ville Lille avec laquelle Esch est jumelée depuis un certain temps déjà.

Il tient à souligner que la Ville de Luxembourg soutient pleinement la candidature, que ce soit au niveau moral ou au niveau logistique. Il tient donc à exprimer un grand Merci à la Ville.

L'orateur précise que la mission consiste à transmettre peu à peu l'enthousiasme, ce qui sera le cas jusqu'en 2021.

En cas d'un accord pour la candidature, le programme commencera le 4 décembre 2021. Cette date est symbolique, car il s'agit de la fête Sainte-Barbe. Le tout tourne autour des quatre saisons et la fête de clôture aura lieu le 5 novembre 2022, avec une grande fête pour les enfants.

Il précise que tous les ans, deux pays ont le statut de Capitale de la culture européenne. En 2022, il s'agira du Luxembourg et de la Lituanie. Huit villes sont candidates en Lituanie, avec une plus étroite collaboration avec la ville Kalnas pour la mise au point d'un programme.

Il y aura trois sortes d'événements. D'abord des expositions, en mettant en valeur les espaces publics, les routes et les parcs. Puis l'art à la maison. Les habitants pourront ainsi accueillir chez eux ou devant chez eux des artistes et exposer des œuvres. Et finalement la mise en évidence de chaque quartier dans chaque ville dans tous les territoires.

Le but est que tout soit pour les familles, pour les habitants, pour les 125 nationalités avec une atmosphère spécifique qui devra persister toute l'année.

Natierlech och eise Secteur culturel: mer wëllen eis Lëtzebuerger Artisten en valeur setzen. Mer wëllen deenen eng ganz grouss Plaz ginn. Da Schoulen, sief dat Primärschoulen, sief dat Lycéeën. An dann eis Uni. De ganzen touristesche Secteur. Et gëtt domat gerechent, dass ganz vill Leit aus dem Ausland heihinner kommen, déi eis Géigend solle kennelëieren. Bis dohinner hu mer jo da wahrscheinlech en neie Camping. Bis dohinner hu mer eng Jugendherberg. Mir hate gëschter nach eng Réunioun, wou mer dringend gesinn hunn, wéi wichteg et ass a wéi néideg et ass, nach Hotellerie ze fannen. Do kréie mer en transatlantesche Kongress am Mee 2017, an do si mer schonn enk mat den Zëmmeren. Dat heescht, Esch huet net Zëmmere genuch a mer wäerten an aner Stied do iwwergräifen.

Wéi gesot, all Awunner soll matmaachen. Et gëtt kee Projet validéiert, wann net op d'mannst zwou Stied implizéiert sinn. Et soll och vill Partenariat ginn. Dat eent gëtt zu Diddeleng gewisen an dono zu Péiteng. Dat eent ass zu Esch an dat anert ass dono zu Bieles-Suessem. A wat och ganz wichteg ass, et gëtt kee Konkurrenzkampf. Et gëtt e Programm. Wann eppes zu Beetebuerg ass, ass näischt am Rescht vun de Stied. Wann eppes zu Esch ass, ass näischt am Rescht vun de Stied. Dat ass eis extrem wichteg gewiescht a mer wëllen dat op jidde Fall anhalen. Hei gëtt et keng Konkurrenz tëschent deene verschiddene Partenairen.

D'Buergermeeschtesch huet et gesot, d'Asbl gëtt gegrënnt. Et ginn awer nach ganz vill aner Gruppen. Et ginn Ambassadeure genannt, et gi Comitéen; all Mënsch, dee sech motivéiert fillt, kann do matmaachen.

Dat Ganzt huet och e Präis. Ech wëll deen awer och emol soen. De Budget initial, dee mer proposéiert hunn, sinn 62 Milliounen. Mer ware bei de Premierminister, dee jo dann och Kulturminister ass, a bei säi Statssekretär. Mer sinn do ganz gutt empfaange ginn, ech wëll dat och soen. Et war iwwerhaapt keng Diskussioun. Banne fënnef Minutte war kloergestallt, dass de Lëtzebuerger Stat, d'selwecht wéi 2007, géif zwee Drëttel bezuele vun deem Budget, dee mer brauche wäerten. Déi 62 Millioune sinn de Moment erofgesat ginn, well eben déi zwou Stied net matmaache sollen. Mer rechnen nëmme mat deenen, déi definitiv matmaachen.

Et ass esou, wann ee fir e Projet 500.000 Euro brauch, da kritt een der 250.000 aus der Këscht. Dat sinn dann déi Suen, déi mer vun der Lëtzebuerger Regierung kréien. Da kann een e formidabele Projet maache mat der Halschent, wéi e soss géif kaschten, wann een e géif selwer mussen op d'Bee setzen.

Wat sinn déi nächst Datumen? Den 23. Mee muss dee Questionnaire ofgi ginn. Dat sinn 80 Säiten. Dee gëtt dëse Weekend finaliséiert. Dat ass e Froebou mat all Zorte vu méigleche Froen – d'Motivatioun, Touristik, Ekonomie, also dat geet quer durch den Garten.

De 14. Juni, et ass scho gesot ginn, ass dee grousse Jury, d'Presentatioun. An da gëtt mëttes esou eng Hallef Decisioun geholl. Op jidde Fall kritt een de Label nach net. Dat geet dann am Mäerz 2017 virun. Do muss een op Bréissel pilgeren, virun erëm e grousse Jury. An da gëtt d'definitiv Decisioun geholl.

Der gesitt, mer sinn am Ufank. Et ass elo net, dass haut formidabel Projete ganz konkret virgestallt kënne ginn. Dat ass absolut net méiglech an och net an eisen Intentiounen. Mä mer si ganz am Ufank.

Ech hunn et d'éinescht gesot, mir wiere frou, wa mer hei eng unanime Ënnerstëtzung kréichen. Mer weisen Iech elo dee ganz kuerze Film vu Mons, wou Der d'Begeeschterung vun der Populatioun gesitt. Mons ass eng Stad, déi e bësse méi grouss ass wéi Esch, wou och ganz vill Retizenze vun Nopeschgemenge waren. Wou Nopeschgemengen herno komm sinn a gesot hunn, mir wëllen awer matmaachen, kënnt Der eis abannen, kënnt Der eis an dee Projet mat abannen? Et ass natierlech méi schwéier, wann een dono op en Zuch klëmmt. Mä et war ëmmer méiglech, awer net méi esou flott an esou einfach, wéi wann ee vum éischten Dag un dobäi ass.

Ech géif elo mengen, ech hätt genuch geschwat. Wat mer bis haut kënne soen, ass elo gesot. De Film, wann ech gelift. An da géife mer awer ganz Kuerz d'Wuert un d'Ingra an un den Emmanuel ginn an dann Äre Froen nolauschteren."

(Presentatioun vum Film)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Kolleginnen a Kollegen dat war de Film, och wann ee vläicht e bësse schlecht verstanen huet. Awer do ass eng immens grouss Begeeschterung eriwwerkomm, och vun de Commerçanten an de Geschäfter."

Emmanuel Vincent: „Bonjour à tous. Effectivement, vous avez vu un film assez court sur les interventions de commerçants, de petites entreprises. C'est Mons. Je suis venu avec mon T-shirt, juste parce que je voulais vous montrer que c'était une fierté pour nous avoir travaillé pour Mons en 2015, avoir travaillé pour Lille en 2004. C'est possible.

Les entreprises doivent aussi être de la partie. Il tient donc à montrer le film qui a été vu au sein de l'Association des commerçants et qui a enthousiasmé.

En ce qui concerne le secteur culturel : le désir est de mettre en avant les artistes luxembourgeois, de leur donner une place importante. Puis les écoles, puis l'université, puis le secteur touristique. Beaucoup d'étrangers sont attendus, il faut donc leur faire découvrir la région. Le nouveau camping et l'auberge de jeunesse seront terminés jusque-là. Il est primordial de trouver d'avantage d'hôtellerie. Un congrès transatlantique aura lieu en mai 2017. Esch n'aura ainsi pas assez de chambres et il sera nécessaire de faire appel aux autres villes.

Tout le monde doit participer, et aucun projet ne sera validé sans qu'au moins deux villes soient impliquées. Il y aura de nombreux partenariats. Le plus important est qu'il n'y ait pas de concurrence. Il y aura un programme. Si quelque chose a lieu à Bettembourg, il n'y aura rien dans les autres villes.

Mais le tout a un prix. Le budget initial proposé est de 62 millions. L'orateur a reçu un très bon accueil de la part du Premier ministre et de son secrétaire d'Etat. En cinq minutes il était clair que le gouvernement, comme en 2007, prendrait en charge deux tiers du budget nécessaire. Le montant de 62 millions a été abaissé momentanément puisque deux villes ont décidé de ne pas participer ou ne sont pas encore certaines. Seules les villes participantes sont prises en compte.

Il indique ensuite les différentes dates-clés : Le 23 mai, date à laquelle le questionnaire de 80 pages doit être rendu. Le 14 juin, avec la présentation devant le grand jury. Une demi-décision sera prise au cours de cet après-midi, mais sans avoir le label, car celui-ci ne sera donné qu'en mars 2017. Il faudra alors se rendre à Bruxelles où la décision définitive sera rendue.

Il tient à présenter le film de Mons qui montre bien l'enthousiasme de toute la population. Mons est une ville un peu plus grande qu'Esch et dont les communes voisines étaient également réticentes au départ. Mais ces communes ont absolument tenu à participer ensuite. Il est bien sûr plus difficile lorsque le train est

Monsieur Tonnar a parlé d'un formidable défi. Eh bien, c'est effectivement ça. Le défi qui s'offre à vous, c'est avoir envie d'accompagner la transformation de votre ville, avoir envie d'accompagner la transformation de toute cette région. Et ça peut marcher, ça peut marcher terriblement. Alors il y aura plein de bonnes raisons. Les commerçants pensent évidemment à amener plus de clients, les entreprises d'avoir plus de marchés, les habitants d'avoir plus d'opérations à côté de chez eux, les opérateurs culturels à démultiplier des festivals. Les élus auront une vision globale, les urbanistes voudraient changer la ville. Tout le monde a une envie particulière.
Il est intéressant qu'une Capitale européenne de la culture sait que c'est une occasion en or pour transformer une ville à une condition: c'est que tout le monde soit réuni derrière un objectif et tout le monde ait envie de se battre, d'accompagner ce travail, ce formidable défi évoqué tout à l'heure.
Voilà pourquoi on y croit tous. On a été chargé par la ville d'Esch de vous aider, de vous accompagner à réfléchir un petit peu aux objectifs, aux outils.
Monsieur Tonnar a rappelé les chances primordiales du 23 mai. C'est tout de suite. Il nous reste très, très peu de temps. Mais ce qui est certain, c'est qu'en quelques mois – et là c'est un record par expérience aussi –, en moins de cinq mois un projet va pouvoir être rédigé et proposé.
En quoi consiste-t-il? D'abord, sur une thématique unie, ce n'était pas simple. Je ne sais pas, si vous vous souvenez, mais tout le monde nous proposait dans la presse de travailler sur la culture industrielle. C'est à dire de regarder en arrière et c'était un petit peu compliqué de dire non. Mais la grande envie suggérée directement par Ralph Waltmans c'est de dire: nous sommes en période de crise. L'Europe a du mal, un petit peu, à vivre. Il y a plein de questions qui se posent. Il y a peut-être un sujet qui va nous rassembler tous, c'est l'amour.
Alors c'est un sujet, qui peut paraître un peu simpliste, un peu nunuche et qu'importe justement. C'est peut-être ça qu'on a à dire à l'Europe, alors que la culture est de moins en moins friande alors que les Européens ont de moins en moins d'envie d'Europe. C'est à dire que justement travailler sur quelque chose qui va nous rassembler, qu'on va fabriquer, parce que ce n'est pas de l'amour, c'est un plan, ça va être complexe.
Mais pendant les cinq ou six années qui viennent et surtout pour travailler sur la décennie qui suit, bosser autour de l'amour c'est peut-être un sujet qui risque d'être très, très intéressant et qui va réunir les gens. En tout cas, l'objectif de l'équipe, qui travaille sur ce sujet, espère qu'en 2022 tout le monde s'aimera un petit peu plus qu'en 2021. Et il en restera certainement beaucoup de choses en 2023.
Voilà la première thématique qui aussi est autour du nombre d'habitants de la région sud transfrontalière. Il y a 171.000 habitants à peu près. Donc on estime qu'actuellement il y a 171.000 cœurs qui battent et ça sera le titre de la thématique du projet qui sera déposé pour le 23 mai.
Voilà grosso modo sur le thème qui va nous rassembler. La question qui se pose aussi tout de suite et ce n'est pas nous qui l'aurons décidée, c'est la Commission européenne qui pose un grand nombre de questions: Vous savez qu'il y a un dossier de 80 pages à rédiger avec un côté très administratif.
La seconde question qui est posée c'est la question du territoire.»

Ingra Soerd: «Voilà, comme Emmanuel l'a dit, c'est extrêmement important que ça ne soit pas ni trop petit pour se renfermer, ni trop grand pour rester trop vague. Pour l'instant, trois territoires ont été identifiés. C'est le territoire de production d'abord, le territoire d'attractivité, plus le territoire des villes partenaires.
Territoire de production, qu'est-ce que c'est? C'est d'abord la ville d'Esch avec tous ses quartiers, de Belval à Centre-ville, à Galgenberg, que toute la ville sente cette vibration culturelle qui va transformer Esch et toute cette région, toutes ces régions en 2022.
Aussi toutes les villes et communes issues de Pro-Sud, qui ont souhaitées participer à ces projets. Eux aussi trouvent leur place dans cet événement, dans cette manifestation qui durera un an, soit via une thématique, soit par leur propre identité, soit par la volonté des habitants de mettre en valeur leur ville ou leur commune.
Et troisièmement, il y a aussi les villes/communes transfrontalières, issues de CCPHBA, qui d'ailleurs étaient les premières à donner leur soutien à ce projet à l'unanimité.
Et le troisième territoire, c'est les villes partenaires. Dans les villes partenaires, c'est – comme Monsieur Tonnar l'a dit toute à l'heure – le partenariat avec une ville lituanienne, Kaunas, avec qui on a déjà fait plusieurs échanges. Ça avance très, très bien au niveau culturel, artistiquement, mais aussi humainement.

pris en cours de route, mais cela était toujours possible.

(Présentation du film)

Emmanuel Vincent *indique qu'il est venu avec son t-shirt pour montrer sa fierté d'avoir travaillé pour Mons en 2015, et pour Lille en 2004.*
Selon lui le défi qui s'offre est d'avoir envie d'accompagner la transformation de la ville et de toute la région.
Il ajoute qu'il y a plein de bonnes raisons, puisqu'il est probable que les commerçants auront plus de clients, les entreprises plus de marchés, les habitants plus d'activités à côté de chez eux, les opérateurs culturels à démultiplier des festivals. Les élus auront une vision globale, les urbanistes voudraient changer la ville.
Mais une condition doit être remplie : tout le monde doit être réuni derrière un objectif et tout le monde doit avoir envie de se battre et de participer.
Il souligne que le 23 mai arrive, et qu'il ne reste que très peu de temps. En moins de cinq mois, et c'est un record par expérience pour lui, un projet va pouvoir être rédigé et proposé.
Un projet qui consiste en une thématique unie. La proposition générale était de travailler sur la culture industrielle. Donc de regarder en arrière. Mais la grande envie suggérée directement par Ralph Waltmans c'est de dire : nous sommes en période de crise. Une chose peut tous nous rassembler, c'est l'amour.
Il ajoute que le sujet peut paraître un peu simpliste, mais que le but est de travailler sur quelque chose qui va nous rassembler, qu'on va fabriquer, parce que ce n'est pas uniquement de l'amour, c'est un plan, ça va être complexe.
Selon lui, travailler autour du sujet de l'amour permettra de réunir les gens.
La première thématique qui sera déposée le 23 mai tournera autour du nombre d'habitants de la région sud transfrontalière, avec 171.000 habitants et ainsi cœurs qui battent.
La question qui se pose tout de suite est celle de la Commission européenne et de son dossier de 80 pages à rédiger avec un côté très administratif.
La seconde question est celle du territoire.

Deuxièmement, les villes-jumelles sur lesquelles Andrea Wirtz travaille très fort en ce moment. Ces villes-jumelles, avec qui on va essayer de créer des liens artistiques et culturels.
Et troisièmement, ce sont toutes les villes européennes avec lesquelles on pourra créer des liens artistiques, parce qu'à Esch il y a 122 nationalités. Esch, c'est aussi l'Europe, c'est aussi l'amour, c'est la représentativité de plusieurs cultures en même temps.»

Emmanuel Vinchon: «Alors ce qui est important, c'est que vous allez chercher à obtenir le label de la Capitale européenne de la culture. Mais ce qu'il faut qu'on prouve à l'Europe c'est qu'on n'a pas à faire d'effort pour amener l'Europe ici. L'Europe est déjà chez vous. Vous avez un nombre de communautés effectivement énorme du monde entier et pratiquement toute l'Europe est représentée. Donc, le Luxembourg l'est déjà, puisque la Capitale européenne de la culture le rappelle, ce ne sera pas Esch, ni le territoire du sud frontalier, ce sera la capitale de tout le Luxembourg. Vous allez représenter tout le pays durant toute l'année. Et d'ailleurs, tous les offices de tourisme de toutes les villes du Luxembourg seront des partenaires naturels parque ce que vous serez le représentant de ce pays.
Alors, ce qui est intéressant dans les villes qui sont partenaires, c'est de dire aussi que puisque l'Europe a un cœur et le cœur est le Luxembourg, la création de l'Europe autour du pays de charbon, c'est aussi l'industrie et le labour; on retrouve les deux thématiques. Elle est ici. Et montrer que vous êtes déjà au cœur de cette Europe culturelle est extrêmement important.
Donc le travail, qui est souhaité par l'équipe, c'est vraiment de développer ce travail, ne montrer que ce côté communautaire c'est un plus. Vous continuez, vous êtes un des rares pays à accueillir le monde entier ou le monde entier vient travailler, vient traverser pour le tourisme, etcetera. Ça, il faudra l'indiquer, parce que c'est une force unique que tous les pays n'ont pas.
Donc vous êtes au cœur de l'Europe. L'Europe va venir et c'est plutôt l'Europe administrative qui va faire un effort. Mais il faut également à l'inverse que la culture aille au-devant des habitants.
Alors on a parlé des territoires. Il faut indiquer qu'évidemment le développement de ce projet ne se fera pas sur l'échelle d'une ville, mais il se fera directement avec chaque habitant. Il faudra occuper toutes les rues, tous les quartiers, tous les secteurs de Belval à Esch, parce que si on impose la culture en disant simplement, c'est un festival qui va se mettre en place, les gens n'iront pas plus que pour la moindre manifestation culturelle classique. Il faudra donc travailler et cinq années ne seront pas trop pour fabriquer cette relation de proximité avec le moindre habitant, avec le moindre enfant, avec le moindre universitaire, avec tous les étudiants qui font la force de Belval et donc d'Esch.
Alors sur le programme on va passer rapidement, parce que sinon on va vous donner un programme qui est conséquent. Vous avez un assez grand nombre de documents qui l'explique.
On va diviser l'année, comme l'a dit Monsieur Tonnar, du 4 décembre 2021 au 5 novembre 2022, en quatre saisons, qui seront des fils rouges qui vont permettre à chaque opérateur, chaque association, chaque commune, chaque quartier de se raccrocher à quelque chose. Et qui sera cohérent pour les touristes qui viendront en masse.
L'idée c'est que l'ensemble des disciplines connues – théâtre, danse, littérature – se croisent avec la gastronomie, avec les jardins. Que chacun s'y retrouve, que chacun avec son savoir-faire puisse développer une action culturelle forte.
Il faudra inviter énormément d'artistes du monde entier, sur toute l'Europe, pour rencontrer énormément d'artistes et d'habitants d'Esch pour que ça fonctionne. C'est ni l'un ni l'autre qui font le succès. C'est la rencontre d'artistes internationaux avec les artistes locaux. C'est la rencontre du savoir-faire de vos associations avec des expériences qui se font en Europe entière. Et donc tout ce programme va se découper, mais surtout à l'extérieur. On va essayer d'occuper l'espace public et même l'espace intime.
Il y a un projet par exemple qui s'appelle «Avoir un artiste à la maison». Vous pourrez vous-mêmes en tant qu'élu inviter un artiste que vous choisirez, et il ne pourra travailler qu'avec vous. Ce qui veut dire que vous pourrez montrer son œuvre littéraire, musical, sonore, visuel, etcetera que pour votre famille, vos amis, vos voisins. Ça sera que pour ça. Et à côté de ça d'énorme fêtes dans l'espace public pour attirer des centaines, des milliers de personnes.
Voilà grosso modo un programme qui est en cours de fabrication, qui est en train d'être préparé. Mais l'intérêt pour nous c'est qu'à la fois tout le monde ait sa place vers une certaine cohérence territoriale, un agenda qui tient la route, où on tiendra compte aussi des villes partenaires. C'est important, pas seulement

Ingra Soerd *souligne qu'il est très important que la thématique ne soit ni trop petite pour se renfermer, ni trop grande pour rester trop vague. Trois territoires ont été identifiés : la production, l'attractivité, les villes partenaires.*
Le territoire de production : c'est la ville d'Esch avec tous ses quartiers, de Belval au Galgenberg, que toute la ville sente cette vibration culturelle en 2022.
Le territoire d'attractivité : de nombreuses villes et communes ont souhaité participer à ces projets pour trouver leur place dans cet événement, pour montrer leur valeur.
Le territoire des villes partenaires : le partenariat avec une ville lituanienne, Kaunas, avec qui des échanges ont déjà été faits. Mais aussi les villes jumelées sur lesquelles Andrea Wirtz travaille très fort, et finalement toutes les villes européennes avec lesquelles des liens artistiques pourront être créés, avec 122 nationalités.

Emmanuel Vinchon *souligne l'importance de montrer l'Europe est déjà chez nous, avec un nombre de communautés effectivement énorme du monde entier. Esch et le Sud vont représenter tout le pays durant toute l'année. Il est important de montrer que nous sommes au cœur de cette Europe culturelle.*
Ainsi, montrer le côté communautaire est un plus. Le Luxembourg est un des rares pays à accueillir le monde entier, pour le travail, pour le tourisme, etc. Il faut le mettre en avant, car c'est une force unique que d'autres pays n'ont pas.
Selon lui, il faut aussi indiquer que le développement du projet se fera directement avec chaque habitant, pas seulement à l'échelle d'une ville.
Alors on a parlé des territoires. Il faut noter qu'évidemment le développement de ce projet ne se fera pas sur l'échelle d'une ville. Il faudra occuper toutes les rues, tous les quartiers, tous les secteurs, de Belval à Esch. Il faudra travailler pour fabriquer cette relation de proximité avec le moindre habitant.
L'année sera ainsi divisée en quatre saisons qui seront des fils rouges, afin de permettre à chaque quartier de se raccrocher à quelque chose, avec une cohérence pour les touristes.
L'idée est de croiser l'ensemble des disciplines connues, que chacun

Esch, que tous les quartiers se retrouveront.
Mais en même temps on essaye de raconter une histoire à travers un fil rouge pour que les gens, qui viendront par des dizaines de milliers, centaines de milliers, par millions – vous l'avez vu avec Mons qui a 90.000 habitants, une petite ville un peu perdue dans le Borinage, 2 millions de visiteurs. Il y aura donc des gens qui viendront. Il faut qu'on leur raconte une histoire qui soit attractive, qui donne non seulement envie de venir vous voir pendant toute l'année 2022, mais de revenir après.»

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci beaucoup, dem Emmanuel an dem Ingra fir déi Presentatioun. An och fir de Film.
Mir hunn op der Dagesuerdung geschriwwen, eng „Déclaration d'intention", déi heibanne misst decidéiert ginn. Déi kënne mir net selwer ënnerschreiwen, mir hu se jo verfaasst. Dat ass fir déi aner Gemengen, déi déi „Déclaration d'intention" ofstëmmen. Haut mengen ech ass et Diddeleng. Si sinn amgaangen, eranzekommen; se sinn duerch d'Gemengeréit gaangen. Da fuerdere mer eis selwer op..., also do hate mer en Denkfeeler. Dofir ass hei keng Decisioun ze huelen.
Dir hutt awer elo d'Wuert, fir Froen, Suggestiounen. Wie kann ech aschreiwen? D'Madame Bofferding, den Här Biltgen, den Här Zwally, den Här Majerus, den Här Knaf. Dann huet d'Madame Bofferding d'Wuert."

Taina Bofferding (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Kolleginnen a Kollegen, d'Escher LSAP steet voll a ganz hannert dësem Projet. Fir d'Gemengen an d'Regiounen ass et eng eenzegaarteg Méiglechkeet, sech europawäit ze presentéieren. Dëst geet de paire mat enger Stäerkung vum kulturelle Liewen, woubäi d'Kulturhaaptstad net nëmmen e kulturellt Erliefnis gëtt, mä och zu engem bedeitende Wirtschaftsfacteur. Et gëtt eng besonnesch touristesch Opmierksamkeet.
Et gëtt awer och d'Méiglechkeet, an dat ass fir eis méi entscheedend, innerhalb vun enger Gemeng Saachen ze realiséieren, déi ënnert normale Verhältnisser vläicht net esou zustane géife kommen.
D'Kulturhaaptstad ass esou eppes wéi en Ausnamezoustand. Do muelen déi politesch Mille méi séier. Et steet een ënner Drock an der Vitrine ze sinn. Do kënne mat enger Kéier ganz vill Ideeën a Projete realiséiert ginn. Wou sech konkretiséiert huet, dass Esch géif kandidéieren, ass och festgehale ginn, dass d'Südregioun vun Ufank u muss mat agebonne ginn. D'Escher Buergermeeschtesch huet uganks dës Joers an engem Interview am Magazin „Forum" betount, dass et wichteg ass, dass mer eng kollektiv Visioun dofir entwéckelen, dass mer zesummen eng Regioun duerstellen an dass net jiddwereen alleng a sengem Eck bleiwe kann.
An de leschte Wochen ass aus verschiddenen Ecken awer eng gewësse Skepsis opkomm, ugefaange mam Buergermeeschter vu Käl, dee sot, dass seng Gemeng net wéilt bei esou engem Bidule matmaachen. Et wéisst een nämlech net, wat finanziell géif op een duerkommen a wat herno dovunner eraus géif kommen.
Eng ähnlech Reaktioun gouf et och elo vum Buergermeeschter vu Käerjeng. Natierlech sinn nach Onkloerheeten ze klären an ëmmer erëm kommen nei Froen op. Dofir sinn an eisen Aen e regelméissegen Austausch an Diskussiounen enorm wichteg. Eng „Déclaration d'intention" ass awer nach laang kee Blankoscheck, woumatt eng Gemeng finanziell gebonne géif ginn. Déi Opreegung, déi am Moment do entstanen ass, versti mir dohier net ganz.
Mat enger Kursännerung ass de Kritiken nom Pro-Sud Rechnung gedroe ginn, fir nees méi am Sënn vun de Südregiounen ze schaffen. An dobäi ass dach grad dëse Projet vun enger Kulturhaaptstad eng wonnerbar Chance, fir déi kulturell, ekonomesch an touristesch Entwécklung am Süden, sous condition natierlech, dass all d'Gemengen un engem Strang zéien an och parteipolitesch Spillereien aussevir gelooss ginn. Well déi bréngen eis nämlech net weider, och wann d'Gemengewahle ëmmer méi no réckelen.
Trotz kritesche Stëmme lafen am Moment d'Preparativen op Héichtouren. Dat ass och gutt esou. Den Här Vinchon an d'Madame Soerd, déi jo grad d'Presentatioun nach eng Kéier gemaach hunn, waren och an d'Kulturkommissioun komm an hunn eis gesot, dass si déi Skepsis als Erausfuerderung gesinn. Jiddereen, dee matmécht, hätt nëmmen ze gewannen. Et wär e Projet, deen iwwert e puer Joer eng besser Zukunft vun de Gemengen, déi matmaachen, géif mat sech bréngen.
Erfahrungen aus dem Ausland weisen, dass d'Gemengen, déi uganks géint de Projet waren, herno en cours de route awer nach matgemaach hunn.
Och mussen d'Awunner fir d'Idee begeeschtert ginn. D'Reaktioune bis elo si gemëscht. Och dat ass normal, hu mer eis soe gelooss. Iwwer Geschmäcker léisst sech jo bekanntlech streiden. Déi eng

puisse participer et développer une action culturelle forte.
Il insiste sur le fait de devoir inviter énormément d'artistes du monde entier, sur toute l'Europe, pour rencontrer énormément d'artistes et d'habitants d'Esch, car c'est la clé du succès. Il faudra occuper l'espace public et même l'espace intime. Et à côté de ça il y aura beaucoup de fêtes dans l'espace public pour attirer des milliers de personnes.
Il répète que l'intérêt est que chacun ait sa place sur le chemin d'une certaine cohérence territoriale, un agenda qui tient la route et la prise en compte des villes partenaires.
De nombreux visiteurs viendront, comme cela a pu se voir à Mons. Il faut raconter une histoire qui soit attractive, qui donne non seulement envie de venir voir la région pendant toute l'année 2022, mais de revenir après.

La bourgmestre Vera Spautz (LSAP) *en vient ensuite à la « Déclaration d'intention » qui devrait être décidée. Elle indique qu'elle ne peut être signée par le Conseil communal puisque c'est lui qui l'a écrite. La déclaration est destinée aux autres communes participantes. Elle demande si des questions ou suggestions subsistent et donne la parole à Mme Bofferding.*

Taina Bofferding (LSAP) *fait remarquer qu'il s'agit d'une occasion unique pour les communes et régions de se montrer à un niveau européen. Avec un renforcement de la vie culturelle, mais aussi une mise en avant du tourisme.*
La Capitale culturelle permet de réaliser de nombreux projets en raison de la pression de se retrouver sur le devant de la scène. Lorsque la candidature d'Esch est devenue concrète, il a directement été décidé que la région Sud devait être impliquée.
Mais elle indique également qu'un certain scepticisme a fait son apparition ces dernières semaines. Notamment le bourgmestre de Kayl a affirmé ne pas vouloir participer à un tel bidule, car on ne connaît pas les retombées financières de ce projet. Ou encore par le bourgmestre de Bascharage. Il est vrai que persistent encore quelques ambiguïtés et questions, d'où l'importance de maintenir régulièrement des échanges et discussions. Une « déclaration d'intention » est loin d'être un chèque en

sinn hellewech a kënnen et kaum erwaarden, déi éischt Projeten ze entdecken. Bei aneren hält sech d'Begeeschterung a Grenzen oder kënne guer näischt domadder ufänken.
Hei vläicht e puer Beispiller aus dem Forum vum „Tageblatt" zu engem Editorial vum 7. Abrëll. Do schreift de Patrick: „Esch/Uelzecht ass pour le moins gonflé, einfach esou vun anere Südgemenge riseg Zomme fir hiert lokaalt Kulturhaaptstadspektakel ze verlaangen. Wat bréngt dat dem Mann vun der Strooss?" Oder weider schreift de Frupsi: „Ech kennen Esch ganz gutt. Ech kann Esch einfach net mat enger Europäescher Kulturhaaptstad associéieren. Éierlech gesot, wat interesséiert d'Escher Awunner d'Kultur?"
Bon, anerer argumentéieren, dass d'Escher Gemeng et net verdingt hätt oder fäerten, dass d'Steiergelder géifen aus der Fënster eraus geheit ginn. Dir mierkt, d'Mësstrauen ass do. Verschidden Ängschten, Préjugéë sinn ëmmer nees ze héieren. Och d'Idee vum Label selwer ass nach laang net vu jidderengem verstanen.
Dofir gesinn ech ebe grad eis als politesch Responsabel, als lokal Politiker, mat de Leit an den Dialog ze trieden. Sollt d'Kandidatur wierklech zréckbehale ginn, muss d'Bevëlkerung aktiv un der Ausaarbechtung vum Projet participéieren. Déi Responsabel mussen op d'Leit duergoen a si an d'Realisatioun mat abannen.
Kolleginnen a Kollegen, Kultur ass d'Fundament fir dat soziaalt, ekonomescht a politescht Uleies an der Gesellschaft. A genau dat Verständnis vu Kultur steet am Mëttelpunkt. Bei der Kandidatur ass net nëmmen dat kënschtlerescht Potenzial vun enger Stad wichteg. Et geet an éischter Linn net drëms, wien dee gréissten Theater, dee schéinste Musée oder déi aktiivste Musiksszen huet. Am Vierdergrond steet vill méi d'Fro, ob eng Stad respektiv eng Regioun sech weiderentwéckele wëll, sozial, wirtschaftlech a kulturell. Et geet also net, wéi oft gemengt gëtt, ëm d'Presentatioun vu vergaangene Gréissten, mä ëm d'Gestaltung vun der Zukunft.
Sou wéineg de Projet Kulturhaaptstad alleng e Festivaljoer, grousst Freedefeier oder e Mega-Event viséiert, sou wéineg geet et och drëms, eng artificiell Metropol ze kreéieren. Et geet ëm e Stadentwécklungsprozess, an deem niewent der Kultur am méi enke Sënn vun der Konscht och all wichteg an entscheedend Beräicher vun eisem Zesummeliewen, wéi d'Educatioun, d'Integratioun oder och d'Ëmwelt an engem intensive Prozess mat agebonne solle ginn.
Ganz passend dozou fanne mer de Sujet „Léift an Deelen", dee wuel am Géigesaz zu villen Erwaardunge steet, wou sech virgestallt ginn ass, dass et ausschliisslech ëm de Patrimoine industriel oder ëm d'Geschicht vun der Stolindustrie sollt goen. Hei awer ginn d'Individuen, déi iwwerhaapt emol eng Stad liewenswäert maachen oder eng Stad zur Stad maachen, an de Mëttelpunkt gestallt.
Contrairement zu deem Virworf, et géif kee Konzept ginn, fanne mir dat heiten e formidabelt Konzept. Et ass modern, et ass aktualitéitsgebonnen an zudeem nach transversal, andeems se d'Leit an d'Gemengen, déi matmaachen, mussen doranner erëm kënne fannen.
E weidere wichtegen Aspekt ass déi europäesch Dimensioun. D'Kandidatur muss d'Gemeinsamkeete wéi och d'Diversitéit vun den europäesche Kulturen ervirhiewen. D'Europäesch Kulturhaaptstad forméiert e wichtegt Element vun der Sich no der neier Identitéit vun engem vereenten Europa, wéi et och scho virdrunner gesot ginn ass. Wat wuel méi aktuell a bedeitend ass wéi den Nee.
Ier ech zum Schluss kommen, wëll ech awer vläicht nach eng Kéier kuerz op d'Fro agoen, wat bedeit et dann elo, Kulturhaaptstad ze sinn, a wat bleift fir d'Stied, wann den Event eriwwer ass? Och wann de Label, dee säit '85 verdeelt gëtt, a schonn oft verdeelt ginn ass, sou ass deen awer bis haut net ofgenotzt. D'Erfahrung weist, dass dat Joer als Kulturhaaptstad d'kulturell, d'sozial an d'ekonomesch Entwécklung vun de Stied dauerhaft positiv beaflosst.
Kulturhaaptstied sinn och Ziler vu villen Touristen, déi wichteg Multiplicateure sinn. De Projet huet also sécher och e positiven Afloss op eis Image de marque, woumadder mir eist Stadbild verbessere kënnen. Dofir spillt d'Nohaltegkeet eng ganz wichteg Roll.
Erënnere mer eis och drun, '95, wou Lëtzebuerg fir d'éischt Kulturhaaptstad gi war, wou vill a Beweegung gesat ginn ass. Et war eng Aart Initialzündung fir déi ganz Kulturszen. Kultur huet Theaterraim a Concertsäll verlooss, fir sech dem Public dobaussen ze presentéieren. Och hu sech virun 21 Joer déi éischt grouss Kënschtlerkollektiver gegrënnt, wouvunner der haut nach eng Partie existéieren an nach regelméisseg op eng onkonventionell Manéier sech dem Publikum presentéieren.
Kolleginnen a Kollegen, 2022 kéint eist Land fir d'drëtt Kéier beim Projet dobäi sinn. Wann et mat der Kandidatur net sollt klappen, da fanne mer dat natierlech ganz schued. Et ass awer sécherlech kee Weltënnergang. An dat soen ech och elo

blanc, une telle agitation lui est donc incompréhensible.
Elle répète que le projet de Capitale européenne de la culture est une chance extraordinaire pour le développement culturel, économique et touristique du Sud, sous condition que les communes agissent ensemble.
Malgré les critiques, les préparations vont bon train. Il est important de considérer ce scepticisme comme un défi. L'expérience à l'étranger montre que les communes qui étaient contre le projet au départ ont finalement participé en cours de route.
Concernant les habitants, les réactions sont mixtes. Certains sont enthousiasmés et impatients de découvrir les premiers projets, d'autres ne savant pas quoi en faire.
Elle cite l'exemple d'un texte paru dans le forum du Tageblatt, dans lequel Patrick écrit qu' « Esch/Alzette est pour le moins gonflé d'exiger des autres communes du Sud des sommes gigantesques pour son spectacle de Capitale culturelle local. Qu'est-ce que cela apporte à l'homme de la rue ? ». Elle cite encore Frupsi : « Je connais très bien Esch. Je ne peux tout simplement pas l'associer à une Capitale culturelle. Sincèrement, qu'est-ce que les habitants d'Esch en ont à faire de la culture ? ».
D'autres encore argumentent que la commune d'Esch ne le mérite pas, ou craignent que l'argent des contribuables soit jeté par les fenêtres.
D'où l'importance pour les responsables politiques d'entamer le dialogue avec les gens, afin que la population participe activement si la candidature d'Esch est retenue.
Elle souligne que la culture est la fondation pour les domaines social, économique et politique dans la société. Et c'est cette compréhension de la culture qui doit être au centre. La question principale est de savoir si une ville veut évoluer au niveau social, économique et culturel.
Elle souligne que le but d'un tel projet n'est pas de créer une métropole artificielle, mais qu'il s'agit d'un procédé de développement urbain pour d'autres domaines décisifs comme la vie en commun, l'éducation, l'intégration et l'écologie.
Elle apprécie le sujet « Amour et partage », qui place les individus au centre de tout, ces individus qui font des villes des villes et leur donnent tout leur sens. Elle trouve qu'il s'agit

net einfach esou als Spriecherin vun enger Majoritéitspartei, fir domadder déi verbrauchte Käschten, déi bis haut ugefall sinn, ze rechtfertegen. D'Virbereedungsphas ass bal dee wichtegsten Deel vun esou enger Kulturhaaptstadperiod. De Prozess ass wäertvoll. Et ass bis elo ganz vill Aarbecht geleescht ginn.
Dem Chef vum Service culturel, dem Ralph Waltmans, wëll ech op dëser Plaz wéi och dem Andrea Wirtz an all deenen aneren, déi hei an de Projet involvéiert sinn, e grousse Merci fir hir Aarbecht ausschwätzen. Den Här Waltmans sot och kierzlech an engem Interview, datt alleng de Kontakt mat deenen anere lokalen Akteure eis weider bréngt, well mir léieren eis deelweis eréischt haut kennen.
Nun, Kolleginnen a Kollegen, Esch bougéiert, egal wéi. Méi flott géife mer et natierlech fannen am Kader vum Projet Europäesch Kulturhaaptstad 2022. A mir drécke ganz fest d'Daumen, dass et da klappt mat der Kandidatur. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci der Madame Bofferding. Ier ech d'Wuert un den Här Biltgen an dono un den Här Zwally ginn, wollt ech just awer eng Rectificatioun maachen, op déi mech de Generalsekretär higewisen huet: Mir stëmmen net d'„Déclaration d'intention" of, awer mir froen e Vote, ob de Gemengerot eis begleet an den Demarchen.
An elo kritt den Här Biltgen an dono den Här Zwally d'Wuert."

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Merci Madame Buergermeeschter. D'Kandidatur fir Kulturhaaptstad 2022 ze ginn, kéint eng eemoleg Chance fir d'Entwécklung vun eiser Stad an och der Südregioun ginn. Bei de Kulturhaaptstied geet et ëmmer manner ëm grouss Events a pompös Bauten, mä méi ëm en ambitionéierte Projet, deen d'Stad soll no vir bréngen. Fir Esch ginn et eng ganz Rei vun Défiën, wat d'Entwécklung betrëfft.
Déi urbanistesch Entwécklung vun der Stad an och vun der Regioun, den Image vun der Stad an der Regioun, d'sozial Inklusioun, d'wirtschaftlech Entwécklung oder och d'Bildungschancen. De Potenzial ass grouss, wa sech d'Stad dëse risege Méiglechkeete bewosst gëtt. Et ass och eng grouss Chance, awer och eng grouss Erausfuerderung.
Et geet schliisslech och ëm verdammt vill Geld. Wann um Enn näischt fir d'Zukunft fir Esch erauskomm ass an d'Awunner net gesinn, wéi si heivunner profitéiert hunn, dann hätte mer et besser si gelooss.
Et däerf op kee Fall elitär ginn. Zu Esch wunnen net nëmme Gemengeréit, Affekoten a Schoulmeeschteren. Et musse vill ënnerschiddlech sozial Gruppen ugesprach ginn an och agebonne ginn. Ennerschiddlech sozial Schichten, Jonker, Aler, Studenten, Aarbechter, Lëtzebuerger, Netlëtzebuerger vu ganz ville verschiddenen Nationalitéiten. All d'Awunner musse sech kënnen heimat identifizéieren an och eppes dovunner hunn.
Dës ass awer keng einfach Saach an et geet net vum selwen. Et geet net duer, fir eng Sardinn ze grillen, fir dann ze mengen, et hätt een och déi portugiesesch Awunner mat an d'Boot geholl.
Déi Kulturhaaptstad däerf net vun uewen erof decidéiert ginn an ugebuede ginn, wou da gemengt gëtt, d'Leit géifen dat da consomméieren. Et musse vun Ufank un all d'Leit mat agebonne ginn, dass et hiert Kulturjoer gëtt. Et muss zu Esch an zu der Südregioun passen an net ofgehuewe sinn. Déi Escher si ganz empfindlech op deem Punkt. Mir wëssen, dass si sech wiere kënne géint Saachen, déi vun uewen erof fir si decidéiert ginn. An dat zu Recht an och erfollegräich. Ech denken do zum Beispill un den Heller-Projet. Dat muss e Projet sinn, dee gedroe gëtt vun deene méi wéi 170.000 Leit, déi an der Regioun wunnen an deen d'Regioun dann och méi zesumme schweesst an hir eng nei Identitéit gëtt.
Esch huet och am leschte Jorhonnert schonn eng couragéiert an innovativ Kulturpolitik gemaach. Dofir huet Esch och elo vill ze bidden. Mir hunn en Theater, e Conservatoire, en nationale Resistenzmusée, d'Kulturfabrik. An och an der Regioun gëtt et e grousse Patrimoine, deen et gëllt ze valoriséieren an och ze notzen.
Déi wichtegst Fro ass awer, wat dono bleift. Esch an d'Regioun mussen dono anescht sinn. An déi Projeten, déi ugefaange goufen, mussen och weidergefouert ginn. Och heifir mussen dann nach Suen do sinn. Heifir muss och eng kloer Stäerkten- a Schwächenanalys gemaach ginn, fir genee ze wëssen, a wéi enge Beräicher mir eng staark Entwécklung wëllen. Ech denken zum Beispill un Infrastrukturen, déi a ville Gemenge selbstverständlech sinn, wéi e Kulturzentrum oder och e Lokalmusée.
Esch bléckt op eng Jordausend al Geschicht zeréck. Esch ass méi wéi nëmmen d'Industriekultur. Et gëtt eng Kultur virun der Industrie, awer och eng Kultur no der Industrie. An déi huet och schonn ugefaang. Esch ass an der Zwëschenzäit och Uni-Stad. An der Südregioun gëtt – säit ëmmer schonn – a Selbstverständlechkeet zesumme gelieft a geschafft. Zu Esch liewen iwwer 100 Nationalitéite mateneen. Och Méisproochegkeet ass en

là d'un formidable concept, moderne, actuel et transversal auquel les participants devront s'identifier.
Un autre aspect important est la dimension européenne. La Capitale européenne de la culture est donc un élément important de la recherche d'une nouvelle identité d'une Europe unifiée.
Avant de conclure, elle ajoute encore que l'expérience faites dans d'autres villes montre que les retombées culturelles, sociales et économiques sont positives et de longue durée.
Les Capitales européennes de la culture sont la destination de beaucoup de touristes. Le projet ne peut donc qu'avoir une influence positive sur notre image de marque et sur l'amélioration de l'image de la ville.
Elle tient à rappeler l'année 1995 lorsque Luxembourg était Capitale européenne de la culture pour la première fois. Cela a été une véritable impulsion pour la scène culturelle à se présenter à l'extérieur au grand public. Elle rappelle également la création des collectifs des artistes il y a 21 ans dont une grande partie existe encore aujourd'hui.
La phase de préparation est la partie la plus importante dans une telle période de candidature. La procédure est primordiale et un travail important a déjà été effectué.
Elle remercie le chef de Service culturel Ralphe Waltmans, ainsi qu'Andrea Wirtz, tout comme toutes les personnes impliquées dans le projet. Selon Mr Waltmans, tout contact avec les acteurs locaux est bénéfique, car certains ne font connaissance que depuis aujourd'hui.

La bourgmestre Vera Spautz (LSAP) *tient à préciser qu'un vote ne sera pas effectué sur la « Déclaration d'intention », mais qu'un vote est demandé pour savoir si le Conseil communal apportera son soutien dans les démarches.*

Laurent Biltgen (déi Lénk) *indique qu'il existe bon nombre de défis concernant le développement de la ville.*
Le développement urbain de la ville, mais aussi de la région, l'image de la ville et de la région, l'intégration sociale, le développement économique ou l'éducation : Le potentiel peut être immense, si la ville prend conscience de l'importance du projet. Il met également en garde contre

Escher Thema. Néierens gëtt déi esou gelieft wéi zu Esch.
Dës Saache mussen 2022 och thematiséiert a gelieft ginn an an de Virdergrond gestallt ginn.
Déi Lénk ënnerstëtzen also d'Kandidatur fir d'Kulturhaaptstad 2022. Awer ech erënneren zum Schluss nach eng Kéier drun, dass dee Projet vun all den Awunner vun eiser Regioun gedroe ka ginn. Och dass et onerlässlech ass, dësen och zesumme mat all den Awunner ze realiséieren.
Ech freeë mech drop. Merci."

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Merci Här Biltgen. Den nächste Riedner ass den Här Zwally."

André Zwally (CSV): „Merci Här Kox. Ech denken, dass mer an enger éischter Diskussioun, déi mer hei haten, prinzipiell eisen Accord ginn hunn. Mir wäerten dat och weider maachen, an deem, wat mer haut hei beschléissen.
Wann een d'Grondausriichtung kuckt an och d'Approche vun der Ausriichtung, wéi mir de Sujet kënnen ugoen, dann ass um Konzept näischt auszesetzen. Och wa mer elo nach net déi definitiv Deklaratiounen hunn. Mer hu jo dofir nach fënnef Joer laang Zäit, fir kënnen e Programm opzestellen.
De Service de la culture huet jo awer am Laf vun de Joren e gewëssenen Erfahrungswäert kritt gehat. Ech erënneren drun, dass mer och zéng Joer schonn amgaange sinn, an ech wëll awer drop opmierksam maachen, dass mer mussen oppassen, wéi a fënnef Joer och deelweis d'Gesellschaft sech virun entwéckelt huet a wéi och den Zäitgeescht viru gaangen ass. Well mir haten alt emol de Festival do uewen um Gaalgebierg, wou mer dach awer gesinn hunn, dass en am Ufank ganz gutt war, an am Laf vun der Zäit dach awer ofgeholl huet, wou et och bestëmmten Ursaache gi sinn.
Ech mengen, dat soll eis dann och déngen, fir kënnen d'Zukunft dorobber ze preparéieren. Déi Projeten do brauchen eng gutt Planifikatioun. Mir sinn och iwwerzeegt, dass déi Approche, déi Der de Moment geholl hutt, andeem der Experte mat erageholl hutt, déi Erfahrung hunn, déi richteg Approche ass. A mir deelen och dee Käschtepunkt, deen domadder verbonnen ass.
Wat d'Kreatioune vun den Associatiounen ubelaangt, wat d'Kompositioun ubelaangt, si mer domadder d'accord. Et ass ëmmer erëm gutt, wann och neutral Persounen do kënne matschaffen, déi einfach eng aner Vue hu vun deem, wat mer ënner Kultur verstinn a wéi se eis och kënne beroden.
Wat de Jury ubelaangt, ass ee Mount Zäit, dee mer hunn, wat net onbedéngt schlecht ass. Well mir wësse jo och ganz oft, dass wann een ënner Drock steet, een dann och zur Héichleeschtung opleeft an dass een dann och ganz gutt Resultater kann do kréien.
Wéi ech gelies hunn, dass mer e maximum vun zéng Persounen hunn: do kommen ech e bëssen an de Sproochgebrauch vum Fussbal; do feelt nach een, dann hätte mer eng Equipe. Där musst op jidde Fall wéi eng Equipe do optrieden an ech mengen, dat, wou Der lech musst bewosst sinn, ass dass wann Der virun dee Jury gitt, eng Equipe muss do sinn, déi dovunner iwwerzeegt ass. Net eleng den Dossier selwer muss kohärent sinn, mä och d'Presentatioun.
A wann ech da kucken, dass Der 45 Minutten Zäit hutt fir d'Presentatioun ze maachen, dann ass dat eng Halschent. Dir hutt 45 Minutten Zäit fir d'Froen, d'Questions/Réponses ze maachen. Dat sinn 90 Minutten, an do musst Der Äre Match gemaach hunn. A wéi gesot, dat ass eng Coupe-Finale, déi Der spillt. A mir sinn als Escher ganz oft gewinnt, an deene Coupe-Finalle matzespillen.

(Gelächter)

An insofern mengen ech, dass dat och gutt ass. Dëst Joer net, mä mir hunn dat awer schonn oft genuch gemaach."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Do hu mer awer och net ëmmer geglänzt."

André Zwally (CSV): „Jo, awer vu sechs mol hunn ech awer fënnef mol geglänzt.
Bon, mir sinn net eleng. Mir wëssen, dass d'Konkurrenz grouss ass an et freet eis och, dass mer eng Kéier um internationale Marché kënnen do mathalen. Ech denken, dass och bei eis d'Originalitéit an d'Identifikatioun mat deem, wat mer wëlle maachen, wat och de Pro-Sud ubelaangt, sollen erausstiechen. An dat ass och dat, wat eis als Süden ausmécht.
Zum Budget wollt ech awer nach déi eng oder aner Remarque maachen. Ech mengen, et ass jo bekannt, dass déi aner Gemengen, déi Participant sinn, 50 Euro pro Awunner mussen abezuelen oder sollen abezuelen. Wat de Stat ubelaangt, do hutt Der gesot, dass de Premier an senger ... elo wollt ech soen, a senger Stuff,

(Gelächter)

une voie élitaire. Tous les groupes sociaux doivent être intégrés. Tous les habitants doivent pouvoir s'identifier, qu'importe la tranche d'âge, sociale, la nationalité, etc.
La Capitale culturelle ne peut pas seulement se décider du haut vers le bas. Tout le monde doit se sentir impliqué, sans quoi les décisions ne seront pas acceptées, car c'est un point sensible pour les habitants d'Esch. Il doit s'agir d'un projet porté par les 170.000 habitants de la région qui leur donnera une nouvelle identité communautaire.
Il rappelle qu'Esch a déjà connu de nombreuses initiatives au cours des derniers siècles. La commune a donc beaucoup à offrir, avec le théâtre, le conservatoire, le musée de la Résistance, la Kulturfabrik. Et il existe également un patrimoine dans toute la région à valoriser et à utiliser.
Mais que restera-t-il après ? Esch et la région devront être différentes, les projets commencés devront être maintenus. Et l'argent devra être là. Il insiste donc sur les analyses des forces et faiblesses qui doivent être faites pour savoir dans quels domaines une forte évolution est voulue.
L'orateur souligne qu'Esch a une histoire millénaire qui va au-delà de la simple culture industrielle. Il y a une culture pré- mais aussi post-industrielle. Esch est devenue une ville universitaire. 100 nationalités différentes vivent à Esch. Le plurilinguisme est aussi une thématique.
Ces choses doivent être thématisées pour 2022 et être mises sur le devant de la scène.
Déi Lénk soutiennent la candidature pour la Capitale européenne de la culture 2022, mais le conseiller tient aussi à répéter que le projet doit être porté par tous les habitants et être réalisé en collaboration avec chacun d'eux.

***André Zwally (CSV)** indique que rien n'est à redire sur l'approche et la mise au point du concept, même si aucune déclaration définitive n'a encore été faite. Mais il reste encore 5 ans pour instaurer le programme.*
Il ajoute que le service de la Culture a déjà pu récolter une certaine expérience au cours des dix dernières années, mais précise qu'il faut prendre en compte la manière dont la société a évolué ces cinq dernières années.

bei him am Ministère lech begéint huet an Dir hutt 67% vun deem Ganzen zougesot kritt. Et ass eis gesot ginn, dass fir déi zwou lescht Kulturhaaptstied, déi mer haten, 1995 an 2007, de Budget méi héich war. Do ass vun 80% geschwat ginn. An ech géif mengen, dass Der roueg lech kënnt drop fokaliséieren – an Dir hutt nach Zäit – an ze soen, dass awer Evolutioune komm sinn an dass mir och kéinten déi 80% fir eis vereinnahmen.

Da kommen ech zum Budget, wat Esch selwer ubelaangt. Ech mengen, do si mer bei néng Milliounen, déi da géifen ustoen. A bei deene wär dat eng Provisioun vun 1,8 Milliounen d'Joer, déi mer misste maachen. Dat sinn déi direkt Käschten, déi eis de Moment bekannt sinn.

Mir stellen eis natierlech och d'Fro, ob do och indirekt Käschten domadder verbonne sinn? Mir kënnen eis jo net virstellen, dass et dobäi géif bleiwen. Mä et kënnt jo awer Main d'œuvre dobäi. Do kënnt jo am Laf vun der Zäit dach awer Aarbecht op eis zou, an domadder verbonne ginn et dann och indirekt Käschten, déi mer dann nach awer sollen am Ae behalen, wann et da sollt esou kommen.

Mir stellen eis natierlech och d'Fro – an déi ass och am Film e bëssen erauskomm –, wat d'Plus-value ubelaangt. Ech mengen, am Moment kënne mer dat jo net auswäerten. Dat Eenzegt, wou mer sécher sinn, dat ass de Label vun der EU. An och dee Prix Melina Mercouri, wou mer da sécher sinn, dass mer do mol eng Recette kréien. An dat géif eis dann natierlech och freeën, well dat dann awer eng Erliichterung fir de Portmonni ass. An et ass eis och gesot ginn, Dir géift lech asetzen, fir Mäzenen ze fannen.

Ech weess, dass dat bei eis nach net esou Usus ass. Am Lëtzebuergesche gëtt et dat nach net oft. Oder op d'mannst emol an eise Regioune gëtt et dat net oft. An der Kulturhaaptstad Essen zum Beispill, déi och eng Regioun duergestallt hunn, gëtt et dat méi fléissend. An do sinn och wierklech aner Wierker mat agebonnen, aner Entreprisen, déi weltwäit kënne matmaachen an déi och Interêt drun hunn, fir kloer ze maachen, dass si och e Statut duerstellen.

Duerfir sinn ech och frou, wéi mer erkläert kritt hu vum Här Waltmans, dass awer och ee vun ArcelorMittal an dem Comité mat dran ass, wat mer eigentlech eng gutt Idee fannen. Well domadder verbonnen ass och en Deel vun eiser Vergaangenheet an ech mengen, déi Industriekultur, esou wéi mir d'Elementer erliewen, ass jo amgaangen ëmgebaut ze ginn.

Mer fannen och gutt, dass een dat ka mat promouvréieren. Fir awer nach eng Suggestioun ze maachen: mir schwätzen hei vu Kultur, déi mer an enger neier Visioun gesinn, mä denke mer drun – a mir sollen eis och net dorunner stéieren –, dass et och nach Wierker ginn, haaptsächlech wéi de Belval an Déifferdeng, déi och weltwäit Spëtzeprodukter maachen? An et soll een net vergiessen, vläicht och do en Angebot ze maachen. Dass ee kann de Belval kucke goen, mat senge Palplanchen; dass ee kann zu Déifferdeng d'Greyträger, déi weltwäit bekannt sinn, kucke goen. Ech mengen, dat soll eng Suggestioun sinn, déi mer nach wollte maachen an deem Kulturjoer. Dat wier och interessant fir dat Ganzt.

Elo zum Volet vum Pro-Sud. Ech mengen, mir hu schonn des Ëfteren hei dovunner geschwat. Mir verstinn och net ëmmer, firwat dass de Pro-Sud en Ulass gëtt, fir keng Gemeinsamkeet ze fannen.

Mir respektéieren déi aner Gemengen, wa se fir sech an Autonomie wëlle soen, „mir wëllen do net méi matmaachen, well dat bréngt eis näischt méi". Ech verstinn et net, mä respektéieren dat awer.

Käl a Käerjeng soe jo, si géifen an der Position d'attente sëtzen; ech soen elo mol, op der Reservebänk sëtzen. An esou, wéi dat sech dann herno entwéckelt, wäerte se dann och deementspriechend kënne matmaachen.

Mir bedaueren och e bëssen, dass dat am Virfeld mësstrauesch bewäert ginn ass an dass och Déifferdeng am Ufank gesot huet, dat wier eigentlech hir Idee an dass Diddeleng och net ganz zefridden ass. Mä si sollen drun denken, dass dach awer Esch déi zweetgréisst Stad am Land ass an dass mir awer solidaresch hannert deem Projet hei stinn. An och dass et gutt ass, wa se de Pro-Sud als Ganzes ugesinn an domadder och hir Regioun.

Wat elo déi aacht Gemenge vun de Fransousen ubelaangt: Do ass eis jo och gesot ginn, dass si eigentlech kee finanziellen Accord ginn. Si gi jo méi eng moralesch Ënnerstëtzung an deem Ganzen, wat mer deelweis verstinn.

Mer sinn awer och der Meenung, datt, wann dann den Ausbau kënnt an deene Regiounen, een dann awer och soll doriwwer nodenken, datt se sech kënne finanziell mat un deem Ganze bedeelegen.

An déi grenziwwerschreidend EU-Fördergelder, déi jo nach am Raum stinn: do wëll ech drun erënneren, dass mer dat awer ëmmer erëm an de Raum geheien, dass dat e wichtegen Aspekt ass. A mir hu jo och Deeler aus deene Fördergelder kritt. Ech ka mech erënneren, dass mer deemools e Projet eraginn hunn, wou

Selon lui, le projet nécessite une bonne planification. Il est d'avis que l'approche adoptée actuellement est la bonne. Il partage également le point des frais qui y est lié.

De même il approuve la création des associations et leur composition. Selon lui, il est toujours bénéfique que des personnes neutres puissent participer au travail, car ils apportent une autre vue sur la culture.

Concernant le jury, il trouve le délai d'un mois bénéfique, car c'est souvent lorsque l'on a une plus grande pression que les performances ont un plus grand rendement et que l'on obtient de meilleurs résultats.

Il indique avoir lu qu'un maximum de dix personnes est à disposition. L'important est de se présenter en tant qu'équipe devant le jury afin de le convaincre. La présentation doit être aussi cohérente que le dossier.

Il emprunte une nouvelle fois le vocabulaire du football, puisque la durée de présentation est de 45 minutes, donc une mi-temps, puis une autre mi-temps pour les Questions/Réponses. Ce sont donc 90 minutes durant lesquelles le match doit être joué.

Il ajoute que la concurrence est grande, mais qu'il est content de pouvoir participer au marché international. Il est d'avis que l'originalité et l'identification de Pro-Sud doivent être mises en avant.

Concernant le budget, l'orateur indique que dans les communes participantes, les habitants doivent ou devraient payer 50 euros. Le gouvernement a confirmé une participation de l'ordre 67% de la somme globale. Mais il a appris que la participation pour les deux dernières Capitales culturelles de 1995 et 2007 était plus conséquente, à savoir 80%. Il estime donc que 80% sont également adéquates pour 2022.

Concernant le budget de la ville d'Esch elle-même, il est de neuf millions d'euros, Il faudrait donc faire une provision de 1,8 millions par an. Il s'agit là des coûts directs connus. Il se pose aussi la question des coûts indirects, dont la main d'œuvre, par exemple, ou les travaux qui devront être faits. Ainsi que celle de la Plus-value. Elle ne peut être estimée, mais il est tout de même certain du label de l'UE. Et du Prix Melina Mercouri, qui entraînera aussi une recette.

La recherche de mécènes serait aussi très bénéfique. Cela est moins habituel pour le Luxembourg et pour la

mer hei de Stadkär konnten domadder sanéieren oder op d'mannst konnten domadder ënnerstëtzen. Also haalt dat op jidde Fall am Aen. Dat ass bien-venu, wat dee finanziellen Aspekt ubelaangt. An ech mengen och, wat déi grenziwwerschreidend Idee ubelaangt.
Mer mussen awer och wëssen – besonnesch wann een de Film elo gesinn huet vu Mons –, wéi ass deen aktuellen Zoustand vun eis? Dat ass jo wichteg, deen aktuellen Zoustand. A fënnef Joer, wa mer dat da kréien, musse mer och wëssen, dass mer impeccabel musse sinn. Eis Gebaier, eise Patrimoine, dee mir vertrieden, an deen och aner Gemenge vertrieden, mussen impeccabel sinn; si musse virweisbar sinn. Do schwätzen ech och vun eise Stroosseninfrastrukturen an allem, wat domadder verbonnen ass. Well do gi mer eng Visitëkaart of, net hei fir de Süden oder fir déi Escher Leit, mä mir ginn da wierklech eng Visitëkaart of fir europäesch Zoustänn an och fir weltwäit Zoustänn ze representéieren.
Zum Schluss wollt ech dann nach soen, dass mir mat eiser Fraktioun lech ënnerstëtzen an där doter Approche.
Nach kuerz eng Bemierkung, déi ech mer awer net wëll verknäifen: Mir freeën eis op jidde Fall drop, wann dat sollt zustane kommen, datt mir wéinstens emol eng Kéier am Joer 2022 an engem Beräich, nämlech an der Kultur, dann Haaptstad vum Land sinn. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Villmools Merci, Här Zwally fir d'Ënnerstëtzung vun Ärer Fraktioun. Den Här Majerus an den Här Knaf dono."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Den Här Bernard."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Oh, Här Bernard, pardon. Här Bernard, Dir sidd vir."

Zénon Bernard (KPL): „Merci Madame Buergermeeschter. Fir d'alleréischt wëll ech och Merci soe fir déi gutt Presentatioun, déi mer hei de Muere gebuede kritt hunn. Do stécht eng grouss Aarbecht dohannert. An et gëtt engem awer en Iwwerbléck iwwer – loosse mer soen – d'Struktur an och de Wäert vun esou enger Manifestatioun.
Prinzipiell sinn ech der Meenung, dass all Centime, deen an d'Kultur investéiert gëtt – wa se am Interêt vun der Bevëlkerung ass, am Interêt vum Commerce, am Interêt vun der Stad – e gudden Investissement ass. An duerfir ginn ech och vum Prinzip hier den Accord vu menger Partei, fir deen dote Projet als Capitale européenne de la culture ze ënnerstëtzen.
Ech sinn der Meenung, dass d'Suen, déi investéiert ginn, fir den Niveau culturel souwuel vun eiser Stad wéi och vun hirer Bevëlkerung, wa se participéiert, gutt investéiert ass. An Dir hutt dat och richteg gesot, Madame Buergermeeschter, dass Der kee Blingbling wëllt, sondern eng individualiséiert Participatioun vun eise Biergerinnen a Bierger un deem heite wichtege Projet.
Ech wëll awer och soen, dass et schued ass – et ass hei schonn ugeklongen –, dass de Moment zwou Gemengen an der Schwieft sinn, loosse mer et emol vläicht positiv ausdrécken. An ech sinn net der Meenung, dass een dat soll esou ewechgeheien, wéi wann dat net wichteg wär. Do si ronn 18.000 Leit concernéiert an deenen zwou Gemengen. An ech sinn der Meenung, dass een, wann een dat verächtlech behandelt, dann natierlech net dozou bäi-dréit, déi Gemenge mat Argumenter ze iwwerzeegen, deelzehuelen.
Ech mengen, et soll een „d'Hoffnung" – ënner Anführungszeichen – net opginn, mat deene Leit vu Käl a vu Bascharage etcetera ze schwätzen a se dozou ze brëngen an iwwerzeegen, fir un dësem wichtege Projet deelzehuelen.
Wéi gesot, meng Partei ënnerstëtzt dee Projet. Mir sinn der Meenung, dass et wichteg ass. Op alle Fall: all Sou, deen an d'Kultur investéiert gëtt, ass besser investéiert wéi a Militärausgaben. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Also wou Der recht hutt, hutt der recht, Här Bernard. Léiwer an d'Léift investéieren als wéi an d'Militär. Do hutt Der recht.
Den Här Majerus an dann nach den Här Knaf."

Luc Majerus (déi gréng): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Och déi Escher gréng begréisse ganz formell de Projet, wou ech d'Chance hat, en d'lescht Woch an der Kulturkommissioun en version longue vum Här Waltmans an den zwee Experte virgestallt kritt ze hunn.
Dat éischt, wat mech frappéiert huet, war d'Thema, wat finalement festgehale ginn ass. Iwwert dat ass elo nach net ganz vill geschwat ginn. D'Thema ass „Amour". An ech fanne „quel bonheur", dass emol eng Kéier esou een Thema ervirgehuewe gëtt, well dorënner feelt et, mengen ech, am Moment an dëser Welt am allermeeschten. „Amour" muss ee sech natierlech elo net virstellen, dass d'Wise

région, comme cela est le cas pour la Capitale culturelle Essen. De plus, des usines et entreprises qui y auraient un intérêt peuvent aussi être impliquées dans le projet.
Il se réjouit ainsi qu'une personne d'ArcelorMittal soit dans le comité, car cela inclut ainsi une partie du passé et une culture industrielle en pleine évolution.
Il tient à ajouter qu'il ne faut pas oublier les usines, surtout celles de Belval et de Differdange qui offrent des produits de pointe. Une visite des usines pourrait donc être proposée pour découvrir des produits qui sont connus dans le monde entier.
Concernant le volet Pro-Sud, il ne comprend pas pourquoi il s'agit à chaque fois d'une occasion de ne pas tomber d'accord.
Il respecte également les autres communes qui, pour leur autonomie, disent ne pas vouloir participer car ils ne voient pas leur intérêt. Il ne comprend pas cela, mais le respecte.
Kayl et Bascharage disent se situer en position d'attente, lui disent qu'ils sont sur le banc de réserve. Et au vu de la manière dont le tout se développe, ils pourront encore participer plus tard.
Il regrette les méfiances du départ, que Differdange a dit qu'il s'agissait au départ de son idée, que Dudelange n'est pas satisfaite non plus. Il ne faut, selon lui, pas oublier qu'Esch est la deuxième ville du pays et qu'elle soutient le projet de manière solidaire.
Concernant les huit communes françaises, il a été dit qu'elles n'ont donné aucun accord financier, uniquement un soutien moral, ce qu'il peut comprendre d'une certaine manière.
Mais il est d'avis que lorsque le développement aura eu lieu, que ces communes devraient également apporter un soutien financier.
Quant à la demande de subventions européennes hors des frontières, il tient à rappeler que cela a continuellement été encouragé par son parti et qu'il s'agit d'un aspect important.
L'orateur souligne l'importance de connaître l'état actuel des choses. Il faudra être impeccable dans cinq ans, les bâtiments, le patrimoine, les infrastructures routières. La commune ne sera en effet pas seulement une carte de visite pour la région ou le pays, mais pour toute l'Europe et pour le monde entier.

vum Gaalgebierg ausgesi wéi Woodstock 1969. Mir kënnen dat och e bësse méi dezent halen.
Mä ech mengen awer, et ass en Thema, wat d'Leit e bësse méi uschwätzt, wéi zum Beispill „Le passé sidérurgique de la ville d'Esch-sur-Alzette". An doriwwer ass och diskutéiert ginn. An dat Thema ass och méi international. Dat Thema hei ass en Thema, wou prinzipiell keen normale Mënsch eppes anzewenden dierft hunn.
Dann de Projet selwer, dass een d'Leit, d'Bierger wierklech mat abënnt; dass Kënschtler bei d'Leit heem ginn. Dass d'Evenementer ofwiesselnd sinn, awer net deeselwechten Dag an alleguerten de participéirende Gemenge, ass natierlech eng ganz gutt Saach.
Och muss ech soen, wéi ech déi zwee Experten héiere schwätzen, hunn ech selwer schonn eppes wéi eng Étincelle gespuert, déi sech kéint iwwerdroen a wou dat vläicht herno wierklech zu engem grousse Feier wäert ginn.
Mir hunn nach laang Zäit. Et si jo nach sechs Joer. An ech mengen, dass och all d'Escher Bierger an d'Bierger vun deene participéirende Gemenge wäerte profitéiere vun där ganzer Geschicht.
Et ass kloer, dass am Moment nach vill negativ Remarquen op verschiddene Plattformen ze gesi sinn. Mä finalement mengen ech, dass wann et esou wäit ass, de Gros vun de Bierger an och vun de Gemengen – och vun deene retizente Gemengen – wäerte positiv gestëmmt sinn.
Firwat? Ma et ginn eng ganz Rëtsch Grënn: Dat Alleréischt ass, dass d'Touriste Devisen bréngen. Ech mengen, d'Devise kommen all Commerçanten an all de Stied natierlech zegutt. De Label vun der Kulturhaaptstad bréngt och Leit op Esch, déi vläicht net méi wéi 200 oder 250 Kilometer wäit ewech wunnen, awer trotzdeem vun Esch nach ni eppes héieren hunn. Respektiv ni an hirem Liewe geduecht hätten, eng Kéier op Esch ze kommen. Deene Leit muss een dann eng Stad bidden, déi sou munches huet.
Den Här Zwally sot et, d'Stad muss net forcément geleckt sinn. Mä d'Stad muss awer ganz presentabel sinn. An ech mengе justement, dass deen Étincelle, dat Feier mat sech bréngt, dass all déi Infrastrukturen, déi am Moment nach net grad esou wäit sinn, wéi d'Jugendherberg, de Camping, d'Infrastruktur, d'Stroossen, d'Hotellerie wäerte forcément dovunner profitéieren. Well 2022 mussen déi Saache prett sinn, fir déi Leit, déi op Esch kommen, opzehuelen.
Op d'Leit duergoen! Dat war en anere Punkt, dee mer ganz wichteg geschéngt huet. Bei all Kritik, déi mir iwwer Zeitung, iwwert den Internetsite, iwwert wéi eng Plattform och ëmmer matgedeelt kréien, probéiere mir d'Leit eenzel an e Gespréich eran ze ruffen, mat där Kritik sech ausernee ze setzen an ze kucken, wat un där Kritik drun ass. An da gegebenenfalls e bëssen nozeginn an déi eng oder an déi aner Richtung, fir déi Leit mat anzebannen.
An dobäi kommen ech zu menger Schlussfolgerung, et ass am Fong geholl erëm d'Thema vun där ganzer Geschicht: Wat wichteg ass, mengens Erachtens no, an dësem ganze Projet, sinn d'Wierder „zesummen" oder „gemeinsam", tëscht de Stied, tëscht de verschiddene Gemengeréit, tëscht de Bierger, tëscht – an där ginn et eng Rëtsch – de Kulturbanausen a Kënschtler an tëscht verschiddene Gemengeréit, déi dann effektiv – an do ginn ech dem Här Bernard ganz recht – positiv mussen agebaut ginn. Och wann am Moment vläicht Retizenzen oder Kritiken so sinn. Déi solle weider informéiert ginn iwwert dat, wat leeft. Iwwert dat, wat kënnt. An ech sinn der Meenung, dass iergendwann eng Kéier och déi wäerten op d'Schëff sprangen an da si mer alleguerte mat am Boot fir „2022 Kulturhaaptstad".
A wat resuméiert besser d'Wierder „zesummen", „gemeinsam" wéi d'Thema „l'Amour". Ech mengen, dat kann een net eleng. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Schéi gesot. Merci Här Majerus. Dann huet den Här Knaf nach d'Wuert."

Pierre-Marc Knaff (DP): „Madame Buergermeeschter, wéi ech viru fënnef, sechs Méint fir d'éischt dovun héieren hunn, datt Der wéilt Capital européenne de la culture ginn, do hunn ech mer geduecht, „sou, elo si se definitiv duerchgeknallt, elo si se net méi ze retten". Ech hu geduecht un den Zoustand vun der Dicksstrooss, ech hu geduecht un eis eidel Stroossen no sechs Auer hei an Esch. Ech hunn nach un aner Saache geduecht. Ech hu geduecht, dat kënne mer dach kengem zoumudden. Wéi gesot, ech war relativ verzweifelt, wéi ech dat héieren hunn.
An dunn hunn ech mech informéiert, notamment bei eise Leit vun eisem Kulturservice. An ech hunn do festgestallt, datt déi begeeschtert waren. Datt déi déi Saach esou enthousiastesch gesinn hunn, datt ech mech dunn och begeeschtere gelooss hunn. A si hu mer erzielt, wat se wéilte maachen, wéi de Projet soll ausgesinn, wat déi éischt Démarchë sinn. An ech hu gemierkt, do ass eng Energie, déi

Zénon Bernard (KPL) *est d'avis que chaque centime investi dans la culture, si c'est dans l'intérêt de la population et du commerce, est un bon investissement. Il donne donc l'accord de principe de son parti pour le projet de Capitale européenne de la culture.*
Le but n'est pas d'obtenir un résultat extravagant et tapageur, mais une participation individuelle de chaque citoyen pour ce projet important.
Il regrette tout de même que deux communes soient réticentes. Et selon lui il ne faut pas faire comme si cela n'était pas important. Il s'agit en effet de 18.000 personnes dans les deux communes qu'il ne faut pas négliger.
Selon lui, il ne faut pas perdre « espoir » et parler avec ces personnes - de Kayl et de Bascharage - afin de les convaincre de participer au projet.
Il répète que son parti soutient le projet et il pense qu'il est primordial d'investir dans la culture, ce qui est mieux que de les investir dans des dépenses militaires.

Luc Majerus (déi gréng) *salue tout d'abord le projet.*
Ce qui l'a frappé, c'est tout d'abord le thème retenu. Il approuve le thème « Amour », car il estime que le monde en manque actuellement. Le sujet doit d'ailleurs être suivi de manière décente.
Il est d'avis que cela inspirera d'avantage les gens qu'un thème comme « Le passé sidérurgique de la ville d'Esch-sur-Alzette ». De plus il s'agit d'un thème international contre lequel personne ne devrait avoir d'objection.
Il approuve également le fait que les citoyens soient impliqués, que les artistes aillent au domicile des gens, que les événements soient alternés, mais pas tous le même jour dans les communes participantes.
En entendant les deux experts présents, il a lui-même ressenti une certaine étincelle qui, il le pense, se transformera en grand feu.
Il reste encore six ans, ce qui est une bonne période, et il pense que toutes les communes participantes pourront récolter les bienfaits.
Bien que de nombreuses remarques négatives se font entendre actuellement, il pense qu'avec le temps le gros des citoyens et des communes réticentes seront positifs.

sech scho kreéiert huet. Ech hu gesinn, dat gëtt awer vläicht eppes.
An elo, fënnef Méint dono – an enger Rekordzäit –, läit hei e Projet vir, dee wierklech, muss ech soen, formidabel ass. Deen ausgeschafft ass, quitte datt en nach net ganz fäerdeg ass. Mä wou een awer seet: „qui tient la route".
An ech kann elo wierklech nëmmen hoffen, datt mer dee Kampf fir d'Nominatioun gewannen. Dat wär nämlech eng ganz grouss Récompense fir all déi Leit, déi op deem Projet geschafft hunn. Dir, Är Servicer, déi Leit, déi mer nach vu baussen erbäigezunn hunn, fir dat op d'Been ze stellen. Dat wär déi Récompense, déi déi Leit géife meritéieren. Ech géif hinnen, och wa mer dat elo net géife packen, awer e grousse Bravo ginn. Well ech mengen, et huet awer schonn eppes bewierkt. An déi Aarbechten, déi gemaach gi sinn, fir Ideeën ze kréien, wéi d'Kultur kann ausgesinn zu Esch, wären awer net verluer.
Mä ech sinn awer gudder Déng, datt mer déi Saach do gewannen.
Firwat sinn ech elo esou begeeschtert? Well et natierlech esou ass, datt esou eng Année culturelle d'Europe e formidabelt Instrument och ka si fir d'wirtschaftlech Förderung vun eiser Stad an iwwerhaapt der Südregioun. Dat läit e bëssen an dërselwechter Linn wéi de Fait, datt mer probéiert hunn, e bëssen ze dezentraliséieren. Also Saachen op Esch ze kréien, d'Uni op Belval ze kréien. Dee grousse Projet Belval och, wou vill Administratiounen elo kommen. Wéi gesot, dat ass alles fir eng gewëssen Dynamik vun der Wirtschaft an eiser Regioun ze provozéieren. An dat hei geet an déiselwecht Richtung.
An dofir mengen ech, kéinte mer nëmme vun deem Joer do profitéieren. Et kéint en Impuls ginn, wéi gesot, fir eise Stadskär. Et kéint en Impuls sinn och fir eis Uni. Et kéint en Impuls si fir déi ganz Regioun an d'Grande Région. Et ass natierlech kloer, datt wa mer dee Concours gewannen, datt mer mussen dann effektiv impeccabel do stoen, wéi den Här Zwally gesot huet. Da wësse mer an dat wësst Dir och, datt da muss nach ganz vill geschafft ginn. Awer dat kéint schonn eng ganz grouss Chance si fir eis.
Dat kéint och eventuell den Declic sinn; mer hu jo drop gewaart a gehofft, datt Belval e bëssen den Declic wier, fir eise Stadkär erëm opzewäerten, datt erëm géife méi Leit kommen. Dat huet sech bis elo allemol nach net realiséiert. Mä vläicht ass dann d'Capitale européenne de la culture den Declic, dee mer brauchen, fir erëm e bësse méi Liewen an de Stadkär ze kréien. Do ass dann ëmmer eppes lass, do komme Leit vu baussen an do loossen sech da vläicht och eis Leit erëm antrainéieren, fir sich e bësse méi hei am Stadkär opzehalen.
Da wollt ech awer och nach d'Regierung felicitéieren, datt déi net laang gebraucht hunn, fir lech den Accord ze ginn a fir lech ze accompagnéieren. A fir dann och en Deel vun de Käschten ze iwwerhuelen. Dat weist och, datt déi et eescht mengen an hirem Projet vun Dezentralisatioun a vu Förderung vun der Südregioun.
A souguer de grousse Bravo un all déi, déi um Projet geschafft hunn. Et ass natierlech esou, datt d'DP dee Projet och mat dréit an ënnerstëtzt."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Villmools Merci och, Här Knaf. A mir si frou doriwwer, datt Der erëm frou sidd mat eis an net mengt, mir wieren duerchgeknallt...

(Gelächter)

Dann huet d'Thema Amour jo schonn eppes beweegt, datt mer all frou si mateneen. Alleguerten de Memberen hei vum Gemengerot e ganz grousse Merci fir déi Ënnerstëtzung.
Wat wichteg ass, dat ass déi Transparenz, an där mer musse schaffen, esougutt inhaltlech wéi dat Ganzt weidergeet op alleguerten den Niveauen wéi selbstverständlech och finanziell, well dat awer e wichtegen Impakt ass.
Mir sinn awer der Meenung, datt dat Geld, wat mer do investéieren, a wat jo awer elo fënnef, sechs Joer investéiert gëtt fir 2022, nohalteg ugeluecht ass. A vläicht ass dat och e bëssen de Problem, dee mat anere Stied verbonne war.
Et geet drëms ze plangen, net 2022, mä 2032. Et geet drëms, eis Stad ze entwéckelen an eng Richtung, wou eppes iwwreg bleift a wou nohalteg ass a wou mer – vläicht elo e bësse méi ee krasst Beispill – net e Pavillon do stoen hunn. Mä méi doriwwer eraus, datt et eiser ganzer Stad an dem Süden och notzt.
Dir hutt dee Bréif verdeelt kritt vum Martine Aubry, der Buergermeeschtesch vu Lille. Mir hunn der nach kritt – natierlech kritt Der déi och zougestallt – vu Partnerstied, och Offenbach a Köln hu sech gemellt, Turin huet sech gemellt, déi eis ënnerstëtzen. Dat vläicht och zu den auslännesche Partner, wou ech mengen, dass och flott Kooperatiounen entstinn an déi Ideeë gemeinsam entwéckelt ginn.
Ech wëll nach, ier ech dem Schäffen Tonnar d'Wuert ginn, soen, an et ass vill heibanne gesot ginn an ech mengen och schonn an de Woche virdrun: Och wa mer de Label net kréien, sinn elo schonn esou vill Ideeën entstanen, Iwwerleeun-

Tout d'abord il parle des devises apportées par les touristes qui seront bienvenues pour les commerçants. Ainsi que le label de Capital européenne de la culture qui attirera les gens qui vivent à 200 ou 250 kilomètres d'Esch et n'en ont jamais entendu parler, ou qui n'auraient jamais pensé y mettre les pieds un jour.
Selon lui, la ville devra être présentable. Les infrastructures telles que l'auberge de jeunesse, le camping, les routes, ou encore l'hôtellerie ne pourront que profiter, car tout devra être prêt en 2022 pour accueillir les gens.
Un point qu'il souligne est l'importance d'aller vers les gens. Il faut attirer les gens vers le dialogue, surtout à cause de toutes les critiques qui circulent dans les journaux, sur internet. Il faut donc pousser les gens à se confronter à cette critique et à voir ce qui est justifié.
En conclusion il affirme que ce qui est le plus important, selon lui, c'est le mot « ensemble » entre les villes, entre les différents conseils communaux, entre les citoyens, entre les artistes qui doivent être intégrés de manière positive. Tous doivent être continuellement informés sur ce qui se passe, et il pense qu'à un moment ou à un autre tout le monde embarquera dans le bateau pour la « Capitale culturelle 2022 ».

***Pierre-Marc Knaff (DP)** a pensé que le Conseil était complètement fou, la première fois qu'il a entendu parler de Capitale européenne de la culture.*
Mais après s'être informé auprès du service à la Culture, il a pu constater l'enthousiasme qui l'a également rapidement gagné. Il a pu être témoin de l'énergie dans le service et a commencé à croire au projet.
Et cinq mois plus tard, il a devant lui un projet formidable qui a été développé et qui tient la route, même s'il n'est pas encore terminé.
Il espère donc qu'Esch va gagner la bataille pour la nomination, car cela serait une grande récompense pour tous les gens qui travaillent à ce projet. Même si au final la course n'est pas gagnée, il tient néanmoins à féliciter toutes les personnes impliquées et à préciser que toutes les idées et tous les projets ne seront, dans tous les cas, pas perdus.
Il explique son enthousiasme actuel par le fait qu'une Année culturelle

gen, déi mer awer kënnen ëmsetzen an déi wichteg sinn, an op deene mer sollte weider schaffen.
Et ass och hannendrun nach eppes passéiert. Dat ass, datt den Interêt fir Esch a fir eis Regioun elo scho Kreesser zitt. Mir hate gëschter, den Här Tonnar hat et kuerz virdrun ugeschwat, déi Sitzung mat deem grousse Kongress, den transatlanteschen Dialog, deen d'nächst Joer am Mee hei wäert stattfannen, organiséiert. Wou och do d'Bevëlkerung wäert mat abezu sinn. Dir kritt och weider Informatioune, wa mer déi schréftlech Ufro konkret hunn.
A mir hunn, wat d'Commercen ugeet, Leit, déi sech mellen, déi Interêt hunn. Oh Wunder, mellt sech en Hotel, dee seet, mir hunn Iwwerleeungen, mir wëllen eis zu Esch implantéieren. Dat ass dat, wat ech och mengen, wat wichteg ass a wou och de Commerce kann dovunner profitéieren a mir insgesamt. An op deem Wee sollte mer weider schaffen.
Dir kritt selbstverständlech esou séier wéi méiglech, wéi d'Infoen erakommen, d'Informatiounen. Mir wäerten Iech déi matdeelen.
Ech ginn dem Schäffen Tonnar nach d'Wuert, fir op déi aner Froe kuerz ze äntwerten."

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Merci Iech alleguerten. Mir sinn natierlech ganz frou, dass hei eng Unanimitéit ass. Et kann net sinn, dass elo zu Esch Abstentioune wieren oder souguer Refusen. Mir si ganz, ganz frou, dass hei de ganze Gemengerot hannert dem Schäfferot steet an hannert där ganzer Géigend.
Mir ass opgefall, dass déiselwecht Wierder ëmmer erëm komm sinn, dat ass zum Beispill d'Participatioun. Den Här Bernard huet et gesot, den Här Biltgen huet et gesot. Den Här Biltgen huet gesot, et ass eng Chance an et ass en Défi. Dat hu mer och esou verstanen. D'Chance ass eben, dass mer kënnen, wéi elo grad d'Buergermeeschtesch gesot huet, eis och ekonomesch nei a weider entwéckelen. Den Défi ass, dass dat do e Succès gëtt an dass et de Leit aus der Géigend eppes bréngt, dass et all Mënsch esou vill wéi méiglech eppes bréngt.
An den Här Bernard huet mat recht gesot, et ka jo awer net sinn, wann zwee Gemengeréit soen, mir sinn dogéint, dass dann 18.000 Leit ausgeschloss ginn. Dat wäert et sécher net sinn an d'Bierger loosse sech och net esou séier ausschléissen.
Ech kann Iech just e Beispill ginn: dës Woch hu mir eng Demande kritt – ech weess net, ob et en Hasard ass oder net – vun engem Käler Veräin, ob si kéinten de 7. Mee mat der Nuit de la culture hei zu Esch matmaachen."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Très bien!"

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Ech fannen, dat ass en Zeechen, dass Leit och iwwert d'Politik ewech sech weisen a sech wëlle mellen.
Bon, et ass elo e bësse kuerz. Mä ech wier ganz frou, wann dee Veräi kéint bei der Escher Nuit de la culture an Zukunft matmaachen. Well dat ass net d'Escher Nuit de la culture, dat ass och eng Nuit de la culture fir eis all. A fir mech ass et e Microbeispill, wéi eng Année culturelle kéint sinn. An Dir hutt jo all gemierkt, wéi all Joer méi Publikum kënnt a wéi all Joer méi Participatioun och vun den Escher an Net-Escher Veräiner ass. Dëst Joer sinn et der 24.
Wat och ugesprach ginn ass, dat ass de Budget. Natierlech, Här Zwally, dat ass maximum 50 Euro, do hutt Der recht, pro Awunner pro Joer. Et ass och esou, dass do awer déi indirekt Fraisë musse vun där Asbl gedroe ginn. Et kann net sinn, dass mir nach Milliounen indirekt Fraisë kréien. Dat ass op jidde Fall esou prévu.
Dee „Prix", deen Der ugeschwat hutt, Melina Mercouri, dat sinn 1,5 Millioun. Mä dat ass net sécher, dass een dat kritt. An dat ass nodeem et eriwwer ass. Dat heescht, dee kritt een am Nachhinein.
An Der hutt mat Recht gesot, mir hunn déi franséisch Gemengen net gefrot. Mer wëssen aus Erfahrung, wéi komplizéiert et ass, vu franséischen Nopeschgemengen e Centime ze kréien. Do hu mer emol virgezun, do kee Budget virzegesinn, well bis zu Paräis déi Demande ukomm ass iwwert d'Gemeng, den Departement, d'Regioun, de Prêfet, déi nei Regioun, déi elo kreéiert ass, de Ministère zu Paräis an da bis beim Premierminister a vläicht beim President, hu mer léiwer gehat, mer géifen do emol näischt asetzen als Montant, dee mer kënne kréien.
De Mécénat hutt Der à juste titre ugeschwat. Do kucke mer scho ganz laang ëmmer jalous op déi grouss Stied, op Hamburg, wou do grouss Mezäne sinn, déi Opere bauen; och zu München. Do ass dat eng Selbstverständlechkeet. Mä si hunn och vläicht méi Räicher, ech weess et net.
Hei ass dat iwwerhaapt net an den Habituden. Mä et ass awer, dat hutt Der och am Film gesinn, prévu, dass ee bei d'Geschäftsleit, bei d'Entrepreneure geet an dass do e Grupp sech kreéiert, an dass do Sue gesammelt wäerte ginn.

européenne est un formidable instrument pour l'évolution de la ville et de toute la région Sud. Cela suit la ligne de conduite déjà entamée de décentralisation. Le but étant de provoquer une certaine dynamique pour la région. Et la Capitale européenne de la culture serait donc le moyen de continuer dans la même direction, de donner une nouvelle impulsion au centre, mais aussi à la région et à la Grande Région. Il rappelle qu'en cas de victoire, il sera impératif de se présenter de manière impeccable.
Il pense d'ailleurs que cela pourrait avoir un effet de déclic. En effet, l'espoir était que le Belval soit ce déclic et attire davantage de monde. Cela n'a pas été le cas jusqu'à présent, mais peut-être que le fait d'être Capitale européenne de la culture sera ce déclic pour amener plus de vie dans le centre.
Il tient également à féliciter le gouvernement pour la rapidité avec laquelle il a donné son accord et accepté de fournir un soutien financier. Cela prouve sa sincérité quant au désir de décentralisation et de promotion de la région Sud.

***La bourgmestre Vera Spautz (LSAP)** souligne l'importance de la transparence, aussi bien pour le contenu du travail et des avancées que pour le domaine financier.*
Le but étant que l'argent investi pendant cinq ou six ans, pour 2022, soit un investissement à long terme. L'objectif n'est pas de planifier pour 2022, mais pour 2032. Il faut développer la ville de sorte que les bienfaits se ressentent à long terme et dans toute la région Sud.
Elle informe sur les lettres reçues de la part des différentes villes partenaires, comme par exemple Lille, Cologne ou encore Turin. Elle pense que cela pourra donner lieu à d'intéressantes coopérations et à des idées communes.
Même si le label n'est pas obtenu, de nombreuses idées et réflexions ont pu être développées et il est important de continuer à y travailler.
Elle souligne aussi le fait que l'intérêt pour Esch et la région attire déjà de nouveaux intéressés. Elle donne l'exemple d'un grand congrès qui aura lieu en mai de l'année prochaine. Là aussi la population sera impliquée.
Elle ajoute que des commerçants se manifestent en raison d'un intérêt pour le projet. Comme par exemple

Finalement, mengen ech, hätte mer op all Är Froe geäntwert. Et ass selbstverständlech, Här Biltgen, all Mënsch ass wëllkomm, wéi Der dat gesot a gefrot hutt. Mir wäerten an deem do Sënn weider schaffen.
Ech ginn dem Här Knaff absolut recht an och der Madame Bofferding, mer mussen insistéieren op déi Aarbecht, déi dee Service culture an och d'Andrea an deene puer Méint geleescht hunn.
Ech wëll just drun erënneren: viru fënnef Joer hate mer nach iwwerhaapt kee Service culture. Do hate mer esou e Kulturmanager, oder wéi hu mer e genannt, an dee Service ass viru fënnef Joer kreéiert ginn. Do si mer awer och bal erschoss ginn, dass mir dräi Leit an de Service culture gesat hunn. Dee Service ass vun näischt entstanen. Ech wollt do awer eng Kéier drun erënneren. An hei op dëser Plaz och deenen Dräi am Moussetshaus e ganz, ganz grousse Merci soen. Well ouni si an och ouni déi auslännesch Equipe, déi eis begleet, hätte mer dat op jidde Fall net kënne fäerdegbréngen a scho guer net an där Zäit. Merci nach eng Kéier, fir Är Ënnerstëtzung.
Mer wäerten Iech och permanent um Lafenden halen an Der wäert och eng Newsletter kréien, wou Der och permanent um Lafende gehale gitt. An da kéime mer zum Vote, Madame Buergermeeschter."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Kolleginnen a Kollegen, ech géif da froe fir de Vote, fir dat ze offizialiséieren."

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal déclare à l'unanimité vouloir poser candidature pour le titre de Capitale Européenne de la Culture 2022.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerten nach eng Kéier. Mir kommen dann un de Kulturförderprogramm, dat heescht d'Adhésioun zur Agenda 21 vun der Kultur, déi och mat 2022 ze dinn huet an ech mengen e ganz wichtege Projet och fir Esch ass. De Schäffen Tonnar huet d'Wuert nach eemol."

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Ech wäert hei awer elo e bësse méi kuerz sinn oder vill méi kuerz. Mir si scho ganz laang amgaangen, nodeem mer déi lescht Assises culturelles organiséiert haten an am Fong eng Bestandsopnam gemaach hunn iwwert dat, wat mer hunn, wat mer kënne besser maachen, wéi eng Artisten, wéi eng Veräiner, wéi eng Gebaier mer hunn. Mer hunn eis elo iwwerluecht, wéi een dat kéint weidermaachen.
Mer waren de leschte Méinden an enger Table ronde, wou och d'Madame Bofferding war. Déi war ganz interessant, an do ass dann iwwert de Regierungskulturprogramm geschwat ginn, deen amgaang ass elaboréiert ze ginn. Dat en attendant, dass op Landesebene d'Assises culturelles kommen. Do hu mer erausfonnt, dass mir schonn iwwert dee Punkt ewech wieren. An dat ass dat, wat mer Iech haut presentéieren, deen Agenda 21 vun der Kultur.
Mer sinn op dat gestouss, nodeem mer gesicht hunn, wéi mer eis Kultur hei developpéiere kënnen. Gett et do Associatiounen, mat deenen ee kann zesumme schaffen? Gëtt et do Verbindungen? Gëtt et do Linken?
Ech mengen, d'éinescht hunn den Här Biltgen an d'Madame Bofferding – et ware si haaptsächlech – iwwert deen transversale Rôle vun der Kultur geschwat. An do si mer op eppes gestouss, dat heescht – et huet en onméiglechen Numm – „Cités et Gouvernements Locaux Unis" (CGLU). An dat ass 2004 an d'Welt geruff ginn, op enger Konferenz zu Paräis fir d'éischt, an dono zu Barcelona, wou den éischte Forum war. An do ass genee dat examinéiert ginn an ass nach amgaang gekuckt an developpéiert ze ginn: wat ass d'Kultur, wat kann ee mat der Kultur beweegen, wéi kann een d'Kultur besser gestalten?
An där Table ronde huet mech frappéiert, bei de Froen an Äntwerten, wou eng Architektin gesot huet, dass zum Beispill d'Architektur als Kultur ganz vergiess gëtt, an den Design an esou weider. An dat ass alles, wat mir an eise Programme mat agebaut hunn.
Do hu mer an deem CGLU dann néng Punkte fonnt, déi mer wëllen ëmsetzen. Ech wëll déi ganz kuerz erläuteren.
Déi néng Engagementer fir dee Kulturprogramm, d'Kulturaktioun sinn:
1. „Les droits culturels". Der gesitt, dass d'Kultur ëmmer dran erëmkënnt, awer ëmmer an deem transversale Rôle, mat

un hôtel qui dit avoir des idées et aimerait s'implanter à Esch.

***L'échevin Jean Tonnar (LSAP)** est heureux de l'unanimité et ne pourrait accepter des abstentions ou refus à Esch.*
Il s'est rendu compte que certains mots reviennent à chaque fois, comme par exemple « participation ». La chance, mise en avant par d'autre membres du Conseil, est de pouvoir se développer économiquement. Le défi, lui, est que le projet soit un succès et apporte des bienfaits à la population et à la région.
Il approuve les propos de Mr Bernard qui disait qu'il est impossible que 18.000 personnes soient exclues, puisque deux Conseils communaux sont contre le projet. Les citoyens ne se laisseront certainement pas exclure de la sorte.
Il donne l'exemple d'un club de Kayl qui a envoyé une demande au cours de cette semaine, par hasard ou non, pour pouvoir participer à la Nuit de la culture, le 7 mai à Esch. Il s'agit, selon lui, d'un signe que les gens veulent participer.
Il espère donc que le club pourra participer à cette nuit l'année prochaine. C'est pour lui un micro-exemple de ce que peut devenir la Capitale européenne de la culture.
Concernant le budget, il est d'accord avec le montant de maximum 50 euros par habitant. Et aussi que des frais indirects devront être pris en charge par l'ASBL et qu'il est impensable que des millions d'euros de frais indirects fassent leur apparition.
Il ajoute que le prix Melina Mercouri comporte un montant de 1,5 millions, mais qu'on ne peut être sûr de le recevoir. En plus, s'il est remporté, le montant est viré seulement à la fin de l'année en question.
Concernant les communes françaises, l'échevin confirme à quel point il est difficile de recevoir ne serait-ce qu'un centime, et que de ce fait rien n'a été prévu par rapport à une telle participation dans le budget. Le temps que les demandes passent par toutes les administrations françaises, tous les services, tous les ministères… il était préférable de ne rien envisager de ce côté-là.
Par rapport au mécénat, il ne peut que constater qu'il ne s'agit pas d'une habitude au Luxembourg, comme par exemple à Munich ou à Hambourg. Mais il est tout de même

anere Saachen. An do ass awer grad alles abezunn.
2. „Le patrimoine, la diversité et la créativité". Dat erënnert mech drun, wat d'éinescht gesot ginn ass, nämlech dass eis Gebaier, eis Infrastrukture an der Rei musse sinn.
3. Wat mer scho laang amgaang sinn: „La culture et l'éducation". Mer hu ganz flott Programmer mat der Kulturfabrik a mat eise Schoulklassen. Dat ass notamment dee Volet.
4. Dat interesséiert den Här Kox an den Här Majerus am meeschten: „La culture et l'environnement".
5. E ganz wichtege Sujet: „La culture et l'économie". Do kënnt een net derlaanscht.
6. Och ee ganz wichtege Sujet: „La culture, l'équité et l'inclusion sociale".
7. „La culture, la planification urbaine et l'espace public": Wou mécht een iwwerall Kultur? Et war d'éinescht dovu rieds. Och Kultur erausdroen. Et war rieds, e philharmoneschen Orchester an enger Piscine spillen ze loossen. Alles ass ze envisagéieren. Do si grouss Chefs d'orchestre, notamment vun de Berliner Philharmoniker bal erschoss ginn. Mä en huet et gemaach an en huet e ganz anere Public ugezunn. En huet Jonker ugezunn, déi net onbedéngt an eng Philharmonie ginn.
8. „La culture, l'information et le savoir".
An dann 9: „La gouvernance culturelle". Ënner wiem soll dat gefouert ginn? Wéi soll dat dirigéiert ginn? A wéi soll dat gemaach ginn?
Ech wëll elo net op déi Bestandsopnam kommen, wat mer alles hunn. Ech mengen, dat hu mer schonn oft ernimmt. Ech wëll awer kuerz soen, dass an deem heiten Zesummenhang haut nach e Projet virgestallt gëtt, dee Projet „Urban Art", dee genee sech doranner agliddert. Ech wëll och de Stroossefestival ernimmen.
D'éinescht ass gesot ginn, fir dee Kulturfestival, dass mir eis net ze schued waren fir ze fannen, dass dat ze deier wier fir déi Retombéen, déi et herno nach hat. An dass mer do och net eis genéiert hunn ze soen, mer schafen dat of a mer maachen e Stroossefest an Esch op zwee Deeg.
Ech wëll awer och hei uschwätzen de Lokalmusée, dee vum Här Biltgen d'éinescht erwähnt ginn ass, awer och de Musée de la Résistance, wou mer endlech viru komm sinn a wou de leschte Méindeg nach e ganze Mueren an eng ganz Mëttegstonn mat de potenzielle Kandidaten, déi de Concours solle gewannen, geschwat ginn ass. An dee Rôle transversal ass eppes extrem Wichteges hei an der Kultur.
Mir géifen lech bieden, dass Der eis ënnerstëtzt mat där Adhésioun an där Associatioun „Cités et Gouvernements Locaux Unis". Déi Adhésioun kascht näischt. Natierlech, wann herno Evaluatiounen oder esou gemaach ginn, da kascht et eppes. Mä wann een adhéréiert, kascht dat näischt a mer benefisséieren da vun allen Avantagen. Do si Stied wéi mir; et si Stied; et si Groussstied; an da si Mega-Metropole wéi Mexiko oder wierklech ganz, ganz grouss Stied, déi an där Associatioun sinn. Et sinn iwwer 600 Stied. A wou mer awer ganz stolz sinn, mir wieren déi éischt Lëtzebuerger Stad, déi do matmécht.
Ech sti bei Froen awer gär zur Verfügung. Dir hutt dat Dokument. Et ass relativ komplex a relativ komplizéiert. Mä wann nach Froe sinn, da beäntwere mer se gär."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Tonnar. Ech schreiwen op: Madame Bofferding, den Här Biltgen. D'Madame Bofferding huet d'Wuert."

Taina Bofferding (LSAP): „Merci Här Tonnar fir Är Presentatioun. Ech hunn elo direkt keng Fro, mä wëll soen, dass dat hei wierklech e wichtege Projet ass. Virun allem ass et e wichtege Punkt am Beräich vun der Kultur.
Déi Idee vun engem Kulturförderprogramm ass jo och elo net nei. Dir erënnert lech bestëmmt nach un d'Assises culturelles, déi 2010 organiséiert goufen, wou iwwer 50 Leit a véier Ateliere sech Gedanken iwwert déi kulturell Situatioun zu Esch gemaach haten.
D'Haaptresultat war deemools, dass jidderee sech iwwert d'Wichtegkeet vun dëser Démarche eens war, dass d'Diskussioune solle weidergoen, awer ënnert enger anerer Form. An dass et niewent der Analys vun engem État des lieux Perspektiven an Ziler mussen entwéckelt ginn, fir virun ze kommen.
An der Kulturkommissioun hate mer méi oft doriwwer diskutéiert, wéi een Instrument gëeegent kéint sinn, fir eng aktiv a strategesch Kulturpolitik ze definéieren an ze förderen. Eens war ee sech, dass ee sech um Sportförderprogramm inspiréiere kéint, ouni deen awer 1:1 ëmzesetzen. De Sportförderprogramm baséiert haaptsächlech op geziilte Mesuren. An der Kultur sollen awer Strategien entwéckelt ginn, déi zu all Moment evaluéiert kënne ginn.
Et geet och net drëms, Kultur selwer ze schafen, mä eben e Kader ze gestalten, dass d'Entstoe vun enger lieweger Kulturlandschaft méiglech ass.

prévu de rencontrer des hommes d'affaires ou encore des entrepreneurs afin de créer un groupe de mécènes et de récolter de l'argent.
L'orateur met à nouveau l'accent sur le travail déjà fourni par le service de la Culture et toutes les personnes impliquées. Et rappelle à l'occasion qu'il y a cinq ans, ce service n'existait pas encore. Il y avait alors un 'agent à la culture'. Le service a donc été créé à partir de rien. Il tient donc à remercier une nouvelle fois toutes les personnes impliquées dans le projet et demande le passage au vote.

(Vote)

L'échevin Jean Tonnar (LSAP) *indique que des réflexions sont effectuées depuis les dernières Assises culturelles pour savoir ce qui peut être amélioré, quels artistes, quelles associations et quels bâtiments sont disponibles.*
Il informe également sur la table ronde qui a lieu le lundi précédent et pendant laquelle il a été discuté du programme culturel gouvernemental qui est en cours d'élaboration. Et cela en attendant les Assises culturelles nationales. Pour le moment, il veut donc maintenant présenter l'Agenda 21 de la culture.
Etant à la recherche de la meilleure manière de développer la culture et les associations avec lesquelles travailler, « Cités et Gouvernements Locaux Unis » (CGLU) a été découvert. Cette association a été créée en 2004 lors d'une conférence à Paris, puis à Barcelone où le premier forum avait eu lieu. L'objectif était d'examiner ce qui pouvait encore être développé.
Il explique que ce qui l'a frappé lors de la table ronde, c'est qu'une architecte affirmait que l'architecture et le design ont tendance à être oubliés.
Il énonce ensuite neuf points qui ont été trouvés au sein des CGLU et qu'il souhaite voir développer et mis en pratique :
1. « Les droits culturels ». La culture revient à chaque fois, mais toujours dans un rôle transversal avec d'autres choses. Mais là, tout est inclus.
2. « Le patrimoine, la diversité et la créativité ». Cela lui rappelle le fait que les bâtiments et infrastructures doivent être en bon état.
3. « La culture et l'éducation ». Il y a un bon programme avec la Kulturfabrik et les classes scolaires.

Elo am Kontext vum Projet Europäesch Kulturhaaptstad sinn déi Diskussiounen, wéi eng Strategie ee sech kéint ginn, weidergefouert ginn. Opmierksam gouf een eben op den Agenda 21. Dëst ass als e Referenzdokument ze verstoen, also kee fäerdegt Dokument mat enger Deklaratioun, déi mir als Gemeng kënnen direkt applizéieren. Anescht ass hei déi eendeiteg Ausriichtung vun deenen an der Agenda beschriwwenen Aktiounsfelder a Fuerderunge fir d'Gemengen, déi kulturpolitesch Potenzialer, wéi och Problemer an Handlungsméiglechkeeten.
D'Agenda 21 fir Kultur gouf iwwregens den 8. Mee 2004 am Kader vum Weltforum vun de Kulturen zu Barcelona vun iwwer 300 Stied adoptéiert, déi domadder hiren Asaz fir Mënscherechter a kulturell Diversitéit, nohalteg Entwécklung, demokratesch Participatioun a Friddenssécherung ënnerstrach hunn.
Wéi gesot, dëst ass e Referenzdokument, keng Bibel mat zéng Geboter, mä néng Engagementer. Resuméiert kann ee soen, dass dëst transversal ass an all Ressort touchéiert.
Déi allgemeng Recommandatiounen zur lokaler Verankerung vum Agenda 21 kann ee mam Schlësselbegréff „strategesch Kulturpolitik" charakteriséieren. De Kultursecteur gëtt niewent ekonomeschen, sozialen an Ëmweltfacteuren als véiert Zil vun der nohalteger Entwécklung definéiert. Et handelt sech heibäi ëm e permanente Prozess, also net e Verlaf mat engem spéideren Enn. Evaluéieren, nobesseren an ausbaue sinn ausdrécklech erwënscht.
Als Presidentin vun der Kulturkommissioun ass et mer wichteg, datt déi mat agebonne gëtt. Vu que datt et jo e participative Prozess ass, hu sech d'Membere vun der Kulturkommissioun, dem Service culturel an och dem zoustännege Kulturschäffen drop gëeenegt, e regelméissegen Austausch ze etabléieren. Et kann ee sech och virstellen, dass zu engem spéideren Zäitpunkt nei Assises culturelles organiséiert kënne ginn, fir d'Entwécklung vun enger lokaler Kulturstrategie weider ze féieren.
Den Här Tonnar hat virdrunner erwähnt, dass en an enger Table ronde deelgeholl huet. An do war et wierklech interessant, well den däitsche Kulturberoder Patrick Föhl erkläert huet, dass e Kulturentwécklungsplang net do wär, fir Inhalter ze bestëmmen, mä mat esou engem Plang sollt de Kader geschafe ginn, an deem eng Kulturpolitik sech kéint entfalen.
A wann een dem Expert seng Konklusiounen analyséiert, schlussfolgert een, dass Esch hei definitiv an déi richteg Richtung geet.
De Stellewäert vun der Kultur hei zu Esch ass ganz héich. Dat spigelt sech net nëmmen an den héijen Dépensen erëm, déi an d'Kultur investéiert ginn, mä och an der diversifiéierter Programmatioun an an der Offer vun eise Kulturhaiser. Am Kader vun der Demokratiséierung vun der Kultur ass et och eng wichteg Aufgab, datt kulturell Bildung grad bei de Kanner ufänkt.
Mat dësem Instrument bitt sech d'Chance fir en neien Dialog iwwert d'Perspektive vun der Kulturpolitik duerch gesellschaftlech Erausfuerderungen ze notzen. Och a grad dofir, well vill Gedanken a Fuerderunge sécherlech net nei wäerte sinn, mä vläicht an Erënnerung erëm ze ruffen, wat u gudden Ideeën a Pläng nach alles kéint verwierklecht ginn, wat bis elo net realiséiert oder ausgebaut konnt ginn.
Dëst gesot, ass d'Sozialistesch Fraktioun der Meenung, dass eis Gemeng Member vun dësem Reseau soll ginn an ënnerstëtzt dësen Avantprojet. Als bedeitende Facteur fir d'Identifikatioun dréit d'Kultur immens zur Profiléierung iwwer d'regional Vermaarktung vun eiser Stad bäi. An dëst Potenzial kann eigentlech net héich genuch ageschat ginn. An dat net nëmmen am Kader vun der Europäescher Kulturhaaptstad. Dëst ass nëmmen en Accélérateur, natierlech virausgesat, mir kréien de Label. Mä domadder fänkt jo schonn e wichtegen Deel vun deem Prozess un, deen haut offiziell lassgeet. An dofir ënnerstëtze mer och hei d'Idee vum Kulturförderprogramm. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Biltgen, w.e.gl."

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Merci Madame Buergermeeschter. Mir mussen eis bewosst sinn, dass zu Esch scho ganz vill am kulturelle Beräich leeft. Hei ginn et Initiative vun ëffentlecher Säit, awer och vu privater Säit. Ech denken, eng Schwächt ass éischter bei der Vernetzung ze sichen a beim Fait, dass oft nëmme bestëmmte Gruppen ugesprach ginn, respektiv sech ugesprach fillen.
Datselwecht gëllt och fir eis Schoulen. Et gëtt hei eng sëllechen, immens flott Initiativen, déi vun eenzel Léierpersounen oder Cyclen oder och emol vu Schoule fir hir Schüler ausgeschafft an ugebuede ginn. Mä et gelëngt nach net, esougutt déi eng vun deenen anere profitéieren ze loossen. Hei misst et en organiséierten Austausch ginn, dass déi Projete sech kënne multiplizéieren an esou méi Schüler kënnen dovu profitéieren. Well dëst ass e Punkt, deen ech jo och scho bei anere Schoulberäicher ugeschwat hunn.

4. « La culture et l'environnement ».
5. « La culture et l'économie ». C'est un sujet primordial.
6. Tout comme « La culture, l'équité et l'inclusion sociale ».
7. « La culture, la planification urbaine et l'espace public » : Où fait-on la culture ? Il faut pouvoir l'amener à l'extérieur. Tout est envisageable, même de faire jouer l'orchestre philharmonique à la piscine. Cela permet d'attirer un tout autre public.
8. « La culture, l'information et le savoir ».
9: « La gouvernance culturelle ». Qui devrait diriger le tout et comment ?
Il tient également à parler du projet « Urban Art » qui peut être mis en relation avec ceci. Il nomme également le festival de rue.
Il a été dit que ce festival de la culture était trop cher pour les retombées en découlant, et qu'il serait ainsi remplacé par une fête de rue à Esch sur deux jours.
L'Echevin cite également le musée local et le musée de la Résistance pour lequel des avancées sont enfin faites. Le lundi précédent, une discussion a eu lieu toute la matinée et en milieu de journée avec les candidats qui devraient gagner le concours.
Il demande le soutien pour l'adhésion gratuite à l'association « Cités et Gouvernements Locaux Unis ». Même si les évaluations futures auront un coût, l'adhésion est gratuite, et n'apporte que des avantages. 600 villes sont membres, et ce serait une fierté d'être la première ville luxembourgeoise à en faire partie.
Taina Bofferding (LSAP) indique que le programme de stimulation culturelle n'est pas nouveau et rappelle les Assises culturelles de 2010 au cours desquelles 50 personnes avaient mené des réflexions sur la situation culturelle de la ville d'Esch.
L'importance de cette démarche et la nécessité de continuer les discussions et de développer les perspectives et objectifs en étaient le résultat.
L'oratrice pense que l'Agenda 21 doit être considéré comme un document de référence, et non comme un document terminé avec une déclaration qui serait à appliquer telle quelle par la commune.
Elle ajoute que l'Agenda 21 a été adopté le 8 mai 2004 par 300 villes dans le cadre du Forum mondial de la culture à Barcelone. Elles ont ainsi

Ech bedaueren, dass et oft dem Zoufall iwwerlooss ass, ob e Schüler an de Genoss vu verschidden Aktivitéite kënnt oder net. Et ass definitiv och e Punkt, un deem muss geschafft ginn.
Ech denken awer effektiv, dass de virgestallte Kulturförderprogramm, sou wéi och d'Kandidatur fir d'Kulturhaaptstad ze ginn, gëeegent Mëttele sinn, dass Esch an d'Südregioun um kulturelle Plang weider kommen.
Den Agenda 21 ass effektiv e ganz gudden Outil, fir déi aktuell Situatioun an deene verschiddene Beräicher ze analyséieren an och ze iwwerdenken, wat scho gutt ass a wou eppes muss veränert ginn. An et ass u sech en Outil, fir eng Auto-Evaluatioun ze maachen a konkret weider Schrett virzeginn. Heimat kënne mer och d'Strategien entwéckelen, déi mer brauchen, fir d'Kultur zum Hiewel ze maachen, mat deem mer eis Problemer, déi bestinn, resolut upake kënnen. Dofir ënnerstëtzen déi Lénk d'Bäitrieden zum „Agenda 21 de la culture" natierlech och. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Den Här Tonnar huet d'Wuert."

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Ma ech sinn och frou iwwert déi Ënnerstëtzung. Mir sinn eis och bewosst, dass den organiséierten Austausch ganz wichteg ass. Mir sinn eis och bewosst, Madame Bofferding, et ass e Referenzdokument, wou mer elo net onbedéngt eppes hunn. Mä et ass e ganz wichtegen an e ganz gudden Ufank.
Wat d'Schoulen ugeet: mir kënnen nëmmen de Leit suggeréieren, déi Kulturofferen unzehuelen. Et sinn der jo och ganz vill, déi dovu profitéieren; sief et an den Theater goen, sief et an d'Kufa goen. Mer hunn déi Konventioun mat der Kufa a mer wäerten dat och weiderhin esou ënnerstëtzen. A mer wäerten Iech och hei permanent um Lafenden hale vun der Evolutioun."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Mir hunn haut e Kulturschäffefestival.

(Gelächter)

Au vote, ier mer un de Mérite culturel kommen."

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal marque son accord à l'unanimité pour l'adhésion à l'Agenda 21 de la Culture.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „An elo huet de Kulturschäffen nach eemol d'Wuert."

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „(Problemer mam Mikro – 15 Sekonnen) ...op dräi Punkten. Dat eent ass, dass mer héieren hunn – an ech ka mech dat erënnere vun där éischte Kéier, wéi ech nach President vun der Kulturkommissioun war –, dass dat enorm Diskussioune kënne ginn an Ofstëmmungen a laang Gestreits a Gediskutéiers, well do ëmmer bal eng Unanimitéit erfuerdert war. An et géif elo proposéiert ginn, am Artikel 3 ze schreiwen: „à la majorité simple des voix", vum zweeten Tour un, soudass d'Decisioun vläicht méi séier géif falen an d'Leit éischter dann heem kéinte goen. Dat ass den éischte Punkt.
Deen zweeten Punt, dat ass bal ëmmer e finanziellen. Bis elo ass dee Präis ni adaptéiert ginn, an dat vun 2004 un. Do waren 2.500 Euro als Belounung plus déi Kopie vun där ganz flotter Skulptur vum Jeannot Bewing. An et géif elo proposéiert ginn, dee Präis op 3.000 Euro erop ze setzen, wat eis net iwwerdriwwe schéngt.
An dann ass nach en drëtte Punkt, den Artikel 2; do steet net ganz glécklech „l'adhérence politique ne devra en aucun cas constituer un avantage ou un désavantage". Dat ass e bëssen holpereg ausgedréckt. Do wier d'Propos fir déi Formulatioun elo ze maachen: „La proposition se fait indépendamment de l'adhérence politique du candidat ou de l'association". Dat schéngt mer evident, dass dat keng Roll däerf spillen. An ech mengen, déi dräi Punkte kéinte mer einfach esou ëmänneren."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Au vote."

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal marque son accord à l'unanimité pour l'adhésion à l'Agenda 21 de la Culture.

montré leur engagement pour les droits de l'homme, la diversité culturelle, l'évolution à long terme, la participation démocratique et la sécurité de la paix.
Elle caractérise la recommandation générale pour l'ancrage local de l'agenda 21 par l'expression « politique culturelle stratégique ». Le secteur culturel est le quatrième objectif défini par l'évolution à long terme, à côté de l'économie, du social et de l'écologie. Il s'agit là d'un procédé à long terme, avec évaluation et amélioration.
En tant que présidente de la commission à la Culture, il lui est important qu'elle soit intégrée. S'agissant d'un procédé participatif, les membres de la commission, le Service culturel et l'échevin à la culture se sont engagés à un échange régulier. Elle imagine également que de nouvelles Assises culturelles pourront être organisées pour continuer le développement de la stratégie culturelle. Pour ajouter que le conseiller allemand à la culture Patrick Föhl, au cours de la table ronde, a expliqué qu'un plan de développement culturel a pour but d'établir un cadre dans lequel la politique culturelle peut s'épanouir. Or selon les conclusions de l'expert, Esch est sur la bonne voie.
Esch donne une grande importance à la culture, et cela ne se voit pas uniquement dans les dépenses importantes en faveur de la culture, mais aussi dans l'offre diversifiée mise à disposition des maisons culturelles.
Le LSAP est d'avis que la commune devrait être membre de ce réseau et qu'il soutient l'avant-projet. La culture est un facteur important d'identification et d'image de marque pour la ville. Et cela pas uniquement dans le cadre de la Capitale européenne de la culture. Cela n'est qu'un accélérateur, à condition d'obtenir le label. Mais c'est une partie importante du procédé qui commence en ce jour de manière officielle. Elle soutient donc l'idée de programme de stimulation culturelle.

Laurent Biltgen (déi Lénk) *souligne que beaucoup est effectué à Esch dans le domaine culturel. La faiblesse est que seulement certains groupes se sentent concernés par ces initiatives.*
Selon lui, la même chose est valable dans les écoles. De belles initiatives sont développées et proposées par le

Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal adopte à l'unanimité la modification du règlement communal pour le Mérite Culturel.

5. Présentation de la Maison Relais "Rue du Canal"; information

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da kritt den Här Tonnar dës Kéier als Schoulschäffen d'Wuert, fir eis eng nei Maison relais an der rue du Canal virzestellen. Wéi gesot, et ass Här Tonnar-Festival. Dir hutt d'Wuert."

(Gelächter)

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Jo, ech kann net soen, „ech soen elo näischt méi déi nächst Méint", well dee Punkt Maison relais kënnt den nächste Gemengerot och erëm. An dono wäerte mer un der Schoulorganisatioun scho geschwë sinn, soudass Der mer awer nach musst e bëssen do nolauschteren.
Mir haten dat hei schonn oft beschwat, notamment an der Schoulorganisatioun a wa mer iwwert d'Maison-relaise schwätzen. Et ass dee Projet vun der neier Maison relais, déi an d'rue du Canal wäert kommen. Ech war mer dat emol ukucken, an ech hunn haut gemierkt, dass dat nawell gutt ukënnt, wann een d'Akteure selwer zum Gespréich komme léisst. Ech géif Iech och proposéieren, wann Der Loscht hätt, als Gemengerot eng Kéier dohinner ze goen an dat kucke ze goen. A mam Architekt, mam Här Adolfo Spigarelli, deen all d'Explikatioune kéint ginn, kéinte mer eis dat eng Kéier als technesche Gemengerot oder Visite oder wéi och ëmmer een dat wëll nennen, ukucke goen.
Dir hutt hei d'Fotoen: et ass ganz flott. Et gëtt och e ganz flotte Projet. Et si plus ou moins 40 Chaisen; dat heescht, et ass awer schonn e grousse Projet. Et ass ee flotte Gaart hannendrun.
Et huet wuel e bësse Verzuch kritt duerch de Wanter, mä et soll ganz optimistesch am zweeten Trimester d'nächst Schouljoer – mä ech géif éischter soen, d'drëtt Trimester, Ouschteren – definitiv fäerdeg sinn an opgoen.
Ech wëll net méi an d'Detailer goen, well den Acte vum Échange oder wéi ëmmer mer et nennen, wäert am nächste Gemengerot sinn. Der wësst, dass déi Gebailechkeeten notamment der Escher Gemeng geheieren. Mir maachen do en Échange a mir kréien dann en contrepartie déi Maison relais total equipéiert esou hiergestallt. Dat huet alles gedauert, well et war e ganz komplizéierte Cadastre vertical. Méi wëll ech elo net heizou soen, well elo wësst Der genuch."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dat heescht, mir hunn dee Punkt nach eng Kéier déi nächst Gemengerotssitzung. Här Mischo, Dir hutt awer d'Wuert gefrot."

Georges Mischo (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Mir ënnerstëtzen natierlech dee Projet do. A well den Här Zwally virdrun am Fussballjargon war, zitéieren ech dann och en däitsche fréiere Fussballgoalkeeper: „Weidermaachen, weidermaachen, weidermaachen". Well ech rappeléieren awer, dass ëmmer nach 600 Kanner hei zu Esch keng Plaz hunn. Also et ass natierlech flott, dass dat do elo bäikënnt. Mä wéi gesot, weidermaachen, fir dass och alleguerten d'Kanner eng Méiglechkeet hunn, fir an d'Maison relais ze goen. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Jo, dat maache mer. A Merci, Här Mischo. An ofstëmmen, mengen ech, brauche mer näischt. Dat ass eréischt déi nächste Kéier.
Da géife mer Iech elo entlaaschten, Här Tonnar."

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Merci."

6. Circulation
6.1. Nonnewisen: modification du règlement de la circulation; décision
6.2. Zone de rencontre Al Esch: Modification du règlement de la circulation; décision
6.3. Problématique de circulation au niveau du CR 170A; discussion
6.4. Règlements de la circulation temporaires; confirmation

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „An dem Schäffen Hinterscheid d'Wuert ginn, fir verschidde Verkéiersprojeten virzestellen."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Et gëtt elo erëm e bësse méi profan. Mir fänken u mat engem éischte Verkéiersreglement an eisem Quartier Nonnewi-

personnel enseignant. Mais on n'arrive pas encore à faire profiter les uns de ce qui est proposé par les autres. Il faudrait instaurer un échange organisé au cours duquel les projets pourront se multiplier afin que davantage d'élèves puissent en profiter.
Il est d'avis que le programme de stimulation culturelle et la candidature à la Capitale européenne de la culture sont pour la région Sud des moyens d'avancer dans le domaine culturel.
Selon lui, l'Agenda 21 est un très bon outil quant à la situation actuelle et pour analyser les différents domaines. Et il s'agit avant tout d'un outil pour l'auto-évaluation et pour définir des étapes concrètes. Il permet aussi de développer des stratégies pour donner un coup de pouce à la culture et se confronter aux problèmes d'une façon optimale.
L'échevin Jean Tonnar (LSAP) approuve qu'un échange organisé est très important. Mais aussi qu'il s'agit là d'un document de référence. Mais c'est déjà un bon début, selon lui.

Concernant les écoles, il ne peut que suggérer aux gens d'accepter les offres culturelles. Beaucoup en profitent, selon lui, que ce soit en allant au théâtre ou à la Kufa. Il souligne dans ce contexte la convention avec la Kufa et assure du fait que celle-ci sera maintenue.

(Vote)

L'échevin Jean Tonnar (LSAP) *tient à revenir sur trois points. Tout d'abord, le fait qu'au sein de la Commission de la Culture, de nombreuses discussions peuvent avoir lieu lors de votes, car l'unanimité est presque toujours demandée. Il propose donc d'ajouter à l'article 3 : « à la majorité simple des voix », au second tour, afin que les décisions soient plus rapides et que les gens puissent rentrer chez eux plus rapidement.*
Concernant le second point, le point financier, il indique que la valeur du prix décerné pour un mérite culturel n'a jamais été adapté depuis 2004 : une récompense de 2500 euros et une copie de la sculpture de Jeannot Bewing. Il propose donc d'augmen-

sen. Dir hutt dat virleien, Dir gesitt dat och um Ecran. De Quartier Nonnewisen ass elo mat provisoresche Chantiersreglementer geréiert ginn, well mer eigentlech nach ganz vill am Chantier sinn.
Mir stellen awer elo fest, dass vill Leit do mëttlerweil wunnen; also de Véierel ass awer scho bewunnt.
Doniewent stelle mer fest, dass et relativ anarchesch an deem Quartier zougeet. A wa mer elo net ufänken, direkt d'Jalonen ze setzen, da riskéiere sech schlecht Habituden do dran ze maachen. An dofir wëlle mer dee Quartier haut definitiv reglementéieren, esou wéi en initial konzipéiert war.
Mir hu jo versicht, an deem Quartier e ganze Koup Liewensqualitéit eran ze bréngen, iwwert déi Gréngflächen, iwwert déi fangerförmeg Strukturen. Mir reglementéieren de Verkéier elo esou, dass en deen ieweschten Deel, den nërdlechen Deel, vun der rue Guillaume Capus erop gefouert gëtt, all Kéiers an engem Einbahnsystem. Uewe gesitt Der déi Voie de délestage, déi ënnen um Tipp läit an op dem Park, deen do amenagéiert ginn ass. Sou dass een duerch déi eenzel Stroossen, déi tëschent deene Wunnbléck sinn, erop nëmme kann nërdlech fueren an dann iwwert eng Einbahn eraus. An dann hannen iwwert déi lescht Strooss, déi un d'Cité Verte stéisst, déi tëschent der Cité Verte an dem Park läit erop op d'rue Jos Kieffer. Domat evitéiere mer, dass sech do schlecht Habituden astellen.
Et ass och esou, dass mer ofpollere wäerten, dass an deem Sënn d'Foussgängerperméabilitéit séchergestallt ass. An dass dat en Einbahnsystem an dem klassesche Sënn gëtt, fir dass do net Géigeverkéier ass an dass do d'Verkéierssécherheet grouss geschriwwe gëtt.
Dat Zweet ass de südlechen Deel, wou jo deen éischte Fanger scho gebaut ass an och scho bewunnt ass. Do ass d'Situatioun anescht. Do hu mer all Kéiers eng Stéchstrooss, déi eng Sakgaass ass. Wou mer op där enger Säit erafueren an am Wendehammer ënnen dréinen; wat mer och brauche fir eis eege Ween. Mir gesinn um Bild Camionen, déi dann erëm uewen erausfueren. Dat ass dat, wat d'Nonnewisen ugeet. Also do setze mer eigentlech nëmmen d'Reglementatioun ëm, soudass de Sënn vum Masterplang a vun de PAPe respektéiert gëtt.
Dat Zweet ass dann d'Reglementatioun vum Shared Space, deen hannert der Jousefskierch ass an de ganze Quartier Faubourg organiséiert. Wou mer gesinn, dass mer eigentlech een Accès an de Quartier vun der Säit vun der Jousefskierch hunn; dat ass d'rue St. Joseph. An da geet et eigentlech an engem Einbahnsystem ronderëm.
Der gesitt, dass mer e grousse Réngverkéier, en Einbahnsystem ëm dee ganze Quartier hunn. Mer kommen zu der rue St. Joseph eran a fueren d'rue Jean Origer erof. Ënnen aus der rue Jean Origer kann een awer nach eng Kéier erausfueren, also de Quartier verloossen. Da fuere mer d'rue du Faubourg ronderëm bis ënnen an d'rue des Remparts, wou mer och op der Place Grobirchen, um Grobirchen, eng Entrée an eng Sortie hunn. D'Entrée geet dann erëm eng Kéier erop Richtung d'rue des Remparts, erop Richtung Origer-Strooss, wou mer dann eng Kéier iwwert d'rue des Remparts an eng Kéier och iwwert d'Origer-Strooss kënnen erausfueren.
Also et ass de Prinzip vun de Shared Spacen, wou eigentlech den Auto net méi wäit wéi 300 Meter soll fueren, bis en erëm eng Kéier kann erausfueren. Dat Ganzt ass och e Shared Space. An dir gesitt am Detail, wou mer iwwerall nach Parkméiglechkeete virgesinn an ausgewisen hunn. An do, wou mer och benotzen, da Beem an aner vertikal Elementer hunn, fir dat Ganzt ze ordnen.
Mir hunn elo dem Quartier dat do virgestallt a mer hunn eng ganz grouss Adhésioun vum Quartier dozou kritt, sinon Unanimitéit. D'Leit hate Froen, wéi d'Chantiersorganisatioun wär, wéi se während dem Chantier eran an eraus kéinte kommen an hir Haiser, oder wéi se bei hir Haiser bäikommen.
Mä generell kann ech soen, dass all déi Leit, déi do waren – an do waren der relativ vill do –, dat unanimement gutt fonnt hunn.
Deen nächste Punkt sinn temporär Reglementer, wat keng Chantiersreglementer sinn, deenen ech lech bieden, och zouzestëmmen."

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Den Här Kersch, w.e.gl."

Guy Kersch (déi Lénk): „Just eng kuerz Fro zum Shared Space an Al Esch. Dat geet jo am Krees do ronderëm. An esou, wéi et um Plang agezeechent ass, sinn ënne bei der rue Jean Origer zwee Beem geplanzt. Kënnt een net méi vun der Origerstrooss erof an d'Groussgaass? Hunn ech dat elo falsch interpretéiert. Et kann een do riicht erof weiderfueren, wéi et och elo ass, oder?"

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Ech hat gesot, d'Beem sinn do geplanzt, fir et einfach ze verengen. All Kéiers an den Entréeën an an de Sortië mécht een e vertikaalt Element, fir dass ee kloer

ter la valeur du chèque remis à 3000 euros.
Finalement, concernant l'article 2, il cite « l'adhérence politique ne devra en aucun cas constituer un avantage ou un désavantage ». Il est d'avis que cette formulation est assez maladroite. Il propose la formulation suivante : « La proposition se fait indépendamment de l'adhérence politique du candidat ou de l'association ».

(Vote)

L'échevin Jean Tonnar (LSAP) *introduit le projet de la nouvelle Maison relais dans la rue du Canal. Il propose au Conseil communal d'aller sur place pour bien se rendre compte de l'avis positif des différents acteurs avec lesquels un dialogue est instauré. La visite pourrait avoir lieu avec l'architecte Adolfo Spigarelli qui pourra ainsi donner les explications.*
Il indique qu'il s'agit d'un assez grand projet, avec 40 chaises et un beau jardin à l'arrière.
Il informe sur un petit retard en raison de l'hiver, mais estime que la Maison relais serait terminée définitivement au troisième trimestre de l'année scolaire prochaine.
Il ne va plus dans le détail, car l'Acte d'échange aura lieu au cours du prochain Conseil communal. Les bâtiments appartenant à la commune d'Esch, un échange sera fait, avec, en contrepartie, une Maison relais complètement équipée. Tout en concluant que le tout a duré assez longtemps en raison du Cadastre vertical compliqué.

Georges Mischo (CSV) *promet soutenir le projet. Mais il veut également aller plus loin dans ses propos, car 600 enfants n'ont pas de place à Esch. Il se réjouit de ce qui va s'ajouter, mais prône de continuer sur cette voie pour que chaque enfant puisse avoir la chance d'aller dans une Maison relais.*

L'échevin Henri Hinterscheid (LSAP) *introduit le sujet du premier règlement de circulation dans le quartier Nonnewisen. Le quartier est géré par un règlement de chantier provisoire car beaucoup est encore en travaux. Mais un quart du quartier est déjà habité.*
De plus, il a été remarqué que le tout est quelque peu anarchique dans le quartier ; il est donc primordial de

gesäit, do ass et, do kënnt een eran. Mä et muss dann esou schmuel sinn, dass et eigentlech scho Singletreck ass, wéi a Schottland, also dass deen een op deen anere muss waarden.
Hei si mer an enger Logik, dass mer souwisou nëmmen erausfueren. Wann Der kuckt, ënnen an der rue des Remparts, Richtung rue du Fossé, ass et duebel. Do kënnt een eran an eraus, an d'Beem sinn eigentlech do als bremsend Elementer geduecht, fir dass et wierklech eng ofschléissend, ofgrenzend Funktioun huet.
Am Shared Space hu mer jo och keng Trottoiren. Dat heescht, d'Héischt vun dem ganzen Espace läit op der Héicht vum Trottoir. Also och do, wou een eng Kéier erop muss fueren, respektiv eng Kéier erof muss fueren, fiert eigentlech den Auto um Trottoir. Et gëtt keen Trottoir méi. Dat war nämlech an der Diskussioun mat de Leit erauskomm, wéi mer de Quartier hei haten. Ursprünglech sollt do keng Sortie méi sinn, mä do hu se awer gesot, et ass awer abwegeg, wann een do net kann erausfueren, well da muss ee jo dee ganzen Tour fueren. An do hu mer dat natierlech opgeholl.
Et gesäit een och, dass déi Réunions publiques heiansdo ganz sënnvoll sinn a ganz positiv. Do kënne ganz positiv Suggestioune eraus kommen."

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Merci, Här Hinterscheid. Au vote."

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal adopte à l'unanimité la modification du règlement de la circulation au lieu-dit Nonnewisen.

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal adopte à l'unanimité la modification du règlement de la circulation pour Al Esch (Zone de rencontre).

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Elo komme mer zum Här Mischo, zu der CR170A."

Georges Mischo (CSV): „Merci, Här Kox. Beim Punkt 6.3 vum Ordre du jour, geet et virun allem ëm d'Sécherheet op der CR170A, wat een awer och ënner Pénétrante Lalleng kennt.
Normalerweis ginn dës Fäll jo an der Verkéierskommissioun traitéiert; mä dës Situatioun ass aktuell, a gläichzäiteg geféierlech bis ganz geféierlech. Net méi spéit wéi virun zéng Deeg gouf et op dëser Plaz en déckt Verkéiersaccident, wou zwee Leit blesséiert goufen. Ee Blesséierten huet esouguer vun de Pompjeeë missen aus dem Auto erausgeschnidde ginn. An zwee vun de Pompjeeën hu mer confirméiert, dass deen am Fong geholl an deem Moment vill Chance hat.
Op där Pénétrante ginn et e puer Plazen, wou et richteg geféierlech ass. An dat kann esouwuel fir den Autofuerer wéi och fir de Foussgänger de Fall sinn. De Verkéier ronderëm de Monkeler huet zwar e bëssen ofgeholl, mä d'Gefore si bliwwen. D'Ausfahrt vum Monkeler op den CR170A ass fir all Camionschauffeur – ech mengen Dir wësst dat, dir hutt dat jo och schonn erlieft –, e Vabong-Spill. Do kënnt et dagdeeglech zu geféierleche Situatiounen.
Virun enger Zäitche war emol e Statssekretär hei zu Esch, dee vun enger Ampelanlag vu 400.000 Euro geschwat huet. Do ass eis Fro, ob dat nach aktuell ass, ob do nach eppes geschitt?
Deen zweete Geforepunkt ass den Zebrasträifen op der Héicht vun der Pompelstatioun, dee vu ganz ville Leit aus der Cité vis-à-vis genotzt gëtt, fir dat eent oder anert nach akafen ze goen. Wann ee vun der Escher Autobun, déi éischt Ausfahrt Schëffleng hält oder vun der Collectrice kënnt an d'Brëtell hält fir Richtung Lalleng ze fueren, dann ass op där Streck keng Geschwindegkeetsbegrenzung op der rietser Säit ugewisen. Also et gesäit een net, mat wéivill een do dierf oder soll fueren.
Och wann dann den Zebrasträifen zwar mat engem Schëld ausgewisen ass: dat Schëld ass zimlech kleng. Et ass en Dräieck, wou rout ronderëm ass, wou e Foussgängersträifen ugewise gëtt. Do ginn et awer Problemer, well een dat net uerdentlech gesäit.

tout réglementer définitivement pour éviter que de mauvaises habitudes ne soient prises.
Il a été tenté d'insuffler une importante qualité de vie dans ce quartier, avec des espaces verts. La circulation sera réglée de telle manière que le côté au nord soit atteint par la rue Guillaume Capus, à chaque fois en sens unique. Les mauvaises habitudes seront donc évitées moyennant de rues à sens unique.
Des poteaux seront également installés pour la sécurité des piétonniers. Et le système à sens unique permet encore d'améliorer la sécurité.
L'échevin parle ensuite de la partie Sud, où le premier « doigt » est terminé et habité. Il y a à chaque fois une route qui se termine en cul-de-sac. On peut ainsi entrer par une extrémité et faire demi-tour sur l'aire de retournement à l'autre extrémité. L'objectif est de juste modifier la réglementation afin de respecter le plan Master et le PAP.
Ensuite, il parle de la réglementation du Shared Space à l'arrière de l'église Saint-Joseph et du quartier Faubourg. On y circule tout autour dans un système de routes à sens unique.
On entre ainsi par la rue Saint-Joseph, puis on continue par la rue Jean Origer. On peut également quitter cette rue par le bas afin de sortir du quartier. Puis on circule autour de la rue Faubourg jusqu'en bas, dans la rue des Remparts, où une entrée et une sortie se trouvent sur la place Grobirchen. L'entrée mène direction rue des Remparts et direction rue Origer, où il est possible de sortir par ces deux rues.
Il rappelle que le principe des Shared Space est que la voiture ne parcourt pas plus de 300 mètres avant de pouvoir sortir. Il indique que le projet a reçu une importante adhésion de la part des habitants du quartier.
Guy Kersch (déi Lénk), concernant le Shared Space, demande s'il n'y aura plus d'accès entre la rue Origer et la rue Principale, car selon le plan, deux arbres seront plantés au bas de la rue Jean Origer.

***L'échevin Henri Hinterscheid (LSAP)** explique avoir dit que les arbres sont plantés pour rendre le tout plus étroit. Un élément vertical est placé à chaque sortie et entrée pour bien montrer que c'est par là que l'on entre. Mais il faut que ce*

A béide Fäll géife mir virschloen, do e Schëlt opzeriichten, wat opblénkt, souwuel fir d'Vitess, wéi och fir den Zebrasträifen unzeweisen. An ech mengen, dat ass dréngend néideg, ier et eng Kéier do zu engem méi schlëmmen Accident kënnt. Oder iergendwéi ee méi schlëmm blesséiert gëtt oder nach méi eng schlëmm Saach geschitt. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Här Hinterscheid, w.e.gl."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci Här Mischo. Eigentlech rennt Der offen Dieren an. Wat cocasse ass, dat ass, dass déi Reglementatioun, déi do um CR170A, also Pénétrante Lankëlz, conforme ass zu de Virschrëften an zu de Recommandatioune vum Staat.
Wat bedeit dat? D'Autobunn ass op 110. Mer huelen d'Sortie vun der Autobunn; nach ëmmer 110 erlaabt. Mer fuere viru bis Richtung Monkeler: nach ëmmer 110 erlaabt. Da kënnt d'Schëld Fin autoroute. No Fin autoroute: 90. An déi 90, déi bleiwe bis ënnen op d'Kräizung mat Schëffleng. Dat ass d'Realitéit.
Dir hutt jo gefrot, wat däerf ee fueren. Dat däerf ee fueren! Sou wéi d'Beschëlderung vun der Ponts et Chaussées ausgewisen ass.
Mir hu scho laang Diskussioune mat der Ponts et Chaussées dodriwwer. An eigentlech ass deen Débat, dee mer hei féieren, da vläicht gudd, fir et och emol eng Kéier op en aneren Niveau ze bréngen. Fir dass et och net nëmmen um Niveau vun der Verwaltung oder der Zwëscheverwaltung bleift, an dass een do kann eppes änneren.
Eigentlech misst op där Ausfahrt Autobunn du moins schonn emol op 90 erof reduzéiert ginn. An dann hannendrun op 70 erof reduzéiert ginn, maximum, wann een et net op 50 erof kritt, well do Regele sinn. Dat do läit eigentlech ausserhalb vun der Agglomératioun an do ass et normalerweis 70. Mä au moins misst een iergendwann dat erof op 70 kréien.
Et ass jo och esou, dass wann Der nämlech d'Sortie vun der A4 Esch Zentrum-Schëffleng huelt, geet d'Vitesse do progressiv erof, fir hanne beim Kierfecht op 50 ze stoen.
Mir hunn awer do eng Situatioun, wou mer de Moment um Verwaltungsniveau matenee streiden.
Déi Ampelanlag, déi Der ugeschwat hutt, hätt näischt domat ze di gehat. Dat war just, fir de Verkéier ze fluidizéieren, fir an de Monkeler eran ze kommen. A mir hunn eis eigentlech do dogéint gewiert, well domat hätte mer de Problem vum Monkeler net geléist an mir hätten och all déi aner Problemer hannendrun net geléist.
Eisen Informatiounen no huet Ponts et Chaussées elo e Plang gezeechent, e Projet preparéiert, fir eng zweet Sortie Monkeler ze maachen, déi hannen eraus iwwert d'Bréck Minettekompost géif goen.
Domat hätte mer elo schonn dee Problem vu massivem Verkéiersopkommen an deem Eck weitestgehend gereegelt.
D'Camionen: wann do eppes geschitt, do geschitt dem Camionschauffeur net vill. Wat awer eis ganz staark beonrouegt, dat ass, dass deen Zebrasträifen eigentlech op enger Strooss ass, wou 90 däerf gefuer ginn. A wou mer elo musse kucken, mat der Ponts et Chaussées eens ze ginn, dass mer eng aner Signalisatioun kréien. Och wann déi do eigentlech hiren normalen Normen entsprécht.
Et gëtt normal Normen an da gëtt et Situations particulières. Mer haten och nach d'Diskussioun d'leschte Kéier an der Mobilitéitskommissioun an an der Infrastrukturkommissioun. Eis Servicer sinn amgaang, e Projet ze zeechnen, wéi mer gär déi Signalisatioun hätten, also déi degressiv Vitess do gär hätten. Wéi mer gär e securiséierte Foussgängeriwwergang hätten. Gegebenenfalls mat enger Ampelanlag fir de Foussgänger, déi näischt mam Fluidiséiere vum Verkéier an d'Zone d'activités Monkeler ze dinn huet. Dee Projet da bei d'Ponts et Chaussées eranzereechen, natierlech fir d'éischt iwwert de Verwaltungsniveau, mä da gegebenenfalls och iwwert de politeschen Niveau. An dass mer dohi kommen, dass mer do maximal 70 hunn. Well et ass „à proximité de l'agglomération", a mer mussen do e gesécherte Foussgängeriwwergang hunn. An Dir hutt eigentlech vun dohier recht a mir versichen dat do ze kréien.
Mä wann ech kucken – an et si déi Leit, déi dat nach an Erënnerung hunn –, wéi laang dass dat gedauert huet, bis mir déi Ampelanlag kritt hunn, déi eriwwer geet bei der Colling-Strooss an d'rue Jos Kieffer, a wou d'Studenten, wéi d'Lycéeën zou waren, truppeweis hin an hier migréiert sinn: Dat war och eréischt, wéi mer au plus haut niveau un de Minister geschriwwen hunn, mir géifen hien elo responsabel maache fir alles, wat do geschitt. Wa mer en och net kënnen technesch responsabel maachen, mir kënnen e politesch responsabel maachen. An hei wäerte mer elo och op dësem Niveau missen agéieren. An eis Servicer sinn och amgaang, dat ze zeechnen. Dat ass dat, wat ech lech do soe kann. An ech hoffen, dass wann esou eppes och dann emol méi ëffentlech diskutéiert gëtt,

soit assez étroit pour que chacun doive attendre l'autre pour pouvoir passer.
Dans la rue des Remparts, en direction de la rue du Fossé, le passage est à double sens, et les arbres ont pour but de servir d'élément pour freiner.
Il ajoute qu'il n'y a pas de trottoir dans le Shared Space et que tout l'espace est donc à hauteur du trottoir. A l'origine, il ne devait pas y avoir de sortie, mais lors des discussions avec les gens, il en est ressorti que c'était gênant de devoir toujours faire tout le tour. La mise en place d'une sortie a donc été envisagée.

(Vote)

Georges Mischo (CSV) *explique que le point 6.3 de l'ordre du jour concerne principalement la sécurité sur la CR170A.*
D'habitude, ce genre de cas est traité dans la commission à la Circulation, mais la situation est actuelle et en même temps dangereuse, comme le montre l'accident qui a eu lieu dix jours plus tôt durant lequel deux personnes ont été blessées et ont eu énormément de chance, comme l'a indiqué un des pompiers.
Certains endroits sont très dangereux sur la pénétrante, aussi bien pour les automobilistes que pour les piétons. La sortie du Monkeler vers la CR170A présente de nombreuses situations dangereuses, surtout pour les camionneurs.
Il indique qu'il y a un certain temps, un secrétaire d'Etat avait parlé d'un système de feux de circulation à 400.000 euros. Il demande si cela est encore d'actualité.
Le second endroit dangereux étant le passage piétonnier beaucoup utilisé à hauteur de la station de services. Lorsque l'on sort de l'autoroute d'Esch et que l'on prend la première sortie vers Schifflange, ou encore que l'on vienne de la collectrice et que l'on prenne la bretelle en direction de Lallange, il n'y a pas de limitation de vitesse indiquée sur le côté droit de la route.
Même si le passage piétonnier est annoncé par un panneau, celui-ci est assez petit. Il n'est donc pas très visible.

L'échevin Henri Hinterscheid (LSAP) *précise que la réglementation pour la CR170A, donc pour la péné-*

dasss dann d'Ouere kléngelen, an dat och alt emol op aneren Niveauen, um Niveau vun der Direktioun vun der Ponts et Chaussées.
Ech wëll just soen: et ass e ganz komplizéierte Club. Mir sinn amgaang, mat hinnen ze diskutéieren, well mer och d'Signalisatioun op der Grande voirie gär anescht hätten.
Mir hunn e Problem, dee regelméisseg kënnt: D'Leit fannen de Parking Brill net. Mä dat wonnert mech net, dass se Schwieregkeeten hunn, fir en ze fannen. Well et steet op der Beschëlderung vun der Autobunn: Esch-Centre an Esch-Ouest. Wie mécht eng Associatioun tëschent Esch-Ouest an engem Quartier Brill?
Mir hunn do eng Demande gemaach bei der Ponts et Chaussées, dass do soll Esch-Brill stoe kommen; dass mer Esch-Centre, Esch-Brill, Esch-Belval oder einfach Belval, fir net erëm Sträit mat deene Suessemer ze kréien, do stoe wëllen hunn.
Bon, dat do war elo eng kleng Boutade, mä dat ass einfach elo schonn erëm bal onméiglech, well mer gesot kritt hunn, mir zeechne keng eenzel Quartieren aus. Do hunn ech gesot, firwat zeechent Der da Märel, Belair aus, vun der A4?
Et ass ëmmer eng aner Logik, ob et am Süden oder am Zentrum ass. An dat fänkt un, eis duerzegoen. An duerfir wäerte mer och elo vill méi aktiv op deem Niveau ginn. Well wa mer Esch-Brill ausgezeechent hätten, géif een, dee wëllt op Esch kommen, och emol vläicht dohi fueren an dann de Brill-Parking automatesch fannen."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Ech mengen, datt domadder déi Froe beäntwert sinn. Här Hinterscheid, d'Reglementatioun vun der temporärer Circulatioun ass gekläert?"

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Déi si scho mat gestëmmt mat deenen éischten."

Conseillers présents : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal confirme à l'unanimité différents règlements temporaires de la circulation.

7. Réaménagement et perspectives du quartier Brill et de la rue du Brill; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dann hu mer kee Vote méi a kommen zum nächste Punkt. Den Här Mischo huet e Punkt am Délai op d'Dagesuerdnung setze gelooss: de Reaménagement an d'Perspektive vum Quartier Brill an der rue du Brill. Ech ginn Iech d'Wuert, Här Mischo."

Georges Mischo (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Déi lescht Woch gouf duerch en Interview vun der Madame Freis an hirer Qualitéit als Presidentin vum Geschäftsverband eng Diskussioun iwwert d'Brillstrooss ugestouss. Souwuel an der geschriwwener Press, wéi awer och an de sozialen Netzwierker ass dëst Thema vill an och kontrovers diskutéiert ginn. A well et esou vill diskutéiert ginn ass, mierkt een, dass et d'Escher Leit, awer net nëmmen, nach ëmmer beschäftegt. Datt et hinnen net egal ass, wat an dëser Strooss geschitt, oder op där anerer Säit net méi geschitt.
En plus ginn déi Diskussiounen hei zu Esch ronderëm de Quartier Brill an d'Brillstrooss jo scho joerelaang. Dat ass jo näischt Neies.
Mir als CSV-Fraktioun sinn der Meenung, dass den Ustouss vun der Madame Freis nees emol eng Kéier néideg war, mä dass dës Problematik an dës Diskussiounen an de Gemengerot geheieren an hei mussen debattéiert ginn. De Gemengerot decidéiert nach ëmmer, wat hei zu Esch soll ëmgesat ginn.
Als Alleréischt muss een emol den Ist-Zoustand vun der Brillstrooss, awer och vum ganze Quartier Brill ënnert d'Lupp huelen. D'Brillstrooss ass jo nëmmen en Deel vun engem grousse Quartier am Zentrum vun Esch. Da gëllt et ze kucken, wat an deene leschte Méint verännert, respektiv verbessert ginn ass, fir de Quartier Brill an d'Brillstrooss méi attraktiv ze maachen. Dat war jo e Projet, dee sech dee viregte Schäfferot grouss op de Fändel geschriwwen hat.
Huet sech eppes zum Positive verännert? A wa jo, wat? Wat muss sech nach änneren a wat sinn d'Zukunftsperspektive vum ganze Quartier a vun der Brillstrooss selwer? Wat soen d'Leit aus dem Quartier? Wat sinn hir Suergen? Wat sinn hir Ideeë? Wat sinn hir Perspektiven?
Virun allem de Geschäftsleit hir Zukunft steet an der Brillstrooss dacks um Spill. Ier mer dës Froe kënnen awer beäntwerten, muss een d'Geschicht vun der Brillstrooss iwwert all déi Joren a Jorzéngten awer e bësse kennen.

trante Lankëlz, est conforme aux directives et aux recommandations de l'Etat.
L'autoroute est limitée à 110. La sortie d'autoroute est également à 110. Jusqu'en direction de Monkeler : toujours 110. Puis vient le panneau de fin d'autoroute, donc 90, et cela jusqu'au croisement tout en bas.
Des discussions ont lieu depuis un certain temps avec les Ponts et Chaussées. L'échevin pense donc que c'est bien d'en reparler et d'apporter la discussion à un niveau supérieur que l'Administration.
Il faudrait tout d'abord que la vitesse soit limitée à 90 dès la sortie d'autoroute. Puis directement à 70.
Concernant le système des feux tricolores, dont il avait été discuté, il indique que le but premier était de fluidifier la circulation pour entrer dans le Monkeler.
Selon les informations reçues, les Ponts et Chaussées auraient dessiné des plans pour une seconde sortie Monkeler qui irait par l'arrière sur le pont.
Concernant les camionneurs, il est d'avis que les chauffeurs seraient les derniers à être blessés. Mais le problème est que le passage piéton se trouve dans une zone 90. Il faut donc faire en sorte de recevoir une signalisation par les Ponts et Chaussées.
Des discussions ont également lieu avec les commissions de la Mobilité et des Infrastructures. Les services communaux sont en train d'élaborer un projet pour la signalisation désirée, avec une vitesse dégressive, avec un passage pour piétons, avec la possibilité d'un système de feux de signalisation qui n'aurait pas la vocation de fluidifier la circulation. L'objectif étant d'arriver à une vitesse maximale de 70, car cette zone est « à proximité de l'agglomération ».
Il rappelle le temps que ça nécessitait pour avoir un système de feux de signalisation entre la rue Colling et la rue Jos-Kieffer alors que les étudiants et lycéens migraient constamment en groupes à cet endroit. Les choses n'ont bougé qu'à partir du moment où le ministre avait été adressé directement, l'informant qu'il serait tenu responsable au niveau politique de toute conséquence négative.
L'orateur espère donc que les discussions trouveront bon entendant au niveau de la Direction des Ponts et

Et fänkt bei deene verschiddene Leitungen an der Brillstrooss un. Viru ronn 35 Joer goufen d'Gasleitungen erneiert an d'Gemeng hat keng Suen déizäit, fir d'Elektresch an d'Waasserleitungen an engems ze ersetzen. Dat heescht, d'Leitungen an der Brillstrooss sinn am Fong geholl an engem deplorabelen Zoustand. Tëschent 2007 an 2010 war d'Brillstross am ënneschten Deel duerch Containere vun enger Baufirma quasi komplett vun der Uelzechtstrooss ofgeschnidden, an dat wéinst dem Chantier op der Brillplaz, respektiv der Place de la Résistance.
Een Ëmstand, deen net onbedéngt dozou bäigedroen huet, dass d'Brillstrooss an hir Geschäfter a Restaurante floréiert hunn. Dat ass ee vun de Grënn, firwat d'Geschäftsleit et esou schwéier haten an deene leschte Joren.
Du koum de Projet „Réaménagement rue du Brill", deen am Joer 2013 an der sougenannter Année du Brill ugefaangen huet an am Fréijoer 2015 sollt ofgeschloss ginn. Deen Timing konnt awer leider net agehale ginn.
Den Här Hinterscheid sot am „Tageblatt" vum 10./11. Oktober 2015, dass d'Brillstrooss nëmmen e klengen an netprioritären Deel an engem grousse Sanéierungsprojet am Quartier Brill wier. Dee Projet gesäit nämlech och nach eng Sanéierung vun der Dicks- a vun der Zénon Bernard-Strooss vir. Am selwechten Artikel preziséiert den Här Hinterscheid, dass net nëmme kosmetesch Agrëffer wéi 2013 gemaach ginn. Do ware jo sechs Backen opgestallt ginn, déi zanterhier an der Brillstrooss stinn.
An ech zitéieren den Här Hinterscheid nach eng Kéier: „Mir riskéieren, wa mer net wueliwwerluecht dru ginn, datt all Commerce an Horesca-Betrib do futti gemaach gëtt."
Ech kommen dann nach eng Kéier op meng Fro vu virdrun zeréck: Wéi gesäit déi aktuell Situatioun an der Brillstrooss aus? Et sti 16 Lokaler eidel. An zwee Stéck geet, wéi an der Fënster steet, prochainement eppes Neits op. Dat war elo de Stand vun dësem Méindeg, wou ech an d'Brillstrooss iesse war.
Eng radikal-islamesch Grupp lount ee Gebiedsraum an der Brillstrooss. En Etablissement „La Rose noire", wou mer all wëssen, wat dat fir en Etablissement ass, läit zwësche Geschäfter a Restauranten."

Eng Stëmm: „Wat ass dat fir en Etablissement?"

(Gelächter)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Mischo kläert op."

Georges Mischo (CSV): „Mir kënne jo genau wéi bei der Maison relais eng Visite guidée eng Kéier maachen."

Eng Stëmm: „Eng Visite des lieux."

Georges Mischo (CSV): „Eng Visite des lieux, genau."

(Gelächter)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Mischo huet d'Wuert."

Georges Mischo (CSV): „Eng Shisha-Bar ass an där Strooss, wou ee mol misst awer wierklech eng Kéier d'Brandbestëmmunge kontrolléiere goen. Well an där Bar, wou jo gefëmmt gëtt, kann et jo net sinn, dass vum Plaffong Voilen erofhänken. Also ech hunn dat elo de leschte Méindeg gesinn, wou ech laanscht getrëppelt sinn. Do hunn ech mer Froe gestallt.
Flott Restaurante wéi den „Trois Sens" oder de „Lestos" hu scho missten hir Dieren zou maachen. Anerer, wéi den Traditiounsbetrib „Coeur d'Italie", dee mer jo alleguerte kennen, kämpft dogéint un. An engem Gespréich mam Bouf vun de Propriétairen hunn ech erkläert kritt, dass d'Elteren am Fong geholl net méi laang duerhalen.
Dat si Fakten, ouni elo e grousst Uerteel do ofzeginn.
Wéi ass d'Liewensqualitéit an deem Quartier? Wann d'Zil ass, dës Strooss opzewärten, dann dierft och net vun dënschdes bis samsdes Offall do stoen, well esou zitt ee keng Leit un. Eis normal Dreckskëschte stinn do, mä och al Couchen, Cartonen an nach Tute mat Fläschen, déi eng franséisch Organisatioun eemol pro Woch siche kënnt. Dat gesitt Der op deene Fotoen, Foto 1, 2 an 3, déi ech lech fotokopéiere gelooss hunn.
Esou en Duercherneen, wéi ech en och e Méindeg do gesinn hunn, ass net aluedend an dat hunn ech zum Beispill nach ni an der Rive de Clausen gesinn.
Aner Froe wieren: Wat huet sech an deene leschte Jore geännert? Wat huet dat dem Quartier Brill, respektiv der Brillstrooss bruecht? Ass d'Idee vum Carré culturel gestuerwen? Wéi gesäit d'Zukunft am Quartier Brill aus? Wéi ass et mat den Zukunftsperspektive vun de Geschäftsleit bestallt? An déi allerwichtegst Fro ass awer: Ass esou e Projet à la Rive de Clausen iwwerhaapt realistesch an ëmsetzbar?
Dofir fuerdere mer an eiser Motioun de Schäfferot op, d'Aarbechten un de Waasser- an Elektreschleitungen unzegoen.

Chaussées. En effet, des discussions ont déjà eu lieu concernant des modifications de la signalisation à la Grande voirie.
Il ajoute qu'un autre problème est récurent : les personnes ne trouvent pas le parking Brill, surtout en raison du panneau, placé sur l'autoroute, indiquant Esch-Centre et Esch-Ouest. Une demande a donc été faite pour y ajouter Esch-Brill et Belval. L'administration par contre a répondu que les quartiers ne seraient pas indiqués individuellement. Or, Merl et Belair sont indiqués de l'A4.
Il regrette qu'il puisse y avoir une logique différente lorsqu'il s'agit du sud ou du centre.

***Georges Mischo (CSV)** fait remarquer qu'une discussion a été entamée concernant la rue du Brill lors d'une interview de Madame Freis. Le sujet a donné lieu à de nombreuses controverses, aussi bien dans la presse écrite que sur les réseaux sociaux. Cela prouve bien que les Eschois se sentent encore concernés par le sujet et que le sort de cette rue est important pour eux.*
En tant que CSV il considère qu'il était nécessaire de relancer Madame Freis sur la question, mais qu'il s'agit là d'une problématique qui a sa place au sein du Conseil communal.
Il est tout d'abord nécessaire d'analyser l'état actuel dans la rue du Brill, mais aussi dans tout le quartier et écouter ce qu'en disent les gens du quartier. Quelles sont leurs inquiétudes, idées et perspectives ? L'avenir des commerçants est souvent mis en péril dans la rue du Brill, et cela depuis des années.
Prenons l'exemple des conduites dans la rue du Brill. Il y a 35 ans, les conduites de gaz étaient installées, mais la commune n'avait pas assez d'argent pour de placer celles pour l'eau et les gaines pour les câbles électriques en même temps. Les conduites de la rue sont donc dans un état déplorable. Entre 2007 et 2011, la partie basse de la rue du Brill était presque complètement coupée de la rue de l'Alzette par des containers d'une société de construction, et cela en raison de travaux sur la place de la Résistance.
Puis a eu lieu le projet « Réaménagement rue du Brill » qui a commencé en 2013 et devait se terminer en 2015, délai qui n'a pas pu être respecté.

Wann d'Brillstrooss opgerappt gëtt, och drun ze denken, Glasfiberleitungen ze leeë fir den Esch-Speed, respektiv sech mat der Post kuerzzeschléisse fir hir Leitungen ze leeën. Och sech mat der Police a sécherheetsrelevante Froen ofzestëmmen. Kontrollen ze maachen, wann Zirkus spéit owes ass oder Kaméidi ass. Eng Etude ze maachen, wéi d'Zukunft vun eiser Brillstrooss iwwerhaapt kann ausgesinn an ob et wierklech nach Potenzial gëtt, fir dës Traditiounsstrooss ze beliewen.
An dann dem Gemengerot awer och de Geschäftsleit an den Awunner eng realistesch Zäitspan ze presentéieren, wéi d'Aarbechten oflafen a wéi laang se daueren. Eng Aart „Rive de Clausen" an der Brillstrooss ass vun Ufank un hypothekéiert, wann iwwer Jore gréisser Aarbechten ustinn.
Och Studenten, déi mat der Brillstrooss sollen ugezu ginn, sëtze sech jo net an e Restaurant oder op eng Terrass, wann do e rise Chantier ass. An deem Fall sëtze sech d'Studenten oder d'Studentinnen um Belval an den Zuch a fuere leider an d'Stad, fir do hir Suen auszeginn.
Dës Motioun kann een awer och en vue – mir hunn et virdru jo scho laang diskutéiert – vun 2022 Kulturhaaptstad Esch gesinn, well do wëlle mer eis jo no bausse presentéieren. A wéi den Här Zwally virdrun a senger Ried gesot huet, eng Visittekaart vun Esch ofginn. Mir mussen de Leit an de Studenten eppes bidden, well soss loosse si alleguerten d'Brillstrooss lénks leien a ginn op aner Plazen. An där ginn et jo hei zu Lëtzebuerg bekanntlech vill.
Et ass eis als CSV-Fraktioun bewosst, dass déi aktuell Situatioun net vun haut op moar sech ännert. Mä wat fir eng Visiounen huet de Schäfferot? Wat fir eng konkret, an ech betoune „konkret", Ideeë leien um Dësch? Eiser Meenung no ass déi ablacklech Situatioun net zefriddestellend, weder fir d'Geschäftsleit, nach fir d'Awunner vun der Brillstross a vum ganze Quartier.
Wann eis also als Escher Gemengerot eppes um Quartier Brill a senger Brillstrooss läit, awer och um Zentrum vun Esch eppes läit, bieden ech Iech, dann dës Motioun matzestëmmen. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Mischo fir dës Erklärungen an d'Presentatioun vun der Motioun. Ier ech natierlech d'Wuert weiderginn un de Gemengerot, wéilt ech op eng Rei Saachen äntwerten, fir datt sech d'Froe vläicht net dauernd widderhuelen. An ech ginn natierlech d'Wuert weider un d'Kollegen an d'Kolleginne vum Gemengerot.
Villmools Merci fir déi Fro an eigentlech och der Madame Freis Merci fir déi Aussoen, déi se gemaach hat an der Press. Hei geet et eis e bësselchen elo wéi d'Geschicht mat der Maison relais an der Kanalstrooss. Den nächste Gemengerot hu mer d'Konventioun op der Dagesuerdnung, wat de Quartiersmanagement vum Brill ugeet. Déi gëtt elo an de Kommissioune virgestallt a kënnt dann hei an de Gemengerot, wou mer nach méi detailléiert kënnen driwwer schwätzen.
Vläicht e puer Bemierkungen: Dir hutt opgezielt, wat bis elo do passéiert ass, soe mer emol, méi am Beräich vun Travauxen, vu Stroosse frësch maachen an esou weider an esou fort. Den Här Hinterscheid wäert och kuerz dorop äntwerten, wéi déi Projeten ausgesinn.
Ech wëll awer soen, datt deen Thema vun der Brillstrooss eis jo scho laang begleet. A verschidde Konzepter, an ouni elo wëllen do negativ driwwer ze schwätzen, déi ënnerholl gi sinn, ugeleiert gi sinn a Richtung Verschéinerung mat grousse Backen, mat Palmen oder Olivëbeem – an ech mengen, och den Här Huss ass a senger Zäit als Schäffen bei alleguerten d'Restaurateure gaangen, huet mat hinne geschwat, wat si selwer kéinte maachen, fir matzemaachen – hunn awer net an deem Sënn gefruucht, wéi mer eis dat virgestallt hunn.
Dat muss een einfach acceptéieren a soen, okay, mir mussen en anere Wee goen. Déi Iwwerleeungen, déi iwwert de Quartiersmanagement, deen am Quartier och ass, lafen, sinn déi, datt am Fong geholl zwee bis dräi Leit iwwer Interaction Faubourg – an dat ass schonn an eisem Budget vun dësem Joer dran – mat deem Quartier schaffen, mat all de Leit, mat den Awunner, mat de Restaurateuren, an de Quartier vläicht e bësse méi grouss och gesinn, wéi nëmmen d'Brillstrooss, an da konkret do Projete virleeën. Ech mengen, do si mer ewech iwwert eng Biergerinitiativ oder e Syndicat, en Interesseveräin. Do musse mer aneschters un d'Leit erukommen.
Well de Quartier Brill ass am Fong geholl ëmmer méi en Duerchgangsquartier gewiescht, wou Leit – besonnesch ausländnesch Matbierger – als Éischt an deem Quartier ukommen. Dat weise ganz vill Etüden. Well et bëlleg do ass, well et do nach bëlleg Locatioun gëtt. Bëlleg, well se al ass, dat muss een och soen. An da kucke se, fir do eraus ze kommen. Eng ganz Rei Leit hunn déi Méiglechkeet awer net, fir erauszekommen, well hir Paien net déi sinn, fir kënnen erauszekommen an en anere Quartier.

L'orateur informe que Monsieur Hinterscheid a indiqué dans le Tageblatt du 10/11 octobre 2015 que la rue du Brill n'était qu'une petite partie non-prioritaire dans un grand projet de réaménagement du quartier Brill. Pour citer ensuite Monsieur Hinterscheid : « Nous risquons, si nous n'agissons pas de manière réfléchie, de briser les commerces et les entreprises Horesca. »
Mais Mr Mischo revient sur sa question précédente : Quelle est la situation actuelle dans la rue du Brill ? 16 locaux sont vides.
Il ajoute qu'un groupe islamique radical loue un lieu de prière dans la rue du Brill. De plus, l'établissement « La Rose noire », dont chacun connaît les activités, se trouve entre des magasins et restaurants.
Il y a aussi un bar à shisha dans cette rue et il faudrait donc faire des tests de conformité anti-incendie. On ne peut garder des voiles au plafond dans une pièce où les gens fument.
Des bons restaurants comme le « Trois Sens » ou le « Lestos » ont dû fermer leurs portes. D'autres comme le « Cœur d'Italie » se battent pour ne pas fermer les leurs. Mais les propriétaires ne tiendront plus longtemps.
Quelle est la qualité de vie dans ce quartier ? Si le but est de valoriser la ville, alors les déchets ne peuvent rester là de mardi à samedi, car cela n'attire pas les gens. Les poubelles normales sont visibles, mais aussi des canapés, des cartons, des sacs avec des bouteilles, etc.
Le conseiller pose encore d'autres questions : qu'est-ce qui a changé au cours des dernières années ? Qu'en est-il de l'idée du Carré culturel ? Quel est l'avenir du quartier Brill ? Par l'introduction d'une motion, il souhaite demander au Conseil des échevins d'entamer les travaux des conduites d'eau et d'électricité. En cas de travaux la rue du Brill, il faudrait penser à l'installation de la fibre optique ou se mettre en relation avec la Post pour qu'ils installent leurs conduites. Il faudrait aussi se mettre en relation avec la police pour faire des contrôles en cas de tapage nocturne. Et faire une étude sur l'avenir de la rue.
Il faudrait aussi donner des délais réalistes au Conseil communal et aux commerçants pour que tous connaissent le déroulement des travaux.

Et stinn Haiser eidel an och dozou eng Bemierkung: Mir hunn als Gemeng jo net fir näischt decidéiert gehat, uewen, wou d'Erzi war, d'Haus vun de Bierger dohinner ze setzen, och Studentewunnengen do ze maachen. Deen Eck ass ganz flott ginn.
Mir hunn als Gemeng en Haus kaf an der Brillstrooss, wou – ech mengen, ech hunn do schonn eng Kéier kuerz driwwer geschwat gehat – solle Volontaire-, respektiv och Studentewunnengen hikommen, an ënnen e Wäschsalon.
An et wäert elo e Projet och kommen, an déi hunn elo den Accord kritt vun der Wunnengshëllef – ënnen, wou de portugisesche Metzler war, deen Eck –, wou e flotte Wunnengsprojet dohinner kënnt. Vun der Wunnengshëllef mat hinnen zesumme begleet a betreit, mat engem Infobüro ënnen. An déi schaffen och mat de Leit aus dem Quartier zesummen. Dat ass e Projet, deen elo eréischt erakomm ass, dee mer ganz flott fannen. Sou datt emol op d'mannst och dat opgewäert gëtt.
Kloer war, datt ech gesot hunn, wou se de Projet virgestallt hunn, datt mer mussen am ganze Quartier zesumme schaffen a si och erëm mat Interaction vu Bour zesumme schaffen.
Wat d'Haiser ugeet: Et stinn der eidel a mir hunn och emol als Gemengerot gesot gehat, datt mer versichen, Haiser an Esch opzekafen, fir se an d'Rei ze setzen. An da geet d'Spekulatioun lass. Mir hunn do bei e puer Haiser, déi eidel sinn, gefrot, fir se ze kafen. Wann et d'Gemeng ass, dann ass de Präis dat Duebelt. Mir kommen do net drun erun a sinn net bereet, 1,2 bis 1,5 Millioune fir en Haus ze bezuelen, wat komplett muss renovéiert ginn. Op dee Wee gi mir net mat.
An do ass dann awer och den Appell un déi Propriétairen, déi dat maachen, awer sech wierklech emol eng Kéier selwer seriö an d'Gebiet ze huelen an ze kucken, firwat gi se hir Haiser net lass.
Firwat investéiere se net? Well et ass awer eng al Bausubstanz, déi an deem Quartier do – a besonnesch do –, déi Strooss net méi schéi mécht. An och, wa mir do ganz vill Geld wäerten investéieren an d'Infrastrukturen, wou den Här Hinterscheid nach wäert dovunner schwätzen, hëlleft et eis net weider, wann niewendru Buden zum Deel zesummefalen a mir ganz vill Geld misste bezuelen, fir et opzekafen, wat mer net wëlle maachen.
Dir hutt dat och richteg ugeschwat mat deem Gebiedsraum oder der „Rose noire"."

(Diskussioun)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir hunn déi net verlount u si. Et ass e grousse Propriétaire, deen de Gebiedsraum verlount huet. Dat ass privat. Ech mengen, mir hu schonn oft driwwer geschwat. Do komme mir net drun erun, soulaang déi sech un hir Reglementer halen. Et gëtt e Bauteregement, mä wa si sech un alles korrekt halen, komme mer net dorun erun.
Wat d'Biller hei ugeet oder mir kréie jo aus dem Quartier Meldungen, datt méi laang Dreck virun der Dier steet: De Knascht ass iwwregens net nëmme vun do, awer besonnesch vun do. A wann een der Saach op d'Spuer geet, da sinn et ganz oft d'Leit aus dem Quartier selwer, Propriétairen oder zum Deel nach Restaurateuren oder anerer, déi hire Knascht do selwer virun d'Dier stellen. Da ruffe mir u bei der Müll an déi ginn zwëschenduerch es nach sichen. Dann ass eng Stonn fräi an zack dono steet erëm eppes do. Elo kann ee soen, okay, kommt, mir loossen et weider stoen, well déi hu sech schonn drop agestallt, datt mir kommen. Déi soen: Ma mir stellen et virun d'Dier, Dir kommt et jo souwisou sichen, soss gesäit d'Strooss knaschteg aus.
Et ginn immens vill Protokollen do gemaach. An dat geet bis op d'Geriicht. Also, wat déi Problematik ugeet mat dem Müll oder déi franséisch Firma, wou Der do gesot hutt: mir schécke scho Leit dohinner. Déi kënnen natierlech net permanent do sinn; mer missten een an d'Strooss do stellen, an all Kéiers engem e Protokoll maachen, soubal e seng Saache virun d'Dier schleeft.
Mir hunn, wéi gesot, uewen d'Haus vun de Bierger; mir hunn eng Brillplaz an d'Rei gesat. Elo kënnt de Musée de la Résistance. Et hale sech ganz vill Leit dobaussen am Quartier op. Mir maachen Iwwerleeungen, wéi mer kënnen eng Spillplaz oder Gemeinschaftsgäert oder wat och ëmmer do maachen.
Et ass awer leider esou, datt vill Leit selwer et net respektéieren. An et ass dat, wat Verschiddenes schwiereg mécht. A vläicht, wann eis Leit endlech och kënnen aneschters Protokoller maachen, wéi et elo virgesinn ass, hëlleft et, wann d'Leit oft genuch bezuelen, eng aner Vue vun deem Quartier ze kréien.
Ech mengen, datt mir alleguerte wëllen, datt dee Quartier erëm ähnlech gëtt wéi e war. Zu enger flotter Brillstrooss, wou ee gären hinner geet an iesse geet. Ech mengen, wéi Der och richteg gesot hutt, 2022 ass eng Chance. Mä da mussen awer och déi Propriétairen oder Restaurateuren oder „Geschäftsleit", entre guillemets, mat hëllefen.

Il ajoute que la motion peut aussi être votée en vue de 2022. Il s'agit là en effet d'une carte de visite pour la ville. Il faut donc offrir quelque chose aux gens et étudiants, car sinon la rue du Brill sera et restera abandonnées.
Le parti CSV se rend bien compte qu'une telle situation ne peut changer d'un jour à l'autre, mais il aimerait tout de même savoir quelle est la vision du Conseil des échevins et quels sont les idées concrètes envisageables. En effet, la situation actuelle est loin d'être satisfaisante. D'où la demande des voter en faveur de la motion.

La bourgmestre Vera Spautz (LSAP) *remercie de la question concernant la rue du Brill et de la déclaration de Madame Freis. Elle indique qu'une convention se trouve sur l'ordre du jour du prochain Conseil communal. Elle sera présentée devant la commission puis discutée plus en détail au sein du Conseil communal.*
Elle ajoute aussi que le thème de la rue du Brill est un sujet très présent depuis longtemps. De plus, différents concepts qui avaient été mis en pratique pour l'embellissement par des bacs, des palmiers ou des oliviers n'ont pas eu les effets escomptés.
Mais il faut accepter cela et trouver d'autres solutions. Les réflexions qui sont faites par l'intermédiaire de la gestion du quartier sont celles effectuées par deux à trois personnes à travers Interaction Faubourg, ce qui est déjà compris dans le budget, et qui travaillent avec le quartier, avec les gens, les habitants, les restaurateurs et qui voient plus grand que la rue de Brill et proposent des projets concrets.
Le quartier Brill a toujours été un quartier de transition dans lequel les gens, et plus particulièrement les citoyens étrangers, arrivaient en premier. En effet, le quartier est moins cher, et la plupart des gens cherchent à en sortir.
Une maison a été achetée dans la rue du Brill pour y réaliser une maison du citoyen, de loger des étudiants et y installer une laverie.
Il y aura aussi bientôt un projet de construction avec un bureau d'information de l'aide au logement, ceci au coin où se situait le boucher portugais.
Concernant les maisons vides, elle rappelle que la décision a été prise

An ech si wierklech der Meenung an der Iwwerzeegung, datt iwwert de Quartiersmanagement dat méiglech ass. Wéi gesot, d'Konventioun ass den nächste Mount am Gemengerot. Da kënnen déi och direkt ufänke mat schaffen. Sou datt mer iwwert dee Wee vill méi spezifesch un d'Bewunner, un alleguerten déi Leit do eru kommen, fir Ideeën ze developpéieren. An do ass all Mënsch häerzlechst invitéiert, matzemaachen – all Mënsch, also och hei d'Membere vum Gemengerot – fir Ideeë mat eran ze bréngen, wéi mer Verännerungen an deem Quartier wëlle maachen.
Ech wollt déi Erklärunge kuerz ginn, ier mer eis vläicht am Krees dréine mat Froen, oder datt Der einfach am Virfeld scho Bescheed wësst. Ech ginn dem Här Hinterscheid kuerz d'Wuert. An duerno mengen ech d'Madame Freis emol als Éischt. Här Hinterscheid, och Dir zu de Kanalen an den Infrastrukturen."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „D'Froe vun den Infrastrukturen: Dir hutt déi Ausso zitéiert, déi ech an deem Interview gemaach hunn am Kontext vun deem ganze Quartier, wat d'Infrastrukturen, d'Reseauen an alles ugeet.
D'Brillstrooss ass net déi allerhéchste Prioritéit, wat d'Reseauen ugeet, well en Deel Reseaue gutt sinn. Mer hunn en Deel Reseauen an der Brillstrooss mat der Buerestrooss gemaach, notamment d'Elektresch. Do waren extrem geféierlech Situatiounen, well do Kräizunge vun där enger Strooss an déi aner waren. Do war eng Kéier bal ee vun eise Pompjeeë leie bliwwen, well se d'Elektresch ausgeschalt haten, mä d'Elektresch ass awer aus der Buerestrooss nach eng Kéier era komm. Also do ware ganz geféierlech Situatiounen.
Fakt ass, dass een d'Brillstrooss kann aus deene Consideratioune vun deenen anere Stroossen – d'Zénon Bernard-Strooss, d'ganz Dicksstrooss – eraushalen. Dat, well se verkéierstechnesch gesinn, mobilitéitstechnesch gesinn, keng Relevanz méi huet. Well et eng Foussgängerzon ass, déi och nach ofgepollert ass. Wou et eigentlech nëmmen eppes sécher ze stellen ass, dat ass d'Accessibilitéit fousslee-feg, respektiv fir déi zwee Leit, déi do eng Garage hunn, an d'Liwwerungen.
Wat d'Infrastrukturen ugeet, muss ee wëssen, dass de Kanal esou al ass wéi d'Brillstrooss, 108 Joer. En ass tëscht 1908 an 1910 geluecht ginn. De Schmotzwaasserkanal läit eppes méi wéi véier Meter déif. De Reewaasserkanal läit driwwer. De Schmotzwaasserkanal ass en 200er. Elo wësse mer, dass mer an engem normalen Haushalt en 150er hunn, soudass mer wëssen, dass dat eigentlech fir déi ganz Strooss och laangfristeg, deemno wat een do wëll maachen, net duergeet.
Mir hunn eng schmuel Strooss, déi ass nëmmen néng Meter breet; dat ass hei vun der Mauer bis do, dat éischt Bild. Wa mer also dee Kanal musse frësch maachen, musse mer e Schacht maachen an der Mëtt vun der Strooss, deen op 5,5 Meter déif geet, wou ee wéinstens och 2,5-3 Meter Breet brauch. An da gesi mer d'Problematik, dat heescht, mer mussen, ier mer oder parallell wou mer all Iwwerleeunge féieren, fir där Strooss eng aner Affektatioun ze ginn, virdrun dee Kanal an déi Reseaue maachen.
Op der lénker Säit, wann een eropgeet Richtung Kennedy, hänken d'elektresch Reseauen nach hannen um Dicks. An d'Waasserreseauen, déi mécht een natierlech, wann een de Kanal mécht, och mat frësch.
Dat, wat gesot ginn ass, dass een haut Fiberglas leet, wann ee souwisou esou eppes mécht, ass eng Selbstverständlechkeet. Ob ee Fiberglas leet oder ob ee Multitubulairë leet, wou een herno alles ka maachen, ass eigentlech net dat, wat relevant ass, well mer dat souwisou bei all grousse Chantier maachen.
Also kann ee soen, wann ee parallell zu där Zäit, wou een d'Reflektioun féiert iwwert d'Zukunft vun der Brillstrooss, muss een d'Zäit notzen, fir ënnendrënner déi Infrastrukturen ze maachen, well net dass mer herno erëm eng Kéier kosmetesch Oberflächebehandlung gemaach hunn a mer wëssen, dass ënnendrënner alles potzfaul ass. An ech mengen, vun dohier ass et eigentlech esou, dass wann de Gemengerot decidéiert, mer setzen dat do d'nächst Joer an de Budget, da kënne mir et maachen. Et wär vläicht sënnvoll, parallell zu der Reflexioun, dat do mol ze maachen. Well egal, wat uewendriwwer kënnt, ënnendrënner muss et an der Rei sinn.
Dat eenzegt, wat vläicht eng Relevanz huet, wat d'Affektatioun ugeet, ass herno d'Oberflächegestaltung. Mä net dat, wat ënnendrënner ass. A mer mussen dat maachen.
Mir wëssen och, dass et och nëmme kann eng Zone piétonne bleiwen, well soss gëtt et nach méi komplizéiert. Well de Koffer, dat ass Brochmaterial; dat hu se emol eng Kéier gewisen. Also mir mussen do scho ganz gudd oppassen.
Wa mir schnell ufänken, si mer schnell fäerdeg. Mir kënnen et lassgeléist vun deem anere gesinn, well et verkéierstechnesch keng Relevanz huet. Mä mer mussen och d'Dicksstrooss maachen, mer mussen d'Zénon Bernard-Strooss maa-

au sein du Conseil communal d'en acheter à Esch pour les remettre en état et pour les louer à la suite. Mais lorsque la commune demande à acheter un des logements libres, le prix se double, et la commune n'est pas prête à débourser plus d'un million d'euros pour une maison qui doit être complètement rénovée.
Elle ajoute que les propriétaires devraient se demander sérieusement pourquoi ils n'arrivent pas à vendre. Ils devraient investir et se rendre compte que laisser les maisons dans cet état n'ajoute pas de valeur au quartier.
Concernant la salle de prières ou encore la « Rose noire », ce n'est pas la commune qui les louent, mais le propriétaire. C'est donc privé, et la commune ne peut intervenir tant qu'ils s'en tiennent au règlement, ce qu'ils font.
En ce qui concerne les déchets qui restent longtemps devant les portes : on peut très vite se rendre compte que ce sont parfois les propriétaires eux-mêmes ou les restaurateurs qui mettent les déchets devant leur porte. Les services communaux sont alors appelés et viennent faire le ramassage ; mais une heure plus tard, il y a à nouveau des poubelles devant la porte.
De nombreuses verbalisations sont en cours, et cela va même jusqu'au tribunal. Mais on ne peut pas placer un agent de manière permanente dans la rue qui établirait une verbalisation dès que des déchets sont mis devant une porte.
De nombreux aménagements ont donc déjà été faits et des réflexions sont menées sur la manière d'aménager une aire de jeu, un jardin public, etc.
Malheureusement, de nombreuses personnes ne respectent pas ces installations, ce qui rend les choses plus difficiles. Elle pense que si les agents communaux avaient plus de compétences pour verbaliser, et si les gens payaient ce qu'il fallait, on pouvait avoir une situation différente.
Tout un chacun désire que le quartier devienne semblable à ce qu'il était. Avec une rue du Brill qu'on désire fréquenter et dans laquelle on aime aller manger. 2022 est une chance, mais il faut que les propriétaires, restaurateurs ou commerçants participent à l'effort.
Elle pense que tout cela est possible par l'intermédiaire de la gestion de quartier. La convention sera prochai-

chen. An do ass de Kanal wierklech nach bal méi schlecht, well en ass op eenzelne Plazen zesummegebrach. A mer hunn do e ganze Projet elaboréiert, dee mer och elo an deenen nächste Méint wäerten dem Gemengerot an dem Public virstellen, well deen och verkéierstechnesch Relevanz huet fir d'Zukunft.
Wat de Müll ugeet: Wann ech déi Fotoe kucken, da stellen ech emol fest, dass dat Fläsche sinn. Dat heescht, dat sinn d'Commerçantë selwer, déi d'Strooss versauen. Wann ech dat anert gesinn, dat ass Pabeier; dat sinn d'Commerçantë selwer, déi d'Strooss versauen. An dann dat eenzegt, wou ee sech da freet, dat ass dee Canapé, deen do steet, dee vläicht zu engem falschen Zäitpunkt erausgesat ginn ass, amplaz vum Sperrmüll.
Do deet et mer leed, do gëtt et nëmmen ee Mëttel: Do muss ee repressiv sinn. Dat muss een ewechhuelen, et muss ee Protokollen maachen. Et muss een emol déi Taxen, déi mer gestëmmt hunn – déi jo awer haut substantiell sinn fir Enlèvement de déchêts illicites – einfach verrechnen, wat mer och méi systematesch maachen.
De Moment ass ee vun eise Bannhidder a Pensioun. Mat deenen aneren, déi mer gestëmmt hunn, si mer nach net grad doduerch. Mä et gëtt do nëmmen ee Moyen. Et versteet een et eréischt, wann een emol e gudden, fatzege Protokoll bezuelt huet. A bei Rezedevisten, do fänkt et scho richteg u wéi ze doen. Well da gëtt et eng Geriichtsaffär.
Ech mengen dat ass dat, wat vu menger Säit dozou ze soen ass. Also wéi gesot, d'Brillstrooss: et geet net duer, Kosmetik un der Oberfläch ze maachen. Mir mussen an d'Déift goen. An ech deelen hei awer zu 100% d'Aussoe vun der Buergermeeschtesch. Déi, déi mat schold dru sinn, dass d'Brillstrooss an deem Zoustand ass wéi et ass, dat sinn zum gréissten Deel Proprietairë vun den Immeublë mat exorbitante Loyeren, déi se de Leit froen, respektiv mat exorbitante Präisser, déi se eis froen, wa mir et wëllen opkafen."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Kolleginnen a Kollegen, ech schreiwen an. Emol fir d'éischt d'Madame Freis. An dann den Här Kersch. Da gesinn ech den Här Knaff. Madame Freis, Dir hutt d'Wuert."

Astrid Freis (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Also firwat hu mer deen Artikel do gemaach? Dat war ganz einfach, well ech sinn nun emol vu moies bis owes, sechs Deeg an der Woch, an der Uelzechtstrooss. Ech brauch mëttlerweil bal eng Stonn, fir vun der Brillplaz op d'Maartplaz ze goen, well ëmmer erëm Leit mech interpelléieren a mat mir wëllen iwwert d'Uelzechtstrooss, iwwert de Marco Polo, iwwert eben d'Brillstrooss am Groussen a Ganzen, schwätzen.
Dass d'CSV sech dofir elo interesséiert huet, fir deen Artikel oder wat op de Réseau-sociauxen do gelaf ass, mat hirer Motioun, do fannen ech, dass se e bëssen ze vill schnell sinn. Well deen Artikel ass am Fong gemaach ginn, fir vläicht d'Leit unzereegen, fir iwwert d'Brillstrooss méi seriö ze schwätzen.
Ech mengen, mir hunn hei schonn oft driwwer geschwat. Et ass vill geschwat ginn an nach net immens vill an der Brillstrooss selwer gemaach ginn. Wat ech och gesot hunn, wat positiv ass, ass déi Plaz mat hire Commercen, déi erëm op d'Bee kommen. Et gesäit ee dat och mat deem klenge Café „Mise en scène", et gesäit een et mat deenen zwee Cuben, et gesäit een et mat deenen aneren, wou och gesot ginn ass, „hei, wann do Neier kommen, da falen déi aner ewech", wat awer net richteg ass. Well déi hu mëttlerweil och méi Leit. Wa mëttes Sonn ass, sëtzen d'Leit gär do. Dat ass wierklech eng Zone de rencontre ginn. Wann d'Kanner aus der Schoul kommen, spillen déi do.
Ech mengen, d'Eltere sëtzen op de Bänken. Et war elo nach net esou vill schéi Wieder. Mä ech fannen, dass deen Eck immens valoriséiert ginn ass an dass d'Brillstrooss och soll un den Tour kommen. Dat läit jo op der Hand, dat wësse mer alleguer.
Ech wëll och elo net dem Gemengerot hei virgräifen. Et ass einfach als Presidentin vum Geschäftsverband, wou ech deen Artikel respektiv déi Diskussiounen op de Réseau-sociauxe gemaach hunn.
Wat ass dobäi erauskomm? Wann een dat e bësse suivéiert huet, ware leider net vill Kommentare vu menge Kollegen, déi hei sëtzen. Mä trotzdeem, déi Kommentaren, déi opkomm sinn, déi sinn deelweis opkomm, well d'Leit rose sinn an ebe Saache gesot hunn. A wann ee sech dann e bësse mat hinne beschäftegt huet, respektiv hinne Ried an Äntwert gestanen huet, dann hu se sech och erëm e bësse méi calméiert a sinn zu där Iwwerleeung komm, dass et wierklech un der Zäit ass, dass do eppes soll geschéien.
Wat soll do geschéien? Dir hutt do eng Ëmfro gemaach, oder eng Opzielung, déi nun emol awer leider falsch ass. Mä bon, et ass emol en Ufank. Wann Der déi dräi Stroosse kuckt, also d'Brillstrooss via d'Kanalstrooss, an da vum Brill erop op de Viaduc, dat sinn och zwou Stroossen, déi mat musse betruecht ginn: Do sinn zum Beispill vun der Place de la Résistan-

nement à l'ordre du jour du Conseil communal. Le travail sur place pourra commencer par la suite. Et tout le monde sera alors cordialement invité à participer et à apporter des idées quant aux changements à opérer dans le quartier.
L'échevin Henri Hinterscheid (LSAP) *prend position quant à sa phrase donnée lors de l'interview citée. Il tient à expliquer que la rue du Brill n'est pas une priorité absolue en ce qui concerne les réseaux, car une partie des réseaux est encore en bon état et avait été faite en même temps que ceux de la rue des Boers, notamment l'électricité, mais ce qui avait donné lieu à des situations dangereuses et à certains incidents.*
La rue du Brill n'est donc pas prioritaire par rapport à d'autres rues telles que la rue Zénon Bernard ou encore la rue Dicks. D'un point de vue circulation et mobilité, la rue n'a plus de grande relevance.
Concernant la canalisation, il faut noter qu'elle est aussi vieille que la rue du Brill, 108 ans. La canalisation des eaux usées se trouve à plus de 4 mètres dans le sol, la canalisation d'eau est placée au-dessus. La canalisation des eaux usées dispose d'un diamètre 200, mais aujourd'hui les conduites dans un ménage normal disposent déjà d'un diamètre 150. La situation actuelle n'est donc pas tenable à long terme.
La rue est étroite, 9 mètres de large. Pour renouveler les canalisations, il faudrait creuser une tranchée au milieu de la rue d'une profondeur de 5,5 mètres et d'une largeur de 2,5 à 3 mètres. Mais avant d'entamer les travaux, il faudrait mener des réflexions quant au devenir de cette rue.
Concernant la fibre optique, il est évident qu'elle installée, une fois le chantier entamé. Ceci est pratiqué pour tous les grands chantiers.
L'orateur rend attentif au fait qu'outre le revêtement de la rue, il y aura lieu de s'occuper également des soubassements qui seraient dans un état pitoyable, tout en insistant sur le fait que la rue doit rester zone piétonne. Les rues Dicks et Zénon Bernard devraient également être sujet de travaux alors que la canalisation y est sérieusement détériorée, voire même cassée par endroits.
En ce qui concerne les déchets répartis dans la rue, il échet de constater que les commerçants sont principalement à l'origine de cette dégradation

ce bis op de Viaduc erop véier Geschäfter zou. Déi aner Säit sinn der nëmmen dräi zou. Dat kënnt och doduerch, well do net esou vill Geschäfter sinn.
Awer de groussen Deel ass effektiv de Brill; also et geet jo dann un do beim Rasqui bis uewen op d'Gebai vun der Gemeng. An do sinn, de Moment, vu 54 Geschäfter der 20 zou. An dat ass dramatesch. Ech fannen dat ganz, ganz schlëmm. Et sinn nach puer Resistenter do, déi wierklech déck d'Flemm hunn. Et sinn der och nach e puer, déi op sinn, mä déi wieren effektiv besser zou.
Ech hu mer wierklech eng ganz Woch Zäit geholl, fir do duerch déi Brillstrooss ze goen. Ech sinn an all déi komesch Saachen do era gaang,. Déi Shisha-Bar, déi gesäit wierklech ganz kriminell aus. An do sëtzen och Leit dobannen, déi net méi zourechnungsfäeg sinn. Hannenaus sëtzen der e puer... also ech kann dat wierklech soen: do sëtze wierklech ganz schlëmm Gestalten. Wann d'Kanner do aus der Schoul erausginn, duerch déi Brillstrooss trëppelen... also dat ass net ganz interessant.
Elo an déi Rose noire oder rouge, wéi se och ëmmer heescht, do war ech elo net eran.
Mä et sinn och ganz vill Leit, déi – wéi soll ech elo soen – denke ganz vill un déi AMCO-Equipe do, dee Veräin, deen do etabléiert ass. Do sinn och vill Saache gesot ginn an diskutéiert ginn. Mä do soen d'Leit och ëmmer erëm datselwecht. Wann do eppes Kriminelles géif geschéien, da wier et un der Gemeng respektiv un der Police, fir dofir ze suergen, dass déi net méi do wieren. Respektiv ass et einfach nëmmen e Veräin, deen net kriminell ass? Also ech weess et net. Ech kann et net soen. Ech hu keng Ahnung. Mä dat si ganz vill Leit, déi sech dowéinst natierlech Suerge maachen.
An ech hat elo d'lescht Woch ee vun deene Leit, déi do etabléiert sinn, bei mir am Büro an déi hunn dunn effektiv gesot, se wéilten do fortgoen. Net well Krisis wär, net well se net genuch Memberen hätten, mä et wier hinnen ze kleng.
Elo sinn ech natierlech déck amgaang ze sichen, fir ze hëllefen, dass se do sollen erauskommen, well ebe ganz vill Leit net frou sinn, dass se do sinn. A wa soll eppes mat där Strooss do geschéien, wat méi positiv soll sinn, da wier et natierlech och gutt, wa se dann eben net méi do wieren. Dat, well d'Leit do en Amalgame maachen a wierklech net frou sinn.
Wat hu mer do gemaach? Vun der ACAIE aus hate mer do esou e Projet op d'Bee gesat, éischtens emol, fir eng Ëmfro ze maachen. Do huet den Artikel dozou bäigedroen. Do sinn och vill Reaktioune komm. Et si positiver komm, negativer, an am Endeffekt waren awer all déi Leit, déi matgemaach hunn, interesséiert, dass soll eppes do geschéien. Och wa se am Ufank rose waren. Mä dat beweist, dass den Dialog awer trotzdeem eppes bréngt. Och wann d'Leit gesinn, „do ass awer nach een, dee sech fir eis Strooss interesséiert", wat och eise Rôle ass als Geschäftsverband. Also net einfach de ganze Véierel ofstiewen ze loossen.
Et ass schonn de Fall hei ënne mam Marco Polo, wou schonn net méi vill iwwreg bleift. An der Brillstrooss muss wierklech eppes geschéien.
Wat ech elo net weess, wéi den Här Hinterscheid virdru gesot huet, ass dat elo prioritär, dat vu grondun opzerappen an alles nei ze maachen. Dir sot, et sinn néng Meter Breet. Ech weess elo net, wéi laang dass se ass. Mä et sinn och vill Leit, déi gesot hunn, „oh, déi Strooss ass net laang genuch, fir do e Rive de Clausen ze maachen". Also Rive de Clausen, fir dat eng Kéier ze preziséieren, dat war einfach nëmmen... "

(Interruptioun)

Astrid Freis (LSAP): „Voilà. Also mir hätten och kënne soen, Promenade ou Esplanade. Et war eben einfach en Ophängeschëld, dass d'Leit solle reagéieren, wat se jo dann och gemaach hunn. Mir hunn elo e ganzen État des lieux do gemaach, also alles opgeschriwwen, wat do vu Propriétairen ass, wat vu Locatairen ass.
Wou mer elo net erukommen, mä vläicht d'Gemeng, oder wéi d'Madame Buergermeeschtesch scho gesot huet, do e Projet wier, fir dat ze maachen: dat sinn d'Habitantën. Un déi komme mer elo net esou erun. A mer hunn eis och net erlaabt, hei eng Lëscht froen ze komme mat de Leit hirem Numm a Privatnummeren an esou, wéinst der Protection des données.

Mir hunn déi Opstellung do wëlle maachen, fir emol en Ufank ze hunn an dann ze kucken an nächster Zukunft, wann déi Leit alleguerte reagéieren oder wéinstens en Deel wäert reagéieren. Dat huet schonn immens vill Zäit ewechgeholl, fir do emol mat Leit schwätzen ze goen, e Bréif ze maachen, op eng Äntwert ze waarde vun deem Bréif.
Wann d'Gemeng parallell mat den Habitantë Kontakt kritt, wier et an eisem Sënn gewiescht, fir do dann d'Table-ronden ze maachen, mat de Leit iwwert hir Ängschten a Gefiller an Hoffnungen ze schätzen.
Wéi mer virdru scho gesot hunn, mir wëlle Kulturhaaptstad ginn, an do muss jo

et que le seul moyen pour y remédier serait la répression via une sérieuse verbalisation. L'orateur partage l'avis de la bourgmestre que les principaux responsables de l'état de la rue du Brill sont les propriétaires qui demandent des loyers largement surfaits et des prix exorbitants lorsque la commune veut acquérir une maison.

Astrid Freis (LSAP) *explique que l'article a été publié et que les réseaux sociaux ont été utilisés pour inciter les gens à réfléchir sur la rue du Brill et à en discuter. Elle estime que beaucoup a déjà été parlé au sujet de la rue du Brill, mais que peu a été entrepris entretemps. Elle juge positif le fait que les commerces sur la place commencent à se ressaisir et qu'elle est devenue une zone de rencontre.*
Madame Freis précise encore qu'elle a lancé son article et la discussion sur les réseaux sociaux en sa fonction de présidente de l'association des commerçants et non en tant que membre du conseil communal. Elle souligne que les habitants sont fâchés et de l'avis que les choses doivent avancer. Elle plaint le fait que bon nombre de commerces sont fermés dans le quartier et partage les craintes des habitants quant à l'implantation de certains éléments douteux, desquels il faudrait pouvoir se débarrasser.
L'ACAIE a donc lancé une enquête auprès de la population et son article qui ont provoqué beaucoup de réactions de personnes intéressées par l'action de l'association des commerçants dont l'un des buts est celui de ne pas laisser dépérir le quartier entier et ainsi éviter le même sort qu'est celui du « Marco Polo ».
Madame Freis avoue encore que la référence aux Rives de Clausen n'était qu'une incitation pour faire bouger les citoyens, ce qui a finalement été le cas. Ainsi, tout un inventaire aurait pu être fait sur les lieux pour déterminer qui sont propriétaires ou locataires, mais le problème serait celui d'aborder directement les habitants sans violer la législation sur la protection des données.
La conseillère souligne que pour qu'Esch devienne capitale européenne de la culture en 2022, il faut que « tout le monde mette la main à la pâte ». Elle remarque qu'il y a encore des gens qui 'croient' dans la « Brillstrooss ».

jiddweree 'mettre la main à la pâte'. Dat heescht, do mussen d'Leit jo och mat deelhuelen, musse jo och hir Suen rausbréngen.
Ech hat scho mat dräi, véier Investisseure geschwat. Do sinn der vill, déi laachen. Déi fannen dat onméiglech. Mä dat ass net onméiglech. Et si jo och schliisslech Leit, déi de Monopol kaf hunn, deen do zéng Joer vegetéiert huet. Also ginn et och nach Leit, déi un d'Brillstrooss gleewen. Zum Beispill huet e Client mer gesot, zu Rhodos wär eng Strooss gewiescht, déi war complètement à l'abandon. Do huet och d'Gemeng mat de Commerçanten, mat den Habitanten, mat den Investisseure sech op d'Bee gesat fir do eppes ze realiséieren. An no engem Joer war déi Strooss erëm super flott.
Ech mengen, dat wier och vläicht hei eng Idee. Dat war am Fong d'Idee vum Geschäftsverband, fir do déi Leit e bëssen ze motivéieren. Do sinn der, déi si scho véier Joer zou. Ma déi véier Joer zou sinn, do misst ee jo awer en Dialog mam Propriétaire kréien, 'hei, da maacht et wéi um Belval, oder e Marco Polo oder soss a verschiddene Géigenden, wou d'Leit dann emol e Joer gratis kënnen an e Buttek eragoen an dat dann amenagéieren'. Dat mécht natierlech kee Mënsch, wann elo ee vun deenen 20 seet, okay, mir ginn eise Buttek à disponibilité.
Do si Saache gesot gi vun der Propretéit. Ech hat d'lescht Woch selwer effektiv gesinn, dass eis Leit vun der Gemeng permanent do ronderëm gelaf sinn. Ech hu mat deem Jong a mat deem Meedche geschwat. A si soten, mir sinn haut scho fir d'drëtt hei. Dat heescht, do si wierklech Leit, déi guer keng Manéieren hunn an hire ganze Kretz do virun d'Dier geheien.
Elo sinn d'lescht Woch nach déi zwee gutt Restauranten zougaang, den 'Aux 3 sens' an de 'Coeur d'Italie'. Dat heescht, mir hunn elo nach zwou Pizzerien an der Brillstrooss. An déi wackele wierklech um leschte Level; déi hu wierklech déck d'Flemm do.
An dat war de Sënn vun der Geschicht. Also e bëssen d'Leit opmierksam maachen, konkret Ideeë kréien, zesumme komme mat de Leit an dann hir Ideeë sammelen, wéi eben och beim Projet vun der Kulturhaaptstad. Hei geet et eben nëmmen ëm e Quartier vun Esch, mä ëm e wichtege Quartier. An et wier wierklech a mengen Aen immens wichteg, dat do elo ze maachen.
Elo stellt d'Fro sech nach, wéi den Här Hinterscheid virdru gesot huet, wann elo effektiv d'nächst Joer muss ganz opgerappt ginn, ass dat vläicht eng Saach, déi ee muss méi konkret dann och soen. Entweder et gëtt opgerappt an et gëtt frësch gemaach vu grondop, oder eben d'Strooss, de Belag u sech gesäit net esou schlëmm aus. Do sinn an der Mëtt, wou dat e bëssen esou schif ass, e puer Placke lass, sou wéi och an der Uelzechtstrooss. Et sinn e puer Luuchten, déi misste frësch ugestrach ginn. D'Dreckskëschten eraus.
An dann déi Backen: ech hat schonn zweemol den Här Huss bei mir am Büro vun der ACAIE, fir iwwert dee Jardin éphémère a Blummen asw. ze schwätzen. An elo stinn déi verraschten Dëppen do an et ass näischt dran. Se ginn als Dreckskëscht benotzt. Et hänken e puer esou Beemercher dran, déi wackelen am Katalog schonn. Et gesäit schlëmm aus.
Uewen dee Kiné, huet virun der Dier dräi Beem ewechgeholl kritt. Do ass e Schëld effektiv vun der Gemeng, déi elo eréischt nei komm sinn. Dat gesäit scho schlëmm aus, mat Féiss dra gerannt, ganz kromm; ech hunn eng Foto dovunner gemaach.
Wéi gesot, do ass den Här Mischo hei vläicht e bësse schnell gewiescht. Dat hei war elo am Sënn, fir nach eng Kéier eng Opstellung ze maachen, fir Ideeën ze sammelen an dann zesummen en anstännege Projet mat der Police, mat der Gemeng ze ficeléieren. Dat hate mer alles elo wëlles an et wär op kee Fall, fir elo hei iwwert de Gemengerot ewech iergend eppes do ze bastelen. Also dat war net de Sënn vun der Saach.
Mä ech menge schonn, wann een esou eppes Grousses motivéiert kritt, wéi eng Kulturhaaptstad, da misste mer och à même sinn, fir eng Strooss an d'Rei ze setzen an deene Leit do ze hëllefen, erëm op d'Been ze kommen.
Mir haten och déi Ëmfro gemaach: do hu mer schonn direkt gesot kritt, d'Leit wéilten op kee Fall nëmmen Habitatioun. Si wéilten op jidde Fall dat als Geschäftsstrooss. Dat hate mer jo scho mam Här Hinterscheid beschwat, dass do vläicht Bedenke wären. Dann hätt een dat missten ëmmodifiéieren oder esou.
Mä ech mengen, et sinn och vläicht Saachen, wou mer op lokalem Plang missten ëmänneren, vun der Gemeng aus. Ech weess net, ob dat méiglech ass. Ee Beispill: ënnen, wou fréier d'Apdikt war, war niewendrun eng Agence immobilière an do steet nach just den Numm uewendriwwer, e portugiseschen Numm. An an där Fënster si scho siwe Couchen Affichen drop. Do ass d'Entréesdier fir erop an d'Appartementer ganz geféierlech futti, mat Glas, dat eraussteet. Wann do e Kand dra fält, da schléit dat sech do dout.
Et misst ee kucken, dass mir kënnen als Gemeng zu de Propriétairë soen, „dat do kann awer net esou bleiwen. Do musst

Elle évoque aussi l'aspect de la propreté ; ainsi elle a pu observer que les services communaux étaient à plusieurs reprises sur place et qu'il semble bien qu'il y aurait des personnes, sans manières, qui mettraient leurs déchets là devant la porte. Elle revient aussi sur la remise en état de la rue et précise qu'il reste encore quelques points à clarifier notamment sur le quand et le comment, et elle énumère ce qui doit être amélioré, comme entre autres le jardin éphémère.
Elle insiste que le but de leur action était de rendre les gens attentifs à la situation et de rassembler des idées qui pourraient faire avancer les choses, aussi dans le cadre du projet de la capitale culturelle et que l'inventaire devait servir à chercher des idées et ensuite réaliser ensemble avec la police et la commune un projet. Elle rajoute que le but n'était pas de mettre en place quelque chose en passant par-dessus la tête du conseil communal.
Selon la conseillère, il y a certains points où il faudrait agir sur un plan local, au niveau de la commune, par exemple pour mettre en garde les propriétaires. Elle conclue qu'il est important que tout le monde coopère afin de faire changer les choses.

Der awer déi Dier ersetzen." Ech weess net, ob dat dran ass. Mä ech mengen, wa mer do net all un engem Strang zéien, da gëtt et wierklech do katastrophal. Do kann och de Geschäftsverband keng Wonner wierken, ausser elo eben déi Viraarbecht maachen, fir do zu enger konkreter Propositioun ze kommen.
Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci der Madame Freis. Dann den Här Kersch an den Här Knaff nach."

Guy Kersch (déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschter. Här Mischo, Dir ernimmt an Ärer Motioun jo Artikelen an der geschriwwener Press an dann awer och Commentairen an de sozialen Netzwierker. Mer wësse jo grad, déi lescht genannt, déi däerf ee jo awer net huelen als „der Weisheit letzter Schluss". Also verschidde Commentairen op Facebook, Twitter an esou weider, déi si jo esou eesäiteg an och graff, datt een éischter vläicht vun „a"sozialen Netzwierker kéint schwätzen.
Et gëtt an de leschte Joren eng bedenklech Tendenz bei munche Leit, kann ee scho bal soen en „Hobby", fir Esch einfach pauschal nëmmen erof ze maachen. An dogéint musse mir eis wieren. Et ass jo eis Aufgab als Gemengerot, fir eis Stad no vir ze bréngen a fir se méi liewenswäert ze maachen. A mer mussen och déi Efforten da positiv no baussen duerstellen.
Ech wunne selwer zënter 22 Joer am Brillquartier an ech muss soen, dass et net dat ass, wat op de soziale Reseaue circuléiert. Ech erliewen et éischter als grouss Zone de rencontre, wou dat populäert Liewe sech ofspillt.
Beim Vollek gëtt et natierlech där enger an et gëtt och e puer där anerer. Mä et ass nach ëmmer net verbueden, fir sech volllafen ze loossen oder fir sech bis zum Delirium zou ze kiffen. Dat ass Realitéit. Awer déi ass net nëmmen op de Brillquartier beschränkt.
Also ech fannen net, datt d'Liewensqualitéit am Quartier an de leschte Joren ëmmer méi erofgaangen ass. Anersäits kann ech natierlech och net behaapten, datt se wierklech besser ginn ass. Positiv gesinn ech jiddefalls d'Verlängerung vun der Foussgängerzon an der Brillstrooss, also dass dat elo duerchgehend ass vun der Uelzechtstrooss bis bei d'Zénon Bernard-Strooss. Dat ass emol schonn e positive Schrëtt. Dat ass awer elo schéin nei gemaach ginn.
Här Mischo, Dir hutt jo recht: D'Erneierung an d'Opwäertung vum Quartier Brill gi vill ze lues virun. An et stëmmt och, datt ze vill Lokaler an der Brillstrooss eidel stinn. Meeschtens ware jo do véier Restauranten dran. Wat mer awer an der CSV-Motioun vermëssen, dat si wierksam Verbesserungsvirschléi. Also alleng mat méi Policekontrollen oder mat neie Waasser-, Stroum- a Glasfiberleitungen, do kréie mer de Quartier net wierklech opgewäert. D'Problemer leie jo net nëmme bei der Infrastruktur, mä virun allem am sozialen a finanzielle Beräich.
Et ass virdru schonn ugeklongen: Do si fir d'éischt emol déi héich Loyeren, déi d'Geschäftsleit fir d'Lokaler musse bezuelen. Dacks investéieren d'Besëtzer och net emol e Minimum fir hir al oder ural Haiser astand ze halen. Sou kënnt et dann zu Rouerbréch a Kuerzschlëss, déi de Geschäftsleit nach zousätzleche Misär maachen. Hei misst vläicht d'Loyerskommissioun aktiv ginn, fir emol méi konsequent ze kontrolléieren, ob d'Loyersgesetz iwwerall agehale gëtt. De Loyer däerf jo dem Gesetz no am Joer net méi héich sinn, wéi 5% vun der Wunneng oder vum Lokal. Ech sinn iwwerzeegt, dass esou eng Kontroll net nëmme ville Locatairë vu Wunnenge géif zegutt kommen, mä och ville Geschäftsleit. An iwwregens och hei net nëmmen an der Brillstrooss. Dann hätte mer och an eiser Uelzechtstrooss nees Familljebetriber, amplaz datt bal nëmme méi grouss Butteckskette sech déi deier Loyere fir hir Filiale leeschte kënnen.
Mir wësse jo och all, datt Esch, a grad a besonnesch de Quartier Brill, en iwwerduechschnëttlech héijen Undeel un Aarbechtslosen huet. Et liewen hei am Quartier och méi Leit, déi no un oder souguer ënnert der Aarmutsgrenz leien. D'Politik vun alle Regierungen an de leschte 15 Joer, egal ob mat CSV, LSAP oder DP, huet grad deene Leit massiv Problemer gemaach. D'Indexkierzungen 2004 an do nach eng Kéier déi no 2008 an och déi rezent TVA-Erhéijung, alles dat zitt déi Leit, déi schonn un der Aarmutsgrenz liewen, nach e Stéck méi wäit no ënnen. Dann iessen déi Leit ebe méi dacks nëmmen e Bréitchen aus dem Cactus a si ginn duerfir manner oder guer net méi an d'Pizzeria an der Brillstrooss.
An och déi successiv Taxenerhéijunge vum Escher Schäfferot hu grad deene Leit am meeschte wéi gedoen. D'Léisung ass einfach: Mer musse méi eng sozial Politik maachen.
Wat elo déi Cartonssammlung, wéi Der op Ärer éischter Foto gewisen hutt, ugeet: och dat ass elo net typesch Brillstrooss. Dat kënnt Der all Muere gesinn, wann Der duerch d'Uelzechtstrooss gitt. Do sti massiv Cartone bei de Bänken a bei de Stroossebeem. Ech huele jo awer

Guy Kersch (déi Lénk) *souligne que c'est aussi le devoir du conseil communal de faire avancer la ville et de faire en sorte que la qualité de vie augmente. Il dit qu'il faut mettre ces efforts en valeur. Étant lui-même habitant du quartier du Brill, il livre sa vue des choses : la qualité de vie n'a ni diminuée, ni augmentée. Le conseiller est d'accord avec le conseiller Georges Mischo que la remise en valeur du quartier du Brill n'avance pas assez vite. Mais il regrette que la motion du CSV ne comporte pas des propositions d'amélioration effectives.*
Le conseiller remarque qu'une mesure à laquelle on pourrait songer serait d'instaurer un contrôle régulier pour vérifier si la loi sur les loyers est respectée.
En ce qui concerne la problématique des bouteilles en verre, il suggère que la commune pourrait proposer aux entreprises une offre supplémentaire de collecte de déchets en verre.
Il rajoute que la mise en application d'un parking payant entre 12.00 et 14.00 heures est un des facteurs qui aurait nui aux restaurateurs. Il propose donc de retourner au parking gratuit entre 12.00 et 14.00 ainsi qu'entre 18.00 et 19.00 heures.
Le membre du parti déi Lénk rajoute qu'il attend les explications du conseil échevinal afin de savoir pourquoi la remise en valeur du Quartier du Brill prend autant de temps et quelles sont les mesures qu'ils prévoient de réaliser par la suite.

un, datt déi regelméisseg vun der Gemeng ewechgeholl ginn; dass d'Geschäftsleit wëssen, wéini d'Deeg sinn, wou d'Gemeng dat siche kënnt. An esou wäert et an der Brillstrooss och sinn. Dat muss jo elo net onbedéngt eppes Illegales sinn, wat Der elo hei geknipst hutt.
Datselwecht gëllt fir déi Fläschesammlungen. Dat fënnt een a ganz Esch bei Bistroen. Déi gi jo net nëmmen an d'Brillstrooss déi Fläsche sichen. Ech huele jo och un, datt déi franséisch Associatioun oder Asbl, de Geschäftsleit, de Cafetier eppes Klenges dofir bezilt, soudatt se léiwer op dee Moyen iwwerginn. Et kann awer och sinn, datt d'Caféen esou vill aalt Glas produzéieren, datt et mam normalen Ofhuele vun der Gemeng eemol d'Woch einfach net duergeet an datt se duerfir op deen dote Moyen zeréckgräifen. Vläicht misst d'Gemeng dann do emol bei Betriber, déi vill Glas produzéieren eng zousätzlech Offer ubidden, fir dat ewech ze huelen.
Ech mengen, wat der Restauratioun och geschuet huet, dat war, wéi virun e puer Joer de Parking payant och op d'Zäit tëschent 12 an 14 Auer ausgedeent gouf. Leit, déi soss an der Mëttegstonn mam Auto aus der Escher Périphérie oder aus den Nopeschgemengen an Esch iesse koumen, hu sech aner Adresse gesicht. Et huet zwar och domat ze dinn, datt d'Brillplaz laang zou war, well dat esou laang gedauert huet. An déi hunn an der Tëschenzäit eben aner Gewunnechten an déi kommen net méi esou liicht an Esch erëm.
Datselwecht gëllt och fir d'Zäit owes vu sechs bis siwen. Do si fréier eng Rei Leit, soubal d'Butteker owes zougemaach hunn, an d'Restaurante gaangen. Haut musse se bis siwen Auer Parking bezuelen a fueren dann ebe léiwer enzwousch anescht.
Mir géifen dofir virschloen, an der Mëttegstonn a vun 18 bis 19 Auer nees op Gratisparken zeréckzekommen.
De Verloscht an der Gemengekeess gëtt ausgeglach duerch méi Liewen am Quartier an och méi Ëmsaz bei de Restaurateuren. A vun deenen hirer Gewerbesteier profitéiere mer jo dann och erëm als Gemeng.
Här Mischo, wat elo Är Motioun ugeet, sou hutt Der op jidde Fall de Mérite, dass Der e ganz reelle Problem uschneit. Mir sinn als déi Lénk och guer net zefridden domadder, datt et am Brill éiwech dauert mat der Erneierung vum Quartier a vun der Brillstrooss. Dat, wat Der elo als Mesurë verlaangt, dat ass jo och net falsch, mä et bréngt eis awer och net wierklech weider. Dir hutt d'Haaptursaache vum Problem am Fong net ernimmt. An dofir gräifen och Är Verbesserungsvirschléi déi Ursaachen net wierklech un der Wuerzel un.
Mir lauschteren eis nach d'Erklärunge vum Schäfferot un, wat dann d'Ursaache vun der Verspéidung sinn a wéi si gedenken, mat der Opwäertung vum Quartier Brill a vun der Brillstrooss weider ze fueren.
Ech soen Iech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Den Här Knaff huet e Micro."

Pierre-Marc Knaff (DP): „Jo, Madame Buergermeeschter. De Projet Brill, Quartier Brill, Brillstrooss, dat huet eis jo awer scho länger Zäit beschäftegt. Mir kruten ëmmer gesot, also elo geet et, elo maache mer et, elo huele mer et an de Grapp, et geet elo duer. Gitt mer nach zwee Joer, da steet déi Strooss an engem ganz anere Liicht do. Ech ka mech nach un déi Wierder erënneren.
D'Resultat ass, datt et effektiv net esou schéin ass, wéi den Här Kersch dat hei elo wëll nach schéi rieden. Mir wëssen alleguerten, datt déi Strooss an engem katastrophalen Zoustand ass um Niveau vun der Occupatioun a vun deene Geschäftslokaler, vun dem Public, deen elo nach esou ronderëm wandert a vun der Desertificatioun vun de gudden Escher Leit, déi net méi dohi ginn. An dat sinn déi, déi d'Lokaler, d'Restaurante gefëllt hunn. Déi ginn net méi dohin. An et muss ee kucken, datt een déi erëm dohi kritt.
An do gëtt et natierlech eng Rei Saachen, déi ee muss maachen. Ech si ganz mat Iech d'accord, datt e groussen Deel Responsabilitéit, firwat datt déi Leit net méi dohi ginn, effektiv bei de Propriétairë vun den Haiser läit. Well se do ausgesuckelt hunn, wat se konnten aussuckelen an ni e Frang oder en Euro doran investéiert hunn, fir déi op Niveau ze halen. Do sinn ech ganz mat Iech d'accord. An et ass op deem Punkt, wou ee muss usätzen, fir déi Strooss erëm an de Grëff ze kréien.
Dir hutt e ganzt Arsenal vu Méiglechkeeten, déi mer kënnen huelen, wou mir och Proprietairë kënnen obligéieren, Saachen ze maachen. Dat ass elo net ganz liberal, dat muss ech soen.

(Gelächter)

Mä et gëtt awer heiansdo och Momenter, wou net alles ka liberal sinn. Wou de „laisser faire, laisser aller" net funktionéiert a wou d'Autoritéit muss agéieren.
Mir mussen eis hei eens ginn, wéi mir déi Brillstrooss gären hätten. Wéi soll déi ausgesinn? Mir maache jo oft Etüden. Mä et

Pierre-Marc Knaff (DP) *met l'accent sur le fait que cela fait déjà un certain temps que la problématique occupe le conseil communal et rajoute que la situation n'est pas des meilleures. Le conseiller remarque qu'il faut agir, entre autres auprès des propriétaires d'immeubles. Il explique qu'il faut se mettre d'accord sur comment la rue du Brill devrait être aménagée et qu'il faudrait penser à charger un expert de leur proposer quelques suggestions concernant la remise en valeur de la rue.*
Il remarque aussi que des contrôles auprès des restaurateurs, concernant les conditions d'hygiène, pourraient être efficaces. D'autre part il ajoute qu'il y a la possibilité de voter des règlements pour remédier au problème des façades qui sont en mauvais état et de faire de même en ce qui concerne l'aménagement de terrasses. Il attire aussi l'attention du conseil communal sur la possibilité d'un « Public-Private Partnership » pour réaliser le projet de la remise en valeur de la rue du Brill. Le conseiller souligne que si le quartier est censé devenir un des fleurons pour 2022, il faudra se dépêcher et que la priorité est de savoir ce qu'on veut faire, de faire revenir les gens dans la rue du Brill et de remédier au problème de l'insalubrité.

wär och vläicht emol eng Kéier spannend, do een ze chargéieren, deen eis géif e puer Saache proposéieren. Wéi soll se ausgesinn um Niveau vun de Fassaden? Wéi soll se dono ausgesinn um Niveau vun den Terrassen? Wéi soll se dono ausgesinn um Niveau vum Stroossebelag? Wéi soll se ausgesinn um Niveau vun der Beleuchtung? A mir beschwätzen dee Projet a wa mer eis hei dann emol eens sinn, datt se soll esou ausgesinn, da gëtt et natierlech eng Rei Méiglechkeeten, fir dat ze maachen.
Wat d'Hygiène ugeet an deene Restaurantsbetriber oder an deene Betriber: do gëtt et, mengen ech, ganz stricte Virschrëfte vun der Santé. An ech mengen, wann déi géifen eng Kéier do kucke goen oder regelméisseg kucke goen, da géifen déi Propriétairen obligéiert ginn, Saachen ze maachen. Grad esou ass et mam Zoustand vun den Toiletten an deene Restauranten, mat der Kichen an esou weider.
Déi Fassaden, déi net gemaach gi sinn: Mir kënne Reglementer stëmmen, wou mir festleeën, wéi Fassaden auszegesinn hunn a wou mir kënnen obligéieren, datt verschidde Saache gemaach ginn, ënnert Form vun enger Strof oder soss.
Terrassen: Mir delivréieren d'Autorisatioun fir d'Terrassen; mir kënnen also och Obligatiounen an Oplage ginn, fir esou eng Terrass ze amenagéieren. An deen do net wëll matspillen, dee kritt dann déi Autorisatioun net. A wann en déi Autorisatioun net kritt, da kritt e keen interesséierte Restaurateur an da steet säi Lokal eidel. An déi, déi sech net wëllen dono fügen oder déi d'Moyenen och vläicht net hunn, fir et esou ëmzesetzen, wéi mir et gären hätten, déi mussen da verkafen. An da musse mir kucken, ob mir dat wëlle selwer kafen oder ob mer do zesumme mat Privatpartner vläicht kucken, déi Haiser do opzekafen, fir dann do eise Projet ze realiséieren ënnert Form vun engem PPP. Wat jo och ëmmer nach Saache sinn, déi méiglech sinn.
Mir mussen eis eens ginn, wéi et soll ausgesinn an dann hu mir e ganzt Arsenal och vu contrignante Mesuren, fir dat duerchzesetzen. Mä mir mussen dat elo maachen. Well déi Brillstrooss an de Quartier Brill sollen d'Aushängeschëld ginn, och scho fir d'Studenten unzelackele vum Belval. Déi sollte sech do zeréckfannen. Eh bien, désolé, och déi kommen net an d'Brillstrooss, dans l'état, wéi déi sech elo befënnt. Do, mengen ech, si mer eis alleguerten eens.
Wann dat do nach soll dono eent vun den Aushängeschëlder gi vun 2022, dann hu mer Interêt, datt mer eis sputen. An ech mengen och net, datt et da prioritär ass, datt mer fir d'éischt de Kanal maachen. Well ech mengen, mat där Vitesse, wéi mir d'Chantieren hei maachen, dann ass och dee leschte Commerce, deen nach an där Strooss ass, zou. An dann hätte mer iwwerhaapt näischt méi. Also ech géif mengen, dat wär net prioritär.
Prioritär ass ze wëssen, wat setze mer drop. Prioritär ass ze kucken, datt mer erëm Leit an d'Strooss kréien. Prioritär ass, datt mer déi Strooss erëm propper kréien. Net nëmme propper a puncto vun de Pavésteng, mä och propper a puncto vum Public, deen déi Strooss frequentéiert. An da mengen ech, da kënne mer iergendwéi viru kommen. Mä anescht kritt Der deen do Problem menger Meenung no net geléist."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci och dem Här Knaff fir déi net ganz liberal Virschléi. Awer ech mengen, all Idee ass wëllkomm, all Gedanke si wëllkomm. An ech menge wierklech, datt de Moment och do ass, wou mer kënne ganz aktiv mam Quartiersmanagement op d'Leit zougoen. Et sinn, wéi richteg gesot ginn ass, net nëmmen d'Propriétairen, mä och déi Leit, déi do wunnen, déi Locatairen.
Den Dialog ass wichteg, mat hinnen a mat alleguerten deenen, déi wëllen en anert Konzept fir déi Brillstrooss entwéckelen.
A parallell dozou, sou wéi et virgestallt ginn ass an undiskutéiert ginn ass vum Här Hinterscheid, och den Zoustand vun den Infrastrukturen ze kucken. Well et huet och kee Wäert, elo uewen eppes anstänneg ze maachen an da gëtt erëm opgerappt.
Ech mengen awer trotzdeem och, well de Quartier déi Bausubstanz huet an näischt dran investéiert gëtt, deementspriechend och Leit an och Lokaler unzitt. Fir do eng Änderung eran ze kréien, muss ee scho méi déifgräifend un de Problem erugoen.
Ech wëll Iech just soen, dass d'Police immens vill Kontrollen do mécht. A wat déi zielen... Also ech kommen elo wierklech op mäi Lieblingsthema. Wann déi déi Kontrolle maache ginn, da kann een net dem Locataire vum Café, dem Cafétier, onbedéngt de Virworf maachen, wéi et uewen ausgesäit an de Kummeren. Well do si mer an der Diskussioun, datt déi Brauereien de Cafetieren, de Locatairen esou Kontrakter opdrécken, déi esou deier sinn, datt déi fir hir Zëmmeren och enorm vill Geld froen. Do bäisst sech eent an d'anert. An dat ass einfach och katastrophal.
D'Police geet wierklech vill kontrolléieren. Ech mengen, Dir kritt dat och mat. Et ass heiansdo an der Press.

La bourgmestre Vera Spautz (LSAP) *précise que toute suggestion est la bienvenue, que le dialogue avec les gens est important pour développer un nouveau concept pour la rue du Brill et qu'il convient de vérifier en même temps l'état des infrastructures.*
Elle explique qu'une approche en profondeur du problème s'impose afin d'obtenir un réel changement.
Elle remarque que la police entreprend de nombreux contrôles sur place. La bourgmestre ajoute qu'il ne faut pas mettre le problème avec les chambres meublées entièrement sur le dos des cafetiers, mais que plusieurs facteurs y sont liés.
Elle constate que dans certains cas la marge de manœuvre est limitée et que si les contrôles sont renforcés dans un lieu, le problème se déplace à un autre endroit.
Véra Spautz évoque que ce n'est pas seulement le futur du Quartier du Brill auquel il faut réfléchir, mais aussi à celui de la ville et à comment il faut s'organiser pour réaliser ces visions. Elle rappelle qu'une motion est mise au vote.

Dir hutt matkritt iwwert dee Café an der Avenue de la Gare, wou et grad esou katastrophal war. Och do misst ee Moyene fannen, fir déi Propriétairen eraus ze setzen. Awer ganz oft sinn d'Hänn gebonnen.
Mir schwätzen och am Moment net vill vun dem Café hei vis-à-vis. Mä wann d'Wieder gëtt, da wandert d'Szen. Wann een an deem enge vill Kontrolle mécht, verzéie se sech op eng aner Plaz.
All Idee ass, wéi gesot, wëllkomm. Hand an Hand schaffen. Dir gitt gären informéiert, wann deen anere Projet elo start; an och mam Geschäftsverband a mat jiddwerengem. Fir Méiglechkeeten do opzemaachen.
Mä et ass net nëmmen dee Quartier, iwwert dee mer eis sollten Ideeën a Gedanke maachen. Et geet ëm ganz Esch. Wéi mer eis opstelle fir och méi Zukunftsvisiounen ze kréien. Ze kucken, wéi mer aner Leit heihinner kréien.
Am September kommen erëm 2.000 Studente bäi. Och do ass zum Beispill eng Uni gefrot, fir d'Leit net alleguerten an d'Stad ze schécken.
Kolleginnen a Kollegen, hei ass eng Motioun, déi muss ofgestëmmt ginn. Den Här Mischo nach."

Georges Mischo (CSV): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Ouni elo dem Vote wëlle virzegräifen, gesäit ee jo awer trotzdeem, dass net nëmme bei de Leit dobaussen awer och hei am Gemengerot d'Leit dat interesséiert an et och laang Diskussioune gëtt. An dat fanne mir och als CSV gutt.
Ech mengen, wa mir wëlle Commeçanten ulackelen, nei Commerçanten, da kënne mer déi net einfach an e Chantier ulackelen. Oder just, wa se hir Saachen opgemaach hunn, e Chantier oprappen. Et ass virun allem och d'Onsécherheet vun de Leit an der Strooss, ob dat elo Restaurateuren oder Leit, déi do wunnen, sinn, déi primordial ass. Déi wëllen en Timing, genau wéi den Här Knaff och gesot huet. Wéi laang dauert et?
Déi aktuell Restaurateure kënnen och an engem Chantier schwéier iwwerliewen. An ech mengen, déi Saach vum Knascht: den Här Kersch huet recht, et ass keng Ausnahm. Mä wann ee wierklech eng Strooss wéi d'Brillstrooss wëll an d'Vitrine stellen, ass et natierlech eng Katastroph, wann do permanent Déchête stinn, ob dat elo Pabeier, Glas oder Couchë sinn. Déi Couche steet zum Beispill virun engem eidele Lokal; da wäert wahrscheinlech kee sech dofir interesséieren.
Op där éischter Foto, wou déi Couche drop ass, ass och esou e schwaarze Fouss vun engem Schëld. Dee steet wahrscheinlech do, well do eng Schrauw eraussteet am Buedem. Dat heescht, dee steet scho Wochen a Méint do; dee steet scho jorelaang do.
D'Madame Freis huet gesot, et ass vill geschwat ginn. Mä mir wëlle mat dëser Motioun Entscheedungen. Mir wëllen, dass et viru geet.
Vun der AMCO hunn ech net gesot, dass se kriminell sinn. Mä ech mengen, et muss een trotzdeem d'Onsécherheet vun den Awunner verstoen. Wa fënnef Leit vun där Gruppéierung a Syrien waren... Do war jo och e Lëtzebuerger dobäi. Ech mengen, dat ass kee Geheimnis, dat ass e Fakt. Dat war an de Medie present.
Mir wëlle mat dëser Motioun eben net, dass et esou geet, wéi d'Madame Freis gesot huet, wou de Monopol zéng Joer vegetéiert huet. Mir wëllen dass et viru geet an eiser Brillstrooss.
Et soll e Projet natierlech gi vun der Gemeng, a mat der Police zesummen. Mir wëllen net bastelen. Mir wëllen Decisiounen a mir wëllen och Visiounen, wéi den Här Knaff se och fuerdert.
Dann zum Här Kersch, wann hien dat seet iwwert déi Kommentaren op de sozialen Netzwierker: do hunn och zwee Gemengeréit, d'Madame Freis an den Här Codello, mat diskutéiert. Ech mengen, bei deene Kommentare muss een ëmmer liesen an och ofweien, wat seriö ass a wat net seriö ass.
Ech mengen, d'Madame Freis genau wéi den Här Codello hu jo och do hir Meenung präisginn, wat ganz okay war. An do ware weder polimiséierend Saachen dobäi nach iergendeppes anescht. Déi Kommentaren an de sozialen Netzwierker muss een trotzdeem awer mol duerchliesen, ouni dat elo ze vill op eng Wo ze leeën.
Dir hutt vun der Liewensqualitéit geschwat. Ech mengen, et muss een awer eng Kéier mat de Leit schwätzen. Mir hunn als CSV 2013 net e Projet an d'Liewe geruff, „Réaménagement rue du Brill". Et ass elo fir d'drëtte Kéier, wou se soll frësch gemaach
ginn. Wéi den Här Knaff och gesot huet, an zwee Joer sollt et fäerdeg sinn. Ausser kosmeteschen Ännerungen ass net vill komm. A mir mengen als CSV, dass och eng méi sozial Politik och net nëmmen en Allheilmëttel ka sinn, fir d'Brillstrooss an de Quartier Brill zu neiem Liewen ze erwächen.
Et ass net nëmmen d'Brillstrooss, Dir hutt recht, Här Kersch, wou esou Knascht virun der Dier steet. Mä et ass awer grujeleg, a mir zéie bestëmmt keng Leit vu baussen un, wann déi eng Kéier esou an d'Brillstrooss kommen an dat dote gesinn.

Georges Mischo (CSV) *dit que son parti se réjouit du fait que le sujet suscite tant l'intérêt du conseil communal et donne lieu à des discussions. Il revient sur la thématique de la remise en état de la rue, et explique que tant pour les habitants que pour les commerçants, il importe de les informer sur la durée du chantier.*
En ce qui concerne la problématique des déchets, il faut trouver une solution si la rue est censée faire office de vitrine dans le futur. Le conseiller précise qu'il faut comprendre le sentiment d'insécurité des gens. Avec cette motion, le CSV voudrait faire avancer les choses et provoquer des décisions.
Il conclue que le projet est censé être un projet de la commune ensemble avec la police.
Monsieur Mischo relève encore le fait que Madame Freis et Monsieur Codello ont également participé aux discussions sur les média sociaux et que leur intervention fut tout à fait correcte. Il souligne qu'il y a lieu de surveiller les commentaires y propagés sans pour autant leur réserver une attention trop importante. Il plaint le fait que seules des adaptations cosmétiques aient été apportées, sans que les problèmes du Brill aient été abordés concrètement. Il estime que plus de politique sociale ne constitue pas le remède universel pour voir la rue et le quartier du Brill vivre une renaissance, vu leur état pitoyable. Il rejoint notamment Monsieur Kersch dans sa revendication de faire appel aux services de la Santé et à d'autres institutions en vue d'un examen de la situation dans certains locaux, spécifiquement en ce qui concerne la sécurité. Son parti, le CSV, souhaite que la rue du Brill devienne un vrai fleuron et que, pour cette raison, le chantier que constitue le quartier entier soit accéléré et qu'en 2022 la rue du Brill ne soit plus le trou noir qu'elle est aujourd'hui.

An ech kommen och nach eng Kéier op d'Bemierkung vum Här Knaff zeréck, wou e seet, dass mer musse Kontakt huele mat der Santé, mat aneren Institutiounen.
Och an där Shisha-Bar. Ech kennen déi Leit net, ech hunn näischt géint se. Mä wann ech do era kucken: et ass genau, wéi d'Madame Freis gesot huet, et muss ee sech awer Froe stellen, wat an deem Lokal ofleeft? Net nëmme vun der Clientèle hier, mä och, wéi ech virdru gesot hunn, mat der Sécherheet. Wann an engem Raum gefëmmt gëtt, an do iergendwéi Saache kënne sech entzünden, ass dat jo awer bestëmmt net selon les règles de l'art.
Mir wëllen eben, dass déi Brillstrooss en Aushängeschéld gëtt a mir sinn als CSV och der Meenung, dass de Quartier Brill an d'Brillstrooss no vir gedriwwe solle ginn.
Mir wëllen eben Entscheedungen, mir wëllen Decisiounen, dass et net ze laang dauert an dass 2022 déi Brillstrooss floréiert an net sou e schwaarze Fleck hei zu Esch ass, wéi et am Moment awer trotzdeem ass. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Mischo. Ech wéilt just dovir warnen, datt mer op d'Ausgesinn oder d'Behuelen oder esou vu Leit, déi am Fong geholl an engem private Raum sinn, aginn. Ech wéilt do wierklech soen, mir musse ganz gutt oppassen, wéi mer virginn a wat fir Aussoe gemaach ginn.
Nach eemol, mir wäerten déi Konventioun déi nächste Kéier am Gemengerot hunn. Ech wëll awer och trotzdeem drop opmierksam maachen, datt fënnef Projeten iwwert dee ganze Kanal an d'Infrastrukturen an esou weider fir d'Brillstrooss elo entwéckelt gëtt, dass dat säi Präis huet. An dann hoffen ech, datt jiddwereen deen hei och stëmmt, fir datt mer dat an d'Rei kréien.
Dir hutt héieren, et ass 106 Joer näischt passéiert. An déi Projete gi selbstverständlech, wéi ëmmer, virdrun och virgestallt. Ech hoffen, datt dat dann och passéiert. Mä et geet nëmme gemeinsam mat de Leit, d'Aarbechten a parallell dozou d'Entwécklung vun dem Quartier.
Här Generalsekretär, da stëmme mer elo d'Motioun of. Au vote."

(Vote)

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil communal adopte à l'unanimité les perspectives de réaménagement du quartier Brill et de la rue du Brill.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerten."

Pierre-Marc Knaff (DP): „Ee Moment, ech géif meng Abstentioun gär begrënnen."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Här Knaff, Dir hutt d'Wuert."

Pierre-Marc Knaff (DP): „Wéi gesot, ech wollt meng Abstentioun begrënnen. Ech konnt net alles stëmmen, wat do steet. Do si Saache mat Tapage nocturne, do misste Kontrolle gemaach ginn. Wa mer do gären eng Rive du Brill oder wéi och ëmmer maachen, dat ass net onbedéngt awer kompatibel mat der Absence vun Tapage nocturne. Also ech mengen, do misst ee sech jo schonn decidéieren. Sou wéi ech mengen, datt an der Rive du Brill och net Plaz ass fir e Gebiedsraum, egal vu wéi enger Konfessioun.
Justement mengen ech wär dat nëmmen ze realiséiere mat e bësselche Kaméidi. Ech hätt awer zum Beispill deen Alinéa „à présenter dans un délai raisonnable" gestëmmt, oder souguer vläicht „un projet global pour la rue en question et le quartier Brill". Mä vu datt och Saachen dra stinn, déi ech net konnt stëmmen, hunn ech mech enthalen."

8. Conventions
8.1. Urban Art ESCH 2016: convention; décision
8.2. SONIC VISIONS Festival: convention; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Kolleginnen a Kollegen, mir kommen zu engem weidere flotte Projet fir Esch, den „Urban Art Esch 2016", wou mer eng Konventioun zwëschen der Gemeng, der Kulturfabrik, der Asbl Art Square Luxembourg an och dem Lycée Bel-Val ofstëmme wäerten. Do war d'lescht Woch eng grouss Konferenz hei an der Gemeng gewiescht, wou wierklech Künstler aus dem Ausland opgetruede sinn a gewisen hunn, wat an deenen eenzelne Stied esou Projete bewierkt

Vera Spautz (LSAP) *met en garde de ne pas juger les personnes suivant leur physique ou leur comportement et de ne pas se laisser aller à des propos déplacés. Elle rappelle que cinq projets sont en train d'être développés pour la rue du Brill et que ces projets coûteront leur prix. Elle espère que tout un chacun votera le budget le moment venu et que le développement du quartier se fasse ensemble avec les habitants.*

(Vote)

Pierre-Marc Knaff (DP) *entend motiver son abstention au vote par le fait qu'il ne lui est pas possible d'acquiescer avec le projet dans sa globalité. Il estime qu'il y a lieu de faire des contrôles pour mieux cerner la problématique du tapage nocturne et que le développement d'une « Rive du Brill » ou l'implantation d'une salle de prière seraient de toute façon incompatibles avec une absence totale de chahut.*

Vera Spautz (LSAP) *introduit dans un autre projet pour Esch qui s'appelle Urban Art Esch 2016 et pour lequel il faudra voter une convention entre la commune, la « Kulturfabrik », l'asbl Art Square Luxembourg et le Lycée Bel-Val. Lors d'une conférence à la commune, des artistes étrangers ont présenté des projets d'embellissement de villes, objectif que s'est également fixé la Ville d'Esch. Le quartier Brill sera ainsi lieu d'un Open Air Festival le 9 juillet, date à laquelle aura également lieu le Gaymat.*
Les artistes qui auront participé à des ateliers dans les lycées, à la Kufa ou autres, y démontreront leur savoir-faire, un projet unique au Luxembourg. Elle cite quelques exemples d'œuvres réalisées par les artistes qui y participeront et renseigne que l'expérience a démontré que les endroits où les graffiti sont considérés comme œuvres d'art dans l'espace publique sont évités par les tagueurs qui ne s'intéressent qu'à la seule défiguration des lieux. Elle conclut qu'il s'agit d'un projet important qui mérite l'approbation du conseil communal et qui est prévu d'être reconduit l'année suivante.

hunn a wéi schéin déi kënne sinn. An och wéi déi eng Stad insgesamt kënne verschéineren a gro Plazen och méi fuerweg maachen.
Eis läit ganz vill dodrunner, datt mer och dat ënnerhuelen, fir eng Stad ze verschéineren. An da komme mer do eigentlech och schonn erëm an de Quartier Brill, wou den 9. Juli e grousse Festival wäert sinn, Festival Open Air. Dat ass och deen Dag, wou de Gaymat ass.
Mëttes um véier wäert et starten, wou déi Künstler no deene ville Workshoppen, déi elo iwwerall wäerte stattfannen – an de Lycéeën, an der Kufa an esou weider – hiert Kënne weise wäerten. En eenzegartege Projet am Moment fir Lëtzebuerg.
Dir hutt awer schonn e puer Saache gesinn, déi gemaach gi sinn. Wéi ënner anerem d'Bréck fir op Oth, respektiv de Kiosk op der Plaz vun der Äispist do uewen. A wann Der zu Villerupt waart an der Vergaangenheet, da gesitt Der op enger Hausfassad e risegrousse flotte Projet, dee realiséiert ginn ass. Mat deene Künstler wäert och hei zu Esch zesummegeschafft ginn.
D'Erfahrung weist, datt wa Graffiti och als Konscht fir den ëffentleche Raum gemaach gëtt, keng anerer wäerten do drop mat Spraydouse sprutze goen an dat veronstalten. An dofir si mer der Meenung, datt dëse wierklech wäertvollen a wichtege Projet den Accord och soll fannen hei vum Gemengerot. Mir fänken dëst Joer un domadder. Mir gesinn natierlech d'nächst Joer awer och Aktivitéite vir an deem Beräich. An déi wäerten dann och virgestallt ginn.
Ech ginn dem Här Jugendschäffen nach d'Wuert."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Et geet ëm eng ganz wichteg Konventioun, wéi Der gesot hutt, déi och net negligeabel ass. Mir investéiere ronn 69.500 Euro als Stad Esch, als gréisste Geldgeber, an dee Projet. Fir déi ganz interessant Konferenz d'lescht Woch – wou Urban Art virgestallt gouf – ware Riedner aus Ägypten hei, aus Italien an aus Polen. Wou gewise ginn ass, wéi een aus och fréieren industrielle groe Stied mat esou flotte participative Projeten een eng Stad vill méi flott ka maachen.
Mä et ass net nëmmen eng Stad méi flott maachen, et ass och en Inklusiounsprojet, well en awer och d'Gesellschaft u sech méi no zesumme bréngt. Mir sinn am Ufank dovunner. A mir bieden Iech, där doter Konventioun zouzestëmmen, wou mer, wéi gesot, gréisste Partner sinn. Dat, well mer eigentlech och herno net nëmmen architektonesch an urbanistesch dee gréissten Notznéisser sinn, mä well einfach eis Stad herno och en anert Bild vu sech gëtt. An dat ass och alles am Hannerkapp mat 2022 natierlech ze verbannen, obwuel dat doten onofhängeg dovunner soll gemaach ginn.
Gitt Iech déi flott Projeten ukucken. Dat Ganzt muss net nëmmen op Fassade sinn. Et kann ee sech och virstellen, wann eng Gemeng zum Beispill en ale Bus huet, deen ze verschrotten ass, do mat de Jugendlechen e Graffiti-Projet ze maachen.
Ech bieden Iech also, deenen innovativen Saachen an där Konventioun zouzestëmmen. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Ech gesinn den Här Kersch, ech gesinn den Här Maroldt. Här Kersch, w.e.gl."

Guy Kersch (déi Lénk): „Ech wëll just een Aspekt ënnersträichen, dee beim Urban Art och ganz wichteg ass. Mir kréie mat dësem Projet elo net nëmmen duerch international an och lëtzebuergesch Kënschtler méi Fuerwen a méi Dynamik an eis dacks sou groer monotoner Stad eran. Et ass nämlech méi, wéi nëmmen e Konschtprojet. Et ass och e pädagogesche Projet. Et ass e Projet fir eng ganz Rei Lycéesschüler, net nëmme Lycéeë vun Esch, mä och aus dem ganze Süden.
De Projet gëtt enger ganzer Rei Schüler a Schülerinnen d'Méiglechkeet, fir sech auszedrécken. Besonnesch och Schüler, déi riskéieren, d'Schoul ofzebriechen, dat duerch d'Wiel vun der Escher Geschicht als Thema, deen déi Jonk sensibiliséiert fir eisen historesche Patrimoine. Se léieren d'Entwécklung an d'Bedeitung vun der Stolindustrie kennen.
An och déi wichteg Roll, déi d'Stad Esch an d'ganz Minetteregioun an eiser wirtschaftlecher a sozialer Geschicht gespillt hunn. Et ass jo haut aneschters wéi nach virun 30 oder 50 Joer fir déi Jonk. Et ass net méi esou, datt hir Pappen all op der Schmelz schaffen oder si selwer souguer herno. Si kommen och haut an der Majoritéit aus Portugal, vum Cap-Vert, aus Ex-Jugoslawien. Si hunn et dofir net méi esou einfach, fir sech mat hirer Stad a mat hirer Regioun ze identifizéieren.
Am Projet kënnen déi Jonk recherchéieren an iwwerleeën a se ginn da selwer aktiv, andeems se hir perséinlech Interpretatioun vun der Escher Geschicht a vun der Stolindustrie kënschtleresch ausschaffen. An dobäi kënne se och hir artistesch Talenter entdecken. Sou kënne se sech erëm motivéieren an nei Perspektiven an hirem Liewen opmaachen.

Dan Codello (LSAP) *informe que la commune est le principal financier de ce projet avec 69.500 euros. La conférence, lors de laquelle Urban Art fut présenté, avait rassemblé des orateurs venus d'Égypte, d'Italie et de Pologne qui témoignaient comment même des localités grises au passé industriel peuvent se transformer pour devenir plus gaies moyennant un tel projet participatif. Signalant le fait que la ville d'Esch sera le majeur bénéficiaire du point de vue architectonique et urbanistique, il précise encore qu'un lien pourra être fait avec 2022 (capitale européenne de la culture) et que les œuvres graffiti ne doivent pas nécessairement se limiter aux seules façades.*

Guy Kersch (déi Lénk) *précise qu'il s'agit non seulement d'un projet artistique, mais également d'un projet pédagogique pour toute une série d'élèves de lycées du sud, qui se verront offrir l'opportunité de s'exprimer ; des élèves surtout qui risquent d'abandonner leurs études et qui seront sensibilisés par le sujet qu'est celui du patrimoine historique et industriel de la ville d'Esch. Tout en découvrant le développement et l'importance de l'industrie sidérurgique, ils pourront apprendre à s'identifier avec leur localité et avec leur région. Ils rechercheront, réfléchiront et s'activeront en élaborant de façon artistique leur interprétation personnelle de l'histoire d'Esch et de son industrie lourde.*
En ce faisant, ils découvriront leurs talents artistiques qui pourront les motiver et créer de nouvelles perspectives. La collaboration avec d'autres élèves, mais aussi avec des adultes, qui les encadrent et les accompagnent, favorisera une amélioration du climat scolaire et social. L'orateur rappelle qu'Urban Art a connu une première plus timide en 2014/2015 au Lycée Bel-Val, apportant déjà de belles expériences, qui motivaient plus particulièrement les élèves qui étaient souvent démobilisés à l'école. Ils ont recherché sur l'histoire d'Esch et de son industrie, réalisé des photos des usines et travaillé leurs œuvres. Aujourd'hui, ces œuvres sont exposées à la Kulturfabrik.

Duerch d'Zesummenaarbecht mat anere Schüler an och mat Erwuessenen, déi se betreien a begleeden, gëtt och dat schoulescht an dat soziaalt Klima verbessert. Urban Art huet jo 2014/15 scho kleng ugefaangen a mir hunn am Lycée Bel-Val schonn eng ganz flott Erfahrung domadder gemaach. Schüler, déi an der Schoul dacks flemmseg a retizent waren, sinn op eemol wierklech opgeblitt. Si hu voll motivéiert iwwert d'Escher Geschicht an d'Stolindustrie Recherchë gemaach. Si hu Schmelze fotograféiert a si hunn dann un hire Wierker geschafft.
Der kënnt se haut an der Kulturfabrik gesinn. Dat sinn déi grouss quadratesch Biller vun Héichiewen a vu Kamäiner op der Mauer vis-à-vis vum Restaurant K116. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Kersch. Den Här Maroldt nach."

François Maroldt (CSV): „Ech fannen et u sech och e ganz flotte Projet. Et ass e Projet vun enger gréisser Envergure, besonnesch wann een op de Montant kuckt, deen do ass. Do ass bestëmmt deen een oder anere kulturorientéierte Veräin hei zu Esch, deen e bësse jalous ka ginn. Mä et ass jo ganz kloer, wéi de Budget opgestallt ginn ass: also du hues eng Enveloppe budgétaire, déi fir d'Kultur reservéiert ass. A wéi Dir déi elo opdeelt, dat ass eben esou, wéi dat geet. Mä ech fannen dat soll eis net oflänke vun der Tatsaach, dass et e ganz, ganz flotte Projet ass.
Firwat gefält e mer esou gutt? Well Schoule ganz enk mat agebonne sinn. Et ass also e Projet scolaire indirecte, quitte dass jo elo d'Kulturfabrik an och d'Gemeng déi dreiwend Kräfte sinn. A wann ee gesäit, deen Accord budgétaire vun de Schoulen ass jo bescheiden. Mä dat soll awer trotzdeem net minimiséiert ginn.
Ech mengen, wat eis jo awer haaptsächlech interesséiert, dat ass den Impakt, deen et op déi jugendlech Communautéit hei zu Esch huet.
Et ass e flotte Projet, well en och – ech hunn ëmmer e bësse Schwieregkeete mat deem Wuert „nohalteg", well dat eng Zäit ze vill abuséiert ginn ass – en nohaltege Projet ass an deem Sënn, dass et net iwwert ee Weekend un an aus ass. Et ass e méi laangootmege Projet, wou Viraarbechte geleescht ginn an dann, wéi gesot, dat cumuléiert dann herno zum Schluss, wou déi Projete virgestallt ginn. Also ech fannen u sech ass et, wéi gesot, ganz, ganz flott.
Et ass e villsäitege Projet, well verschidden Aspekter dra sinn; et ass net nëmme Fassade bemolen oder dekoréieren. Et sinn och nach ganz aner Aktivitéiten, déi do mat optauchen. Dir hutt elo vun engem Bus geschwat. Also ech hu jo och do schonn ëmmer eise Busschäffen, déi am TICE dra sinn, gesot, ech fannen déi klassesch Faarf vun de Bussen ganz flott. Der hutt jo e puer sou Retrobusse bruecht, déi fannen ech och wierklech ganz flott, well se e bëssen d'Identitéit vun Esch domadder associéieren. Well wann s de iergendeng aner Faarf hëls vun engem Bus, da weess de net, dass dat onbedéngt en Escher Bus ass.
Mä et ass awer trotzdeem flott, wann de e Schoulbus hues, well d'Kanner fuere jo awer ganz gäre mat deenen, wou se iergendwéi mat participéiert hunn, fir dat ze dekoréieren. Also fannen ech dat wierklech e ganz, ganz flotte Projet.
Wat mer och dru gefält, dat ass, dass et e Projet modulaire ass. Sou hunn ech et wéinstens verstanen. Och déi Seminairen, déi mat dra kommen. Also et gëtt net nëmme gemoolt oder gepinselt oder gebastelt. Dat sinn och ganz interessant Aspekter.
Wat och flott ass – an dat ass e bëssen en vue vun där Kandidatur, déi mer de Moien en long et en large diskutéiert hunn –, dass mer och hei versichen, dorausser e Projet transfrontalier ze maachen. Dat heescht, dass mer och nach Nopeschgemengen hunn, souguer bis erop an den héijen Norden hei vum Land, wann ech Wolz gesinn. Also dat gefält mer ganz gutt, dass et net nëmme lokal ass, mä dass mer do versichen, och nach aner Gemenge mat an d'Boot eran ze kréien.
Ech sinn elo net dee gréissten Expert, mä ech gesinn awer, se hu sech vill Méi gemaach, fir och do Artisten a Moniteuren eran ze huelen, déi awer eng gewëssen Erfahrung an deem dote Sënn hunn. Also et ass e Projet, dee flott encadréiert ass an dofir sinn ech am Fong geholl – an och d'Kollegen aus der Fraktioun – gespaant op d'Resultat. A wat elo vläicht net lokal gebonnen ass, mä wann dee Bus duerch Esch fiert, dann hu mer jo wierklech do e flott Resultat, Madame, wou mer alleguerte kënnen drop stolz sinn.
An duerfir géif ech och soen, vu menger Fraktioun aus géife mer dann dee Projet do ënnerstëtzen."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „E grousse Merci dofir. Wéi et sou schéin an der Beschreiwung och ass iwwert de Festival „La ville la plus colorée du Luxembourg". Also ech mengen, dat wäert et herno sinn. An den 9. Juli, wéi gesot, reservéiert Iech dat, mëttes vu véier bis nuets zwielef wäerte mer richteg

François Maroldt (CSV) *pense que certaines associations culturelles pourraient être jalouses au vu du budget accordé à ce projet. Néanmoins il le considère comme étant particulièrement attrayant. Il apprécie surtout le fait que les écoles y sont étroitement impliquées et qu'il est conçu pour être durable avec un impact certain sur la communauté des jeunes à Esch-sur-Alzette.*
Il s'agit d'un projet qui présente de multiples facettes et ne se borne pas seulement à la décoration de façades. Il reprend l'idée du bus qui pourrait être décoré, tout en félicitant les responsables du TICE d'avoir recouru, pour certains véhicules, à la peinture d'antan, leur donnant ainsi un look retro qui les associe directement à Esch. Les enfants qui auraient la possibilité de participer eux-mêmes à la décoration d'un bus, éprouveraient beaucoup plus de plaisir à emprunter ce bus-là plutôt qu'un autre.
L'orateur salue en outre le caractère modulaire du projet qui comporte notamment aussi des séminaires et qui regroupe en son sein d'autres communes comme Wiltz dans le nord autant que des communes transfrontalières. Il se réjouit d'avance de voir le bus décoré circuler dans Esch et assure le collège échevinal du soutien de sa fraction.

Vera Spautz (LSAP) *renvoie à la description du festival sous le titre de « la ville la plus colorée du Luxembourg » et invite les conseillers à se réserver la date du 9 juillet pour découvrir la grande diversité du projet.*

staunen iwwert déi Ënnerschiddlechkeet, wou dee Projet do mat sech bréngt."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Am Brill-Quartier."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Am Brill-Quartier och. Am Brill-Quartier, well do wäert och geschafft ginn, awer net nëmmen am Brill-Quartier.
Solle mer nach direkt déi aner Konventioun, Sonic Vision, duerchhuelen an dann zesummen ofstëmmen. Jo. Den Här Tonnar, w.e.gl."

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Mir hu scho laang eng Zesummenaarbecht mat der Kufa an deem heiten Domän. An et geet drëm, dass mer aus Kontabilitéitsgrënn, wéi mer schonn am leschte Gemengerot dat haten, eng Konventioun maachen, dass dat e legale Charakter huet. Et geet hei drëm, dass mer der Rockhal 17.500 Euro fir dee flotte Sonic Vision-Evenement ginn. An ech géif lech bieden, dat ze stëmmen. Et ass fir ee Joer, et kann ëmmer verlängert ginn."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Kënne mer déi zwou Konventiounen zesumme stëmmen? Geet dat, Här Gemengesekretär? Au vote."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le conseil communal adopte à l'unanimité la convention pour l'Urban Art Esch 2016.

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil communal adopte à l'unanimité la convention pour le Sonic Visions Festival.

9. Questions de personnel
9.A. Modification du contrat d'engagement de la dame Inna Holovanova, éducatrice diplômée; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da kritt de Personalschäffen d'Wuert."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Mir hunn an der Séance publique just eng Personalfro. Dat ass eng Modifikatioun vun engem Kontrakt vun enger Éducatrice diplômée, déi hir Tâche vun 30/40 op 40/40 eropgesat kritt. Ech bieden lech, der Augmentatioun zouzestëmmen."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil communal décide à l'unanimité la modification du contrat d'engagement de Madame Inna Holovanova, éducatrice diplômée.

10. Transactions immobilières
10.1. Intégration d'une parcelle dans le domaine privé communal; décision
10.2. Acte de cession administratif; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da komme mer zum nächste Punkt. Do geet et ëm eng Parzell an der rue Renaudin. Et ass e bësselchen eng gelunge Geschicht, wou Leit hire Gaart hunn, an déi elo déi Parzell vun der Gemeng à titre gratuit oder fir en Euro symbolique zougeschwat kréien. Dat war net geännert ginn. Dat war ëmmer nach als Arbedsterrain deklaréiert. Dat ass elo heimadder geléist. Ech bieden ëm de Vote."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „An den Acte de cession. Ech hunn deen hei verpasst. Jo, déi zwou Saache beieneen. Au vote."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis –

***Jean Tonnar (LSAP)** présente une autre convention à conclure avec la Rockhal et ayant trait à l'évènement appelé Sonic Vision, domaine dans lequel existe une collaboration de longue durée. La convention a pour objectif de légaliser un financement de la part de la commune à hauteur de 17.500 euros pour l'organisation du Sonic Vision.*

(Votes)

***Dan Codello (LSAP)** soumet au vote une modification de la durée de travail d'une éducatrice diplômée qui va passer de 30 heures à 40 heures par semaine.*

(Vote)

***Vera Spautz (LSAP)** informe d'une parcelle dans la rue Renaudin qui sera cédée à titre gratuit ou à l'euro symbolique à la famille qui y exploite son jardin.*

(Vote)

L'acte de cession afférent.

(Vote)

M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil communal adopte à l'unanimité un acte de cession administratif.

11. Finances communales
11.1 Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier des exercices 2014 et 2015 (titre 7); décision
11.2. Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier de l'exercice 2015 (titre 8); décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dann de Relevé „Rôle supplétif". Ech bieden Iech, och deem zouzestëmmen. Au vote."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil communal accepte à l'unanimité le relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier des exercices 2014 et 2015 (titre 7).

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil communal accepte à l'unanimité le relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier de l'exercice 2015 (titre 8).

12. Subsides
12.1. Subsides ordinaires pour les associations à caractère social pour l'année 2015; décision
12.2. Subside extraordinaire pour l'ACAIE; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da komme mer zu de Subsiden. Eemol déi ordinär Subside fir eis sozial Organisatiounen hei zu Esch. An eemol de Subsid vum Geschäftsverband. Kënne mer dat och zesumme stëmmen? Okay, au vote."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil communal décide à l'unanimité l'attribution de subsides ordinaires pour les association à caractère social pour l'année 2015.

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil communal décide à l'unanimité l'attribution d'un subside extraordinaire en faveur de l'ACAIE.

13. Contrats de bail et avenants; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da géif ech Iech och virschloen, de Contrat-de-bailen an den Avenanten zouzestëmmen. Dir hutt se an Ärem Dossier, 1-7 sinn nei Kontrakter, 8-11 Avenanten. Au vote."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme

Le relevé du rôle supplétif.

(Vote)

Le subside ordinaire pour les organisations sociales d'Esch et pour l'association des commerçants.

(Vote)

Les contrats de bail et les avenants.

(Vote)

Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil communale approuve à l'unanimité les contrats de bail ainsi que les avenants.

14. Commissions consultatives; modifications; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zu de Gemengekommissiounen, wou ech da froen, ob mer dat alles och an engem Siess stëmmen. Eemol fir déi Lénk an den Affaires culturelles gëtt d'Madame Lentz vum Här Baum als Member effectif ersat. Dann den Här Frank Jost remplacéiert den Här Baum an der Finanzkommissioun.
A bei der LSAP ersetzt den Här Wohlfarth als Membre suppléant den Här Mahnen. An der Integratiounskommissioun den Här Bouquet den Här Hansen, an ëmgedréint, deen ee gëtt suppléant an deen aneren effektif. Am Espace vert ersetzt den Här Foltz den Här Stüren an an der Commission des sports den Här Wolff den Här Finzi.

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Le Conseil communal approuve à l'unanimité les modifications au sein des commissions consultatives.

Sou, bis ausgezielt gëtt, wéilt ech op dräi Evenementer nach hiweisen, op d'Nuit de la culture de 7. Mee hei zu Esch, wou jo och haut vill driwwer geschwat ginn ass.
Da wëll ech opmierksam maachen op en Evenement, deen e bëssen eemoleg ass, Liberté d'expression an Zesummenaarbecht mat der Kulturfabrik a mat der Gemeng. Dat wäert am Theater stattfannen, wou eben d'Journaliste vun „Charlie Hebdo" op eng Konferenz an eng Lecture an den Theater invitéiert hunn. Dat ass de 27. Abrëll um aacht Auer.
An ech wëll dodrop opmierksam maachen, datt wéint Sécherheetsmesuren, ouni datt awer elo Gefor besteet, d'Leit gefrot sinn, sech telefonesch unzemellen, wa se wëlle Plaze reservéieren. Also och e flotten Owend. Et wäert en présence si vum Här Patrick Pelloux an den Antonio Fischetti an de Gérald Dumont an de Frank Vandecasteele.
An dann natierlech op een Evenement haut den Owend um sechs Auer am ale, respektiv neien-ale Schluechthaus, wou de Kollektiv erëm eng Kéier ronderëm den Théid Johanns zougeschloen huet a 40 Leit wäerten ausstellen. Den Owend um sechs Auer ass de Vernissage. Kommt dohinner, et ass eng flott Saach. Fir de Rescht wënschen ech Iech alleguerten e gudden Appetit, e schéine Weekend a mir lafen eis iwwert de Wee iergendwou."

Vera Spautz (LSAP) *présente et soumet au vote certains changements au sein des commissions consultatives : Monsieur Baum remplacera Madame Lentz dans la commission des affaires culturelles pour déi Lénk, Monsieur Frank Jost remplace Monsieur Baum dans la commission des finances.*
Pour le LSAP, Monsieur Wohlfarth remplace Monsieur Mahnen comme membre suppléant, Monsieur Bouquet remplace Monsieur Hansen dans la commission de l'intégration et vice-versa, alors qu'ils changeront de membre suppléant à membre effectif et l'inverse. Monsieur Stüren sera remplacé par Monsieur Foltz dans les espaces verts et Monsieur Wolff prendra la relève de Monsieur Finzi au sein de la commission des sports.

(Vote)

Avant de clôturer la séance, la bourgmestre invite les conseillers à participer à diverses manifestations qui seront organisées dans les jours à venir, dont 'Liberté d'expression', en collaboration avec la Kulturfabrik, en présence de journalistes de Charlie Hebdo, ainsi qu'une exposition de 40 artistes du collectif autour de Théid Johanns.

ESCH

Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, den 13. Mee 2016

Conseillers présents : Biltgen Laurent; Bofferding Taina; Codello Daniel; Freis Astrid; Hansen Mike; Hildgen Annette; Hinterscheid Henri; Kersch Guy; Kox Martin; Majerus Luc; Maroldt Francis; Mischo Georges; Spautz Vera; Tonnar Jean; Weidig Paul; Wohlfarth Evry; Zwally Andre
Conseillers absents et excusés : Bernard Zénon; Knaff Pierre-Marc

Ordre du jour

Réunion à huis clos :
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision

Réunion publique
2. Information du public des décisions de personnel votées à huis clos

3. Correspondance

4. «Gestion de Quartier - Quartiersmanagement»
   - 4.a. Présentation du projet pour les quartiers Al Esch, Brill et Grenz ; information
   - 4.b. Convention avec Inter-Actions Asbl ; décision

5. Enseignement
   - 5.a. Présentation du projet « Schoul am Bësch » ; information
   - 5.b. Taxe scolaire relative à la scolarisation d'un enfant non-résident ; modification ; décision

6. Urbanisme
   - 6.a. Modification ponctuelle du PAG « Op der Haart » ; décision
   - 6.b. Cascade d'eau au parc Gaalgenbierg ; présentation

7. Circulation
   - 7.1. Rue de Belvaux ; modification du règlement de la circulation ; décision
   - 7.2. Rue du Canal ; modification du règlement de la circulation ; décision
   - 7.3. Ruelle du Château ; modification du règlement de la circulation ; décision
   - 7.4. Avenue de la Gare – rue Ferdinand Nothomb ; modification du règlement de la circulation ; décision
   - 7.5. Règlement-taxe concernant le stationnement payant; modification; décision
   - 7.6. Règlements de circulation temporaires ; confirmation

8. Conventions
   - 8.1. Convention pour la prise en charge de chambres pour étudiants Erasmus provenant des villes jumelées; décision
   - 8.2. Convention « Services Pour Jeunes » ; décision

9. Questions de personnel; décision
   - 9.1. Service des Sports: Création et suppression de postes; décision
   - 9.2. Régie des Services d'Approvisionnement: création et suppression de postes; décision

10. Transactions immobilières
   - 10.1. Acte de vente pour un appartement-duplex, avec cave et emplacement, dans la résidence Nonnewisen; décision
   - 10.2. Contrat de bail pour un appartement-duplex, avec cave et emplacement, dans la résidence Nonnewisen; décision

11. Finances communales
   - 11.1 Modification budgétaire pour le projet URBAN ART 2016; décision
   - 11.2. Modification budgétaire pour la candidature de la Ville comme Capitale Européenne de la Culture; décision
   - 11.3. Crédit spécial; décision

12. Contrats de bail et avenants

13. Subsides
   - 13.1. Subside extraordinaire pour le Colloque International «Questions sur l'avenir du travail de mémoire»; décision
   - 13.2. Subsides extraordinaires; décision

14. Commissions consultatives; modification; décision

2. Information du public des décisions de personnel votées à huis clos
/

3. Correspondance
/

4. «Gestion de Quartier - Quartiersmanagement»
4.a. Présentation du projet pour les quartiers Al Esch, Brill et Grenz ; information
4.b. Convention avec Inter-Actions Asbl ; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Gudde Moie Kolleginnen a Kollegen. Ier mer ufänke mat eiser Gemengerotssitzung, also op eis Punkte kommen, wollt ech eng Informatioun nach ginn iwwert eng Korrespondenz, déi och elo eréischt haut de Moien definitiv ginn ass. Ech wéilt Iech froen, Iech den Datum vum 3. Juni fir en technesche Gemengerot virzegesinn, um halwer néng.
Et geet ëm Folgendes: Dir wësst, datt mer als Schäfferot, als Gemeng e Bréif un d'Regierung geschriwwen haten, betreffend den Accueil fir Réfugiéen op dem Quai Neiduerf; datt mer géifen d'Bierger do ënnerstëtzen, datt keng 300 Leit sollten dohinner kommen. An datt mer och géife bieden, datt alleguerten déi Projeten, déi mer hei zu Esch hunn, considéréiert géife ginn. Sprëch de Foyer niewent dem Pitcher. Dir hutt selwer matkritt an der Press, wat elo an d'Maarthal kënnt, nämlech dee grousse Centre de tri. A plus eis spezifesch Situatioun, déi mer awer a ganz ville Projeten hei zu Esch hunn. Ech schwätze vun „Abrisud", vu „Stëmm vun der Strooss", eng geplangte Fixerstuff nach ëmmer, wou mer de Leit jo d'Carte d'itentité net froen, déi dohinner kommen. Also datt déi spezifesch Situatioun sollt berücksichtegt ginn.
D'Regierung huet iwwert dëse Bréif intensiv geschwat a gëtt eis recht. An zwar an déi Richtung hin, datt elo an der Woch eng Entrevue war, wou de Minister Kersch an ech bei den Interesseveräin vum Quai Neiduerf gaange sinn, fir och nach eng Kéier hir Doléancen alleguerten opzehuelen. An d'Regierung huet akzeptéiert, fir op d'Halschent erof ze goen.
Fir déi technesch Gemengerotssitzung kënnt de Vertrieder vun der Regierung, den Innenminister, deem ech wëll iwwert dëse Wee nach eng Kéier e risegrousse Merci soen, well hie geet wierklech an d'Attaque, hie geet mat bei d'Leit, hie geet mat um Terrain.
Ech mengen, dat hu mer och hei wierklech gesi gehat an de Sitzungen, obwuel déi ganz Regierung verantwortlech ass. Mir haten eng Reunioun, déi bal zwou Stonne gedauert huet an déi ganz flott war, mat engem Vertrieder vun der Biergerinitiativ a wou mer dann elo konkret op deen dote Wee gaange sinn.
Den 3. Juni wäert den Här Kersch heihinner kommen an dann hu mer d'Pläng och. Da gëtt fir d'éischt am Gemengerot iwwert dësen neien, iwwerschafftene Projet geschwat, mat enger eventueller klenger Unitéit niewendrun. Dat ass den zweete Wee, wou se och alleguerten d'accord waren.
Dir wësst, d'DPIen, wa se bis de Statut hunn, gi Wunnenge gesicht. Do ass et net esou, datt d'Gemengen am Land och do géife jäizen, fir Leit a Wunnengen ze huelen. Ech ginn nëmmen op d'Situatioun vun de Gemengewunnengen an, wou der och net vill sinn, déi jäizen, fir der ze kréien. A vu que datt souwisou op deem Quai Neiduerf e Projet geplangt war, e PAG, a ganz oft jo och vun de Leit do gesot ginn ass, dee Knaschteck sollt fort, gëtt eng Planung iwwert dat Ganzt gemaach. D'Detailer dann an der technescher Gemengerotssitzung.
De Regierungsrot beréit definitiv de Moien nach eng Kéier dodriwwer. Den Accord ass awer schonn do. Si wäerten haut de Moien offiziell och Stellungnahm dozou huelen. Dat als Informatioun.
Also haalt Iech fest: den 3. Juni, 8.30 Auer, technesche Gemengerot. Dono geet et weider dann erëm mat deene Verantwortleche vum Quartier. Awer fir d'éischt gëtt d'Diskussioun nach eng Kéier hei am Gemengerot gefouert.
Kolleginnen a Kollegen, dat heescht, mir hunn awer nach e bëssen Aarbecht virun der Summervakanz a fänke konkret haut domadder un, mat dem Punkt Quartiersmanagement, op dee mer an der leschter Gemengerotssitzung agaange waren. Wou mer jo ugekënnegt haten, datt e géif haut virgestallt ginn. De leschte Gemengerot hate mer jo eng Ufro gehat vun der CSV, wat am Quartier Brill passéiert, an der rue du Brill an esou weider? An do hat ech gesot, vläicht e bësse séier, datt dat haut sollt diskutéiert ginn am Gemengerot. Et ass net nëmmen dee Projet, de Quartiersmanagement. Mä Dir wäert och gesinn, et sinn och Schoulprojeten an eng Rei anerer, déi ganz konkret a ganz geziilt op de Brill ausgeriicht sinn. Dat fir mat de Bierger zesummen ze schaffen, fir d'Situatioun am Brill – an net nëmmen do – ze veränneren.
Dir hutt an Ären Ënnerlagen d'Beschreiwung vun de Responsabele vun Inter Actions Faubourg, mat deene mer dëse Projet elo wäerte starten. An dann och hannendrun direkt d'Konventioun, wou

Vera Spautz (LSAP) *ouvre la séance en annonçant une nouvelle très récente concernant l'aménagement de l'accueil de réfugiés au quai Neudorf. Elle rappelle que le collège échevinal avait écrit au Gouvernement pour soutenir les habitants du Neudorf dans leur action de ne pas accepter une structure accueillant jusqu'à 300 personnes, ce nombre étant trop important et pour rendre attentif à la situation spécifique d'Esch-sur-Alzette, avec le grand centre de tri dans le hall du marché, le foyer à la Grand-Rue, l'«Abrisud», la «Stëmm vun der Strooss» et le foyer pour toxicomanes. Elle se réjouit du fait que le Gouvernement ait accepté de réduire le nombre de moitié, ceci après une entrevue qui s'est tenue entre les représentants du groupement d'intérêts du Neudorf, du collège échevinal et le ministre de l'Intérieur Dan Kersch, qu'elle remercie par ailleurs de son engagement.*
Un nouveau PAG étant de toutes façons prévu pour le quai Neudorf, celui-ci sera adapté aux nouvelles données et les plans afférents seront soumis aux membres du conseil communal à l'occasion d'une réunion technique qui aura lieu le 3 juin en présence du ministre Kersch.
Vera Spautz *précise que la gestion du quartier Brill sera accompagnée notamment par des projets d'écoles et par d'autres qui seront ciblés sur ce quartier, afin de pouvoir y changer la situation en impliquant ses habitants. Ce projet sera entamé ensemble avec Inter-Actions Faubourg, toutes les idées émanant du conseil communal étant évidemment les bienvenues aussi. Le projet s'inspire d'un modèle de Bruxelles et vise à rassembler les personnes dans les quartiers défavorisés en vue de dépister les difficultés au niveau du logement, de l'intégration, de conditions de vie et de nombreux autres.*
La bourgmestre invoque que le quartier Brill est celui qui abrite le plus de résidents étrangers, de personnes à faible qualification et en situation précaire, à faible revenu et celles qui ont des problèmes linguistiques ou qui sont sans emploi. Il est prévu, pour ce projet, d'y adjoindre les organisations et structures déjà présentes sur le terrain, telles la Escher Kannervilla, la Maison des Jeunes, l'Eltereschoul ou Médecins du monde, toutes parfaitement impliquées dans la problématique du quartier. Les activités envisagées

am Detail och dra beschriwwen ass, wéi sech dat elo virgestallt gëtt. Awer do driwwer eraus all Iddien, déi och haut opkommen an an Zukunft opkommen, mat solle verschafft ginn.
Am Quartiersmanagement geet et drëms, fir Leit konkret zesummen ze bréngen. Zesummen ze brénge besonnesch a Quartieren, déi ee kéint als 'defavoriséiert', géif ech soen, bezeechnen. D'Idee kënnt vu Bréissel, wou schonn op enger ganzer Rei Plazen a Véirelen iwwer de Quartiersmanagement och Aarbechte passéieren.
Et geet drëms, Schwieregkeeten am Quartier ze detektéieren. Schwieregkeeten am Kader vu Logementsproblemer, vun Integratioun, vu Liewenskonditiounen an enger ganzer Rei anere Problematiken.
Dee Projet hei riicht sech ganz konkret un de Quartier Brill. En zitt sech natierlech och op d'Grenz eriwwer. Am Fong geholl dee Quartier, wou ee ka soen, dass déi meeschten auslännesch Matbierger wunnen – a bestëmmten Deeler bis iwwer 90% -, a wou déi meeschte Leit och schaffen, déi eng geréng Qualifikatioun hunn. Salariéen, déi Sproocheproblemer hunn, déi prekär Situatiounen hunn, am Chômage sinn, niddreg Revenuen, an esou weider.
Ech mengen, mer hunn oft genuch iwwert d'Problematiken do geschwat a sinn der Meenung, datt dat heiten déi richteg Approche ass, fir do elo virzegoen. Et ass awer esou, datt an deem ganze Projet natierlech soll mat deene besteeënden Organisatiounen a Strukturen, déi do schonn agesat sinn, enk zesumme geschafft ginn.
Dir kennt d'Aktivitéiten an déi vill Angeboter, déi am Haus vun de Bierger geleescht ginn. Mat Inter-Actions Faubourg, déi selwer um Boulevard J.F. Kennedy sëtzen a Kontakt och hu mat de Leit aus dem Quartier. Dat schonn eleng iwwert d'Escher Kannervilla an e puer Projeten, déi mir mat hinnen och schonn op aneren Niveauen gemaach hunn. Ech mengen, datt hinnen de Quartier an d'Doléancen ganz bekannt sinn.
Et soll natierlech zesumme geschafft ginn, ganz enk mat dem Jugendhaus. Och mat der Eltereschoul, déi ëm de Summer wäerten an dat neit Haus, d'Maison Stein, plënnere mat hirem Service PAMO.
An der Other-Strooss, wou d'Spidol am Moment nach de Laboratoire huet fir d'Analysen, hu mer jo zënter dem leschte Joer och d'Organisatioun „Médecins du monde" – déi sech iwwregens gëschter am Spidol op engem Informatiounsdag presentéiert huet –, a mat deenen ech geschwat hat. Si hunn e bësse gezielt, wat bei hinne lass ass, wéi eng Leit dohinner kommen. Dat kritt een elo mol ganz konkret mat, wéivill Leit keng Krankekeess hunn, keng Ënnerstëtzung hunn, déi dohinner kënne gratis bei den Dokter goen. Also wéi grouss d'Problematike sinn.
Wann ee bedenkt, datt esou een Iwwerschoss ass an de Krankekeesen, dann dierft dat dote jo séier ze regele sinn. Mä ech mengen. do muss um nationalen Niveau och emol eng Kéier ganz staark intervenéiert ginn, fir datt esou Leit och kënne gehollef kréien. An do si ganz engagéiert Leit, och Dokteren, déi sech do ëm d'Leit bekëmmeren.
Fir zréckzekommen hei op de Projet: wéi gesot, en ass en iwwergräifende Projet, e soll mat deene besteeënden Organisatiounen zesumme schaffen. Ech hu gesot, d'Jugendhaus. Ënner anerem och de Projet vun der Wunnengshëllef, dee sech elo do wäert installéieren. Si hunn d'Baugenehmegung kritt. A si wäerten och mat eis an enker Kollaboratioun zesumme schaffen.
D'Iwwerleeunge vun deem Projet kommen, wéi gesot, aus der Belsch, wou se 2000 am Fong geholl gestart hunn. An et geet drëms, datt d'Partneren, d'Leit aus dem Quartier, awer och d'Gemeng ganz enk do zesumme schaffen. Dat heescht, mir sinn do iwwerhaapt net aus der Verantwortung. An dat ass och richteg esou. Mir klammen do mat eran an déi ënnerschiddlech Projeten an Diskussiounen. Ech wëll och drun erënneren un déi Diskussiounen, déi jo och iwwert de Geschäftsverband lancéiert gi waren. An déi natierlech och wäerten an individuelle Gruppe mat erageholl ginn, a Workshoppen oder wéi eng Projeten oder Iwwerleeungen och ëmmer.
Wat wichteg ass, dat ass, datt déi Leit, déi do sinn an déi dohinner och elo schaffe kommen – iwwregens och hir Raimlechkeeten niewent der Kannervilla an engem Haus wäerten occupéieren, awer och am Haus vun de Bierger, dat ass jo e Kazesprong –, um Terrain d'Leit kenneléieren. An dat och ënnert den ënnerschiddlechste Forme wäerte maachen, sief et iwwer mol e Quartiersfest, Aarbechtsgruppen an eng ganz Rei aner Organisatiounen, Projeten, wéi Permanence-socialen, Angeboter fir Leit, déi nei an dee Quartier erakommen, fir Elteren, déi e Bëbee kréien, wou mer ganz fréi scho kënnen ufänken. An eventuell och aner Fester, wou Leit sech kënnen op engem onkomplizéierte Wee zesumme fannen, Soirée-d'informationen oder wat och ëmmer. D'Ufro ass, fir datt an deene Quartieren an Zukunft en Zesummeliew-

seraient des fêtes de quartier, des offres pour les nouveaux arrivants, des groupes de travail, des soirées d'information ou toute autre forme qui permettrait de rapprocher les gens et de réaliser des changements.
Il importera surtout de rester informés et d'informer, d'être présents et à l'écoute et de mettre à disposition les moyens financiers pour que les améliorations dans les quartiers défavorisés puissent être réalisées. La convention à signer avec Inter-Actions Faubourg permettra de débloquer les moyens nécessaires pour que les qualifications nécessaires puissent être engagées et commencer à travailler, sachant que des subsides seront sollicités notamment auprès du ministère de la Famille, de la Jeunesse, auprès de l'OLAI ou encore d'autres institutions susceptibles d'assumer leur responsabilité dans la problématique.
Madame Spautz précise qu'il s'agit d'un projet d'envergure qui représente un défi pour toutes les parties impliquées. Il démarrera dans les quartiers Al Esch, Brill et Grenz, là où le plus gros reste à faire, mais qu'il pourra être transposé sous une autre forme sur bien d'autres quartiers. Elle espère pouvoir sensibiliser également les propriétaires de maisons et de logements au propos pour arriver à un embellissement d'un quartier et à le rendre plus vivable, étant entendu qu'il ne s'agira pas uniquement de promouvoir un développement social, mais qu'il y aura lieu d'y associer le développement urbain. En outre, elle signale l'importance de l'intervention des responsables du «Haus vun de Bierger» dans le domaine de l'alphabétisation. Sur ce, elle clôture la présentation du projet et passe la parole à Madame Bofferding.

en an och eng Verännerung kënne méiglech gemaach gi mat de Leit zesummen.
Ech denken, wat wichteg ass, dat ass, datt e regelméissege Rapport gemaach gëtt, dee si och maache wäerten. Wichteg ass, datt mir heibanne regelméisseg iwwert déi Projeten informéieren an datt mer och présent sinn an Diskussiounen. Datt mer als Politiker, egal vu wéi enger Couleur, och ënnerstëtzen, nolauschteren – ech mengen, dat beweise mer als Escher och ëmmer –, fir datt mer endlech op deem Wee fir eng Verbesserung an deene méi defavoriséierte Quartieren ze kréien, och kënne Projeten ëmsetzen, déi dann natierlech och musse mat der entspriechender Zomm, deemno wat et ass, heibanne votéiert ginn.
Elo, wa mer d'Konventioun hei stëmmen – an ech ginn dovunner aus, datt mer dat alleguerte wäerten zesumme maachen –, kënnen déi Vertrieder an déi Leit, déi da kënnen agestallt ginn, ufänke mat schaffen. Op jidde Fall ass et esou, datt mir am Budget vun dësem Joer schonn 112.500 Euro virgesinn haten. An Dir gesitt fir 2017 an 2018 geet de Budget op ronn 103.000 Euro erof.
Parallell dozou ginn awer bei dem Ministère de la Famille oder bei der OLAI, d'Jeunesse oder op anere Plaze Gelder ugefrot. Et gi Gelder ugefrot, Subsiden ugefrot, deementspriechend wéi e Projet entwéckelt gëtt. Dat well mer awer der Meenung sinn, datt och do si hir Verantwortunge solle mat iwwerhuelen.
Ech mengen, datt dat heiten eng enorm Erausfuerderung ass. Natierlech fir d'Leit, déi um Terrain schaffen, fir Inter-Actions Faubourg selwer, awer och fir eis alleguerten. Et ass e Projet, deen elo ufänkt an engem Quartier, wou et absolut néideg ass, deen awer kann ausgeweit ginn ënner anere Formen och an anere Quartieren. Awer d'Iwwerleeung vun eis war déi, fir elo an dem Quartier Al Esch, Brill a Grenz – Dir gesitt et hei op de schéine Schiermer –, unzefänken. Do, wou am Moment wierklech ze schaffen ass. An ëmsou méi och, well e méi onspezifesch ass. Well déi Quartieren zum Deel en Transitquartier sinn, wou Leit ukommen. A wa se sech et kënne leeschten, an aner Quartiere plënneren. Mä wou eben och Leit hänke bleiwen, déi sech et net kënne leeschten. An da komme mer op Situatiounen zréck, wéi déi berühmte Cafészëmmeren, déi do ganz massiv sinn. Oder Gebailechkeeten, wéi mer déi leschte Kéier scho gesot haten, och vu private Proprietairen, déi net ënnerhale ginn oder déi zu esou horrente Präisser ugebuede gi fir d'Gemeng oder um private Maart, datt mer et schwéier hunn, do ze schaffen, se ze kafen – an datt se dann eidel stinn.
Mir hoffen, datt op jidde Fall och déi Leit sech ugesprach fillen, an déi Proprietairen, wou an deem Quartier sinn, fir datt mer mat hinne vläicht iwwert deen een oder anere Wee d'Méiglechkeet fannen, awer zesummen ze schaffen, fir de Quartier méi schéin a méi vivabel ze maachen.
An e wichtegen a leschte Punkt ass och deen, datt natierlech nieft deem Développement social, dee ganz aktiv hei mat bedeelegt ass, och en Développement urbain seng Berechtegung fënnt, fir am Quartier ze schaffen, mat ze diskutéieren, souwéi all Experten, déi mer brauchen an déi gewëllt sinn, mat ze schaffen.
Dëst zu der Beschreiwung vun dem Projet. An der Konventioun gesitt Der, ween d'Leit sinn, déi kënne mat an dem Concept d'action générale, respektiv an de Gremie mat schaffen. Et geet och iwwert eng Rei aner Projeten eraus, wéi zum Beispill mat der Brillschoul, wou den Här Tonnar wäert elo gläich en aneren, ganz flotte Projet virstellen.
Et geet och op de Wee, fir ze kucken a Richtung Écrivain public. A wa mer d'Rapporte maachen iwwert d'Leit an d'Projeten, déi am Haus vun de Bierger sinn, ech mengen dann ass dat heiten e ganz wichtegen. Well Dir wësst, wéi héich do all Dag oder all Joers d'Zuel ass vun de Leit, déi an d'ABC-Coursë ginn. Déi erwuesse Leit, déi an d'ABC-Coursë ginn, déi net schreiwen a liese kënnen an déi do och opgefaange gi vun dem Haus vun de Bierger an déi ganz wäertvoll Aarbecht do leeschten.
Dëst zur Virstellung vun dem Projet. Also et start. A bei éischten Informatiounen, Projeten, komme mer zréck an de Gemengerot an diskutéieren doriwwer.
Merci fir d'Nolauschteren an ech verdeelen d'Wuert. D'Madame Bofferding, den Här Kersch, d'Madame Freis, Här Majerus, Här Zwally, Här Mischo. Dann huet d'Madame Bofferding d'Wuert.

Taina Bofferding (LSAP): „Dat heiten ass wierklech en interessante Projet. Mir sinn iwwerzeegt, dass en och eppes brénge wäert. Esch zeechent sech duerch seng villfälteg Populatioun, déi vill Kulturen a mat deene verschiddenen Ecken aus. Dat erfuerdert vill Beméiungen an der Integratiounspolitik.
Geziilt Mesuren um Gemengenniveau si gefrot, well d'Integratioun fënnt am Sënn vum deeglechen Zesummeliewen an der Gemeng statt.
De Wunnquartier ass eng zentral Bedeitung fir e gelongenen Alldag vun de Leit.

Taina Bofferding (LSAP) *souligne le caractère multiculturel de la ville qui nécessite bon nombre d'efforts dans la politique d'intégration. Elle estime que des mesures ciblées sont nécessaires au niveau de la localité, alors que l'intégration se joue dans la vie commune de tous les jours, que les habitants d'un quartier développent un esprit de collectivité et que la cohésion sociale peut être renforcée par le sentiment d'être chez soi. Par conséquent, il importe d'activer durablement les citoyennes et les citoyens de créer des structures stables d'auto-organisation dans l'engagement citoyen.*
En d'autres mots, il y a lieu d'inciter les habitants à veiller eux-mêmes à l'amélioration de la situation dans leur quartier, en s'appuyant sur la méthode du travail social communautaire. Il importe de s'orienter aux besoins et aux intérêts des habitants d'Al Esch, du Brill et de la Grenz aux fins d'avoir un tableau précis. Ainsi, la fraction socialiste salue le fait que les citoyennes et les citoyens soient soutenus dans leur effort de s'activer en vue de rendre publics leurs besoins et leurs intérêts et de s'organiser eux-mêmes avec le but d'améliorer leur qualité de vie. De par le climat social, l'identité spatiale ou encore l'esprit démocratique, le travail communautaire contribuera également au développement urbain.

Wichteg dobäi ass, dass d'Leit aus dem Quartier e Gemeinschaftsgefill entwéckelen, fir dass och wierklech jidderee sech do doheem fillt an och d'sozial Kohäsioun gestäerkt ka ginn.
A genau hei setzt dëse Projet un. Fir eng Verbesserung vun der sozialer Integratioun an de Quartieren Al Esch, Brill a Grenz ass eng nohalteg Aktivéierung vun de Biergerinnen a Bierger wichteg, mam Zil, an dëse Staddeeler stabill Strukture vun der Selbstorganisatioun an dem biergerlechen Engagement opzebauen. Am Géigesaz zu deem, wat den Therm „Qualitéitsmanagement" vläicht vermute léisst, geet et hei manner ëm d'Infrastrukturen oder dem lokale Commerce. Hei sti wierklech d'Awunnerinnen an d'Awunner aus dem Wunnvéierel am Mëttelpunkt. Et geet drëms, Strategien ze entwéckelen, wéi eben d'Integratioun, d'Participatioun an d'noperschaftlecht Mateneen ze verbesseren.
D'Leit sollen dozou incitéiert ginn, selwer aktiv ze ginn, fir d'Situatioun an hirem Quartier ze verbesseren. Dobäi soll d'Method vum Travail social communautaire hëllefen. Dat ass e prozessorientéierten a participativen Aarbechtsprinzip vun der sozialer Aarbecht. En zäitlech a raimlech begrenztend Interventiounsinstrument. Fir e genauen Androck ze kréien, ass et wichteg, sech dobäi un d'Besoinen an den Interessi vun de Leit aus Al Esch, Brill an der Grenz ze orientéieren. Am Deskriptiv, dee mer kritt hunn, gëtt ganz vill Wäert op den Empowerment, also d'Selbstorganisatioun geluecht. D'sozialistesch Fraktioun begréisst deen Usaz, dass d'Biergerinnen an d'Bierger dobäi ënnerstëtzt ginn, selwer aktiv ze ginn, fir hir Bedierfnesser an Interêten ëffentlech ze maachen a fir hiert Uleies, also sech selwer ze organiséieren, mam But hir Liewensqualitéit domadder kënnen ze erhéijen.
Et geet also hei ëm d'Stäerkung vun immaterielle Facteuren, wéi eben dat soziaalt Klima, raimlech Identitéit oder Demokratieverständnis. Domadder dréit den Travail communautaire och zur Stadentwécklung bäi, wéi och grad schonn erkläert ginn ass.
Eng vun eisen Ufuerderunge geet selwer un d'Leit, déi de Projet begleeden. Wat eis ganz wichteg ass, ass d'Formatioun vun deene Leit. Fir ebe geschoult ze sinn, mat Leit aus dem Quartier ëmzegoen, e gewëssen Know-how ze hunn an och e gewëssene Feeling, wéi een d'Leit uschwätzt. Well mir wëlle jo schliesslech jidderee mat dësem Projet uschwätzen. Et ass eis och ganz wichteg, dass esouwuel Jonker wéi och manner Jonker, also dass all déi verschidde Generatiounen, déi an engem Quartier nun eemol zesumme liewen, och zesummen ugeschwat ginn.
Dofir begréisse mir och d'Konventioun mat Inter-Actions, well si hunn Erfahrung op dësem Gebitt. Si hu schonn un esou Projete geschafft. Mir gesi si och hei mat enger Intermédiaire-Fonctioun, sou als Bindeglied tëschent den Interessi an den Aktivitéite vun de Leit aus dem Quartier an de Ressourcë vun der Gemeng, mat hire Servicer an hire politesche Responsabelen. Interessant fanne mir och, dass Inter-Actions souwuel ziilgruppen- wéi och ressortiwwergräifend wëll schaffen. Dat ass fir eis e wichtegen Aspekt, genau wéi d'Ufuerderung, dass eben all d'Leit, all d'Generatioune mat dësem Projet ugeschwat ginn.
Stied, déi mat esou enger Method geschafft hunn, liwwere ganz interessant Beispiller. Zum Beispill zur Konfliktléisung tëschent sportsbegeeschterte Jonken, déi am Quartier skaten a roubedürfteg Awunner, déi – fir et elo mol sou ze nennen – sech duerch de Kaméidi ebe vun deene Jonke gestéiert gefillt hunn. Do ass zesummen no enger Solutioun gesicht ginn. An dat ass ebe flott, dass hei d'Leit, déi zwou Generatiounen, zesumme sech un een Dësch gesat hunn, zesumme mat der Organisatioun, fir eben ze kucken, wéi een do kann eng Léisung fannen. An d'Resultat war herno, dass déi Jonk an dësem Fall eng Skaterpist kritt hunn an engem Eck, wou se sech da konnten austoben, wou se hire Sport konnte maachen. A wou op där anerer Säit dann déi eeler Generatioun awer hir Rou fonnt huet, soudass am Endeffekt jiddereen op seng Käschte komm ass.
Dëst just als klengt Beispill, fir ze illustréieren, dass dat wierklech eng immens flott Method vun der Sozialaarbecht ass.
Ech wëll awer och nach drop hiweisen, dass an de leschte Jore vill an eis eenzel Quartieren investéiert ginn ass, besonnesch an de Brill. Niewent enger Rei vun anere Projeten, wéi d'Neigestaltung vun der Brillplaz, sprëch Place de la Résistance, der Neigestaltung och vum Brill-Viaduc. Ech denken och un d'Casa d'Italia an och un déi weider Strukturen, déi nach op dëser Plaz geplangt sinn.
Mat dësem Projet weist also de Schäfferot op en Neits, dass en de Quartier Brill net negligéiert, au contraire. Hei gëtt an d'Leit aus dem Quartier investéiert am Sënn vun Aktivéierung a Participatioun. Et gëtt eng Buttom-up, also eng Vun-ënnen-erop-Strategie viséiert. A genau dat fanne mir gutt. Dat ass fir eis als LSAP ganz wichteg. A mir hoffe wierklech, dass dat och déi stänneg Ufuerderung vun

Madame Bofferding souligne encore l'importance de la qualification et des capacités humaines des personnes sur le terrain dans le contact avec les habitants des quartiers, ainsi que celle d'éveiller l'intérêt de toutes les générations y présentes. Dans ce sens, elle salue la convention avec Inter-Actions Faubourg, qui dispose de l'expérience requise et qui est censée jouer un rôle d'intermédiaire, de lien entre les intérêts des habitants et les ressources de la commune avec ses services et ses responsables politiques. Elle informe encore des résultats encourageants – notamment dans le domaine de la gestion de conflits – dans les villes qui ont employé la même méthode de travail social.
L'oratrice rend attentif au fait qu'il a été beaucoup investi dans les quartiers les dernières années et plus particulièrement dans le quartier Brill et que le collège échevinal démontre de nouveau que ce quartier est loin d'être négligé, qu'il investit dans l'activation et la participation citoyenne. Elle termine son intervention en souhaitant aux intervenants un bon avancement dans le développement de leurs idées et en signalant le soutien de la part de sa fraction.

dësem Projet bleift. Well dat ass an eisen Aen eben den A an den O vun deem ganze Projet, deen, wéi gesot, mer ganz gären ënnerstëtzen.
An dann och de Leit, déi wäerten um Projet schaffen, eng glécklech Hand wënschen, dass se mat hiren Ideeë weiderkommen. A mir sinn och ganz gäre bereet, do matzehëllefen. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci, Madame Bofferding. Den Här Kersch an dono den Här Zwally."

Guy Kersch (déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschter. Mer hu jo schonn am leschte Gemengerot iwwert d'Opwäertung vum Brill-Quartier geschwat. D'CSV hat eng Motioun eraginn an déi war virun allem dorops aus, an der Brillstrooss emol déi marod Infrastrukturen am Buedem emol ze erneieren. Haut geet et éischter drëms – an d'Madame Bofferding huet et elo grad och schonn esou formuléiert –, fir an d'Mënschen ze investéieren. Déi zwou Saache si wichteg.
Ech denken awer, datt nach eng drëtt Saach misst dobäikommen. Aneschters wéi d'Beem, déi hiert Liewe laang op dërselwechter Plaz stinn, sinn d'Mënsche mobill; déi kënne plënneren. Dat kenne mer an Esch zënter éiweg, an et gëtt och nach eng Kéier ernimmt an der Analys vum Projet, dee mer elo diskutéieren. Zënter ville Jorzéngte wunne jo am Quartier Brill, awer och op der Grenz an an Al Esch vill méi Immigranten, wéi an den nördleche Quartiere vun Esch. Mer hunn och an de südleche Quartiere vill méi Leit mat enger méi niddreger Schoulbildung. Mer hu vill méi Aarbechter an Aarbechterinnen mat wéineg oder ouni berufflecher Qualifikatioun an och vill méi Leit mat engem bescheidenen Akommes oder en Akommes, wat am Fong ze kleng ass, fir iwwerhaapt kënnen dovunner ze liewen.
D'Leit gi jo net onbedéngt dohinner wunnen, wou et hinnen am beschte gefält, mä dohinner, wou si sech et leeschte kënnen. Am Quartier Brill stinn zum groussen Deel al oder ganz al Wunnengen an Haiser, mat ganz wéineg Confort. An et sinn der och vill dowéinst net vum Propriétaire bewunnt, mä verlount.
Am leschte Gemengerot gouf jo och staark kritiséiert, datt vill Propriétairë just de Loyer akasséieren an net genuch oder guer näischt maachen, fir hir al Immobilien astand ze halen. Et geet jo hei ëm d'Liewensqualitéit vu liewege Leit an dorënner och vu ganz ville Kanner.
Esouguer eise liberale Kolleg huet gefuerdert, dass d'Propriétairë mussen hir Verantwortung iwwerhuelen. An ech wëll dofir nach eng Kéier widderhuelen, well mer dozou jo e remarquabele Konsens hei am Gemengerot haten: D'Gemeng muss mat alle gesetzleche Moyenen dorobber hiwierken, dass d'Propriétairen hir Immeublen astand setzen oder, wa se dat net wëllen oder net kënnen, datt se verkafen, fir datt een aneren et ka renovéieren.
Et muss een dobäi awer och oppassen, datt et net zu enger Gentrificatioun kënnt, datt also déi méi aarm Populatioun komplett duerch eng méi räich verdrängt géif ginn. Dat ka geschéien, wann al Quartieren op eemol „in" oder „hipp" ginn. An da gëtt a groussem Stil investéiert a renovéiert. Herno ginn dann d'Loyeren an d'Verkaafspräisser vun de Wunnenge verduebelt oder verdräifacht, mam Resultat, datt déi Leit, déi soss ëmmer hei gewunnt hunn, sech dat net méi leeschte kënnen.
Dat wëlle mer also net. Also mir als Lénk wëllen dat jiddefalls net. Mä wat mer am Brill awer onbedéngt bräichten, dat ass eng vill méi équilibréiert Mëschung vun der Populatioun. Et ass net onbedéngt gutt, wann an engem Quartier bal nëmmen immigréiert Leit a méi aarm Leit mat enger méi niddreger Schoulbildung zesummeliewen. Dat huet en éischter negativen Afloss op d'allgemeng Gesondheet, op d'Zesummeliewen an op d'Konflikter an de Familljen. An och virun allem op d'Bildungschancë vun de Kanner. An dat sinn och genee déi Problemer, wou dëse Projet fir d'Cohésion sociale wëll positiv Verännerunge bewierken. Hei gëtt, wéi gesot, an d'Mënschen investéiert an en huet eng ähnlech Zilsetzung wéi d'Haus vun de Bierger. Déi zwee Träger hu sech och mateneen ofgeschwat an ausgetosch a si fannen, datt keen deem anere Konkurrenz mécht an datt se sech ganz gutt ergänzen.
Ech wëll nach kuerz e puer Remarquen zu deene geplangten Aktivitéite maachen. Déi éischt Aktivitéiten dréine sech ëm d'Zesummeliewen an d'Gesellegkeet am Quartier. An hei gëtt sech e Quartierscomité als Zil gesat. Dat ass absolut ze begréissen, well mer domat erëm eng Zort Interesseveräin géife kréien.
Iwwert d'Zesummeliewen am Quartier eraus erhoffe mer eis dovunner och méi e groussen Interessi a méi eng grouss Bedeelegung un der ëffentlecher Saach an natierlech och en Uspriechpartner fir d'Gemeng. Et soll ee beim Zesummeliewen am Quartier net vergiessen, d'Veräiner mat anzebannen. Och d'Jugendhaus, wat jo matzen am Zilgebitt vum Projet läit.Beim Punkt „Fester feieren" sollt een och d'Fête des Voisins dobäisetzen. Ech

Guy Kersch (déi Lénk) *rend attentif à la réalité que le quartier Brill, tout comme Al Esch et la Grenz, présente une population composée principalement d'immigrés, de personnes à faible qualification et à petit revenu. Il plaint le fait que les maisons et les logements ne disposent que de peu de confort, ce qui amène les propriétaires à ne pas y habiter eux-mêmes, mais à les louer et, surtout, à ne pas investir ne soit-ce qu'un minimum pour maintenir les immeubles dans un état tant soit peu acceptable et ainsi contribuer à un mieux-être des habitants.*
L'orateur rappelle qu'il y a eu unanimité au sein du conseil pour que la commune se serve de tous les moyens juridiques possibles pour amener les propriétaires à maintenir leurs immeubles en état ou de les vendre, pour le cas où ils seraient dans l'impossibilité de ce faire, afin que quelqu'un d'autre puisse les rénover. Il met en garde contre le risque d'une éventuelle gentrification, évolution que déi Lénk ne souhaiteraient absolument pas, mais plutôt une mixité plus équilibrée dans la population. Le fait que la majorité des habitants est composée d'immigrés, de personnes à faible qualification professionnelle et à très faible revenu engendre une influence négative sur la santé en général, sur la cohabitation, sur les conflits dans les familles et surtout sur les chances éducatives des enfants.
Quant aux activités prévues, Monsieur Kersch accueille favorablement l'idée de créer un comité de quartier qui pourrait devenir un genre de groupement d'intérêt avec comme objectifs une plus grande attention, une participation accrue dans la vie publique et un meilleur dialogue avec la commune. Il estime qu'il y aura lieu d'intégrer les associations et la Maison des jeunes dans les réflexions et dans l'action et propose d'ajouter la fête des voisins sur la liste des fêtes à organiser. En ce qui concerne la permanence sociale, il faudrait également faire participer les structures existantes et pour les primo-arrivants il serait éventuellement souhaitable de mettre à leur disposition un tuteur, une personne qui habiterait Esch depuis longtemps, qui parlerait leur langue et qui pourrait les accompagner pour les démarches administratives et les entretiens parents-enseignant, notamment. Les cours d'alphabétisa-

fannen et nämlech besser, wann d'Leit wéinst sech selwer zesummekommen amplaz wéinst engem reliéise Fest wéi Chrëschtdag, wat net onbedéngt alleguerten d'Awunner usprécht.
Déi zweet geplangten Aktivitéiten sinn déi vun der Permanence sociale. Och hei gëtt et scho Strukturen, mat deenen et gëllt, zesummen ze schaffen. Bei "Futurs parents" a "Service Baby+" denken ech natierlech direkt un d'Eltereschoul, déi jo och am Quartier Brill opgeet.
Fir d'Primo-Arrivanten, also déi Leit, déi ganz nei am Land sinn, kéint ee versichen, fir all neien Awunner een Tuteur zur Säit ze stellen. Dat wier eng Persoun, déi scho méi laang an Esch wunnt a wa méiglech och déiselwecht Sprooch schwätzt wéi de Primo-Arrivant an déi si bei administrativen Demarchë kéint begleeden a beroden an – och ganz wichteg –bei den Elteregespréicher an der Schoul.
Bei deenen zwou nächsten Aktivitéiten – Alphabetiséierungs- a Sproochecoursen an och Hausaufgabenhëllef – gëtt et eng ganz kloer Iwwerschneidung mat deem, wat d'Haus vun de Bierger mécht. Dat ass awer, wéi gesot, guer kee Problem, well d'Demande ass riseg. Grad eréi och d'Anzuchsgebitt vum Projet, dat iwwer 10.000 Awunner dierft ëmfaassen.
Voilà, dat waren e puer Ureegunge vun eiser Säit. Ech mengen, Dir hutt scho laang erausheieren, datt déi Lénk dëse Projet begréissen an natierlech och d'Konventioun mat Inter-Actions stëmme wäerten. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Villmools Merci, Här Kersch. Den Här Zwally, an duerno d'Madame Freis."

André Zwally (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech mengen, mir hunn d'Diskussioun scho méi laang hei gefouert gehat, wat de soziale Volet ubelaangt. A mer hu jo och ëmmer gesot als CSV, dass mer alles ënnerstëtzen, wann et op de Wee geet, fir déi sozial Kohäsioun ze assuréieren.
Wéi mir als CSV hei elo d'Motioun eraginn haten dee leschte Gemengerot, do war et esou, dass jo och aner Fraktiounen sech eescht Gedanke gemaach hunn iwwert d'Evolutioun. Mer kennen eis alleguerte jo awer, well mir si jo awer och véier Leit heibannen, déi méi oder manner aus deem Quartier kommen. Ech schwätzen do den Här Codello un, den Här Maroldt, d'Madame Freis. Mir véier sinn eigentlech do opgewuess a mer hunn eis eigentlech manner Gedanken doriwwer ze maachen, wéi am Quartier gehandelt gëtt oder net. Mä dat ass en Deel, wou mir awer kënne beweisen, dass trotz deene sozialen Ongläichheeten, déi ëmmer an de Raum gestallt ginn, haaptsächlech wann et ëm d'Defavorisatioun vum Brill geet, dass de Brill, d'Grenz an och en Deel vun der Gare dran ass.
Dofir hu mer eigentlech och gesot, dass Changementer komm sinn. Mir hunn dat gemierkt. An et ass och opgrond vun deem Changement, dee komm ass am Quartier, wou d'CSV déi Motioun hei eraginn huet.
De Lénke Spriecher huet elo gesot, datt et eng demographesch Ongläichheet géif ginn. Sengerzäit war dat ëmmer esou. Mir wossten, dass d'Buerestrooss gréisstendeels mat Immigranten aus Italien besat wier. Mir wossten, dass Deeler aus dem Prënzeréng komplett ënnert der Hand war vun deenen, déi deemools bei eis schaffe komm sinn. An dat schéngt haut net anescht ze sinn, well awer Deeler vun der Kanalstrooss an och weider d'Stalingradstrooss iwwerholl gi sinn vun anere Nationalitéiten. An duerfir menge mir, dass déi demographesch Zesummesetzung nach wie vor déiselwecht ass. Och wa se e bësse geklommen ass an de Prozenter par rapport zu deem, wat mir fréier ëmmer kannt hunn.
Dofir menge mer awer och, dass dat Zesummebrénge wichteg ass an dass et och wichteg fir eis ass, wéi et och hei am Text steet, dass ee versicht op Basis vun – ech soen elo mol – engem, dee Mediateur spillt am Fall, wou Konfliktsituatioune sinn, fir esou een ze engagéieren, fir dat ze maachen.
Ech hu mech awer verwonnert, well ech gesinn hunn, dass mer hei vun engem Quartiersmanagement schwätzen an och gesot ginn ass, dass déi scho méi laang bestinn an anere Stied. Mir hunn eng Struktur hei opgestallt, déi au fur et à mesure ëmmer hei diskutéiert gëtt a mir stellen eis och d'Fro – vu dass dat heiten eng zousätzlech Palette ass, déi mer elo ubidde fir komplementar ze sinn zu deem Ganzen –, ob een net eng Kéier sollt dohigoen, fir kloer ze weisen, wouhinner dass mer wëlle goen a wat mer an deem ganze soziale Volet wëlle maachen. D'CSV huet ëmmer gesot, dass mer dat dote wäerte mat ënnerstëtzen. Mä eis muss och heiansdo gesot ginn, bis wouhinner dass mer kënne goen. Dat net eleng aus reng soziale Grënn, mä och aus finanztechnesche Grënn. Ech mengen, och do hunn ech an der Finanzkommissioun gefrot gehat, fir eng Kéier alles, wat de soziale Volet ubelaangt, déi Konventiounen, déi mir hu mat aneren, mat Onofhängeger, kloer ze kréien. Also wat *tion et de langues, tout comme l'aide aux devoirs à domicile sont d'ores et déjà assurés par le «Haus vun de Bierger», mais absolument justifiés vu l'énorme demande et vu aussi le nombre de quelques 10.000 habitants qui seront concernés par le projet. Monsieur Kersch conclut en annonçant que déi Lénk saluent ce projet et qu'ils voteront la convention avec Inter-Actions Faubourg.*

André Zwally (CSV) *souligne que son parti a toujours voulu soutenir chaque initiative qui tendrait à assurer la cohésion sociale. Il fait remarquer qu'il est originaire du quartier – comme d'ailleurs aussi MM. Codello et Maroldt et Mme Freis –, que les quartiers ont toujours été des lieux de résidence de personnes défavorisées en grande partie et que la composition démographique a toujours été pareille, sauf que les nationalités peuvent avoir changé depuis lors. Il estime cependant qu'il serait judicieux d'engager une personne pouvant servir de médiateur pour le cas où des situations conflictuelles se présenteraient. En outre, il pose la question – alors qu'une nouvelle palette de services sera offerte – quant au financement et demande un aperçu transparent sur toutes les conventions conclues dans le domaine du volet social.*
Tout en appréciant le projet dans sa globalité, l'orateur précise que son parti CSV a revendiqué l'élaboration de PAP de quartiers et qu'il lui importe de garder une certaine mixité. Pour y arriver, il ne faudrait pas seulement soutenir la construction de logements subventionnés ou sociaux, mais également promouvoir une autre façon de construire. Ceci amènerait la mixité souhaitée, en attirant d'autres catégories socio-professionnelles dans les quartiers défavorisés. Monsieur Zwally trouve inadmissible qu'on doive parler de quartiers nord et de quartiers sud, de quartiers pauvres et de quartiers aisés et qu'on devrait pouvoir bouger entre ces quartiers sans avoir peur.

dee ganze finanzielle Volet eis dach awer ze stoe kënnt.
Wat elo dee finanziellen Deel ubelaangt, si mer jo an engem Préfinancement, wéi dat gesot ginn ass. Mir si bei 115.000 Euro fir 2016, déi am Budget virgesi sinn. An do schwätze mer jo vun 30/30/30 an 10%. Dat sinn déi 10%, déi zum Schluss kommen, da wann de Bilan gemaach gëtt d'nächst Joer. An da gëtt och decidéiert, ob dann déi Suen investéiert ginn oder net.
Also allgemeng menge mer, dass dee Projet, wat de Quartiersmanagement ubelaangt, gutt ass. Ech wëll awer drun erënneren, dass mer hei vun engem Deel „Software" schwätzen. Mä da gëtt et deen Deel „Hardware", dee mer ëmmer beschwat hunn. Et war ëmmer d'CSV, déi ëmmer gefuerdert huet, fir an där Iwwerleeung vun der Stadentwécklung och déi Quartiers-PAPen ze maachen, well mer eis jo och deem bewosst sinn. An ee vun deenen éischte Quartiers-PAPen hate mer eigentlech op der Grenz um Niveau vun der Renaudin-Strooss. Fir eis ass et och wichteg, dass mer an deem Developpement déi Mixitéit musse bewahren. A wann een op deen dote Wee geet a ganz kloer och wëll soen, dass mer net nëmmen hei subventionéierten oder soziale Wunnengsbau, mä och anere Wunnengsbau wëlle maachen, da komme mer eigentlech och op dee Wee, wou mer alleguerte gäre wëlle kommen: nämlech deen, dass déi Mixitéit och méi grouss gëtt an dass do nei Statuten, sozioprofessionell Statuten do erakommen. Dat, well dat och ee vun den Erausfuerderungen ass an och ee vun deene Situatiounen ass, déi eis deelweis Misär mécht innerhalb vu ganz Esch.
Et ka jo net sinn, dass mer hei schwätzen vu Norden a vu Süden. An do wunnen där Aarmer an déi, déi näischt hunn, an esou weider an esou fort. An an deem aneren Deel, do wunnen alleguerten déi, déi sech keng Gedanke brauchen dorëms ze maachen. An et ass och do, wou mer an den Diskussiounen oft Konfrontatioune gesinn am Deplacement vun deem enge Quartier an deen aneren. Dat dierf et bei eis net ginn. Mir dierfen do keng Angscht hunn, fir eis kënne vun deem engen op deen aneren ze beweegen.
An elo, Madame Buergermeeschter, hutt Der gesot, dass mer och um Niveau vun der Nationalpolitik musse kucken. Bien, Dir hutt och elo keng Krankekeess ugeschwat. Doriwwer eraus mengen ech, ass och unanime – och an der Chamber – d'Diskussioun komm iwwert d'Kannerpauvretéit, d'Kanneraarmut, déi jo awer zouhëlt hei am Land. An och do mengen ech solle mer um Kivif bleiwen, wann an der Chamber där Diskussioune lafen, wann Decisioune geholl ginn, wann Iwwerschoss ass an enger Krankekeess. Ech mengen, den Usaz soll och esou wäit goen, dass mir dat als Ursaach kënne benotzen, fir och kloer hei ze fuerderen, dass mir fir eis, fir eis Initiativen, déi mer huelen, fir dat, wat mer op der Grenz gemaach hunn, och finanziellen Zousproch ze kréien, da wann d'Keesen iwwerfëllt sinn.
Deem gesot, wier awer nach villes ze soen. Ech loossen awer meng Frënn a Kollegen vun der Fraktioun och nach e puer Wuert dozou soen. Ech mengen, mir si bereet, fir dat heite mat ze ënnerstëtzen. Mir wiere frou, wa mer eng Kéier déi Struktur Office social an doriwwer eraus alleguer déi Konventiounen géife virgestallt kréien. A mir sinn och frou, wa mer d'nächst Joer eigentlech de Bilan vun dëser Aktioun matgedeelt kréien. An deem Sënn, Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Zwally. D'Madame Freis. Dono den Här Mischo an zulescht den Här Majerus dann."

Astrid Freis (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech hu mat groussem Interesse déi dote Propositioun gelies an ech fanne se wierklech immens wichteg fir Esch. Ech si frou, dass esou eppes zustane soll kommen an hoffentlech kuerzer Zäit. Wéi et hei steet, misst dat jo vläicht scho fir September ulafen.
Do kommen och bestëmmt nach e ganze Koup Diskussiounen op. Ech wëll mech elo alt schonn am Numm vun de Geschäftsleit mat presentéieren, fir do un deem ronnen Dësch le cas échéant deelzehuelen.
Et si just e puer Saachen, wou ech wollt vermierken. Ech verstinn dat an ech ënnerstëtzen dat och, dass do – wéi meng Kollegin, d'Madame Bofferding grad gesot huet – d'Leit un éischter Stell stinn. D'Leit un éischter Stell, dat heescht d'Leit alleguer. Dat heescht a mengen Aen net nëmmen déi, déi do wunnen, mä och déi, déi do schaffen.
Elo net, dass ech ëmmer erëm wëll d'Geschäftsleit hei verteidegen. Natierlech ass dat en Deel vu menger Aarbecht. Mä un éischter Stell stinn och fir mech d'Habitanten, d'Bierger en général. An ech mengen, dat ass eng Saach, wou alleguerten d'Leit mussen agebonne ginn.
Op kee Fall wär et am Sënn, fir do d'Geschäftsleit ze ecartéieren. Well ech mengen, do ware mer jo e groussen Deel Urheber vun där ganzer Geschicht. Ech mengen, wéi de Kolleg vun der CSV déi Motioun eraginn huet, war dat jo am

Invoquant l'augmentation de la pauvreté enfantine également dans notre pays, l'orateur demande que les discussions au sein de la Chambre des Députés au sujet des excédents de la Caisse Nationale de Santé soient étroitement suivies, alors que la commune pourrait demander un soutien financier pour ses initiatives à la Grenz en sollicitant une partie desdits excédents.
Monsieur Zwally fait savoir que son parti va soutenir le projet, mais il réitère sa demande d'avoir une présentation sur l'Office Social et toutes les conventions, ainsi qu'une communication sur le bilan de l'action.

***Astrid Freis (LSAP)** considère le projet comme étant d'une importance capitale pour la Ville d'Esch et se propose d'ores et déjà de participer à la table ronde en tant que représentante de l'association des commerçants, des artisans et des industriels. Elle demande à ce que les commerçants ne soient pas écartés du projet, sachant que ceux-ci étaient à la base de la motion du CSV avec leur proposition de transformer la rue du Brill en «Rives de Clausen» d'Esch-sur-Alzette.*
Elle applaudit la nouvelle conception de la place de la Résistance et le fait que cette place a connu une renaissance. Maintenant, il s'agit d'aborder la problématique de la «rive» gauche, qui suscite beaucoup de discussions. À ce sujet, elle demande à l'échevin Hinterscheid des précisions quant aux travaux à la canalisation qui avaient été annoncés.

Fong op Basis vun där Idee, déi de Geschäftsverband hat; déi deelweis gutt, deelweis manner gutt ukomm ass.
Ech wëll nach eng Kéier hei vermierken – well elo e puer Honnert Leit mech scho gefrot hunn –, wat dee Rive de Clausen da soll ginn. Ech wëll nach eng Kéier soen, dass dat just eng Metaphor war. Et si vläicht Leit, déi domat e Problem hunn an dat net verstinn. Dat ass einfach geduecht gewiescht, fir en Usporn, also e bëssen en Ulass ze ginn, dass do eppes méi soll geschéien.
Ech mengen, ech sinn deen éischten, ee vu villen, dee begréisst, wat op der Brillplaz geschitt ass, respektiv op der Place de la Résistance, wéi d'Madame Bofferding och elo alles hei opgezielt huet. Domatter sinn ech 100%eg, 200%eg averstan. Wann ech an de Parking do ginn an ech gesinn déi vill Leit, déi sech do op där Place de la Résistance beweegen, also do ass Liewen, an dat ass wierklech genial. An esouguer d'Nörgeler soen elo, „oh, et ass awer flott ginn, et ass awer eng schéi Plaz ginn".
An elo hänkt et eben nach un deem lénksen Deel, wou mer eropkommen, wou mer esou vill Diskussiounen haten. A wa mer esou vill Diskussiounen hunn, ass et en Zeechen, dass vill Leit sech dorunner ebe stéieren, wéi et elo de Moment ausgesäit.
Ech hätt, fir unzefänken, just eng Fro un den Här Hinterscheid: Kommen elo do Aarbechten, déi Kanalsaarbechten, wou mer d'leschte Kéier geschwat hunn? Sinn déi elo um Programm? Oder sinn déi nach net um Programm? Dat ass déi éischt Saach, wou ech wollt froen.
Dann, de Kolleg Kersch huet gemengt, déi Primo-Arrivanten, déi kommen, sollen dann all een Tuteur kréien. Dat ass fir mech eng Utopie. Wou gi mer déi sichen? Ech weess net, mä mir hunn och net fir all lëtzebuergesch Famill en Tuteur. Déi musse sech och deelweis un d'Institutioune wennen. An dofir ass déi Idee jo hei vun der Institutioun, déi wierklech flott ass.
Ech hätt just nach eng Fro: wéi grouss wier dee Raum do, a wier deen da permanent besat? An ob do d'Leit alleguerte kënne kommen oder eben nëmmen déi méi defavoriséiert Leit?
Wéi den Här Zwally grad gesot huet, et sinn eng Partie Leit, déi heibanne sëtzen, déi effektiv aus deem Quartier kommen. Dat heescht net, dass se defavoriséiert à la base vläicht waren. Mir doheem hate mir zum Beispill, ausser aacht Kanner, keng vun deenen zwielef Saachen, déi do opgelëscht sinn: Fernseh, Computer, a sou virun. Douche an Toilette: mer haten en Eemer. Mir sinn awer alleguerte grouss ginn. Wat ech domadder wëll soen, dat ass, dass och déi Leit, déi vläicht defavoriséiert sinn, net onbedéngt mussen defavoriséiert bleiwen.
Ech ka mech gutt erënneren, dass meng Mamm oft op d'Gemeng gepilgert ass an do och deelweis Hëllef kritt huet. An et ass och an deem, wat mech och e bëssen hei motivéiert, dass mer hei sëtzen. Dofir sinn ech och iwwerzeegt vu menger Partei, vun deene Leit, déi hei sëtzen, déi eppes fir déi Escher Bierger wëlle maachen. An dat ass méi wéi jee dringend, zemools an deem Quartier.
Wat elo d'Integratioun ubelaangt, sinn ech och domat averstanen, dass deene Leit onbedéngt muss gehollef ginn.
Wat ech elo an där Struktur hei flott fannen, dat ass, dass eben do Leit sur place sinn. Mä et gëtt awer fir e groussen Deel och op de Bénévolat gezielt, op d'Implikatioun vun de Bierger, déi do sinn. Dat heescht déi Bierger, déi an deem Quartier sinn. Wa mer dat elo richteg hei liesen, sinn dat jo dann nëmmen 10% Lëtzebuerger oder Leit, déi scho méi laang an där Strooss wunnen. Also lokal Leit, fir elo keen Terme unzewennen, deen elo soll falsch verstan ginn. Dat ass jo elo siwe Mol hei opgedëscht, dass dat ganz vill Leit sinn, déi net vill hunn – wat och stëmmt –, an dass deene muss gehollef ginn. Dat ass méi wéi richteg.
Mä déi Integratioun, mengen ech, hänkt e groussen Deel eben of vun der Implikatioun vun de Leit. Do ass awer wierklech wahrscheinlech ganz vill Motivatioun. An do muss een a mengen Aen wierklech eng Idee fannen, fir d'Leit ze implikéieren. Also déi, déi deenen anere sollen hëllefen, déi manner hunn, wéi elo hei steet.
Ech weess, dass de Bénévolat zimlech duerch d'Land méi kleng geschriwwe gëtt, mä dass en zu Esch grouss geschriwwe gëtt. Do sinn ech iwwerzeegt dovun. An ech hoffen och wierklech, dass déi Escher Bierger dozou bäi wäerten droen, fir deenen anere Leit ze hëllefen. Déi Idee ass super. Mä déi fonctionnéiert och nëmmen, wann d'Leit sech concernéiert fillen. Déi, déi sech wëllen integréieren an déi aner, déi se sollen integréieren. Dat ass wierklech eng Saach, déi vun zwou Säite muss kommen.
An dann ass nach eng Saach, wou mer oft gesot kréien: Elo gëtt erëm eppes gemaach fir d'Net-Lëtzebuerger. Dat kréien ech elo bal all zweeten Dag gesot, wou ech awer verteidegen. Mä et sinn eben och eng grouss Partie lëtzebuergesch Leit, déi an de Problemer sëtzen. An ech mengen, et wier wichteg, dass do déi Mixitéit, fir déi zwou – et seet ee jo net „Kategorie" Leit, mä ech fannen elo dat richtegt Wuert net – soll sinn. Also dass dat soll fir jiddweree sinn. Dass och

L'oratrice qualifie d'exagérée la demande de Monsieur Kersch de prévoir un tuteur pour les primo-arrivants, alors que les habitants luxembourgeois n'en auraient pas non plus et que la nouvelle institution serait la réponse à cette demande. Elle prend son propre exemple pour démontrer que les personnes défavorisées ne doivent pas nécessairement rester défavorisées. Elle acquiesce que les primo-arrivants doivent être soutenus dans leur démarche pour s'intégrer.
Tout en admettant que la nouvelle structure permettra une présence constante sur place, Madame Freis souligne cependant l'importance du bénévolat qui est indispensable pour mener à bien ce projet d'envergure. Elle espère que les habitants vont montrer leur intérêt et participer activement et que la commune et les institutions vont les soutenir. Elle fait remarquer que bon nombre de personnes âgées vivent encore dans le quartier qui pourraient être utiles pour aider les primo-arrivants, sans pour autant mettre un tuteur à côté de chaque arrivant, et elle se propose de faire un sondage dans sa propre rue, pour voir combien de personnes seraient disposées à prêter main-forte. Elle apporte son soutien personnel au projet, ainsi que celui de l'association des commerçants de la ville d'Esch.

Leit, déi defavoriséiert sinn – an ech kennen der e ganze Pak – déi net nëmmen am Brill, wéi virdru richteg gesot ginn ass, wunnen.
Mä elo geet et nun emol hei ëm de Brill-Quartier an dat ass wierklech eng super Saach. Ech hoffen, dass d'Leit sech do interesséieren an do wierklech mathëllefen. Well am Brill-Quartier sinn et emol schonn zwee esou Comitéë ginn an déi ëmmer erëm e bëssen d'Saach opginn hunn. Ech hoffen, dass wa se hei déi Ënnerstëtzung vun der Gemeng kréien a vun den Institutiounen, dass dat da méi wäit geet, dass d'Leit net esou séier d'Flemm kréien an dann erëm mat där Saach ophalen. Wa se och gesinn, dass se vun der Gemeng ënnerstëtzt ginn. Ech mengen, dat wier wierklech eng ganz, ganz gutt Idee.
Wat ech nach wollt soen: an deem Quartier wunnen och nach relativ vill méi eeler Leit, déi vläicht hëllefe kéinten, déi nei Arrivanten ze integréieren.

Guy Kersch (déi Lénk): „Dat si jo Tuteuren."

Astrid Freis (LSAP): „Jo, awer Dir hutt gesot, Här Kersch, en Tuteur spécifique fir all Nouveau-arrivant. An dat ass e bësse vill, fannen ech. Fir jiddwereen, deen do kënnt, soll dann do ee Männche parat stoen, deen deem da soll hëllefen. Also ech weess net, wou Der déi effektiv wëllt siche goen.
Ech géif et super fannen, wann dat géif geschéien. Mä ech weess elo net, wéivill a menger Strooss – ech wunnen an der rue Pasteur –, vun deene 50 Leit, déi do wunnen, bereet wieren. Ech géif do eng Ëmfro maachen. Ech fannen et nämlech eng ganz gutt Idee. Mä ech fannen et e bësse vill, fir pro Persoun en Tuteur ze hunn."

Guy Kersch (déi Lénk): „Et muss een ëmmer héich Ziler setzen, fir eppes ze erreechen."

Astrid Freis (LSAP): „Jo, awer keng, déi net realisabel sinn. Well dat huet och kee Wäert."

(Interruptiounen)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Wann ech gelift, een nom aneren."

Astrid Freis (LSAP): „Ech mengen, ech loossen elo deenen anere Leit d'Wuert. Op jidde Fall wollt ech nach eng Kéier vermierken, dass de Geschäftsverband do op jidde Fall aktiv wëll matmaachen. Fir do ze hëllefen, fir dee Quartier do erëm an de Grëff ze kréien. Ech soen Iech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci, Madame Freis. Den Här Mischo an dann nach den Här Majerus."

Georges Mischo (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Mir sinn als CSV-Fraktioun richteg frou, dass no eiser Motioun zum Quartier Brill an zu der Brillstrooss elo e Quartiersmanagement zum Brill, awer net nëmmen zum Brill, mä och zu Al Esch an der Grenz virgestallt ginn ass.
Am leschte Gemengerot war et jo de Reproche, dass mir als CSV ze séier geschoss hätten, respektiv dass mer géifen op enger Well mat reiden. Mir waren a sinn net där Meenung, well éischtens emol wosste mer net, bis Der eis gesot hutt am leschte Gemengerot, dass haut e Quartiersmanagement géif virgestallt ginn. Mir wollten eis fir déi Leit do interesséieren, genau wéi alleguerten d'Conseilleren dat hei maachen. An do ass eben déi Motioun entstanen.
Haut mierke mer, dass de Schäfferot sech bewosst ginn ass, dass et an deenen dräi Quartiere Problemer ginn. Souwuel infrastrukturell, mä awer och, wat d'Awunner betrëfft. Net méi spéit wéi de leschten Dënschdeg war op der Télé e laange Reportage iwwert d'Problemer tëschent den Awunner an de Cafetieren an Al Esch.
Mir als CSV-Fraktioun stellen eis d'Fro: Muss et ëmmer esou wäit kommen, bis den Här Marc Thoma en Thema vun den Awunner geliwwert kritt? Oder wier et net besser, wa mer géifen agéieren an net ëmmer reagéieren?
D'Cohésion sociale gëtt wonnerbar hei iwwer 18 Säiten duergestallt an och analyséiert. Mä mir froen eis: Sinn déi Visioune realistesch fir Esch, fir déi dräi Quartieren? Wat sinn zäitlech realistesch Visiounen? Wat si baulesch awer och sozial realistesch Visiounen? Wat ass machbar? A wéi séier kann eppes Konkretes ëmgesat ginn? Dat sinn d'Froen, déi d'Leit och aus deene verschiddene Quartiere sech stellen.
Wann d'Délaie fixéiert an agehale ginn, da kënnen déi Escher Leit sech och domatter identifizéieren. Si kënnen domatter liewen, sech drop astellen a sinn och motivéiert, wéi d'Madame Freis virdru gesot huet, sech ze engagéieren, zum Beispill an engem Quartierscomité. Mä wann natierlech ëmmer alles am Flou bleift, da kritt een d'Leit och net motivéiert bei där Saach do matzemaachen.

Georges Mischo (CSV) *se montre satisfait que la motion du CSV en faveur du quartier Brill soit suivie d'un projet de gestion de quartier ne concernant pas uniquement ce quartier-là, mais également Al Esch et la Grenz. Il regrette que la commune ne ferait que réagir sur la publication de certains reportages télévisés au lieu d'agir. L'orateur se pose la question, si la description de la cohésion, telle qu'elle est décrite dans le projet est réaliste. Quelles sont les visions réalistes dans le temps, quelles sont celles qui sont réalistes du point de vue de la réalisation concrète et du point de vue social ? Ce seraient les interrogations que se font les habitants qui attendent que des délais soient annoncés et respectés. Le cas échéant, ils seraient motivés à s'engager davantage, notamment dans le cadre d'un comité de quartier. Il rejoint son collègue André Zwally pour conclure que le CSV va voter et le projet et la convention.*

Mä wéi de Kolleg André Zwally scho gesot huet, mir ënnerstëtzen dëse Projet, hoffen, dass e esou séier wéi méiglech op d'Schinne gesat gëtt an dass och konkret Mesurë geholl ginn. A mir géifen natierlech och deen dote Projet mat stëmmen, genau esou wéi d'Konventioun. Merci."

Luc Majerus (déi gréng): „Merci, Madame Buergermeeschter fir d'Presentatioun vum Projet. Merci menge Virriedner och. Déi gréng Esch ënnerstëtzen dëse Projet. A perséinlech fannen ech, dass et eng exzellent Initiativ ass an dass d'Quartieren natierlech och gutt gewielt gi sinn.
Wann dee Projet, dee sech ganz schéi liest, och praktesch duerchgefouert ka ginn, da mengen ech, dass dat eng grouss Plus-value bréngt, souwuel op engem soziale Plang wéi op engem ekonomeschen. An datselwecht zielt och fir deen nächste Projet, deen duerno wäert presentéiert ginn, fir - ech nennen dat elo - „Waldschoul". All glécklecht Kand evitéiert a priori spéider e frustréierten Erwuessenen ze ginn. All éducéierte Mënsch fillt sech manner excluéiert an huet d'Tendenz, d'Societéit ze respektéieren, amplaz se ze attackéieren oder ze ignoréieren.
D'Sproochcoursen, d'Nohëlleftsstonne fir manner bemëttelt Leit, dat si konkret Mesuren, keng Visiounen, fir aus engem Mënsch oder aus engem Schüler och e Citoyen ze maachen. Ech pochen op d'Wuert „Citoyen". Dorobber musse mer nämlech hischaffen: aus excluéierten, mannerbemëttelten oder sproochignorante Bierger Matbierger ze maachen, dat heescht Leit, déi souwuel eppes vun der Societéit huelen, wéi der Societéit eppes zréckginn. Dat heescht Leit, déi Obligatiounen unhuelen a Rechter ausliewen.
Dass dëst dann och eise Sportsevenementer oder haaptsächlech kulturellen Evenementer zegutt kënnt, ass sécher. Well am Moment hunn déi Leit, déi hei ugesprach ginn, éischter d'Tendenz, sech aus allem erauszehalen. Dat, well se entweder der Meenung sinn, dass déi Evenementer sech net u si adresséieren, oder dës Evenementer carrément ignoréieren.
Dëse Quartiersmanagement ass zum Beispill eng perfekt Initiativ fir déi 35.000 Awunner vun Esch all anzebannen an dee grousse Projet vun der Kulturhaaptstad Esch 2022. Dat soll sech jo net nëmme riichten un déi 5%, déi souwisou an de Musée an an den Theater ginn. Dat soll sech riichten un d'gesamt Escher Matbierger. An ech mengen, mat esou engem Projet wéi dësem hei, gëtt een de Leit d'Méiglechkeet, déi Leit, déi vläicht dee Projet ignoréieren, déi Leit, déi mengen, si wieren excluéiert, well se d'Sprooch net beherrschen, well se keng Suen hunn, mat anzebezéien. Dofir steet dëse Projet, deen ee ganz klenge Coût huet. Ech mengen, et sinn 100.000 Euro d'Joer.
Ech sinn elo kee Mathematiker, dee rechent, wat dat alles ka bréngen, wa véier Leit pro Joer net am Chômage landen, mä schaffe ginn. Oder net am RMG landen oder doheem sëtze mat Depressiounen an Invealiderent kréien. Sans doute ass dëse Projet ganz bëlleg par rapport vun der Relatioun vun deem, wat ee kann der Gesellschaft erëmginn.
Ech fannen, dass dee Projet ganz pragmatesch a praktesch ugeluecht ass, vill méi wéi eng Visioun ass.De Budget steet jo schonn. Déi Hëllef, déi ugebuede gëtt, ass praktesch a bëlleg. Déi Leit, déi elo hei ugesprach ginn, kréien duerch de Projet eng gewësse Wichtegkeet. Si kënnen hir eegen Ideeën ausdrécken a si kënne matschwätzen. An dat féiert forcément iergendwann eng Kéier dozou, dat ass meng perséinlech Meenung, dass een zu Esch manner aggressiv ass, manner geféierlech Hennessen, loosse mer se mol esou nennen, op den Trottoirë gesäit ronderëm lafen. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci och, Här Majerus. Madame Hildgen, Dir hat nach kuerz d'Wuert gefrot."

Annette Hildgen (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Et ass scho vill gesot ginn zu dësem Problem. U sech gesäit en um Blat extrem gutt aus.
Ech hunn dem Här Hinterscheid scho Merci gesot. Hoffentlech kënnt dat an eise Rapport. Um Blat gesäit dat hei sech tatsächlech ganz gutt un. Dat ass tiptop. Dat ass eng gutt Idee. Dat gesäit sech un, wéi wann dat realisabel wier.
Mä éier mer dat do iwwerhaapt ufänken, muss hei a ganz Esch e Paradigmewiessel kommen. Well wa mer kucken, wat d'Responsabilitéit vun den Awunner ubelaangt an all Quartier.. Ech schwätzen elo net nëmmen an deene Quartieren, déi hei ugeschwat gi sinn. Well mir däerfen ni vergiessen, mir hunn och nach aner Quartieren, wou och nach Problemer sinn, déi net ze ënnerschätze sinn.
An da gesi mir vir, d'Awunner ze responsabiliséieren. Dat ass guer net esou einfach. Well et ass eng Tendenz an der Gesellschaft vun haut, datt mir alleguerte konsuméieren. Mir konsuméieren d'Gesellschaft, mir konsuméieren eng Stad, mir konsuméieren e Quartier. Mir soen, mir hätte gären, mir wëlle gären... Awer

Luc Majerus (déi gréng) *annonce d'entrée que déi gréng vont cautionner ce projet, alors qu'il s'agit d'une excellente initiative et que le choix des quartiers est judicieux. Si la théorie pouvait être transposée en pratique, ce projet apporterait une grande plus-value des points de vue social et économique et la même chose vaudrait pour le projet de la «Waldschoul». L'orateur insiste sur la notion de « citoyen », alors qu'il est primordial que des citoyens exclus, en situation de précarité et ignorant les langues, deviennent des concitoyens à part entière qui participeront également aux évènements sportifs et culturels.*
Il estime que ce projet de gestion de quartier saura motiver l'ensemble de la population eschoise à s'intéresser entre autres au projet d'envergure que sera la capitale européenne de la culture Esch 2022. Il admet que ce projet représente un coût certain, mais qu'il n'est pas onéreux en comparaison avec ce qu'il peut apporter à la société. Finalement, ce projet apportera à la population visée une certaine importance et lui permettra de s'exprimer et d'intervenir dans la discussion, le résultat escompté étant celui d'un Esch moins agressif avec moins de malfaiteurs potentiels.

Annette Hildgen (CSV), *tout en estimant que le projet est excellent et réalisable, fait remarquer qu'il sera incontournable d'en arriver à un changement de paradigmes à Esch, alors qu'il sera demandé aux citoyens de s'impliquer et de prendre des responsabilités, chose qui ne sera pas évidente à réaliser. Elle souligne que le quartier du Brill n'est pas seulement un quartier chaud, mais également un quartier de transition qui voit arriver les gens pour les voir repartir aussitôt qu'elles se retrouvent dans une situation plus aisée, abstraction faite d'une poignée d'habitants originaires du Brill, qui ne le quitteront probablement jamais.*

fir sech eranzebréngen, dat ass da scho vill méi schwéier.
Et ass och gesot gi vum Brill zum Beispill, datt dat e Quartier chaud ass. Dat huet ee virdrun nimools däerfen soen, mä dat hu mir erkannt. Ech wunnen net am Brill. Ech wunnen op der Uecht, hunn awer praktesch mäi ganzt Liewen, wéi ech nach geschafft hunn, um Brill verbruecht. An ech soen nach haut, ech kennen de Brill mat senge Problemer. An ech sinn zu där Konklusioun komm, de Brill ass e Quartier de transition. Leit, déi vu baussen erakommen - elo ofgesi vun deene puer Stack-Briller, Lëtzebuerger, och Auslänner, déi elo ëmmer do gewunnt hunn, wat awer eng relativ kleng Zuel ass -, versiche fir esou séier wéi méiglech do eraus ze kommen, fir Fouss ze faassen an da plënnere se erëm. Dat heescht, do ass et dann a mengen Ae scho relativ schwiereg, fir un d'Leit erun ze kommen. Well d'Leit soen, ech bleiwe jo net hei. Wat maachen ech dann elo hei? Firwat soll ech mech engagéieren a vläicht Hëllef sichen, wann et nëmme fir eng relativ kuerz Zäit ass?
An alle Quartieren hëlt de Bénévolat of. Dovun ass och scho geschwat ginn. Ech huele mäi Quartier, d'Uecht: do war en Interesseveräin, deen extrem gutt fonctionnéiert huet. Dee Quartier ass d'office en Aarbechterquartier gewiescht. Do hu mer do uewen d'Kolonien. Dat war eng gewëssen Zort vu Leit, déi do gewunnt hunn, déi a mengen Aen de Stack vun Esch gebilt hunn. Dat waren Aarbechterleit, déi versicht hunn, zu engem Haus ze kommen.
An der Zwëschenzäit gëtt et deen Interesseveräin net méi. Firwat gëtt et en net méi? Mä ganz einfach: Faute de combattants. D'Leit sinn ugeschwat ginn, hei d'Lëtzebuerger, déi do gewunnt hunn an de Kolonien. Se si praktesch alleguerten entweder geplënnert oder leider Gottes gestuerwen. Déi Leit, déi sinn al ginn. Déi Haiser sinn opkaf gi vu Leit, déi vu baussen era komm sinn, vu frieme Leit, wat awer en règle ass. Déi Leit, déi hu ganz vill un hiren Haiser geschafft, hunn heiansdo d'Haiser net ganz konventionell renovéiert, wat haut leider Gottes net méi esou schéin ass. Mä si engagéiere sech absolut net an engem Interesseveräin.
Huet een d'Leit ugeschwat fir ze soen, „kënnt Der e bëssen eng Schëpp mat uleeën, dann hu se gesot: Firwat? Firwat solle mir dat maachen? Mir wunnen hei, domat basta. Mir wëllen eis net engagéieren." An ech mengen, dat ass ee vun deene Problemer, wou mer vläicht hei bei dësem Projet drop stoussen: datt net genuch Bénévolen do sinn.
Eeler Leit, déi do wunnen, dat ass ganz kuerz elo hei ugeschwat ginn, dierfe mer och net vergiessen. Eeler Leit, déi extrem leiden, wa se net méi esou mobil sinn, fir eleng ze sinn. An et ass gesot ginn, datt déi sech eventuell kéinten abréngen, fir Tuteur ze si vun engem, deen nei era kënnt. Mä mir dierfen och do hir Problemer net vergiessen. An ech géif lech un d'Häerz leeën, fir och dat mat erafléissen ze loossen. Wann Dir sot, mir bekëmmeren eis ëm d'Leit, vergiesst eis eeler Leit net.
Dann ass bis 2018, hunn ech gesinn, de Financement hei opgezielt. An ech géif just gär wëssen, ob duerno nach un eng Kontinuitéit geduecht ass. Et ass gesot ginn, et gëtt eng Evaluatioun gemaach, fir ze kucken, ob et da weidergefouert gëtt, respektiv ob mer da leider Gottes, wann et eben net reusséiert hätt, et da géife stoppen.
D'Sproochecoursen fannen ech ganz interessant, fanne mir ganz gutt. Well déi Leit, déi erakommen, hunn extrem Schwieregkeeten, fir déi „Geheimsprooch" - entre guillemets -, déi mir hei schwätzen, iwwerhaapt ze verstoen. D'Chance, déi se hunn, ass, wa se Kanner hunn, déi an d'Crèchë ginn, an d'Spillschoul, an d'Schoulen, datt déi do Lëtzebuergesch léieren. A wann déi Leit zum Beispill bei den Dokter ginn, huele se hir Kanner mat. An dat ass ëmmer ganz echt, d'Kanner iwwersetzen den Elteren dann, wat den Dokter do gesot huet. Wat herno erauskënnt, dat ass natierlech eng aner Fro. Op jidde Fall wënsche mir lech hei Bonne Chance, vill Courage, mä wa Problemer kommen, da solle se geléist ginn. Merci."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Elo war se lancéiert."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci, Madame Hildgen an alleguerten de Spriecher hei zu dësem Projet.
Ech wëll just dräi, véier Remarquë maachen, wat dëse Projet ugeet. De Quartiersmanagement: ech wëll drun erënneren, datt mer dee schonn am Budget virgesinn hate fir dëst Joer, an datt mer eis jo ëmgekuckt haten, ëmfrot haten, mat wiem en am beschten ze realiséieren ass. An ënnert anerem hat och Inter-Actions Faubourg sech virgestallt gehat. Dat heescht, et war bekannt scho vum leschte Joer un, datt mer an esou eng Richtung géife goen.
Zweete Volet: Jo, et gi schonn Organisatiounen, Asblen, déi an ähnleche Beräicher do schaffen. An et ginn natierlech och, wéi d'Brillschoul, d'Jugendhaus oder

L'oratrice raconte l'histoire d'un groupement d'intérêts dans son quartier Uecht, qui fonctionnait à merveille, mais qui devait disparaître « faute de combattants ». Elle en déduit un problème généralisé qu'est celui de l'absence de bénévolat, les nouveaux habitants de ce quartier n'ayant pas vu l'utilité de s'engager dans un tel mouvement.

Les personnes âgées, qui sont censées être sollicitées pour devenir tuteurs, ne devraient en aucun cas être négligées et leur cause devrait trouver son entrée dans la discussion globale.
D'autres soucis qu'elle invoque sont le financement du projet et, par conséquent, sa durabilité ainsi que toute la problématique liée à la langue. Ceci dit, elle souhaite bonne chance et bon courage pour la réussite du projet.

***Vera Spautz (LSAP)** remercie tous les intervenants pour leur contribution et fait valoir que le projet de la gestion de quartier avait déjà été pressenti dans le budget de l'année en cours, que la direction engagée était donc parfaitement connue. Elle confirme que des associations, qui couvrent des domaines semblables, sont déjà actives sur le terrain, tout comme des services communaux et que le but est celui de travailler en réseau. L'année serait riche en activités, notamment avec le déménagement de la « Eltereschoul » et celui de l'office social dans les anciens locaux de l'ADEM où toute une série de projets seront également développés.*

d'Haus vun de Bierger, Servicer vun de Gemengen, déi och zesumme schaffen. Et geet och drëms, eng Vernetzung ze maachen.
Dëst Joer kënnt relativ vill beieneen. Elo plënnert d'Eltereschoul dohinner. Dir wësst, datt am Summer och soll den Office social, d'Sécurité sociale logement erop an dat aalt Arbeitsamt plënneren. Eng ganz Rei Projeten entstinn do. An et geet drëms, och vernetzt zesummen ze schaffen.
A mir wëllen och esou séier wéi méiglech eng Sitzung zesumme ruffen, wou déi Leit, déi sech awer schonn zum Deel kennen, sech alleguerten zesumme gesinn, sou wéi et och ëmmer ähnlech bei den Assises sociales organiséiert gëtt. Fir datt jiddwereen och weess, wat deen anere mécht. An datt net duebelen Emploi gemaach gëtt. Dat ass ganz kloer. Kloer ass och, an dat maache mer gären, well dat alles iwwert den Développement social elo leeft, datt ee kann am Hierscht vläicht en insgesamten Iwwerbléck nach eng Kéier maachen, wie wou wat mécht. Dir wësst, dass eng Reorganisatioun vun deene Servicer gemaach gi war. An elo mengen ech, dass déi lescht Persoun och elo agestallt gëtt. Da sinn d'Servicer alleguerten erëm opgefëllt. An da kann ee wierklech en Iwwerbléck brëngen, a wéi eng Richtung datt et geet.
Ech mengen, mir sollten och elo mol de Leit d'Chance ginn - wou ech ganz frou sinn a se och häerzlech begréissen, Dir sidd hei am Sall -, datt se kënnen ufänke mat schaffen. Si hunn drop Wäert geluecht, och haut de Moien hei ze sinn an nozelauschteren, wéi eng Doléancen nach vun eis alleguerten hei kommen. Datt si kënnen ufänken, wéi gesot, mat Schaffen.
A wat verschidde Leit ugeet: jo, déi eng schaffe mat, déi aner wëllen net. Déi eng engagéiere sech, déi aner net. Ech mengen, dat si ganz bekannte Phenomeener. Et soll een awer en Angebot hunn. An ähnlech wéi zum Beispill déi zwee Streetworker ënnert der Obsiicht vun der Jugendaarbecht sech un d'Leit an de Quartiere wennen, respektiv Jonker, déi net bei eis kommen, well se entweder d'Angeboter net kennen, well se net wëlle kommen, well se vun deem, wat do ass, keng Loscht hunn, dohinner ze goen. Et muss een awer op d'Leit och zougoen a mat hinne schwätzen. An dat ass an dësem Fall hei och esou ugeduecht.
Ech mengen, datt allguerten a jiddwereen Notë gemaach huet an alleguerten déi Suggestiounen, déi gemaach gi sinn, elo opgeholl gi sinn. An ech géif dann ofschléissend froen, wann Der d'accord sidd, dëser Konventioun esou zouzestëmmen, fir de Vote ze froen. Au vote."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la convention avec Inter-Actions Asbl.

5. Enseignement
5.a. Présentation du projet « Schoul am Bësch » ; information
5.b. Taxe scolaire relative à la scolarisation d'un enfant non-résident ; modification ; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerten. Mir kommen dann zum nächsten interessante Projet am Quartier Brill, deen elo vum Schoulschäffe Jean Tonnar virgestallt gëtt."

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Dee Projet ass net esou wäit ewech vun deem Punkt, dee mer elo grad hei ofgeschloss hunn. Et geet ëm e Bëschprojet. Dat heescht, d'Schoul am Bësch.
Ech wollt emol fir d'éischt deenen Enseignanten e ganz grousse Merci soen, déi däraart sech Méi gemaach hunn, fir dee Projet hei ze presentéieren op Säiten a Säiten. Dir hutt dat an Ärem Dossier. Dat sinn déi Damme Véronique Feiereisen, Martine Meder, Carole Müller, Claude Müller, Jessica Neirios, Tamara Nürenberg, Danielle Péitesch, Carole Stieber a Sandra Zabott.
Ëm wat geet et? Ech ginn elo net op all déi Säiten an. Et geet drëm, dass dräi- bis fënnefjähreg Kanner d'Méiglechkeet kréien, fir an alle Beräicher sech esou gutt wéi méiglech ze entwéckelen. An duerfir ass d'Idee komm, fir am Bësch zwou Schoulklassen ze maachen, fir de Précoce a fir d'éischt Spillschoul, also Cycle 1.0 a Cycle 1.1. Wou awer och d'Idee ass, fir Kanner mat ganz spezifesche Besoine mat ze integréieren an dee Projet.
Doriwwer hate mer och an der Schoulkommissioun diskutéiert. An notamment den Här Biltgen an ech waren der Meenung, dass dee Pourcentage, dee proposéiert ginn ass, dat heescht 50/50, ze

Il importera de réunir toutes les parties prises pour une réunion commune, afin de bien définir les tâches des uns et des autres pour ne pas risquer des doubles emplois et de faire un point en automne sur l'organisation dans son entièreté. Elle souhaite la bienvenue aux personnes présentes dans la salle et qui n'attendent que le feu vert du conseil communal pour pouvoir démarrer avec leurs activités.
En ce qui concerne le bénévolat, la bourgmestre donne à penser qu'il s'agit d'un phénomène généralisé, mais qu'il faudra aller à la rencontre des personnes susceptibles d'être intéressées, action qui est d'ailleurs prévue d'être entamée et passe ensuite la convention avec Inter-Actions Faubourg au vote.

***L'échevin Jean Tonnar (LSAP)** présente un projet qui concerne le Quartier du Brill et qui est intitulé « d'Schoul am Bësch » (l'école dans le Bois). Il est censé débuter à la rentrée 2016/2017. Avant de commencer avec la présentation, il tient à remercier les enseignants qui ont contribué à la réalisation de la présentation dudit projet.*
Le but est de donner à des enfants de 3 à 5 ans la possibilité de développer des compétences dans les domaines les plus divers et de leur permettre de s'épanouir pleinement. Une idée est d'intégrer dans le groupe des enfants aux besoins spécifiques, toutefois l'échevin propose de réduire le taux de ces élèves contrairement à ce qui a été prévu par le texte du projet. Notamment lui et le conseiller Biltgen ont été de l'avis qu'il serait préférable de commencer avec un rapport de 25 respectivement 30 à 70 %, et de l'augmenter éventuellement par la suite. Une autre idée est celle de rentrer en contact avec des partenaires qui ont déjà collaboré avec la Brillschoul ou avec d'autres écoles. Le projet a été élaboré en s'appuyant sur diverses méthodes et des échanges avec des experts et un interlocuteur du ministère de l'Éducation nationale ont eu lieu. Le projet a été élaboré dans le cadre d'un projet global de l'amélioration des conditions de l'école du Brill et dans ce sens, il tient à remercier toute la direction ainsi que Marc Pierard, qui ont contribué à faire avancer ce projet.

héich wier an dass ee soll fir d'éischt emol ufänke mat engem Pourcentage 25/75 oder 30/70 an da kucken, wéi dat sech entwéckelt. An duerno kënnt een déi Zuel an d'Luucht setzen.
Dat heescht, déi Kanner wiere praktesch de ganzen Dag am Bësch, no bei der Waldschoul. Si hätten natierlech hire Schoulraum am Bësch, deen do verlagert géif ginn. Si behalen awer selbstverständlech och e Sall an der Brillschoul, respektiv an der Annex vun der Brillschoul. Et si jo och Deeg, wou Stuerm ass oder wou ganz schreckleche Reen ass, wou dat sech dann natierlech net appretéiert, fir an de Bësch ze goen.
Dee Projet ass entstanen am Kader vun deem globale Projet vun der Amelioratioun vun de Konditioune vun der Brillschoul. An ech wollt do nach eng Kéier der ganzer Direktioun an dem Marc Pierrard e grousse Merci soe fir hiert Engagement, wat se zënter e puer Joer do opbruecht hunn, fir déi Schoul no vir ze bréngen.
Mir wëssen, dass et nach ëmmer déi gréisste Schoul am Land ass. Mä dass et net nëmmen déi gréisst ass, mä och eng mat de Problemer, déi mer elo grad beschwat hunn am Punkt hei virdrun. Et ass vun enger Observatioun ausgaangen. Et ass gesi ginn, dass vu Klengem u schonn, souguer am Précoce, souguer an der Spillschoul, d'Kanner mat ganz grousse Problemer befaasst sinn, mat problematesche Verhalungen. An duerfir ass déi Idee entstanen, fir ze versichen, d'Kanner op eng aner Manéier an d'Schoul ze integréieren, wéi dat bis elo de Fall ass.
Déi ganz Memberen, déi dee Projet ausgeschafft hunn - ech hunn lech se opgezielt -, sinn all aus dem Cycle 1 souwuel vum Précoce wéi och vun deenen zwee Spillschoulsjoren Cycle 1.1 an 1.2. Et si verschidde Methoden applizéiert ginn. Fir d'éischt emol iwwert Fachliteratur. Déi fannt Der och all an Ärem Text hei erëm.
Et sinn awer och eng ganz Partie Experte kontaktéiert ginn. Et sinn Diskussioune gefouert gi souwuel mam Comité wéi och mat der Begleitpersoun vum Ministère. An d'Idee ass natierlech, fir och mat deenen anere Partenairen, déi bis elo scho gutt mat der Brillschoul a mat den anere Schoule schaffen, Kontakt ze huelen. Notamment natierlech d'Waldschoul, den Ellergronn, d'Bëschcrèche, déi mer schonn zu Esch hunn an zu Schëffleng, d'Child Forest-Crèche vu Käl, d'Eltereschoul, d'Naturschoul zu Lasauvage, de Fierschter, deem ech och op dëser Plaz emol e ganz grousse Merci wollt soe fir säin Engagement. Dann dem Escher Déierepark, dem Déierenasyl an dem Escher Geméisgaart. All dat sinn Akteuren, déi hei solle mat deelhuelen an déi sollen hëllefen, dass dee Projet hei eppes gëtt.
Et geet drëm, all wichteg Kompetenzen ze developpéieren, ob dat mental, physesch ass oder d'Konzentratioun ze stäerken, sozial Kompetenzen, d'Motorik ze developpéieren. An dat ass e ganz vaste Projet. Ech weess och net, ob dat alles an enger Etapp kann erreecht ginn. De But ass, dass mer dat elo mol ee Joer ulafe loossen. Dat soll am September, also mat der Rentrée 16/17 ulafen.
Ech ginn elo net op d'Naturpädagogik an. Dir konnt dat liesen, wann Der Loscht hat ze liesen. Et ass ganz interessant, wat déi Leit do ausgeschafft hunn. D'Kanner sollen e Fräiraum erliewen. Se sollen hir Kreativitéit stimuléieren a se solle schaffen an engem flotten, sécheren Ëmfeld, wat natierlech net e klenge Schoulsall ass, wéi dat bis elo ëmmer war.
Dat Ganzt bedeit wat? Wien ass concernéiert? Et sinn zwou Klassen, déi mer wëllen ulafe loossen. Dat eent ass eng Klass vum Précoce mat 12 Kanner an dat anert si 14 Kanner, wou haaptsächlech vum éischte Spillschouljoer, also Cycle 1.1 Kanner solle geholl ginn. Eventuell Kanner, déi en Allongement hunn. An duerno kucke mer, ob dat kënnt erweitert ginn och op e Cycle 1.2. Mä an enger éischter Phas sollen et haaptsächlech 12 Kanner vum Précoce a 14 Kanner vun der éischter Spillschoul sinn.
Ech hunn driwwer geschwat: am Projet hei steet nach ëmmer hallef/hallef mat Inklusiounsproblemer. Do hu mer awer hinne mat op de Wee ginn, dass déi Zuel soll an enger éischter Phas erofgesat ginn.
Wat brauche mer vun Enseignanten? Fir de Précoce brauche mer een Enseignant an een Éducateur, a fir den 1.1 brauche mer zwee Enseignanten. Déi sinn och fonnt. Dat do ass net een, wou ee ka forcéieren. Dat do muss op fräiwëlleger Basis sinn. An et ass evident, dass do Leit musse sinn, déi dat do wëlle maachen an déi et gär maachen an déi et bestëmmt dann och gutt maachen. Véier Stonne pro Woch soll och e Pädagog dobäi kommen.
Mat de Schoulzäite war et och e bësse problematesch, well déi Kanner sollen dat vun 8.00 bis 13.20 maache. Elo hu mer awer do eng Léisung och mam Inspekter fonnt, dass déi Schoul net ze laang dauert. Mä d'Stonne mussen awer all erageholl ginn. Dat heescht, se sinn am Prinzip vun 8.00 oder 7.45 bis 13.00, an da kréie se och nach z'iessen. Ech kommen elo direkt dorobber zréck.

Deux classes seront concernées, une classe du Cycle 1.0. et une classe du Cycle 1.1. L'échevin précise néanmoins qu'il y a la possibilité d'élargir le projet dans une seconde phase au Cycle 1.2. Des places seront aménagées près de la Waldschoul pour la « Schoul am Bësch », mais les élèves garderont aussi leurs salles de classe à l'école du Brill, respectivement dans l'annexe de celle-ci. Les questions de l'organisation, que ce soit au niveau du personnel, des horaires, de l'encadrement ou du transport, ont été résolues.
Le projet a déjà été voté à l'unanimité à la commission scolaire et l'échevin espère qu'il en sera de même dans le conseil communal. L'échevin souligne que c'est un beau projet et il espère que les autres membres du conseil lui apportent leur soutien. Toutes les propositions quant au projet seront les bienvenues.

Wat brauche mer do? Si hunn natierlech e Klasseraum, wéi ech gesot hunn, an der Brillschoul oder an der Annex. An da brauche se awer och zwou Plazen am Bësch, wou se hir Plaz hunn, wou se sech kënnen all Dag dann erëmfannen. Déi Plaze si mam Fierschter ausgesicht ginn. Déi ginn och amenagéiert. An dat ass ganz no bei der Waldschoul, fir dass och kann, le cas échéant, op d'Waldschoul, wann et misst sinn, zréckgegraff ginn. Déi Kanner, wéi gesot, komme mueres um 8.00 Auer un. Si kréien da Kaffi géint 9.00 Auer an dann ass nach en zweete Petit-déjeuner géint 11.00 Auer virgesinn. Et si jo kleng Kanner oder ganz kleng Kanner souguer.
An dann ass duerno prévu, dass se um 12.30 vun der Maison relais aus zervéiert ginn. Dat wäert dann um Retour sinn, wou se erëm an hirem Klasseraum sinn, wou se da kënnen an der Brillschoul hiert Mëttegiesse kréien.
De Bustransport ass organiséiert. Wéi gesot, dat soll elo ganz séier ulafen, mat der neier Rentrée. Et ass alles preparéiert. Mir fannen, dass et en enorm flotte Projet ass a mer hoffen och, sou wéi an der Schoulkommissioun, wou Unanimitéit war, dass dat hei och am Gemengerot d'Unanimitéit soll fannen.
Et ass en neie Wee. Et ass eppes Spezielles. Mä ech mengen, wann Der dee Projet am Detail liest, wéi en hei virgestallt gëtt, da kann een nëmme positiv doriwwer denken. An ech géif lech bieden, déi Saach ze ënnerstëtzen. Wann nach Suggestioune sinn, wéi een et nach anescht oder besser oder méi kéint maachen, da si mer op fir all Propositioun. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Tonnar. Ech mengen, et ass e ganz flotte Projet. Ech schreiwen an: d'Häre Mischo, Majerus, Biltgen, d'Madame Bofferding an d'Madame Hiltgen dës Kéier direkt dobäi. Madame Bofferding, Dir hutt d'Wuert."

Taina Bofferding (LSAP): „Ech wëll e puer Wierder zu dësem Punkt soen, well et ass wierklech e formidabele Projet niewent all deenen anere Projeten, déi mer jo schonns hunn, wéi eben eis Waldschoul, Projete am Ellergronn, den Escher Déierepark, der d'Bëschcrèche, fir just e puer ze nennen.
Déi genau Detailer zum Konzept, den Ziler an der Method, déi sinn op eng ganz verständlech Manéier an där Note, déi mer kritt hunn, erkläert. Dofir wëll ech net weider op déi Aspekter elo agoen. De Schoulschäffen huet jo verschidden Aspekter nach eng Kéier méi genau erkläert.
Ech wëll awer e weidert Argument brëngen, firwat dëse Projet en interessanten Zousaz an eiser Schoullandschaft ass. Ville Kanner ass de Bësch als Deel vun eiser Natur haut friem. Déi Entfriemung vun der Natur an eiser Gesellschaft huet an deene leschte Joren, wann net esouguer an deene leschte Jorzéngten zougeholl. Domat verbonnen ass och de Verloscht u Wëssen ëm d'Bedeitung vum Bësch als Liewensraum wéi och d'Wëssen iwwert d'Déieren an d'Planzen.
An dovunner ofgesinn, mécht d'Zäit am Bësch ëmmer Spaass. Et brauch ee keng Playstation oder eng Televisioun, mä et kuckt een einfach, wat een am Bësch ronderëm fënnt an et bastelt ee sech säin eegent Spillgeschier, seng eege Spillsaachen zesummen. Och dat reegt d'Kreativitéit an d'Fantasie vun de Kanner un.
An ausserdeem, ech menge mir ware jo all eng Kéier Kanner, wat gëtt et méi Schéines, wann een an de Bësch geet an net een engem seet, pass op, du dierfs dech elo net knaschteg maachen, mä mat Vollgenoss mat den zwee Féiss an de Bulli duerf sprangen.
De Klasseraum, dee gëtt hei e Raum vu Staunen an Entdecken, eng Plaz vu Rou a Besënnung, wann een esou wëll.
Sécherlech ass et eng Unterrechtsform, déi och elo net all Kand wäert uschwätzen. Och dat ass an der Rei. Dat ass jo och elo net onbedéngt de But vum Projet. Positiv ass awer d'Beméiung, och Kanner mat enger Verhalensopfällegkeit opzehuelen. Dee Pourcentage, deen elo genannt ginn ass vun 30/70 schéngt eis och méi realistesch, zemools emol fir den Ufank, fir de Projet ulafen ze loossen. Well dat wäert sécherlech fir d'Enseignanten eng grouss Erausfuerderung sinn.
Mä et muss een awer och soen, dass dat e weidere Punkt ass, deen och fir dëse Projet sécherlech schwätzt. Am Deskriptiv mierkt een, dass déi Leit, déi hei am Projet involvéiert sinn, déi Enseignanten, dass déi wierklech ganz motivéiert sinn. An ech mengen, dat ass och ganz wichteg, wann ee wëll esou nei Weeër probéieren. Dass ee Leit u senger Säit huet, déi wierklech dovunner iwwerzeegt sinn, vun der éischter Stonn dobäi a mat engem gewëssenen Häerzblutt un där Saach dru sinn. Dass ee mat deenen dat zesumme realiséiert. Dofir wënsche mer de Leit, den Enseignanten, Éducateuren, de Kanner ganz vill Freed an ënnerstëtzen dëse Projet ganz gären a freeën eis da schonn op den éischte Bilan, déi éischt Fotoe vun de Kanner aus der Bëschschoul. Merci."

Taina Bofferding (LSAP) *souligne qu'il s'agit d'un projet formidable. Elle met l'accent sur le fait que de nombreux enfants n'ont plus vraiment de lien avec la nature aujourd'hui, ce qu'elle regrette. Le projet est donc aussi un moyen pour les enfants de découvrir l'espace vital qu'est le bois et d'apprendre à l'aide de la nature. Il permet aussi aux élèves de développer leurs capacités créatives, par exemple en créant des jouets à partir des matériaux qu'ils trouvent dans les bois.*
Elle salue que le projet vise à intégrer des enfants à besoins spécifiques et considère qu'un taux de 30% d'enfants à besoins spécifiques semble plus réaliste, surtout au début. Elle termine son intervention en soulignant la motivation des personnes impliquées et en leur souhaitant beaucoup de succès et de bonheur avec ce projet.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Mischo an duerno den Här Majerus."

Georges Mischo (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech fannen et schued, dass esou Projete mussen an d'Liewe geruff ginn, well d'Kanner sech net méi kënnen - aus wat fir enge Grënn och ëmmer - oder net méi wëlle genuch beweegen. De Sproch „Fréier war alles besser" ass normalerweis net a mengem Sproochgebrauch, mä am Beweegungsverhale vun eise Kanner a Jugendleche passt e leider wéi d'Fauscht op d'A. Dës Remarquë sollen awer op kee Fall dëse Projet a Fro stellen. Et ass am Fong geholl just e Constat an eng Déformation professionelle.
Als CSV ënnerstëtze mir dëse Projet, well et eng flott an innovativ Méiglechkeet ass fir d'Kanner aus der Brillschoul, sech op verschidden Aart a Weise kënnen ze entfalen. An deem Projet entwéckele sech d'Kanner um spillereschen a koordinative Plang, awer och um schouleschen Niveau.
Awer net nëmmen de Projet selwer fënnt eis Zoustëmmung, mä och déi pädagogesch Aarbecht an de groussen Engagement vun den Enseignantë vum Brill, déi den Här Tonnar virdrun opgezielt huet, déi dës Idee op d'Schinne gesat hunn. Mir haten e puer Reunioune mat deenen Enseignanten. An do huet ee wierklech gemierkt, wéi begeeschtert a wéi engagéiert se bei deem Projet sinn. An ech mengen, dat ass ee vun deenen Ingrédienten, dass deen dote Projet kann Erfolleg hunn.
D'Idee, d'Ziler, d'Konzept an d'Struktur vun dësem Projet hu Kapp a Fouss. Ech hat och déiselwecht Meenung wéi den Här Tonnar an den Här Biltgen, dass d'EBS-Kanner, also Enfants à besoins spécifiques net ze vill dierfe representéiert sinn, fir eben net dëse Projet vun Ufank un ze hypotekéieren a fir zweetens dës Kanner ofzestempelen. Ech mengen, dat war och eng unanime Meenung, déi an der Schoulkommissioun do war.
Fächer wéi Sport a Schwammen dierfen awer duerch dëse Projet net ze kuerz kommen an net iergendwéi ausfalen. D'Organisatioun vum Transport an dem gemeinsame Stonneplang mat de Klasse vum Brill, genee wéi d'lessen an de Maison-relaisë schénge jo geléist ze sinn.
Mä mir als CSV-Fraktioun stellen eis awer zum Site eng Rei Froen. Déi meeschten Zäit sinn d'Kanner jo dobaussen an der Natur a kréien do och bestëmmt vum Fierschter eng flott Plaz amenagéiert. Wann d'Wierder awer méi schlecht ass oder ze schlecht ass, gëtt op de Site vun der Waldschoul zréckgegraff.
A genee dee Site ass jo en Aushängeschëld vun Esch, wou awer onbedéngt nach eng Rei Saache mussen dréngend renovéiert oder ersat ginn. D'Toilettë sinn net méi zäitgerecht, d'Heizung päift um leschte Lach. De grousse Préau misst och kënnen zougemaach ginn, well den Zoustand vun deem Préau ëmmer méi ofhëlt. Eng Idee wieren zum Beispill Portes coulissantes, wou een dann och nach kéint aner Saachen an deem Préau installéieren.
Ech mengen, d'Waldschoul an och dee ganze Site ass en Escher Bijou, deen awer nach misst direkt oder dringend geschlaff ginn. An dat am Interêt vun dësem Projet „Schoul am Bësch", awer och vun eise Schoulkanner am Allgemengen. An och vun de Kanner, déi an d'Vakanzennomëtteger kommen.
Also mir géifen en dringenden Appell maachen als CSV, fir och dee Site do genau esou schéin ze maache wéi den Déierepark um Gaalgebierg. Ech mengen, dann hätte mer eng ganz gutt Aarbecht geleescht. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Majerus an dann den Här Biltgen."

Luc Majerus (déi gréng): „Ech soen dem Här Tonnar och Merci an och deene Léierkräften, déi dee ganze Projet ausgeschafft hunn. Ech kann den Här Tonnar och berouegen, d'Chancen, dass et unanime gewielt gëtt, klammen. Well och déi gréng ënnerstëtzen dëse Projet, genau wéi dee Projet,..."

Méi Stëmmen: „Ohh!"

Luc Majerus (déi gréng): „...genau wéi dee Projet virdrun, déi jo an eng selwecht Richtung ginn an déi selwecht Quartiere betreffen.
Wann nach een dru gezweifelt huet, d'Natur deet gutt an zwar souwuel de Kanner wéi den Erwuessenen. De Rapport weist jo och op eng ganz Rëtsch Etüden a Rapporten hin, déi ganz kloer ausdrécken, wat de Commun de mortel sech denke kann. Turbulent Kanner oder Kanner mat spezifesche Problemer sëtze besser an der frëscher Loft ënnert engem Bam oder an engem Zelt, wéi an engem schlecht duerchlëftene Klasseraum an der Schoul. Si kënne sech austoben, d'Natur an och esou wéi hiren eegene Kierper entdecken. D'Aggressivitéit, dat ass wëssenschaftlech beluecht, geet erof, awer d'Energie geet erop.

Georges Mischo (CSV) *rend attentif au fait que le CSV soutient ce projet, qu'il considère comme une possibilité innovante pour les enfants de se développer au niveau des différentes compétences , mais aussi au niveau scolaire. Il met en avant que les membres du CSV saluent l'engagement et la motivation des enseignants vis-à-vis du projet. Il rejoint aussi Messieurs Biltgen et Tonnar sur la proposition de réduire le taux d'enfants à besoins spécifiques à 30% au début. Un avis qui, comme il le précise, a été partagé par la commission scolaire.*
Par contre, en ce qui concerne le site de la « Bëschschoul », la fraction du CSV a encore quelques remarques à présenter. Ainsi, ils précisent que la Waldschoul, sur laquelle les classes qui participent au projet peuvent se rabattre en cas de mauvais temps ou de changement de la météo, doit être rénovée au plus vite, comme par exemple les toilettes, ceci dans l'intérêt des enfants eschois.

Luc Majerus (déi gréng) *commence par remercier Monsieur Tonnar et les enseignants qui ont contribué à la réalisation du projet et précise que la fraction de déi gréng soutient ce projet, de même que le projet évoqué auparavant, qui va dans le même sens et qui concerne les mêmes quartiers. Il souligne les effets positifs sur le bien-être des enfants, particulièrement sur ceux qui sont turbulents ou qui présentent des problèmes spécifiques. Tous les enfants qui, à un si jeune âge, présentent des troubles, doivent être pris en charge.*
L'État et la commune ont l'obligation morale de donner à tous les enfants la possibilité de devenir des citoyens responsables. C'est davantage plus important si les parents ne peuvent pas accomplir tout seuls cette tâche, soit parce qu'ils sont accaparés par leur travail ou qu'ils ont eux-mêmes des problèmes au niveau des langues. Selon l'avis de déi gréng, la nature est le cadre idéal pour éduquer les enfants à devenir des citoyens responsables. Le conseiller remarque que la plus-value qu'un tel projet peut apporter à la longue à la société en général, est difficile à chiffrer et qu'il attend avec impatience le bilan après la première année du projet.

All Kand, wat schonn an deem Alter - mir schwätzen hei vu Kanner, déi dräi bis fënnef Joer al sinn, Problemer hunn, an déi solle jo elo zu 30%, wann ech dat richteg verstanen hunn, an déi Klassen integréiert ginn -, muss en charge geholl ginn. Ech sinn der Meenung, de Stat, an domadder och d'Gemeng, huet eng Obligatioun, op d'mannst eng Obligation morale fir all de Kanner Méiglechkeeten ze ginn, selwer denken ze léieren an e responsabelen - ech kommen do op mäin éischte Punkt zréck - Citoyen ze ginn am Erwuessenenalter an net en marge vun der Societéit ze liewen.
An dat ass ëmsou méi wouer, wou an dësem Fall oft, wann ech se esou nennen däerf, défaillant Elteren hannendru stinn. Défaillant net, well se méi schlecht si wéi aner Elteren, défaillant well se vläicht schaffen a sech manner ëm hir Kanner kënne këmmeren, Défaillant, well se vläicht selwer Sproocheproblemer hunn an de Kanner net kënnen ënnert d'Äerm gräifen. An deenen défaillanten Eltere muss de Stat dann ënnert d'Äerm gräifen, andeem se hir Charge ënnerhëlt.
Ech schwätzen hei awer vun enger Charge, déi doraus besteet, aus de Kanner selbstdenkend Mënschen ze maachen an net fir de Kanner iergendwelch préconçu Ideeën, Philosophien oder Ideologië bäizebréngen.
déi gréng Esch sinn der Meenung, dass de Kader vun der Natur perfekt geschafen ass, fir aus deene Kanner selwerdenkend Mënschen ze maachen an ech ënnerstëtzen dee Projet wierklech ganz staark a sinn och gespaant, wat de Bilan no engem Joer ass.
An hei erëm déiselwecht Remarque zum Schluss wéi fir dee Projet virdrun: Et kann ee sech net ausrechnen, wat fir eng Plusvalue esou ee Projet ka fir d'Gesellschaft am Allgemengen a 5, 10, 15 oder 20 Joer bréngen. Ech soen Iech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Biltgen an duerno d'Madame Hiltgen."

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschter. Den Här Mischo huet d'Waldschoul ugeschwat. Ech wëll elo net ze vill iwwert de Site Waldschoul schwätzen, well ech mengen, dass dat zweeërlee Saache sinn.
Et ass vill iwwert de Site Waldschoul ze soen, iwwert déi Aktivitéiten, déi do stattfannen. Mä ech mengen, dat wëll ech zu engem aneren Zäitpunkt maachen. Och wann hei de Site Waldschoul mat genotzt gëtt zum Deel, sinn et awer zwee ganz ënnerschiddlech Projeten. An dat sollt een net vermëschen, well dëst hei ass an eisen Aen e ganz flotte Projet.
Ech freeë mech wierklech, dass dee soll am Hierscht ulafen. Ech sinn och frou, dass ech do konnt dobäi sinn an deem Aarbechtsgrupp, fir dat mat unzehéieren an ze ënnerstëtzen. Mir hu jo och schonn hei zu Esch déi éischt Bëschcrèche am Land gehat, déi vun der APAS geréiert gëtt.
Dass mer elo nach zwou Bëschklasse solle kréien, ass wierklech eng gutt Saach. Ech mengen, dass dëst engem grousse Besoin vun de Kanner entsprécht. Well d'Kandheet huet sech an de leschten 30 Joer immens verännert. D'Kanner spillen haut net méi dobaussen an der Natur. Fréier, wann d'Elteren hir Kanner spille geschéckt hunn, an dat nach bis an d'70er Joren eran, huet dat implizit geheescht, „eraus" spille goen. Haut ass et genau de Géigendeel. Fréier hunn d'Eltere verbueden, dobannen ze spillen, haut verbidde se hinnen éischter, dobaussen ze spillen.
Am Ufank vum 20. Jorhonnert hunn d'Kanner ongeféier 100 verschidde Bewegungsspiller kannt. Haut kenne se nach duerchschnëttlech 5, an do ass Fussball a Krich spille schonn dobäi. Dat Dobausse-Spillen ass awer oder war ganz wichteg fir d'Entwécklung vun de Kanner, fir hir Motorik, fir hir Wahrnehmung, hir Selbstständegkeet a besonnesch hir Kreativitéit. D'Kanner hunn hei gespillt a geléiert, ouni fäerdeg fabrikéiert Spillsaachen oder Spillplazen, déi zwar sécher sinn, mä oft kee kreatiivt Spillen zouloossen. An et goufe keng bis an de leschten Detail virgeluechten Aktivitéiten.
Genau dëst geschitt awer erëm an der Bësch- oder Naturpädagogik, déi jo hei soll agesat ginn.
Ervirzehiewen ass, dass dëse Projet op d'Initiativ vun engem Grupp Enseignanten zréckgeet. Dat gouf jo och schonn hei gesot. Déi hunn e ganz ausféierlecht Konzept opgestallt an hu sech och immens fir hire Projet agesat. Ech denken, dass de Projet sech och wäert an de Jore weider entwéckelen, vläicht och an déi Richtung, dass déi zwou Altersgruppen, déi elo nach solle getrennt sinn, spéider vläicht gemécht ginn an och dass d'Kanner vum Cycle 1.2 mat abezu ginn. Dat wär eng Entwécklung, déi ech géif begréissen.
Ech sinn och der Meenung, dass besonnesch elo am Ufank net ze vill Kanner à besoins spécifiques solle matgeholl ginn, och wann et deenen natierlech besonnesch zegutt kënnt. Mä hei soll d'Zuel am Beschte lues no de Méiglechkeeten an Erfahrungen ugepasst ginn.
Op kee Fall sollen dës Klassen de Stempel kréien, dass et Klasse fir Kanner mat Problemer wären. Well et ass wierklech

Laurent Biltgen (déi Lénk) *remarque qu'il ne faut pas confondre la Waldschoul et la Bëschschoul, il s'agit de deux projets bien distincts. Il salue le fait que le projet de la Bëschschoul doit commencer pour la rentrée. Il se réjouit d'avoir pu participer au groupe de travail et évoque qu'Esch disposait de la première Crèche en forêt du pays, qui est actuellement gérée par l'APAS. Il souligne que pour le projet 'école dans la forêt' deux classes supplémentaires sont une bonne idée.*
Ce projet prend en compte les besoins des enfants d'aujourd'hui, qui n'ont plus le même lien avec la nature et sont encadrés d'une autre manière que ceux qui ont grandi il y a une trentaine d'années. La pédagogie par la nature va à l'encontre de ce développement, elle permet aux enfants d'améliorer leur motricité et d'être créatifs. Le conseiller met l'accent sur l'engagement des enseignants impliqués dans ce projet avant d'évoquer comment celui-ci pourrait se développer par la suite, par exemple en mélangeant les enfants des deux cycles et en l'étendant au cycle 1.2., voire même en appliquant ce modèle à d'autres classes, cycles ou écoles. Il partage l'avis qu'il est préférable de ne pas intégrer trop d'enfants à besoins spécifiques dans le projet au début, afin de ne pas stigmatiser ces classes comme des classes pour enfants à problèmes et d'adapter le taux afférent au fur et à mesure. Sa fraction apporte son soutien au projet « Bëschschoul ».

eppes, wat all Kand zegutt kënnt. Aus dësem Grond géif ech et och begréissen, wann heiriwwer eraus géifen nach méi esou Klassen entstoen an dat och an anere Schoulen.
An ech mengen, dass dëst och interessant ass fir méi al Kanner. Firwat sollen net emol och aner Grondschoulklassen op d'mannst fir e puer Deeg an de Bësch goen, vläicht nom Modell vun de Séjouren an der Waldschoul. An och fir d'Maison relais wär et e méigleche Modell, fir mat de Kanner regelméisseg e ganzen Nomëtteg oder an de Schoulvakanzen ebe méi laang am Bësch ze verbréngen. Aus de Grënn, déi ech virdru schonn opgezielt hunn.
Mir ënnerstëtzen also dee Projet a felicitéieren nach eng Kéier d'Enseignantë fir hir Initiativ an hiren Engagement fir dee Projet hei. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Madame Hildgen dann nach zum Schluss."

Annette Hildgen (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech hunn am Fong geholl zu deem ganze Projet weider näischt ze soen. Ech hu just Froen. An ech hoffen, datt den Här Tonnar mer déi alleguerte ka beäntweren.
Déi éischt Fro, déi ech hunn: Ass dat do am Fong geholl eng Suite logique vun der Bëschcrèche? Dat ass déi éischt Fro, déi ech stellen, well ech mengen, et wär eng gewësse Logik dran, fir ze soen, d'Kanner sinn an der Bëschcrèche, si si gewinnt dobaussen, da gi se automatesch herno, wann d'Leit wëllen, an d'Waldschoul, wéi mir dat fréier gesot hunn.
Déi zweet Fro, déi ech hunn: no wéi enge Kritäre ginn déi Kanner erausgesicht. Gi se iwwerhaapt erausgesicht? Oder kënnen d'Eltere soen, mäi Kand geet elo an d'Waldschoul? Well mir hunn héieren, 12 a 14 Kanner. Dat heescht, dat si Plazen, déi si begrenzt. Do kann net jiddwereen dohinner goen. An et géif mech interesséieren, no wéi enge Kritären, datt déi Kanner kënnen doropper goen.
Et ass och hei geschwat gi vu Kanner à besoins spécifiques an et ass gesot ginn, datt do net ze vill Kanner kënnten an déi Klassen do erakommen.
An et ass vun Integratioun geschwat ginn. Mir schwätze guer net méi vun Integratioun. Mir schwätzen ewell vun Inclusion, wat immens wichteg ass. Dat heescht, wann do Kanner eropkommen à besoins spécifiques, denkt drun, wann ech gelift, fir eng Assistance mat eran ze ginn. Well déi Kanner brauchen haaptsächlech, wat de Bësch ubelaangt, oder wa se e kierperlechen Handicap hunn, duebel Hëllef, fir kënnen ze participéieren bei all deenen Aktivitéiten, déi déi gesond Kanner am Bësch kënnen duerchféieren.
Et ass och gesot ginn, et misst nach renovéiert ginn. Et géif mech interesséieren, wat do nach ze renovéieren ass. Well ech mengen, et soll e „Vorzeigeprojekt", soe se op Däitsch, ginn. An effektiv, den Här Mischo huet vun den Toilettë geschwat. Déi Toilettë sinn absolut net méi zäitgeméiss. Dat heescht, wa mir wëllen hunn, datt se am Hierscht do sollen optimal kënnen ufänken, wier et un der Zäit, fir elo u Renovatiounen ze denken.
Wat mech immens freet, ass, wa Klassen do uewe sinn, datt dee Gaart, deen eng Kéier amenagéiert ginn ass op Steierkäschten hannert der Bëschcrèche, komplett, awer komplett delabréiert ass. Dat, well kee méi duerno kuckt. Et wier gutt, datt deen erëm reaniméiert gëtt, datt duerno gekuckt gëtt. Do sinn Héichbeeten opgeriicht ginn, do sinn deier a gutt Bänken dohinner gesat ginn, mat Dëscher. Dat huet alles Sue kascht. An dat läit do an et ass fir ze kräischen, wann een dat gesäit. Ech géif deene Leit un d'Häerz leeën, fir och dat mat an hire Plang eranzehuelen."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Madame Hildgen, dat ass net dee Site."

Georges Mischo (CSV): „Et ass net dee Site."

Annette Hildgen (CSV): „Mir wëssen, datt et net dee Site ass. Mä déi vun der Bëschcrèche soen, mir sinn net responsabel. Déi vun der Bëschcrèche soen, mir maachen dat net, dat ass d'Schoul, déi dat soll maachen, dat ass d'Gemeng. Dat heescht, et ass iwwerhaapt kee méi, dee sech drëm bekëmmert.
Et war een Enseignant, deen och heibanne sëtzt, deen dat an d'Liewe geruff hat. Deen huet dat och ënnerhalen. Deen ass aus der Groussgaass komm. Dee Mann ass geplënnert. An all Projet, dat wësse mer aus Erfahrung, wat un enger Persoun hänkt, a wann déi Persoun net méi disponibel ass, geet d'Baach an.
Et huet awer Sue kascht an et ass traureg, fir ze kucken. Dat ass och eng Éducatioun fir de Kanner ze weisen, datt Réidercher an Zalot net am Cactus wuessen.
Dat Zweet, wat ech wëll soen: D'Critères de recrutement hunn ech elo schonn ugeschwat, mä no wéi enge Kritären ginn d'Kanner erausgesicht? An ech wollt just wëssen, wat geschitt mat deenen anere Projete „Waldschoul", déi ganz gutt waren? Mir hate Projete „Wald-

Annette Hildgen (CSV) *a encore quelques questions concernant le projet et espère que Monsieur Tonnar pourra lui apporter les réponses. Ainsi, elle demande si ce projet est une suite logique de la Bëschcrèche, puisqu'elle y voit une certaine logique.*
La deuxième question porte sur les critères de sélection des élèves qui participeront au projet. Elle veut savoir, si et comment les élèves seront choisis, vu que les places sont limitées.
Concernant les enfants à besoins spécifiques, elle précise qu'il y a une nuance entre les termes intégration et inclusion, et que désormais on parle d'inclusion. Elle ajoute qu'il faut assurer à ces enfants l'assistance dont ils ont besoin, par exemple dans le cas d'un handicap physique, afin qu'ils puissent participer aux activités sans contraintes.
Un autre point de son intervention se réfère à l'état des infrastructures. Elle déplore l'état dans lequel le jardin derrière la Bëschcrèche se trouve. Malgré les affirmations de la bourgmestre et de Georges Mischo, qu'il ne s'agit pas du même site, elle insiste que personne ne se sente responsable dudit projet. La conseillère se demande aussi ce qui est prévu pour les autres projets de la « Waldschoul ». Elle rend attentif au fait que ce projet implique d'importants efforts financiers et en temps. La conseillère veut d'autre part savoir, si le projet sera évalué après un certain temps.
Elle termine son intervention en soulignant qu'il s'agit d'un très beau projet qui est dans l'intérêt des enfants d'aujourd'hui.

schoul", wou regelméisseg a relativ gutt besat waren. Et si verschidde Klassen an d'Waldschoul gaangen. Déi sinn da mueres doropper gaangen, et sinn zwou Stonne Schoul gehale ginn, an da sinn déi Kanner och eraus an de Bësch gaangen. Et ass mam Ellergronn zesumme geschafft ginn. Dat heescht, déi Kanner haten och d'Méiglechkeet, aus alle Schoulen hei an Esch, fir doropper ze goen.
Wat d'Organisatioun ubelaangt, do hutt Der lech bestëmmt scho Gedanke gemaach. Well dat gëtt jo awer a punkto Transport e relativ groussen Opwand. Do hänkt eng Maison relais drun, do hänke Kantinnen drun, do hänkt Sport drun. Do kënne se net schwamme goen do uewen, do hu mer nach keng Schwämm. Dat ass gewosst. Dat heescht, och dat hëlt Zäit ewech, dat kascht Suen an dat kascht Zäit.
Dat Drëtt, dat Lescht, wat ech wëll froen, ass: Gëtt no enger gewësser Zäit eng Evaluatioun gemaach? Dat wier interessant, fir no zwee Joer ze soen - also no engem Joer kann een dat nach net soen -, ob d'Kanner dovu profitéiert hunn? A wa Jo, et ass näischt méi flott wéi Kanner, déi do uewen an der Natur kënne sinn. Den Här Biltgen huet et ugeschwat.
Wéi mer kleng waren - dat ass den Avantage, wann ee scho méi al ass -, konnte mer nach op der Strooss spillen. Mir sinn eleng an de Bësch gaangen. Haut schéckt ee kee Kand méi op d'Strooss spillen. Mir hunn do Relatioune konnten opbauen. Mir sinn an de Bësch gaangen. Mir konnten an der Natur liewen. Déi Zäite sinn ëm. A vun do aus fanne mir dat hei e ganz flotte Projet. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci, Madame Hildgen. Ech géif dann dem Schoulschäffen d'Wuert gi fir d'Äntwerten."

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Merci emol fir déi Unanimitéit, déi mer hei am Gemengerot hunn. Dat schéngt mer och normal, well et ass wierklech e ganz flotte Projet. An ech soen och der Schoulkommissioun op dëser Plaz e Merci. Ech soen awer och dem Comité de pilotage vun der Brillschoul e Merci. Dee souz zesummen an huet dat alles erkläert kritt deen Dag virum Feierdag. Bis owes halwer néng souze mer zesummen.
An ech wëll och emol eng Kéier ervirhiewen, dass an deem Comité de pilotage entretemps fënnef Elterevertrieder sinn, wat ech ganz flott fannen. Dat si Leit, déi wierklech ganz dynamesch sinn, ganz interesséiert sinn. Et si keng Lëtzebuerger. Dat wollt ech och emol eng Kéier ervirhiewen. Soudass een awer mengt, dass dee Projet vun der Brillschoul ufänkt, seng éischt Friichten ze droen.
Fir der Madame Hildgen ze äntwerten: do wëll ech lech soen, et ass keng Suite logique vun der Bëschcrèche. Et ass eppes ganz aneres. Et ass e ganz neie Projet, deen ufänkt. Et ass ee Projet, deen ufänkt mat Kanner vum Précoce a mat Kanner, déi schoulpflichteg sinn, déi an d'éischt Spillschoul ginn.
An d'Critères d'évaluatioun: Dir wësst, dass mer zënter Joren net méi Klassen opdeelen am Service de l'enseignement. Et gëtt jo ni méi driwwer geschwat, wou kënnt een, an do ass gefuddelt ginn, a firwat ass dee bei deem Enseignant, an deen ass bei deem Enseignant? Dat ass zënter Joren eng Selbstverständlechkeet. An et ass nach just, wann e Problem ass, dass de Service de l'enseignement, respektiv de Schoulschäffen agräift.
Mä dat ass jorelaang schonn net méi de Fall. An et sinn d'Enseignantë vun de Cyclen, déi sech hir Kanner opdeelen an déi sech hir Klassen opdeele mat deene Kanner. An do ass iwwerhaapt keng Diskussioun méi.
Dir kënnt lech all erënneren un déi Secteursdiskussioun, déi mer hei haten, wann d'Schoulorganisatioun war. An déi Enseignantsproblemer: déi eng ware beim Star-Schoulmeeschter, déi aner ware beim schlechten. Dat ass alles keng Diskussioun méi. Ech wollt dat awer och emol eng Kéier hei soen.
An ech mengen, et ass och vläicht deelweis duerfir, dass déi Schoulorganisatioun all Joer zënter zwee oder dräi Joer d'Unanimitéit kritt. Well gemierkt gëtt, dass versicht gëtt no alle Kritären ze handelen. De Critère socio-économique, dee mer nach an der Schoulkommissioun virgëschter haten a wou mer erëm uwennen a spezifesch op déi Schoulen, déi méi Besoinen hunn.
Hei och sinn d'Enseignanten natierlech déi, déi déi Kanner erauswielen, déi a Fro kommen. An da ginn d'Eltere gefrot. Dat hei ass keng Mussesaach. Bei deenen Elteren, déi net d'accord sinn, ginn d'Kanner net an déi Schoul.
Den Haaptsite, wou se sinn, ass nieft der Waldschoul. Do gëtt net vill amenagéiert. Mä et ass net an der Waldschoul selwer.
Et war un d'Maison Rosati geduecht ginn. Mä dat ass ze wäit fir déi kleng Kanner. Déi kënnen net dohinner goen. Dat wier eng ideal Struktur, mä et ass ze wäit. An hei kënnt einfach en Zelt. Wann Der laanscht d'Waldschoul weidergitt, gesitt Der schonn esou eng Plaz lénkerhand. Do ass eng grouss Plaz amenagéiert ginn, wou en Zelt steet a wou

L'échevin Jean Tonnar (LSAP) *se réjouit de l'unanimité qui règne au sein du conseil communal au sujet du projet. Il tient à remercier aussi la commission scolaire ainsi que le comité de pilotage de la Brillschoul. L'échevin ajoute que désormais il y a cinq représentants de parents qui siègent au sein du comité, qui sont très motivés et il souligne qu'ils ne sont pas de nationalité luxembourgeoise. Selon lui, le projet de l'école du Brill semble donc bel et bien porter ses fruits.*
Ensuite il tient à répondre aux questions posées par Madame Hildgen. L'échevin met l'accent sur le fait que ce projet ne constitue pas une suite logique de la Bëschcrèche. C'est un tout nouveau projet, qui concerne des enfants du précoce et du préscolaire.
Il dit que ce sont les enseignants qui choisissent les enfants et par la suite on demande aux parents s'ils sont d'accords. Ce n'est en aucun cas obligatoire et les parents peuvent refuser cette proposition.
L'échevin explique que le site principal se trouve à côté de la Waldschoul. Une grande place avec une tente y a été aménagée. D'autre part, les classes profiteront aussi de l'annexe qui se trouve sur le chemin pour aller au Ellergronn et à la Waldschoul.
Il réaffirme que l'organisation au niveau du bus et de la maison relais est réglée et remercie toutes les personnes impliquées. Il évoque aussi la question de l'évaluation. Selon lui, la meilleure évaluation qu'il peut y avoir et de voir si le projet va perdurer au-delà de l'année scolaire 2016/2017, si c'est le cas, c'est qu'il s'agit d'un succès.

d'Kanner ënnerdaach sinn. Et ass an deem Sënn, wéi et ze gesinn ass.
An da gëtt natierlech och vun där Annex, déi um Wee fir an den Ellergronn a fir an d'Waldschoul läit, profitéiert.
De Bus, ech hunn dat alles gesot, ass organiséiert. D'Maison relais ass organiséiert. All Mënsch war ganz flexibel. An ech kann nëmmen all deenen, déi de loin ou de près concernéiert waren a concernéiert sinn, Merci soen.
An als Abschluss: Dir hutt gesot, et gëtt eng Evaluatioun gemaach. Et gëtt natierlech eng Evaluatioun gemaach. Wann et d'nächst Joer an der Schoulorganisatioun heescht, déi Bëschschoul gëtt et net méi, naja, da war et ee Flopp.
Ech mengen, dat wier déi bescht Evaluatioun, déi mer kënne kréien. Also d'nächst Joer, wann et weidergeet an eventuell, wéi den Här Mischo an den Här Biltgen an ech et soen, vläicht eng Klass nach méi entsteet, da war et e Succès. Da brauche mer net eng ganz deier Evaluatioun. Do gesi mer eng Evaluation naturelle gratuite, wéi dat do weidergeet. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Schoulschäffen an alleguerten de Riedner fir déi flott Ënnerstëtzung. Hei brauche mer kee Vote.
Ech ginn dem Schoulschäffen direkt erëm d'Wuert weider fir den nächste Punkt. Dat ass d'Tax."

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Dat ass just eng Formalitéit. Elo sinn et 600 Euro d'Joer an et gëtt proposéiert, dass et soll pro Trimester opgehuewe ginn. Et geet ëm déi Kanner, déi net zu Esch wunnen, wou dann d'Gemeng, wou se hirkommen, déi Tax bezilt. Elo gëtt et dann dräimol 200, also pro Trimester, amplaz 600 an enger Kéier."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Au vote."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité la modification de la taxe scolaire relative à la scolarisation d'un enfant non-résident.

6. Urbanisme
6.a. Modification ponctuelle du PAG « Op der Haart » ; décision
6.b. Cascade d'eau au parc Gaalgenbierg ; présentation

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Vun deene ville flotte Projeten, déi mer elo hei virgestallt kritt hunn, komme mer op e weidere flotten, mengen ech, deen eis alleguerten interesséiert. Ech ginn dem Bauteschäffe Kox d'Wuert."

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Hei geet et ëm eng zweet Modifikatioun, eng punktuell Modifikatioun vum PAG „Op der Hardt".
Schonn am Joer 2010 gouf de PAG ëmgeännert fir de Projet vun engem Akaafszentrum um Site „Op der Hardt" kënnen ze realiséieren. Deemools gouf eng groussflächeg Zone spéciale definéiert.
An deene Joren duerno gouf deen urspréngleche Projet mat enger Verkaafsfläch vu 35.000 m² adaptéiert an op ronn een Drëttel reduzéiert. Dofir ass deen Undeel vu Wunnen méi héich am neie Projet.
Well d'Wunnfunktioun awer net an enger Zone spéciale ka realiséiert ginn, muss de PAG nach eemol modifizéiert ginn. D'Reduzéiere vun der Verkaafsfläch an déi bedeitend Erhéijung vum Wunnundeel erlaben et, dass de Projet sech urbanistesch besser an déi bestoend Situatioun integréiert. Et sinn dëst och d'Fuerderungen, déi am Joer 2010 schonns vun der Commission d'aménagement gestallt goufen.
Mat der Modifikatioun, déi mer elo hei virleien hunn, gi mer also dëse Fuerderungen elo gerecht. Déi geplangte Wunnzon am nërdleche Beräich gëtt also elo méi grousszügeg definéiert als Zone d'habitation 2, zesumme mat enger Zone superposée, déi d'Aussoen trëfft, dass e PAP hei ze maachen ass fir d'Realisatioun vun dëse Wunnengen.
E sougenannte Couloir pour projets de mobilité douce garantéiert d'Realisatioun vun enger Querverbindung zwëschent der Schoul an dem bestoende Wunnquartier.
De südlechen Deel, dee fir d'Implantatioun vum neie Cactus virgesinn ass, mat enger Wunnbebauung laanscht d'rue de Mondercance, gëtt als Secteur commerci-

Bourgmestre Vera Spautz (LSAP) *remercie tout le monde pour leur soutien à l'égard de ce projet. Elle remarque qu'il n'y pas besoin de vote avant de redonner la parole à l'échevin Jean Tonnar.*

L'échevin Jean Tonnar *précise qu'il a été proposé de faire en sorte qu'une taxe est désormais à payer sur base trimestrielle, ce qui ferait 200 € par trimestre au lieu de 600 € par an. Il s'agit là des enfants qui n'habitent pas à Esch-sur-Alzette, mais qui fréquentent une école à Esch.*

(Vote)

L'échevin Martin Kox (déi gréng) *évoque de plus près la modification ponctuelle du PAG « Op der Hardt ». En 2010, le PAG du site a déjà été changé afin d'y pouvoir réaliser le projet d'un centre commercial, ainsi une zone spéciale a été définie. Martin Kox indique qu'au fil des années la surface commerciale a été réduite de deux tiers. Le taux de la surface dédiée au logement a par contre été augmenté.*
Puisque ce volet ne peut pas être réalisé dans une zone spéciale, le PAG doit être modifié une seconde fois. Comme l'échevin explique, cela permet de mieux intégrer le projet dans la situation existante. La modification prend donc en compte les revendications qui ont été formulées en 2010 par la commission de l'aménagement. La surface habitable dans la partie nord du site sera définie comme Zone d'habitation 2 ensemble avec une zone superposée. Il y aura aussi un couloir pour projets de mobilité douce.
La partie sud, prévue pour l'implantation du nouveau Cactus, sera selon les précisions de l'échevin, définie comme secteur commercial « Op der Haardt ». Il demande aux autres membres du conseil communal de voter en faveur de cette modification du PAG.

al „Op der Hardt" definéiert. Dës Festsetzung geschitt nach nom ale kommunale Gesetz vun 1937. Dat ass méiglech, well mer nach an der Iwwergangsphas sinn zu engem neie PAG. Dës Festsetzung erlaabt et, dass de Cactus gebaut ka ginn, ouni mussen e PAP ze realiséieren.
Ech bieden lech der zweeter Modifikatioun vun dem PAG „Op der Hardt" zouzestëmmen. Merci."

André Zwally (CSV): „Merci, Här Schäffen. Ech mengen, hei si mer elo an der Diskussioun iwwert déi zweet Modifikatioun, wat de PAG ubelaangt. Mir kenne jo e bëssen d'Aventure vum éischte Projet. Och um Niveau vun deem, wat d'Anrainer deemools gesot hunn, wou se jo net zefridde ware mat deem, wat presentéiert ginn ass.
Mir hunn och deemools gesot, wéi mer déi éischt Modifikatioun gemaach hunn, dass mer domadder kënnen d'accord sinn a mer och domadder kënne liewen. Mir wäerten och bei dëser zweeter Modifikatioun vum PAG domadder d'accord sinn.
Dir hutt elo gesot, dass e Changement kënnt. Um Fernseh konnt een dat och scho suivéieren, dass e Changement géif kommen, wat d'Responsabel vum Cactus jo och public gemaach hunn.
Mir wären natierlech eng Kéier frou, wa mer de Projet als Solches nach eng Kéier kéinte virgestallt kréien. Mir soe jo hei, dass mer kee PAP méi brauchen, mä et wier gutt, wa mer de Projet, wa si souwisou eng Kéier mam Projet kommen, onbedéngt virgestallt kréien. Well mir hunn eis och deemools beim Projet enthale gehat, einfach aus där Ursaach, well mer déi Diskussioun vun der Verkéierssituatioun deemools a Fro gestallt hunn. An ech konnt feststellen, dass opgrond vun der Kommissioun, wou mer haten, de Gros vun deene Leit, déi do waren - och Leit, déi hei an der Gemeng schaffen -, net onzefridde waren, dass et net geschitt ass. Well elo ass et e reduzéierte Projet, deen hei virläit.
Doriwwer eraus, mat der neier Entwécklung, déi mer jo um Boulevard Meyer kréien, mat dem neie Centre d'intervention, mat der Police - an do zousätzlech och nach de Schëfflenger Site, deen da soll developpéiert ginn -, ginn et eis aner Méiglechkeeten an aner Vuen an aner Entwécklungen, soudass ech an deem Sënn zwou Saache soen: Mir wäerten déi Deuxième modification hei matstëmmen a freeën eis schonn op d'Diskussioun, wat de Projet selwer ubelaangt. Merci."

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Madame Bofferding, w.e.gl."

Taina Bofferding (LSAP): „Merci. Wéi eng Dageszeitung treffend geschriwwen huet, kléngt dës punktuell Modifikatioun vum PAG op den éischte Bléck net immens spektakulär, géif et am Endeffekt net hei ëm de Cactus goen.
Et muss een awer elo soen, interessanterweis ass de proposéierte PAG, iwwert dee mer elo hei sollen ofstëmmen, urbanistesch gesinn, méi avantagéis. Déi geplangte Mëschnotzung mécht sécherlech hei den Ënnerscheed.
Obwuel kee Kläger viru Geriicht Recht kritt huet, gouf elo awer enger grousser Kritik Rechnung gedroen: D'Surface commerciale gëtt wesentlech méi kleng. An domadder wäert och kee monostruktural groussflächeg wierkende Supermarché dominéieren.
Nei sinn déi grouss Wunnflächen, woumatter zousätzlech Logementer geschafe ginn.
Et sief awer nach eemol betount, dass nach kee fäerdegt Konzept virläit. Hei geet et ëm de modifizéierte PAG, dee vill Méiglechkeeten zouléisst, wat d'Mixitéit betrëfft. Dat heescht also net, dass domadder d'Garantie ginn ass, dass alles esou kënnt, wéi et am Moment emol ugeduecht ass. Mä e bitt eben d'Méiglechkeet, verschidde Pisten ze realiséieren. Dofir plädéiere mer och dofir, fir dëse Projet net direkt ofzeschéissen, mä emol ze kucken, wat dann herno ganz genau ugeduecht ass.
Ee Punkt, op dee mir als LSAP wëllen hiweisen, deen e grousse Kritikpunkt gewiescht ass: Dat ass dee vum Kaméidi. Do ass vläicht ze iwwerleeën, ob ee sech do net kéint entgéintkommen a kucken, datt ee vläicht iwwert dat kéint erausgoen, wat d'Norm bei der Kaméidireduzéierung virgesäit. Do si jo awer oft Bauhären, déi deem entgéintkommen. A vläicht kann een hei sou eng Aart Kompromëssléisung fannen.
Wat de Rond-point betrëfft, mengen ech, misst och vläicht Ponts et Chaussées do eng nei Etüd maachen, fir ze kucken, ob deen, wéi en ugangs mol eng Kéier geduecht war, nach esou iwwerhaapt Sënn ergëtt? Oder ob een do muss eng aner Solutioun fannen?
Mir als Verantwortlech mussen eis awer och bewosst sinn, dass hei e Geschäftsmann an eiser Gemeng wëll investéieren. Net just fir de bestoende Supermarché, dee jo souwisou nëmme provisoresch am Moment ass, ze verbesseren, mä duerno eben och Wunnraum ze schafen. A mir brauchen hei zu Esch Wunnraum.
Doniewent gëtt och nach zousätzleche Commerce kreéiert, wat bedeit, dass nei Aarbechtsplaze geschafe ginn. An och

André Zwally (CSV) *affirme que comme pour la première modification, les membres de son parti vont aussi donner leur accord pour cette deuxième modification du PAG. Ensuite il souligne que néanmoins ils apprécieraient d'avoir une présentation du projet en tant que tel. Il ajoute que le CSV va voter en faveur de cette deuxième modification et se réjouissent de la discussion qui suivra concernant le projet lui-même.*

Taina Bofferding (LSAP) *évoque que le PAG proposé est plus avantageux d'un point de vue urbanistique. D'autre part une des principales critiques a été pris en compte et la surface commerciale a été réduite. Elle pointe sur l'importance de la surface habitable dans le nouveau projet et précise qu'il n'y pas encore de concept fini, mais qu'il s'agit d'un PAG modifié qui permet davantage de possibilités en ce qui concerne la mixité.*
Elle informe aussi que son parti veut rendre attentif à un point de critique qui est celui du bruit. Il propose de trouver un compromis et d'aller au-delà de ce qui est la norme au niveau de la réduction du bruit.
En ce qui concerne le rond-point, elle suggère que les Ponts et Chaussés fassent une étude pour voir si ce qui a été initialement prévu fait encore du sens. La conseillère communale souligne qu'il faut se rendre compte qu'un homme d'affaires est prêt à investir dans la commune et qu'un tel projet permet de créer des logements, de la surface commerciale et des emplois supplémentaires, plusieurs choses dont la ville aura besoin. Elle rajoute que cela ne signifie pas que la qualité de vie doit être négligée en faveur d'aspects économiques. Le dialogue avec les habitants du quartier est un point important selon le LSAP. Elle explique que pour que le PAG pourrait entrer officiellement en procédure, les membres de son parti vont voter en faveur de la modification.

dat brauche mer hei zu Esch: nei Aarbechtsplazen.
Dat bedeit awer elo net, dass dee Projet herno egal zu welche Konditioune soll duerchgeboxt ginn. Ekonomesch Aspekter däerfe sécherlech net iwwert de sozialen Aspekter, sprréch der Liewensqualitéit stoen.
Dofir ass bei eis och den Dialog mat de Bierger aus deem Quartier enorm wichteg. Eng Informatiounsversammlung gesäit d'Gesetz jo souwisou an der Procédure vum PAG vir. A fir eben elo de PAG offiziell an d'Procédure ze ginn, stëmme mer dëser Modifikatioun dann zou. Merci."

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Merci, Madame Bofferding. Et geet elo just ëm e PAG. Konkret Pläng, wat do letztendlech gebaut gëtt, sinn elo net hei am Projet mat dran. Hei geet et elo just nëmmen ëm déi zoulässeg Funktioun, wat op deem Site allgemeng méiglech ass.
Ech mengen, et ass selbstverständlech an dofir muss dee Projet hei och nach eng Kéier ëffentlech an enger Versammlung virgestallt ginn. Dat ass elo innerhalb vu 14 Deeg. Ech mengen, dat beinhaltet zunächst, dass mer haut eng Zoustëmmung zu der Modifikatioun ginn. Selbstverständlech, wéi bei all Projeten, déi mer an der Vergaangenheet ugaange sinn, ginn déi och am Quartier ëffentlech virgestallt. Awer an där Situatioun si mer och nach net.
Et ass och näischt iwwer de Verkéier, näischt iwwert e Rond-point an esou weider, iwwer Zougäng dran. Déi sinn hei mat där PAG-Ëmmodifikatioun net betraff. E fäerdegt Konzept läit eis sécherlech nach net vir. Soubal wéi mer do Eenzelheeten hunn, komme mer selbstverständlech och domadder hei nees an de Gemengerot. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Kox. Au vote!

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité la modification ponctuelle du PAG « Op der Haart ».

7. Circulation
7.1. Rue de Belvaux ; modification du règlement de la circulation ; décision
7.2. Rue du Canal ; modification du règlement de la circulation ; décision
7.3. Ruelle du Château ; modification du règlement de la circulation ; décision
7.4. Avenue de la Gare – rue Ferdinand Nothomb ; modification du règlement de la circulation ; décision
7.5. Règlement-taxe concernant le stationnement payant; modification; décision
7.6. Règlements de circulation temporaires ; confirmation

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir komme bei en nächsten och ganz flotte Punkt: d'Cascade d'eau do uewen um Gaalgebierg bei der Roseraie, déi mer och fir dëst Joer am Budget virgesinn haten an déi endlech Realitéit gëtt. Dir hutt d'Pläng an Ärem Dossier leien an de Bauteschäffen, den Espaces-Verts-Schäffen erkläert lech, ëm wat et geet."

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Merci, Madame Buergermeeschter. Et ass hei u sech eng Informatioun iwwert d'Renovéierung.
Also wéini d'Cascade gebaut ginn ass, wësse mer net genau. Op jidde Fall, wéi d'Aweiung vum Park war, 1912, huet nach keng Cascade bestan. An de Jemp Gillen, deen u sech dat neit Konzept entwéckelt huet an och de Projet leet, huet an den Annalen nogekuckt an huet festgestallt, dass Fotoen awer virleie vun der Cascade zwëschen 1920 an 1930. Dat kuerz zu der Historie.
Déi heiteg Anlag war elo säit Joren net méi a Betrib, nodeem duerch Fissurë vill Waasser verluer gaangen ass. Dat neit Konzept, méi modern a geometresch, läit elo vir.
De Waasserfall entspréngt ënnerhalb vun enger Aussiichtsplattform, déi méi grouss ass an och geséchert ass duerch e Geländer. D'Waasser leeft dann an enger neier Form ofwiesselnd duerch dräi Becken an dräi Waasserleef an den existéierende groussen ënneschte Becken, deen esou bestoe bleift.
Zréckgegraff gëtt op modern Matièrë wéi Cortenstol fir d'Basengen, Grauwacke heescht dat vun engem cedimentairë Fiels aus dem Norde vum Land fir d'Alentouren, souwéi laséierten, respektiv pigmentéierte Beton. Alles a Faarftéin, déi vu gro bis op raschtrout ginn.

L'échevin Martin Kox (déi gréng) *affirme que ce point du conseil communal concerne seulement le PAG, permettant ainsi de voir ce qui est réalisable sur le site. Le projet lui-même sera présenté plus tard au public, endéans de deux semaines, mais il faudra d'abord procéder à la modification du PAG.*
D'autre part, il explique que le projet ne comporte pas d'informations sur le trafic, le rond-point et d'autres accès et dit que dès qu'ils auront plus de détails, ceux-là seront abordés au sein du conseil communal.

(Vote)

L'échevin Martin Kox (déi gréng) *présente le projet concernant la cascade d'eau à côté de la roseraie sur le Gaalgebierg. Après un bref retour en arrière sur la date de construction de la fontaine, l'échevin évoque le nouveau concept, qu'il qualifie de moderne et géométrique. Ainsi la cascade prend sa source en dessous d'une plateforme panoramique, qui est plus grande que la précédente et qui est sécurisée par une balustrade.*
L'eau traversa trois bassins, trois cours d'eau et le grand bassin qui existe déjà. Il évoque aussi les matériaux utilisés : il s'agit notamment de l'acier Corten, de la Grauwacke et de béton pigmenté, les tons allant du gris au rouge rouillé.
L'échevin précise qu'un entrepreneur est chargé de la démolition de l'ancienne cascade tandis que les autres travaux sont pris en charge par la commune. C'est Jemp Gillen en collaboration avec le CIGL qui va construire la nouvelle cascade d'eau.
Il souligne que les travaux préparatoires seront réalisés dans le dépôt du Wadleshaff permettant ainsi de limiter les conséquences des travaux sur le parc. Les travaux commencent avant l'été. Pendant l'été et l'hiver ils feront une pause.
Martin Kox explique les travaux au niveau des plantes sont prévues pour printemps 2017. Il termine son intervention en remerciant Jemp Gillen, qui a développé le nouveau concept et qui est chargé de la direction des travaux.

D'Ofrappe vun der aler Cascade an den Ënnerbau gi vun engem Entrepreneur gemaach. Dat anert leede mer selwer.
Dono baut dann de Jemp Gillen zesumme mam CIGL deen neie Waasserfall. Fir d'Auswierkunge vun den Aarbechten op de Park ze minimiséieren, ginn d'Viraarbechten, de Façonnage vun de Steng, ausserhalb vum Park am Dépôt vum Wadléshaff gemaach an duerno op d'Plaz fir den Abau gefouert. D'Aarbechte lafe virum Summer. Am Summer ass eng Paus. A schliesslech am Wanter maache mer eng Paus an d'Planzaarbechte ginn am Fréijoer 2017 virgeholl.
Ofschléissend wëll ech dem Jemp Gillen, deen d'Konzept gemaach huet an och d'Bauleedung mécht, villmools Merci soe fir deen neie flotte Projet."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Hansen huet d'Wuert."

Mike Hansen (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Merci och un d'zoustänneg Schäffen. Mir hunn haut scho vill iwwer Projeten, Beweegung an Natur geschwat, duerfir ass et och emol flott, datt d'Cascade och um Ordre du jour steet.
An der Vitess, wou dat realiséiert gouf, hu mer, mengen ech, all Rekorder gebrach. Well d'Fro ass 2012 vu mir un de Schäfferot gestallt ginn, wat dann elo mat de Fontainë passéiert, notamment mat der Cascade. Et gouf all Joers budgetiséiert an dann hu mer elo endlech 2016 e Projet virleien, deen, Madame Buergermeeschter, awer och u vergaangene Projet vun der Brillplaz erënnert, deen endlech virläit, fir dann 2017 realiséiert ze ginn.

(Gelächter an Diskussioun)

Mä ech sinn awer frou, dass et elo an deem Dossier weidergeet, och wann et nach ëmmer net fir dëse Summer ass.
Wa mer scho vun de Fontainë schwätzen, wëll ech awer och drun erënneren, datt eng aner Fontaine nach ëmmer drësche läit, wou och säit Joren nach ëmmer näischt passéiert ass, nämlech am Lavalspark niewent der Wiss. Wat, mengen ech, awer och misst emol ugepak ginn. Well do, wou d'Kanner spillen, ass och net onbedéngt eng ongeféierlech Plaz.
An da wollt ech awer och nach e bëssen den Débat erweideren, well Dir hutt gesot, och no der héicherotescher Emschreiwung vun de Steng, déi do geluecht ginn, datt dee Projet endlech Realitéit ass, an do wollt ech awer och emol froen, wéini mer dann déi ëffentlech Grillplaze kréien? D'Fro ass 2015 gestallt ginn; da wäerte mer jo 2019 de Projet virleien hunn, wéi mer dat dann elo als Gemeng regelen. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Maroldt huet d'Wuert nach gefrot."

François Maroldt (CSV): „Ech wäert elo net ze laang iwwert dee Projet do schwätzen, dee mer och gefält. Et ass e flotte Projet. Ech hunn et och ëmmer e bësse schued fonnt, dass déi Cascade net méi fonctionnéiert. Wou mer awer all Kéiers, wa mer op de Gaalgebierg gaange sinn, dohinner Zäit verbréngen, nee, Moukefänken... Ech sinn net esou de Moukefrënd. Mä trotzdeem, ech mengen, et war ëmmer eng Attraktioun vun eisem Park. An ech fannen et wierklech flott, dass déi och erëm aktivéiert gëtt.
An deem Kontext vum Waasser wollt ech awer och elo nach eng kleng Suggestioun mat op de Wee ginn: Dir wësst, dass niewent dem Rousegäertchen ëmmer och eng Fontaine, e Sprangbuer, e Stee war, wou mer konnten als Kanner nach spille goen. Dat heescht, wann s De op där enger Säit zougedréckt hues, dann huet deen anere méi e staarke Strahl an d'Nues kritt. Mir hunn nach Super-8-Filmer an der Famill, wou flott Szenen do dokumentéiert sinn.
Quitte dass d'Waasser jo net soll verbëtzt ginn, mä et kann een dat jo awer um Gaalgebierg mat Interrupteure maachen, soudass awer och do déi eng oder aner Fontaine vläicht erëm eng Kéier kéint fonctionnéieren, fir déi Familljen, déi mat de Kanner op de Gaalgebierg ginn. Eng kleng Suggestioun, déi ech lech mat op de Wee ginn am Kontext, wou mer elo vu Waasser geschwat hunn. A wéi gesot, och vun eiser Säit aus fanne mer, datt et e flotte Projet ass a mir ënnerstëtzen en."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir probéieren dann alles, Här Maroldt, fir och Är Kandheetserënnerungen erëm ëmgesat ze kréien. A vläicht just awer ganz kuerz den Här Hansen, wann Der vun där Fontaine am Lavalspark schwätzt, ech mengen déi ass gemaach."

(Diskussioun)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „D'accord."

Mike Hansen (LSAP): „Et ass déi bei der Wiss niewent der Crèche, net déi ronn."

Mike Hansen (LSAP) *remercie la bourgmestre et les échevins et se réjouit que la cascade d'eau figure finalement parmi l'ordre du jour. Il remarque que le sujet a déjà été évoqué par lui-même en 2012, une situation un peu comparable à celle du projet de la Place du Brill.*
Il rappelle que la fontaine du « Lavalspark », près du pré, est hors fonction depuis plusieurs années et qu'il faudrait entreprendre quelque chose. Le conseiller demande aussi quand les espaces barbecues publics seront aménagés.

François Maroldt (CSV) *remarque qu'il s'agit d'un beau projet et qu'il a toujours regretté que la cascade ne fonctionnait plus. Il ajoute qu'il apprécie que cette attraction eschoise soit réactivée. Le conseiller suggère d'équiper les fontaines d'interrupteurs. Il répète que son parti trouve qu'il s'agit d'un beau projet et qu'il va le soutenir.*

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Kox huet d'Wuert."

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Déi puer Suggestioune ginn ech weider, respektiv och dat vum Lavalspark. Dat ass natierlech. An och déi kleng Fontaine do, déi dann direkt mat renovéiert gëtt. Mä dat ginn ech ebe weider un deen, deen de Projetskonzept gemaach huet.
Wat déi aner Punkten ubelaangt, vun de Grillplazen: Do hunn ech Konntakt opgeholl mat eisem Fierschter. Dat ass elo net esou evident, wat elo de Bësch ubelaangt an dee Beräich, an och seng Efahrungen, déi hie gemaach huet an anere Gemengen. Also et ass net evident, dass mer do esou séier eng Zouso kréien.
Ech mengen, dat ass wierklech eng Gestioun vun esou Plazen. Déi kënnen net herno ausgesinn, wéi haut op anere Plazen, op anere Stätten, déi hie mer entspriechend esouguer mat Fotomaterial gewisen huet. Awer ech mengen, mir kommen nach eng Kéier dorop zréck. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Kox. Hu mer kee Vote? Neen.
Da komme mer direkt bei de Verkéiersschäffen. Henri Hinterscheid, d'Circulatioun, Dir hutt d'Wuert."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Dës Kéier musse mer da wierklech emol richteg um e-Conseil schaffen, well en Deel vun den Dokumenter hu mer net ënner Pabeierform virleien.
Dat Éischt hu mer allerdéngs, dat ass d'rue de Belvaux. Do gëtt elo definitiv eng Place pour personnes à mobilité réduite installéiert. Dat Zweet ass d'Kanalstrooss. Do hu mer och eng Place à mobilité réduite dran.
D'Kanalstrooss: do hu mer scho méi laang hei eng Kéier driwwer diskutéiert. Dass mer an der Kanalstrooss zwecks Verkéiersberouegung riets Virfahrt maachen a mir ginn eigentlech elo e Schratt méi wäit, wéi nëmme Rietsvirfahrt. Dat, well och de Stat a senge Reglementer aner Méiglechkeet ginn huet.
Mir ginn elo carrément d'Kanalstrooss och als Tempo-30-Strooss reglementéieren. Et ergëtt eigentlech och kee Sënn; et ass fir den Automobilist net novollzéibar, dass déi Kanalstrooss eigentlech d'Roll vun enger Sammelstrooss huet, fir nach eng Kéier de Verkéier ze drainéieren. A mir maachen am Sënn vun der Verkéiersséchérheet sécher eppes Positives, wann et da kloer ass, dass dee ganzen Tissu urbain, deen do awer zesummegehöreg ass, als Tempo-30 duerchgängeg reglementéiert ass.
Och wann et och daagsiwwer an der Kanalstrooss net esou liicht méiglech ass, mat iwwerhéichter Vitesse ze fueren, owes ass et sécher méiglech. An dat gëtt och der Police d'Méiglechkeet, da wierklech Kontrollen ze maachen. Mat 56 an der Kanalstrooss - wat elo esou nach quasi an de Beräich vun de Kavalléiersdelikter géif goen -, ass allerdéngs an enger Tempo-30-Strooss en Délit de grande vitesse. An dat gëtt bis e puer Honnert Euro, zwee Punkten a gegebenefalls Prisong mat Sursis. Also do ass et wierklech ganz kloer dann, dass d'Police och dann déi Moyenen huet, fir ze agéieren. An ech mengen, mir doen eiser Verkéiersséchérheet am Stadzentrum eppes Guddes domat.
An der Ruelle du Château reglementéiere mer elo de Verkéier eigentlech esou, dass, wéi en urspréngléch geduecht war mat dem PAP, dee mer do drun hänken haten, mer en Accès interdit vun der rue Hélène Buchholtz aus maachen, sauf bicyclettes. Sou dass mer fir d'Lëtzebuerger Strooss emol kloer och d'Virfahrtregelen hunn. An dass mer eigentlech de Parkage op deenen zwou Säite carrément verbidden. De Moment hu mer d'Situatioun, dass do regelméisseg geparkt gëtt an dass dat zu Verkéiersproblemer a Belästegungen a virun allem och zu ville Geforemomenter féiert.
Dann hu mer d'Rue Nothomb an d'Avenue de la Gare. D'Rue Nothomb soll nei gemaach ginn, infrastruktur-technesch a voirie-technesch.
D'Rue Nothomb gëtt dann, wann ech mech elo net verzielt hunn, dee fënnefte Shared Space, dee mer an Esch kréien. Firwat d'Rue Nothomb? Et kéint ee sech och virstellen, dat gegebenenfalls als Foussgängerzon oder nach méi reduzéiert ze maachen. Mä d'Rue Nothomb huet eng wichteg Funktioun. Dat ass déi, dass et d'Voie de délestage ass fir de Parking Boulevard Kennedy. D'Sortie läit an der Rue de la Libération a geet duerch d'Rue Nothomb eraus, iwwert den ieweschten Deel vun der Avenue de la Gare.
Do, wou mer dann och de Verkéier op de jëtzege Rond-point leeden. Mä wou d'Ponts et Chaussées awer laangfristeg erëm virgesinn huet, deen erëm zu enger normaler T-Kräizung zréckzebauen, well deen net méi gebraucht gëtt als Rond-point, wann d'Auberge de la Jeunesse do ass. Dat ass bei hinnen ugeduecht, mä läit allerdéngs de Moment net an hire Prioritéiten. Wat dann dozou féiert, dass den ieweschten Deel Avenue de la Gare vun dem Elektrikergeschäft

L'échevin Martin Kox (déi gréng) *promet de transmettre les suggestions émises.*

L'échevin Henri Hinterscheid (LSAP) *aborde le sujet de la circulation. D'abord il évoque la rue du Canal. Il explique qu'au lieu d'opter seulement pour des priorités à droite, cette même rue deviendra une zone où la vitesse est limitée à 30km/h. Ceci permettrait aussi à la police à agir davantage, 56 km/h, ce qui auparavant ne constituait qu'un délit mineur, serait alors sanctionné plus sévèrement.*
Il passe ensuite à une autre rue, la ruelle du château. Celle-ci sera transformée en « accès interdit excepté vélos » à partir de la rue Hélène Buchholtz. En ce qui concerne rue du Luxembourg, il est prévu d'appliquer des règles de priorité précises et d'interdire le stationnement sur les deux côtés de la route. L'infrastructure et la voirie de la rue Nothomb seront remis en état. Il remarque que cette rue deviendra un « shared space ». La partie supérieure de l'avenue de la gare deviendra une zone de rencontre respectivement un « shared space ».
L'échevin explique que les habitants de la rue Nothomb et des alentours se sont montrés enthousiastes à l'égard de ce projet ; à leurs yeux il s'agit d'une mise en valeur de leur rue et d'une amélioration au niveau de la situation de la circulation. Il ajoute que des arbres y seront plantés.

Kill un, bis erop op de Boulevard Kennedy och Zone de rencontre gëtt. Dat, well mer soss de Sortiesverkéier vum Parkhaus missten duerch d'Gaardestrooss féieren, fir dann hei ënnen op dësem Kräizungspunkt Boulevard Bervart och erëm eraus ze kommen. An da misste se erëm eng Kéier zréckdréinen iwwert de Rond-point, well kee Linksabbieger méiglech ass.
Dofir kënne mer also den ieweschten Deel vun der Avenue de la Gare nëmmen als Shared Space maachen, also als Zone de rencontre maachen. Et gëtt och esou ausgeluecht wéi de generelle Standard vun de Zones de rencontre an erlaabt eis dann, och d'Parken do vill méi restriktiv ze gesinn an och méi coercitif mat eisen Agente virzegoen.
Et kënnt och kee Vëloswee do dran. Well an enger Zone de rencontre gëtt et keen ausgewisene Vëloswee, well jo all Fouss-, all Verkéiersteilnehmer gläichberechtegt ass. Dann hu mer déi Problematik och eraus. Dat wäert natierlech am Ufank net ouni Protokolle goen. Dat ass kloer. Mä no deem souvillte Protokoll wäerten d'Leit et da lues awer sécher mierken.
Mir haten dat do och den Awunner an der Nothomb-Strooss an an deem Eck do virgestallt. Si waren eigentlech begeeschtert dovunner. Si fannen, dass se net nëmmen eng Opwäertung vun hirer Strooss kréien, mä och eng Verbesserung vun der Verkéierssituatioun. A mir setzen och do Beem dran - an der Rue de Nothomb ass kee Bam dran - eleng och, well ee mat Beem ka verkéierstechnesch vertikal Elementer setzen, fir de Verkéier ze regelen.
Voilà, da mengen ech sinn ech doduerch. De Rescht sinn temporär Verkéiersreglementer."

(Interruptioun)

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Pardon, dat hunn ech vergiess. Dat hutt Der nogeschoss kritt.
Opgrond vu Gespréicher, déi mer mat eisem Geschäftsverband haten, si mer verbliwwen, dass et op eise periphere Laangzäitparkingen eigentlech dem Geschäftsverband géif samschdes mëttes hëllefen, wann déi gratis wären. Mir hu samschdes keen Drock op deene Parkingen, well dat si Parkingen, déi eigentlech méi vu méindes bis freides funktionéieren.
Duerfir wollte mer lech proposéieren - Dir hutt d'Dokument virleien -, dass mer déi peripher Parkinge Longue Durée samschdes gratis maachen. Do gehéiert d'Barbourger-Strooss, de Tronçon tëscht der Rue des Mines an dem Immeubel Nummer 15 an dann d'Rue Jos Kieffer, d'Rue Henri Koch, dann de Boulevard Alyose Meyer an de Parking um Charles de Gaulle, uewen de Parking Raemerech, wéi mer et nennen, dozou. Well et besteet keen Handlungsdrock do.
Et kënnt dobäi, dass déi Parkingen do exzellent un den ëffentlechen Transport ugeschloss ginn. Ech mengen, déi ganz Achs Raemerech, Henri Koch, Jos Kieffer, Aloyse Meyer ass mat der Linn 7 am Véierelstonnentakt un den Zentrum ugeschloss. Also dat bréngt sécher eng Plusvalue och fir d'Visiteure vun Esch.
An an deem Sënn schloe mer lech dann och vir, dass mer d'Taxereglement dahingehend änneren, dass dat de longue durée nëmme vu méindes bis freides payant ass an duerno fräi ass. An da kommen temporär Reglementer."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Hinterscheid. Ech schreiwen op: Den Här Mischo, den Här Biltgen, den Här Hansen. Den Här Mischo huet d'Wuert."

Georges Mischo (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wollt am Fong geholl nach eng Kéier op déi Tëleessendung vum Nol op de Kapp zréckkomme vum leschten Dënschdeg, wou e Problem ugeschwat ginn ass an der Schëfflenger Strooss, wou eng Luucht net méi geet. Responsabel: Ponts et Chaussées. De leschte Gemengerot hate mer iwwert den CR170A, d'Pénétrante Lalleng, geschwat. Responsabel: Ponts et Chaussées.
An den Här Hinterscheid hat och vun engem Schëld geschwat, Esch-West, dat kéint an Esch-Brill ëmgewandelt ginn. Responsabel: Ponts et Chaussées.
Dofir wollte mir emol froen, wat ass do lass? Wou kënnen do Léisunge kommen, virun allem do duerch déi Luucht am Schëfflenger Wee, wou jo awer trotzdeem geféierlech ass. An et muss jo net onbedéngt eng Kéier do een ugestouss ginn oder méi schlëmm Saache geschéien, bis Ponts et Chaussées reagéiert. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Mischo. Den Här Biltgen, w.e.gl."

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschter. Mir hu guer kee Problem mat deene virgeschloenen Änneruungen. Mir fannen et och eng gutt Saach, dass samschdes sollen déi Parkinge gratis sinn.
Mä mir kënnen awer d'Taxereglement net matstëmmen, well mer et och déi aner Kéier net matgestëmmt hunn. Ech

Le dernier point concerne les parkings longue durée. Suite à des entretiens avec l'association des commerçants eschois, il a été convenu que cela pourrait aider les commerçants si ces parkings seraient gratuits le samedi. Il propose donc au conseil communal de faire en sorte que les parkings périphériques longue durée seront gratuits le samedi et énumère les parkings concernés par cette proposition : la rue Barbourg, le tronçon entre la rue des Mines et l'immeuble numéro 15 dans la rue Jos. Kieffer, la rue Henri Koch, le bvd Aloyse Meyer ainsi que le parking au bvd Charles de Gaulles. L'échevin rajoute que ces parkings sont tous bien raccordés aux réseaux des transports publics.
Il demande donc aux membres du conseil communal de voter en faveur de la modification du règlement des taxes, afin que les parkings longue durée soient seulement payants du lundi au vendredi.

Georges Mischo (CSV) *revient encore à certains problèmes dont la solution incomberait à l'Administration des ponts et chaussées. Malheureusement, la réactivité de cette administration laisserait à désirer.*

Laurent Biltgen (déi Lénk) *souligne que son parti ne saura voter le règlement des taxes alors que, pour des raisons bien connues, il ne soutient pas la politique de la commune en ce qui concerne la gestion des parkings. Néanmoins, il salue la gratuité du parking dans la périphérie les weekends. Par conséquent, il demande un vote séparé.*

ginn elo net nach eng Kéier op all déi Grënn an, firwat mer Är Parkraumpolitik net kënnen ënnerstëtzen. Ech denken, déi Grënn si bekannt. Mä mir hätte gär dann e Vote séparé. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „D'accord. Merci, Här Biltgen. Dann den Här Hansen, w.e.gl."

Mike Hansen (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Merci, Här Hinterscheid. Also als Éischt, vu que dass ech oft am Quartier ronderëm d'Kanalstrooss ënnerwee sinn, mengen ech, ass dat och eppes, wat vun de Leit gefuerdert ass. Well dat hu mer och an der Commission locale de la sécurité héieren an och an de Meetinge mat de Leit ass dat och virkomm: se hunn eben dee Problem mat der Vitesse. An ech fannen, et ass eng super Idee, do d'Vitesse erauszehuelen an d'Vitesse ze reduzéieren, dat och zu méi Sécherheet do géif bäidroen. Dat läit jo och à proximité vun engem Lycée an à proximité vun der Resistenzplaz mat der École du Brill.
Dann nach wollt ech Iech felicitéiere fir Är Idee, de Parking à long terme gratis iwwert d'Weekender ze maachen. Ech mengen, et ass en Zeeche vun Ärer gudder Zesummenaarbecht mam Geschäftsverband. Et ass sécher eng Plus-value net nëmme fir d'Geschäftsleit, mä och fir de Syndicat, wa mir eis Organisatiounen hunn, fir méi Leit an den Zentrum ze lackelen.
Mä ech fannen awer, datt dat mat enger Kommunikatioun zesumme misst goen, wou mer de Leit kommunizéieren iwwert e laange Raum: "Do ass Parking, do ass e gratis", fir d'Leit dorun ze winnen, deen ze huelen. Ech mengen, dat ass net nëmme payant à court terme duerch de Parking gratuit. Mä esou kréie mer ëmmer méi Leit an d'Peripherie.
An dann och op den ëffentlechen Transport bezunn, wat jo u sech Äre Projet fir muer, also eise Projet vun der Mobilité douce ass a vun enger Stad, déi e bësse méi vum Autosverkéier befreit ass. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Här Hinterscheid, w.e.gl."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Här Mischo, Ponts et Chaussées sinn d'Ponts et Chaussées. Et ass eng vun deenen eelsten, wann net déi eelste Staatsverwaltung wou mer hunn. Oder ass d'ITM déi eelst? Dann ass Ponts et Chaussées déi zweeteelst.
Et ass fir d'Nationalpolitiker net ëmmer einfach, Neierungen an der Ponts et Chaussées ëmzesetzen. An net méi spéit wéi gëschter wor eng Konferenz iwwert d'Semaine européenne de la mobilité, an do ass dat ugedeit gi vun engem nationalpolitesch Responsabelen aus der Regierung. Da kënnt Der Iech virstellen, dass et fir eng Gemeng nach e bësse méi komplizéiert ass.
Da muss een nach wëssen, dass Ponts et Chaussées net eng Verwaltung ass, mä dass déi Divisiounen huet, dass déi eng regional Divisioun huet, dass déi dann d'Grande Voirie huet, et cetera, et cetera, an dass ee mat all deenen eenzelne Leit muss schwätzen. Mir ginn déi Saachen natierlech als Gemeng virun a mir gi se och mat all deem Nodrock virun, deen och besteet.
Et besti Situatiounen, déi einfach musse geännert ginn a mir maachen dat. A wann een eis Leit an der Voirie kennt, weess een och, dass déi och kënne richteg granzeg a richteg sténkeg ginn, wann et noutwendeg ass, fir do virun ze kommen.
Bon, mir schreiwe regelméisseg. Mir hunn dat mat der Grande Voirie geschriwwen. Mir sinn nach ëmmer en attente vun enger Äntwert. Well ech mengen, do gëtt et Interpretatiounsfroen an der Ponts et Chaussées selwer, wéi dat soll gemaach ginn, wann ech eleng d'Beschëlderung op der Autobunn huelen. Also mir bleiwen dohannert an all Suggestioun, déi kënnt, wäerte mir dann natierlech och viru ginn.
Här Biltgen, ech hu mer näischt anescht erwaart. Dir sidd kohärent an Dir sidd konsequent an Ärer Approche. Et ass awer flott, dass Dir der Meenung sidd, dass et trotzdeem eng gutt Saach ass, dass mer dat samschdes fräi maachen. Mä ech verstinn awer, dass een dat anert net ka matstëmmen.
Här Hansen, d'Kommunikatioun mengen ech iwwert dës Plattform hu mer gemaach. Elo sinn ech iwwerzeegt, dass d'ACAIE an de Syndicat d'initiative dat scho wäerte vermaarten, dass vun elo un samschdes a sonndes d'Parkingen an der Peripherie fräi sinn. Ech iwwerloossen do ganz gär emol d'Kommunikatiounsprioritéit, well ech mengen, et wäert dann och sënnvoll gemaach ginn. Ech si jo schonn iwwerzeegt, dass dat vun haut un an der Populatioun gesi gëtt.
Och e grousse Merci, dass Der einfach och där Suerg vun der Verkéiersséchеrheet, déi mer do mat deem Tempo 30 an der Kanalstrooss a mat der Rietsvirfahrt, mat deelt an dass Der do och hannendru stitt. Ech mengen, dat ass och wichteg fir eis Leit an et ass wichteg fir eis Agenten. Et ass wichteg fir d'Forces

Mike Hansen (LSAP) *salue la décision de réduire la vitesse dans la rue du Canal, ceci ayant été un souci majeur des habitants du quartier et la commission locale de la sécurité en ayant également déjà été saisie. Il approuve aussi la décision à long terme de rendre le stationnement gratuit pendant les weekends, signe d'une bonne collaboration avec l'association des commerçants de la ville. Il estime cependant qu'il faudrait communiquer davantage à ce sujet pour amener encore plus de personnes dans la périphérie et, en ce faisant, favoriser l'utilisation du transport public.*

Henri Hinterscheid (LSAP) *rappelle que les ponts et chaussées sont une administration publique, lente dans la transposition de nouveautés et organisée suivant ses divisions régionales et ses services, ce qui rendrait un avancement rapide difficile. L'orateur assure que la commune a tout entrepris, afin de pallier les problèmes décrits par Monsieur Mischo et promet de rester vigilant.*
Il comprend la position de Monsieur Biltgen et répond à Monsieur Hansen que la commune cède la priorité de l'information à l'association des commerçants et au syndicat d'initiative et souligne encore une fois la nécessité de la réduction de la vitesse dans la rue du Canal et l'introduction du système de la priorité à droite dans cette même rue.

de l'ordre, dass dat vun dem ganze Gemengerot gedroe gëtt."

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Här Mischo, nach eng ganz kuerz Äntwert, wat déi Luucht ubetrëfft. Ech krut do gëschter een Uruff. Si hunn dat effektiv nogekuckt; si hu keng schrëftlech Demande kritt wéinst där Saach. Ech mengen, dat huele mer zur Kenntnis a mir ginn dat och weider un eis Servicer. Si konnten doduerch net agéieren op där Plaz do."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Au vote. Dat heescht e Vote séparé. Här Generalsekretär, kläert Der eis op, wat mer elo fir d'Éischt stëmmen."

Generalsekretär Jean-Paul Espen: „Mir stëmmen alles ausser d'Taxen."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la modification du règlement de la circulation pour la rue de Belvaux.

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la modification du règlement de la circulation pour la rue du Canal.

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la modification du règlement de la circulation pour la ruelle du Château.

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la modification du règlement de la circulation pour l'avenue de la Gare / rue Ferdinand Nothomb.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dann den zweete Vote, d'Taxen."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve la modification du règlement-taxe concernant le stationnement payant.

Ont voté pour : Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – M. Henri Hinterscheid – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth

Ont voté contre : M. Laurent Biltgen – M. Guy Kersch – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – M. André Zwally

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité différents règlements de circulation temporaires.

(Votes)

8. Conventions
8.1. Convention pour la prise en charge de chambres pour étudiants Erasmus provenant des villes jumelées; décision
8.2. Convention « Services Pour Jeunes » ; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zum nächste Punkt, dat sinn zwou Konventiounen. D'Wuert huet den Här Schäffe Codello."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Déi éischt Konventioun ass ausgeschafft ginn, nodeems mer eng Diskussioun hei am Gemengerot haten iwwert d'Universitéit. Et ass geduecht, fir Erasmus-Studenten aus eise Partnerstied ee Semester à hauteur vun 300 Euro pro Mount Logementskäschten ze iwwerhuelen, als Stad Esch, a fir an deem Kontext och eng Campagne ze starten, fir d'Uni an och de Site Belval notamment an eisen eelef Partnerstied méi bekannt ze maachen.
Déi zweet Konventioun ass d'Convention annuelle tëschent dem Ministère de l'Éducation nationale et de la Jeunesse an der Stad Esch, wou mer eis jo zu 50% d'Frais de fonctionnement an d'Frais de salaires deelen, wat d'Jugendhaus ugeet. An do ass dat fir d'Joer 2016 258.250 Euro. Dat mécht dann d'Halschent vun där Konventioun aus. An ech bieden lech, deenen zwou Konventiounen zouzestëmmen."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Zwally huet d'Wuert gefrot."
André Zwally (CSV): „Mir fannen et och eng gutt Idee a mir ënnerstëtzen dat och. Allerdéngs hu mer eis eng Fro gestallt: vu que dass mer jo eelef Partnerstied hunn, da géifen dat jo da prinzipiell e Maximum vun 33 Loyere ginn, also dräi pro Partnerstad."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Do gëtt eng Selektioun gemaach zesumme mat der Uni. Déi Studente mussen déi Kritären erfëllen a si mussen och vun der Uni virgeschloe ginn."

André Zwally (CSV): „Also meng Fro ass dann: Wann der elo eelef Stéck do sinn, déi aus eise Partnerstied kommen, ginn et der dann 33 oder nëmmen 3, déi d'Recht hunn, fir kënnen am Erasmus e Studium vun engem Semester eng Hëllef vun 300 Euro ze kréien?

(Interruptioun)

Also just 3. A si proposéieren déi.
Also mir waren der Meenung, dass dat net duergeet. D'Initiativ ass gutt. Mä ech mengen, dass een do eng Ongläichheet kreéiert, och fir déijéineg, déi d'Instrument hunn, fir herno kënnen de Choix ze maachen. An an deem Sënn menge mir, wier et gutt, eng éischte Kéier emol ze probéieren. A wann d'Demande méi grouss ass, soll een och op de Wee goen - well et och kee finanziellen Aspekt ass, deen eis wierklech hënnert -, fir da méi ze maachen. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Zwally. Här Hansen, w.e.gl."

Mike Hansen (LSAP): „Ech hunn nach eng Fro, wou ech och schonn d'leschte Kéier driwwer geschwat hunn: Wéi geet dat da mat den Escher Studenten, déi an d'Partnerstied den Erasmus wëlle maache goen?
A wa jo, kéinte mer dat da vläicht och op der Internetsäit kommunizéieren, datt Studenten, wa se an eng Erasmusstad ginn - an eng Partnerstad, déi och hiren Erasmusprogramm ubitt -, do och kéinten ënnerbruecht ginn. A wat soss den Erasmus ugeet: also ech weess, datt wahrscheinlech d'Demanden net onbedéngt déi gréisste sinn, fir op Esch ze kommen."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Här Hansen, Merci. Den Här Codello, w.e.gl."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Also do muss ech awer elo offensiv widderschwätzen. Do hutt Der awer dann net déi lescht Zuelen gesinn, Här Hansen. Déi ginn an d'Rektorat. Dat muss ech lech awer direkt soen, wat d'Zuel ugeet.
Mir wollten elo mol ufänken; mir wollten dat elo mol lancéieren. Dat kann een natierlech ëmmer nach verhandele mat der Uni, fir datt do méi Studenten an de Genoss kënne kommen.
D'Uni wollt eng Konventioun mat eis, well se am Moment eng grouss Demande huet vu Studenten aus de Vereenegte Staten an aus Kanada. An do hu mir emol fir d'éischt gesot, "mir wëllen elo mol fir d'éischt d'Uni a Belval an eise Partnerstied bekannt maachen". Well dat ass, Här Hansen, den Objet vun dëser Konventioun. Et ass net, dass Escher sollen an eis Partnerstied goen.
Mir sinn Universitéitsstad an elo ass et eisen Objet, eis emol bekannt ze maachen an deene Stied. De Rektor war scho mat a verschidde Partnerstied. Op offizieller Visite, wéi mer kierzlech de Quar-

Dan Codello (LSAP) *présente deux conventions et les soumet au vote. La première est conclue avec l'université et concerne la prise en charge, pendant un semestre, des loyers de 3 étudiants venant des 11 villes partenaires d'Esch pour connaître l'université de Luxembourg au Belval, ceci dans le cadre du programme européen d'échanges Erasme. Les étudiants bénéficiaires sont sélectionnés par l'université-même.*
La deuxième convention sera conclue entre la Ville d'Esch et le ministère de l'Éducation nationale, de la Jeunesse et de l'Enfance et régit la répartition des frais de salaires dégagés par la maison des jeunes. Le montant à mettre à disposition par la commune s'élève à 258.250 euros pour l'année 2016.

André Zwally (CSV) *fait remarquer que l'initiative est bonne, mais que le nombre de trois étudiants est largement insuffisant. Néanmoins, il se montre d'accord de faire l'essai et de renouveler et d'étoffer le projet pour le cas où la demande s'amplifierait, le volet financier étant sans importance.*

Mike Hansen (LSAP) *pose la question ce qu'il en serait avec les étudiants d'Esch qui voudraient participer au programme Erasme dans une des villes partenaires et s'ils pourraient, le cas échéant, également bénéficier de cette aide au logement. Par ailleurs, il estime que la demande pour venir à Esch dans le cadre de ce programme ne serait pas énorme.*

tiersmanagement op Offenbach kucke waren. An hien huet och iwwer eis Servicer, der Madame Wirtz, Kontakt opgeholl mat all deene Rektorskollegen aus deene Villes universitaires. Hie wëll och eng Kéier op Belval invitéieren, fir de Campus ze weisen.

Mä wat d'Unzuel ugeet, do si mir natierlech oppen, och fir no uewen."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Codello. Kënne mer déi zwou Konventioune mateneen ofstëmmen? D'accord."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité une Convention pour la prise en charge de chambres pour étudiants Erasmus provenant des villes jumelées.

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention « Services Pour Jeunes ».

9. Questions de personnel; décision
9.1. Service des Sports: Création et suppression de postes; décision
9.2. Régie des Services d'Approvisionnement: création et suppression de postes; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da fuere mer weider. Den Här Codello nach iwwert Personalfroen."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Mir hunn en éischte Personaldossier, dat ass mam Service des sports, deen de Posten Employé Carrière C oder D sengerzäit ausgeschriwwen hat, fir large kënnen anzestellen. Do huet sech en Employé Carrière D gemellt. Dee hu mer och hei am Conseil gestëmmt. Deen huet mëttlerweil de Redakterexamen gepackt. Dofir proposéieren ech Iech, de Redakterposten ze kreéieren, den Här Yves Weyrich drop ze setzen an dann och den Employé Carrière D-Posten 7 ze suppriméieren.

Datselwecht ass am RSA. Do musse mer e Posten als Fonctionnaire suppriméieren an e Salariés-Posten am Chef d'équipe kreéieren. Do gëtt net ee Poste méi kreéiert, mä et ass duerch d'Suppressioun. Dat ass eng Situation de fait, déi do scho bestanen huet. An no enger Sitzung mam zoustännege Schäffen, mam Här Hinterscheid, si mer zur Konklusioun komm, datt mer dann e Salarié am Chef d'équipe kreéieren an doduercher dann den Expéditionnaire technique och do suppriméieren. Ech bieden Iech, déi zwou Saachen ze stëmmen."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Au vote."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal accepte à l'unanimité la création et la suppression de postes au sein du Service des Sports.

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges

***Dan Codello (LSAP)** ne saurait accepter cette dernière remarque, alors qu'elle ne correspond pas à la vérité. Il précise que ce fut l'université qui avait déclenché les discussions autour d'une convention, à un moment où elle avait beaucoup de demandes venant des États-Unis et du Canada.*
La commune, de son côté, avait préféré d'abord faire connaître le site à ses villes partenaires. Le recteur de l'université aurait d'ailleurs participé à des visites officielles pour la promouvoir. L'objectif de la convention serait évidemment d'attirer les étudiants vers Esch et non le contraire. En ce qui concerne le nombre des disciples, l'orateur ne s'oppose pas à en accueillir davantage.

(Votes)

***Dan Codello (LSAP)** soumet à l'approbation du conseil deux décisions concernant le personnel. L'une concerne le remplacement d'un poste d'employé de carrière D par un autre de rédacteur dans la carrière D, la personne qui avait rempli le poste ayant réussi l'examen afférent. La deuxième concerne la suppression d'un poste de fonctionnaire pour le remplacer par un poste de chef d'équipe.*

(Votes)

Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le conseil communal accepte à l'unanimité la création et la suppression de postes au sein de la Régie des Services d'Approvisionnement.

10. Transactions immobilières
10.1. Acte de vente pour un appartement-duplex, avec cave et emplacement, dans la résidence Nonnewisen; décision
10.2. Contrat de bail pour un appartement-duplex, avec cave et emplacement, dans la résidence Nonnewisen; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „D'Transaction-immobilièren: do fannt Der an Ärem Dossier den Acte de vente an der Résidence Nonnewise vun engem Appartement-Duplex, dee fir 429.107 Euro de gré à gré sollt iwwergoe mat engem zweete Contrat de bail, dee fir sechs Méint elo gemaach gëtt, fir dass de Mann, deen dat Appartement keeft, kann en attendant seng Kichen installéiert kréien. Dat, well en dann direkt kann d'Jouissance vun deem Appartement hunn, well den Acte de vente elo eréischt ënnerschriwwe ginn ass. Ech géif lech bieden, deenen zwou Saachen zouzestëmmen."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité un acte de vente pour un appartement-duplex, avec cave et emplacement, dans la résidence Nonnewisen.

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité un contrat de bail pour un appartement-duplex, avec cave et emplacement, dans la résidence Nonnewisen.

11. Finances communales
11.1 Modification budgétaire pour le projet URBAN ART 2016; décision
11.2. Modification budgétaire pour la candidature de la Ville comme Capitale Européenne de la Culture; décision
11.3. Crédit spécial; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da komme mer zu de Finanzen, wou éischtens e Crédit spécial virläit vu 15.000 Euro fir d'Acquisitioun vun enger Remorque fir de Fierschter. An hannendrun mat der Beschreiwung, wéi dee Won ausgesäit.

Dann hutt Der en zweeten, deen Der haut verdeelt kritt hutt, deen awer och scho gëschter an der Finanzkommissioun virgestallt ginn ass. Dat ass eng Modification budgétaire duerch d'Kandidatur vun eiser Gemeng fir Capitale européenne de la culture. A vu que datt mer jo dee Label nach net hunn an d'Geld awer nach net hunn, mer awer musse Rechnunge bezuelen, fir d'Kandidatur ze bezuelen, respektiv déi Leit, déi dodrop schaffen, hu mer op verschiddenen Artikelen awer Suen ewechgeholl, fir kënnen déi Leit ze bezuelen. Dat insgesamt zu engem Montant vu ronn 95.000 Euro. Selbstverständlech wäert Der och Detailer kréien zu de ganze Finanzen an am Rectifié musse mer déi doten elo awer virstrecken. Dat ass et zu de Finanzen. Wa keen e Problem huet, stëmme mer alles zesummen of. Au vote."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil communal accepte à l'unanimité la modification budgétaire pour le projet URBAN ART 2016.

***Vera Spautz (LSAP)** présente un acte de transaction immobilière sur la vente d'un appartement duplex dans la Résidence Nonnewisen, acte précédé par un contrat de bail sur 6 mois, afin de permettre à l'acquéreur de jouir immédiatement de ses droits en attendant la signature de l'acte.*

(Votes)

Elle continue en proposant un crédit spécial pour l'acquisition d'une remorque pour le garde forestier.
En outre, la bourgmestre demande le vote d'une modification budgétaire en relation avec la candidature de la Ville d'Esch comme capitale européenne de la culture. Alors que le label n'a pas encore été définitivement accordé et que, par conséquent, les finances ne sont pas encore accordées non plus, que d'un autre côté il faudra cependant d'ores et déjà rémunérer les personnes qui travaillent sur le projet et régler des factures y relatives, elle propose d'intégrer un montant de 95.000 euros dans le budget rectifié afin que la commune puisse respecter ses engagements.

(Votes)

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil communal accepte à l'unanimité la modification budgétaire pour la candidature de la Ville comme Capitale Européenne de la Culture.

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité un crédit spécial pour l'acquisition d'une remorque pour le garde-forestier.

12. Contrats de bail et avenants

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Contrat-de-bailen fannt Der an Ärem Dossier. 1 bis 5 si Kontrakter, 6 en Avenant, 7 bis 8 si Garagen. Ech géif lech do och bieden, deem zouzestëmmen."

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil communal approuve à l'unanimité différents contrats de bail et avenants.

13. Subsides
13.1. Subside extraordinaire pour le Colloque International «Questions sur l'avenir du travail de mémoire»; décision
13.2. Subsides extraordinaires; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da komme mer zu de Subsiden. Als Éischt fannt Der e Subsid extraordinaire fir en immens flotten, wäertvolle Colloque international, deen organiséiert wäert ginn iwwert d'Question sur l'avenir du travail de mémoire mam Resistenzmusée, Kulturfabrik, d'Memochoa, wou mer eng Demande kritt hunn a wou mer eis wëlle bedeelege mat 7.500 Euro. Dee Colloque wäert d'nächst Joer den 20. an 21. Januar stattfannen. Ech géif lech bieden, och deem zouzestëmmen.
Respektiv och déi aner Subsiden, déi lech virleien, vun der Croix-Rouge, Lycée Technique Lalleng iwwert hire Projet „Real Snap", Handball Esch, Les Amis de l'accordéon, Aide aux enfants handicapés du Grand-Duché.
Dann e Subsid fir de Cabaret vum Lycée de Garçons, fir d'Uni Belval an Autisme Luxembourg fir hire Projet „Light it up".
Wa keen e Problem huet, kéinte mer alles zesumme stëmmen. Den Här Majerus huet eng Fro."

Luc Majerus (déi gréng): „ Ech hu just eng Fro: Ech si vläicht elo ignorant, mä de Projet „Real Snap", do hunn ech keng Ahnung, wat dat ass. Also ech maachen elo net mäi Vote dovun ofhängeg, ma de Projet vum Lallenger Lycée Technique kennen ech net."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „De „Real Snap" vum Lycée Technique de Lallange, Demande de sponsoring: do kënne mer just d'Infoen noliwweren. Jo, Madame Bofferding."

Taina Bofferding (LSAP): „Dat sinn déi Projeten, déi déi Lycées-Klassen ëmmer maachen, mengen ech, esou wéi Mini-Entreprises, wou se mat hirem Proff zesummen e Projet ausschaffen. Also wou se esou eng kleng Entreprise nospillen an dat selwer solle geréieren. An ech mengen, hei ass och esou e Projet, dee sech dodranner reit, wou si och herno Bewäertunge kréien.
An et ass oft, wou mer esou Projeten erakréien an d'Subsidiekommissioun, dass mer do eng kleng Ënnerstëtzung ginn, fir einfach déi Jonk ze encouragéieren, well si effektiv drop ugewise sinn, Sponsoring sichen ze goen."

Après avoir traité les contrats de bail, l'oratrice enchaîne en présentant les subsides ordinaires et extraordinaires à allouer :
Colloque international relevant la Question sur l'avenir du travail, organisé par le musée de la résistance, la Kulturfabrik et la Memochoa.
La Croix-Rouge luxembourgeoise, le Lycée technique Lallange pour son projet « Real Snap », le Handball Esch, les amis de l'accordéon et l'aide aux enfants handicapés du Luxembourg.
Le cabaret du Lycée des Garçons, l'université Belval et Autisme Luxembourg pour son projet « Light it up ».

***Luc Majerus (déi gréng)** demande des précisions sur le projet « Real Snap » qu'il ignore.*

***Taina Bofferding (LSAP)** le renseigne qu'il s'agit d'un projet de « mini-entreprises » que les élèves réalisent ensemble avec leurs professeurs et qui les oblige notamment à récolter du sponsoring.*

(Vote)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Villmools Merci, Madame Bofferding. Ass et okay, fir alles mateneen ofzestëmmen? Au vote!"

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil communal accorde à l'unanimité un subside extraordinaire pour le Colloque international « Questions sur l'avenir du travail de mémoire ».

Conseillers présents : M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil communal accorde à l'unanimité différents subsides extraordinaires.

14. Commissions consultatives; modification; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Kommissiounsännerunge leien net vir. Da soen ech Iech alleguerten e grousse Merci an dëser Hëtzt ausgehalen ze hunn an invitéieren Iech, denkt drun, op den 3. Juni, halwer néng, technesche Gemengerot heibannen am Sall."

Plus rien n'étant à l'ordre du jour, la bourgmestre clôture la séance.

"Essen auf Rädern" ein Angebot der Stadt Esch-sur-Alzette

ESCH

Wir liefern komplette Mahlzeiten (Vorspeise, Hauptgang, Dessert) nach Hause!
Die Mahlzeiten werden an Ihre Bedürfnisse angepasst (Kost für Diabetiker, Vegetarier, salzfreie Kost …).
Sie bekommen jeden Tag eine Mahlzeit (7 / 7).
Die Mahlzeit kostet 8 €.

Informationen und Bestellungen:

2754-2130

"Repas sur roues" une offre de la Ville d'Esch-sur-Alzette

ESCH

Nous livrons des repas complets (entrée, plat, dessert) à domicile !
Des repas diététiques, adaptés à tous les régimes (végétarien, sans sel, pour diabètes…) sont disponibles.
Vous allez avoir des repas tous les jours (7jours/7).
Le repas coûte 8 €.

Informations et commandes :

2754-2130